An dach, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wëll ech hei e puer Beräicher opzielen, déi mir besonnesch um Häerz leien. Lëtzebuerg ass e klengt Land an doduerch ass eng villfälteg a rationell Notzung vum Territoire ee wichtegen Aspekt fir een harmonescht Matenee vu liewen, schaffen a wunnen. Duerfir sinn ech fir eng Territorialreform, wou mir eng Andeelung virhuelen, bei där bezuelbare Wunnraum, öffentlech Gebaier wéi zum Beispill d'Schoulen, d'Betreiungsinfrastrukturen, kulturell a sportlech Ariichtungen, Erhuelungs- an Naturschutzgebidder, Transport- a Verkéiersweeër, Aktivitéits- an Industriezonen, Land- a Forstwirtschaft e kohärent Ganzt duerstellen.

Hei sinn de Stat an d'Gemenge gefuerdert, enk mateneen zesummenzeschaffen, fir datt all déi Elementer harmonesch eent an dat anert iwwerginn. D'Opstellung vu sougenannte Plans sectoriels sinn heibäi ee wichtegt Instrument. Ech si frou iwwert d'Opstellung vun de Plans sectoriels Transport, Gréngflächen an Naturschutzgebidder, Lycéeën, an ech hoffen, datt anerer net méi laang op sech waarde loossen. Wat d'Aktivitéits- an Industriezone betrëfft, géif ech begréissen, datt de Plan sectoriel esou séier wéi méiglech ofgeschloss gëtt, an ech menge mir hunn héieren, datt dat d'nächst Woch oder d'iwwernächst Woch wäert virgestallt gi vun de Ministeren.

Dobäi ass et wichteg, nei Zone méi op Regionalzentren am Land ze verdeelen an domat d'Aarbechtsplaze méi no un d'Leit erunzebréngen, fir doduerch onnëtz zousätzlech Verkéiersproblemer ze vermeiden, wat schliesslech och dozou bäidréit, d'CO_2-Emissiounen ze reduzéieren.

Als Buergermeeschter vun der Gemeng Nidderaanwen läit de Wunnengsbau mir awer ganz besonnesch um Häerz. A puncto Wunnengsbau musse mir derfir suergen, datt eis jonk Leit hei am Land e bezuelbaren Ënnerdaach fannen. De Pacte logement gëtt hei bei de Gemengen d'Méiglechkeet, iwwer verschidden Instrumenter wéi Spezialtaxen, Grondsteier d'Offer vum Bauland ze vergréisseren. Des Weidere muss awer och am Gesetz iwwert den Aménagement communal aus dem Joer 2004 nogebessert ginn, fir déi duerch deen héijen administrativen Opwand onnëtz laangwiereg Genehmegungsprozeduren ze vereinfachen. An den Här Minister Halsdorf huet mer elo versprach, datt en d'nächst Woch schonn e bessert Gesetz op den Dësch wäert leeën.

(Brouhaha général)

Als fréiere Mataarbechter...

Une voix.- Dat dauert elo scho fënnef Joer!

Une autre voix.- Pschhh!!!

Une autre voix.- Gutt, dass Der komm sidd!

M. Raymond Weydert *(CSV)*.- Gesäis de!

(Hilarité générale, brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Wann ech gelift!

M. Raymond Weydert *(CSV)*.- Als fréiere Mataarbechter vum Service d'économie rurale an als fréieren Direkter vum Institut viti-vinicole verdéngen eis Landwirtschaft, de Wäibau an de Gaardebau meng besonnesch Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Raymond Weydert *(CSV)*.- Mir hei zu Lëtzebuerg musse verstäerkt eis lokal a regional Produkter notzen a promouvéieren an domat zur Valoriséierung vun eiser Liewensmëttelbranche bäidroen.

Als President vum Ofwaassersyndikat SIDEST, deen aus 17 Gemengen aus dem Oste vum Land besteet, an als President vum SIAS, engem Gemengesyndikat aus véier Gemengen an de Beräicher Natur- an Ëmweltschutz, sinn ech frou, datt d'Membergemenge vun dëse Syndikater sech zesumme mam Innen- a mam Ëmweltministère engagéiert asetze fir eng propper Ëmwelt, proppert Waasser a Gewässer. An ech mengen, hei gëtt och d'Chamber eng Kéier gefuerdert fir en neie Gesetzesprojet iwwert d'Finanzéierung vun der Kläranlag zu Gréiwemaacher am Hafen an och d'Vergréisserung vun der Kläranlag zu Uewersiren.

Doriwwer eraus musse mir méi nohalteg mat der Energie an der Natur ëmgoen, wa mir eise Kanner a Kandskanner nach eng natierlech Liewensgrondlag wëlle weiderginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann et och schéngt, wéi wann déi momentan Juegd op eis Finanzplaz eriwwer wier, musse mir dach alles drusetzen, fir eis Finanzplaz an der Kris an och no der Kris ënner neie Rahmebedéngungen ze konsolidéieren.

Och eiser Ekonomie, inklusiv de Kleng- a Mëttelbetriber hei am Land, déi jo de Moment staark ënnert der weltwäiter Finanz- a Wirtschaftskris leiden, musse mir nei Visiounen an nei Impulser ginn, fir datt si och muer nach hei zu Lëtzebuerg derzou bäidroen, Aarbechtsplazen ze erhalen an neier ze schafen. D'Existenz vu ville Leit a Familljen hei am Land an aus der Grenzregioun hänkt dovun of.

Mir brauchen hei zu Lëtzebuerg an Zukunft nees e positive Wirtschaftswuesstum, fir datt eis sozial Ofsécherung - ech denken do un d'Pensiouns- an d'Krankekeesen - an all aner sozial Leeschtungen, wéi d'Altersversuergung, d'Fleegeversécherung, d'Chèques-services-accueil, de Kannerbonus, wou mir eis engagéiert hunn, datt déi och weiderhi garantéiert bleiwen.

Beonrouegend ass, datt d'Zuel vun den Aarbechtsloser an d'Luucht geet. All Mënsch huet e Recht op Aarbecht, an duerfir musse mir deene Leit, déi eng Aarbecht sichen, bäistoen an hinne bei der Sich hëllefen. Mir mussen deene Leit och d'Méiglechkeet ginn, sech weiderzeforméieren an auszebilden, fir den Ufuerderunge vum Aarbechtsmaart besser gerecht kënnen ze ginn.

An dësem Kontext begréissen ech och déi vun der Regierung entaméiert Schoulreform, duerch déi jonk Leit eng zolidd Ausbildung kënne kréien. Si mussen d'Méiglechkeet hunn, hir Schoule mat engem qualifizéierten Diplom fir hiert spéidert Beruffsliewen ofzeschléissen. Wann et de Moment an der Privatwirtschaft zum Beispill duerch Kuerzaarbecht, Entloossungen an esou weider net esou gutt geet, ass et ubruecht, datt déijéineg, déi d'Kris nach net esou spieren, sech solidaresch mat alle weisen. An der Vergaangenheet gëtt et genuch Beispiller, wou mir Lëtzebuerger eis Solidaritéit ënner Bewäis gestallt hunn, an ech gleewen och dës Kéier dodrun.

An dësem Sënn freeën ech mech op déi Aarbecht hei am Haus an ech si voll motivéiert, op eng fair, loyal a konstruktiv Aart a Weis mat lech alleguerten hei matzeschaffen. Ech wäert probéieren, mäi Mandat ganz am Sënn vum Frënd Patrick Santer mat Engagement a mat där néideger Dosis Humor auszeüben.

Une voix.- Très bien!

M. Raymond Weydert *(CSV)*.- Wann de Patrick Humor hat, ech weess et net.

(Hilarité)

Dem Patrick wënschen ech vill Gléck a Chance bei sengen neien Aufgaben a fir säin Namensdag alles Guddes. An elo kann d'Musek en Tusch spillen.

Merci.

(Hilarité)

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Deputéierte Weydert.

5. Composition des commissions parlementaires et des délégations internationales

Ech wëll lech soen, dass d'CSV-Fraktioun matgedeelt huet, dass an de Kommissiounen eng Rei vu Changementer virgeholl ginn.

Den honorabelen Här Weydert ersetzt den Här Patrick Santer an der Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle, an der Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, an der Commission du Règlement, an der Commission des Pétitions an an der Commission juridique.

An der Assemblée parlementaire vun der OSZE ersetzt den Här Marcel Sauber den Här Santer als Member, an den Här Weydert ersetzt den Här Sauber als Membre suppléant.

Ass d'Chamber mat deenen Ännerungen averstanen?

Den Här Wolter freet d'Wuert.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Här President, mengen Informatiounen no huet sech do e Feeler ageschlach. Den Här Gilles Roth ersetzt den Här Santer an der Commission juridique.

(Interruptions)

M. le Président.- Très bien.

M. Michel Wolter *(CSV)*.- Et ass alles wéi Dir et gesot hutt, mat Ausnahm, dass den Här Gilles Roth den Här Santer ersetzt an der Commission juridique.

M. le Président.- Gutt, da redresséiere mer dat.

Ass d'Chamber dann och d'accord, dass den Här Roth an d'Commission juridique kënnt?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, den honorabelen Här Henckes huet mir eng Question urgente zoukomme gelooss, déi un de Finanzminister geriicht ass an déi d'Problemer behandelt, wat d'Restrukturatioun vun der Kaupthing-Bank ubelaangt. Den Här Budgetsminister an Tresorminister Luc Frieden huet sech bereet erkläert, op déi Fro ze äntwerten, dofir komme mer elo direkt zu där Fro. Den honorabelen Här Henckes huet d'Wuert.

6. Question urgente N°3226 de M. Jacques-Yves Henckes relative à la garantie bancaire

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Merci, Här President. Gëschter, Méindeg, huet eng Majoritéit vu Banques créancières en Accord verworf, deen eng Restrukturatioun vun der Bank Kaupthing erméiglecht hätt. D'Agence Belga, déi belsch Noriichtenagentur, huet haut e Communiqué vum belsche Premier bekannt gemaach, nodeem anscheinend d'belsch Regierung alles gemaach hat, fir de Spuerer bis 100.000 Euro hir Dépôten ze garantéieren.

An da gëtt och gesot, datt Mëtt Januar d'lëtzebuergesch Regierung an déi belsch Regierung eens gi wieren, fir datt iwwert deen normalen Organismus bis 20.000 Euro kéinte fir d'Spuerer garantéiert ginn, an datt déi belsch an déi lëtzebuergesch Regierung d'accord wieren, fir zousätzlech tëschent 20.000 an 100.000 Euro, déi Zomm do ze bezuelen un déi Spuerer, déi hir Sue verluer hätte bei der Bank Kaupthing.

An deem Kontext wollt ech e puer Froen un den Här Finanzminister stellen.

Dat eent ass: Gëtt et esou en Accord tëschent der belscher an der lëtzebuergescher Regierung, also datéiert vu Mëtt Januar 2009? Wat ass dann an deem Accord mat dran? Wat ass de Käschtepunkt dovunner op déi lëtzebuergesch Finanze vun eisem Stat? Woufir ass et zu deem Accord komm?

Ech stellen haaptsächlech déi Fro, well ech geduecht hat, datt vum 1. Januar 2009 un eng Limite agefouert gi wier fir d'Garantie vun den Dépôtë vun 100.000 Euro, an datt dat deen Ablack applicabel wier, wou eng Bank géif a Faillite goen. Or, fir den Ablack schéngt dat éischter elo de Fall ze sinn. Dofir verstinn ech elo net genau, woufir Mëtt Januar esou Accordë konnten do kommen. Dofir wär ech also frou fir e puer Explicatiounen do ze kréien, wat dat da finalement op sech huet. Ob dat neit Gesetz spillt, ob dat anert spillt an ob de lëtzebuergesche Stat eppes muss bäileeën.

A wann, an deem Kontext wollt ech och froen, ob d'lëtzebuergesch Regierung net wëlles huet, och nach anere Spuerer hei entgéintzekommen, déi och vill Sue verluer hunn, notamment de klenge Porteure vun Aktië vun der Bank Fortis.

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Den Här Tresorminister Luc Frieden huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, haut wéi an deene leschte Woche bleift am Dossier Kaupthing d'Prioritéit vun der Regierung, alles ze maachen, fir datt et kann zu enger Reprise vun deem Lëtzebuerger Deel vun der Kaupthing-Bank kommen duerch e privaten Investisseur. Et kann net, well et sech heibäi net ëm eng systemesch Bank handelt, kënnt et net zu enger Verstaatlechung vun där Bank a wäert och de Lëtzebuerger Stat net an d'Kapital vun där Bank mat eraklammen.

Par contre, an dat war eis Démarche iwwert déi lescht Méint, fir ze soen, datt, wann e privaten Investisseur, een oder méi, do ass, deen e Restrukturatiounsplang virleet, da wäert dee vum Stat mat ënnerstëtzt ginn, fir datt dee ka Realitéit ginn, well dat zum Effet hätt, datt engersäits all Spuerer hir Sue garantéiert géife kréien, an anerersäits datt déi Leit, déi op där Bank schaffen, och kéinte weider do schaffe bleiwen.

Am Kader vun deem Restrukturatiounsplang hu Gespréicher stattfonnt tëschent der belscher Regierung an der Lëtzebuerger Regierung. A béid Regierunge waren d'accord, fir zu gläichen Deeler, am Kader vun deem Restrukturatiounsplang, där Bank en Iwwerbréckungskredit ze ginn, deen da géif erlaben, datt d'Bank kéint weiderliewen.

Dat war awer nëmmen een Deel vum Accord. Den Haaptdeel vum Accord louch op anere Pläng, an notamment op der noutwendeger Zoustëmmung vun de Créanciers interbancaires, dat heescht vun deene Banken, déi der Kaupthing Sue geléint haten. Dat sinn iwwregens keng Banken hei zu Lëtzebuerg, dat sinn auslännesch Banken, virun allem belsch Banken, déi der Kaupthing Sue geléint haten, an déi am Kader vun deem Deal op ee Stéck vun deene Suen, déi se geléint haten, hätte misse verzichten.

Déi Banken hu sech gëschter majoritär géint dee Restrukturatiounsplang ausgeschwat. Dorobberhin huet d'Lëtzebuerger Regierung dee Grupp vun Investisseuren aus Nordafrika an aus de Golfstate gefrot nach eng Kéier alles ze maachen, fir ze kucken ob déi Créanciers interbancaires net awer kéinten duerch zousätzlech Arrangementer hir Zoustëmmung ginn. Esou Gespréicher fanne fir de Moment statt, an d'Méiglechkeet besteet, datt am Laf vun der nächster Woch en neie Vote vun deene Créancierë géif stattfannen.

Kënnt et net zu engem Accord mat deene Créancieren, dann ass spéitstens den 8. Abrëll Schluss, well d'Gesetz iwwert d'Organisatioun vun de Banke gesäit keng Verlängerung vun enger Period vum Sursis de paiement vir, an där fir de Moment d'Kaupthing Lëtzebuerg ass. Dat heescht den 8. Abrëll spéitstens muss d'Geriicht d'Liquidatioun vun där Bank schwätzen. Eréischt da stellt sech d'Fro ob d'Spuerer vun där Bank, ob d'Clientë vun där Bank méi indemniséiert gi wéi déi 20.000 Euro, déi am Lëtzebuerger Gesetz zu deem Zäitpunkt stoungen, wou de Sursis de paiement gesprach ginn ass.

Weder Lëtzebuerg nach d'Belsch - vill Clientë sinn nämlech Clientë vun enger Succursale vun der Kaupthing Lëtzebuerg an der Belsch - hunn eng juristesch Obligatioun, fir iwwert déi 20.000 Euro erauszegoen. Et ass awer esou, datt deen Dag virun dem Sursis de paiement vun der Kaupthing-Bank den ECOFIN-Conseil décidéiert hat, datt déi Seuile géife vun 20.000 op 50.000, an duerno op 100.000 geheicht ginn.

D'Lëtzebuerger Chamber huet an engem Gesetz, am Budgetsgesetz en fait, mat Effet op den 1. Januar 2009 gestëmmt, datt an Zukunft ëmmer de Montant zu Lëtzebuerg 100.000 Euro wier. Deen Text applizéiert sech net op de Sursis de paiement, deen d'lescht Joer gesprach ginn ass. Et läit also an den Hänn vun deenen zwou Regierunge fir ze kucken - am Fall vun enger Liquidatioun, wou mer jo nach net sinn -, ob mer iwwert déi 20.000 Euro erausginn. Déi Gespréicher, déi mir mat der belscher Regierung haten, hate just zum Zil fir ze soen, datt, wa mer doriwwer erausginn, da gi mer zesummen doriwwer eraus, an dat heescht, déi zwou Regierunge géife sech en eventuelle supplementären Effort deelen.

A wa mer doriwwer géifen erausgoen, hu mer theoretesch diskutéiert, datt dat an der Marge tëschent 20.000 an 100.000 wier. Et gëtt awer diesbezüglech nach keng schréftlech Ofmaachung zwëschent deenen zwou Regierungen, well sech d'Fro jo nach net stellt a well et eis och bewosst ass, a well mer dat och ofgemaach haten, datt wa mer dee Schrëtt géifen huelen, datt mer do virdru géife Gespréicher mat der Chamber féieren.

Ech kann lech soen, datt wa mer géifen op 100.000 Euro goen, datt dat géif eng Dépense, fir déi zwee Staten, vu ronn 150 Milliounen Euro betreffen, datt wann déi zwee State sech dat géife gläich opdeelen, da wieren dat 80 Millioune pro Stat, an datt dat och net géif heeschen, datt de Stat déi Suen net géif erëmkréien, well am Fall vun enger Liquidatioun gi jo d'Avoire vun där Bank realiséiert. Do si mer awer net.

Ech mengen, datt et haut ze fréi wier fir ze soen, ob mer dee Wee géife goen, well mer dee Wee och nëmme ginn, wa mer gemeinsam, och an der Finanzkommissioun vun der Chamber, zur Konklusioun kommen, datt dat e Wee ass dee mer solle goen.

Wann d'Parlament net där Meenung ass, a wann d'Parlament fënnt, datt déi Clienten, vu datt se d'lescht Joer Clientë bei där Bank waren an net dëst Joer, datt duerfir just de Seuil vun 20.000 Euro soll spillen, ech mengen da sollte mer doriwwer diskutéieren. Et gëtt also keng diesbezüglech Ofmaachung. Eis Effortë bleiwen, datt mer fir d'éischt mengen, datt ee soll kucken ob déi Reprise net awer nach méiglech ass.

Et ass an deem Kontext wou den Här Henckes och gefrot huet, ob een dann net och eppes misst fir déi kleng Aktionäre vun der Fortis maachen. D'Lëtzebuerger Regierung, dat hunn ech scho gesot, huet grousse Versteesdemech fir déi Suerge vu ville Klengaktionären, woubäi d'Definitioun vu Klengaktionär mer bis haut net konnt gi ginn. Ass dat een, dee fir 100.000 Euro Aktien huet? Ass dat een, dee fir 300.000 Euro Aktien huet? Och doriwwer muss een diskutéieren.

Mir hu gesot, an dat confirméieren ech hei, datt et d'Intentioun vun der Regierung ass, datt mer géife kucken, ob een net kann en ähnleche Modell maache wéi deen, deen d'Belsch diskutéiert huet par rapport zu de Fortis-Aktionären, wou ee vläicht géif verschidden Avoiren an déi Holdinggesellschaft erabréngen. D'Belsch huet dee Modell awer bis elo nach net op den Dësch geluecht.

Et muss een also och e Modell fannen, deen et méiglech mécht, eppes fir d'Lëtzebuerger Aktionären ze maachen. Or, déi Lëtzebuerger Aktionäre sinn net Aktionäre vun enger Lëtzebuerger Gesellschaft, mä vun enger belscher Holding. Wa mer also Avoiren an déi Holding ginn, da sinn déi virun allem och fir belsch Aktionären. Och duerfir wëll ech warne viru Schnellschëss an deem Kontext.

Ech wëll hei nach eng Kéier soen, datt mir Versteesdemech hunn, well déi Aktie oft zu Lëtzebuerg wéi eng Zort Volleksaktie gehandelt ginn ass, datt vill Leit déi kritt hunn, well se bei där Bank iwwer laang Jore geschafft hunn, an datt mer also versichen, och do zesumme mat der Finanzkommissioun vun der Chamber, e Wee ze fannen deen den Aktionären, de Lëtzebuerger Aktionäre vun där Lëtzebuerger Bank, déi haut erëm BGL heescht, entgéintzekommen.

Mä Solutioune sinn net einfach, an och do mengen ech, datt ee fir d'éischt muss d'Assemblée vun den Aktionäre vun der Fortis ofwaarden, ofwaarden och bis verschidde vun deene Prozesser an der Belsch Kloerheet geschaf hunn, éier ee sech an esou Schrëtt erabeweegt.

Et gëtt also um éischten Dossier keen Accord mat der Belsch. Et gëtt prinzipiell Ofmaachunge mat der Belsch, datt wa mer e Schrëtt méi maachen, datt mer deen zesumme maachen. Iwwer Montantë wëlle mer mam Parlament schwätzen, mä eréischt, wann déi Liquidatioun da geschwat ass. An ech hoffen nach ëmmer, datt déi Gespréicher an deenen nächsten Deeg dozou féieren, datt et net zu enger Liquidatioun kënnt. D'Chancë sinn net grouss, mä bis den 8. Abrëll kann een nach ëmmer e bëssen Hoffnung hunn.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Madame Flesch.

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Här President, Parole après ministre. Ech géif dem Minister gären eng Zousazfro stellen am Zesummenhang domadder. Ech hunn an der internationaler Press gelies, viru kuerzem, dass am Kontext vun der Banque Centrale Européenne eng Solidaritéit besteet bei de Gewënner wéi bei de Verloschter, dass eng Partie kommerziell Banken an Europa Problemer hätten, Faillite gemaach hunn oder a schwieregen Dicher stiechen, dass se fir d'Garantie vun deene Prêten, déi se kritt hunn, Actifen hannerluecht hunn, déi fraglech sinn.

Et ass an deenen Artikele geschriwwe ginn, dass zum Beispill d'Bundesbank vill gelidden huet ënnert der Faillite vu Lehman Brothers. Et ass gesot ginn, wat mer wëssen, dass mir an d'Hollänner méi getraff si vun deem, wat d'islännesch Banke betrëfft.

Et sinn aner Banken, déi schwiereg Momenter haten, an et ass gesot ginn, dass an deem Zesummenhang d'Responsabilitéit, fir duerfir grued ze stoen, vun der BCE aus, also vun der Banque Centrale Européenne, zwar besteet, mä dass dat gemeinsam gedroe gëtt vun alle Banques centrales an den eenzelne Memberstaten.

An, dass also an deem Zesummenhang d'Memberstaten...

M. le Président.- Wat ass Är Fro?

Mme Colette Flesch *(DP)*.- D'Fro ass: Kann de Minister ons soen, wat d'Expositioune vun der Banque Centrale Lëtzebuerg sinn? An deem Zesummenhang: Et besteet elo e Groupe de travail bei der BCE, dee sech domadder beschäftegt. Kann een elo scho soen, wat de Montant ass, deen op d'Lëtzebuerger Banque Centrale zoukënnt an deem Zesummenhang? A wa jo, wat ass en? A wann net, da soll een ons soen, wéini mer dat kënne gewuer ginn.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, aus Respekt virun der Onofhängegkeet vun der Zentralbank géif ech d'Chamber invitéieren de President vun der Banque Centrale vu Lëtzebuerg an eng Finanzkommissioun ze invitéieren, wou en da kann op déi do Froe mat konkrete Chifferen äntwerten.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, ass dëse Punkt vum Ordre du jour ofgeschloss. Mir kommen elo zum Débat d'orientation iwwert d'Situatioun vun den handicapéierte Persounen. Den Här Schreiner huet fir d'éischt d'Wuert fir d'sozialistesch Fraktioun, fir d'CSV ass d'Madame Frank ageschriwwen a fir d'DP den Här Berger. Wie schwätzt nach? D'Madame Loschetter. Wien nach? Den Här Jaerling och?

Ech géif d'Fraktiounen an d'Sensibilités politiques bieden, eis och nach déi lescht Woche matzedeelen, wien als Riedner ageschriwwen ass. Et ass wéinst der Organisatioun vun eisen Aarbechten.

Den Här Schreiner huet elo d'Wuert. Däerft ech ëm Är Opmierksamkeet fir den Här Schreiner bieden!

7. Débat d'orientation sur la situation des personnes handicapées

M. Roland Schreiner *(LSAP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Häre Ministeren, Madame Statssekretärin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, dass ech ganz am Ufank vu menger Interventioun hei e bësse mäi Bedaueren awer ausdrécken iwwert d'Démarche vun der Oppositioun, fir deen dach wichtege Punkt hei vum Ordre du jour ze huelen. Ech mengen d'Problemer ronderëm déi Behënnert an eiser Gesellschaft verdéngen et ganz einfach, dass een eigentlech net genuch iwwert déi Problemer schwätzt.

An ech mengen och, dass et d'Recht vun all Fraktioun ass, a vun all Deputéierten, en Débat zu där Problematik unzefroen. Mir hunn dat am November vum leschte Joer gemaach, an ech iwwerloossen et also jiddwerengem doraus seng Konklusiounen ze zéien. Ech verwiere mech allerdéngs géint de Reproche, hei Aktivismus géifen ze maachen op Käschte vun deene Behënnerten an eiser Gesellschaft. Ech mengen déi Concernéiert wäerten dat scho richteg anzeschätze wëssen, an och déi Form vun Aktivismus, déi hei elo am Virfeld vun dësem Débat vun der Oppositioun bedriwwe ginn ass, richteg aschätzen.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Behënnerung ass eng Realitéit an eiser Gesellschaft, an d'Leit mat enger Behënnerung sinn e feste Bestanddeel vun dëser Gesellschaft. Rezente Statistiken no läit d'Zuel vu Mënsche mat enger Behënnerung bei ronn 10%. Dat si 50 Millioune Leit an der Europäescher Unioun. Wann ech déi Zuel op Lëtzebuerg applizéieren, schwätze mer haut iwwert d'Situatioun vun iwwer 40.000 Matbierger.

D'Charte des droits fondamentaux vun der Europäescher Unioun erkennt an hirem Artikel 26 d'Recht vun de behënnerte Mënschen op Moossnamen un, déi sollen derzou féieren, dass hir Autonomie, hir sozial a berufflech Integratioun an hir Bedeelegung um gesellschaftleche Liewen assuréiert ginn. Leit mat enger Behënnerung hunn déiselwecht Rechter wéi all anere Mënsch och, an et ass wichteg, dass just an dëser schwiereger Problematik d'Politik sech regelméisseg a Fro stellt a Bilan zitt, fir ze kucken ob och all Moossname getraff ginn a gräifen, fir sécherzestellen, dass se dës Rechter och kënne reell ausüben.

Ech mengen, dass mer och hei an der Chamber deen Exercice regelméisseg solle maachen, an dat wier dann och den Haaptgrond firwat mer haut eng Rei vun Theme sollen op de Leescht huelen. Ouni all déi Themen abordéieren ze kënnen a wuelwëssend, dass de Sujet Handicap enorm vill verschidden Aspekter huet, fir déi dann och verschidde Ministèren zoustänneg sinn, hunn ech am November 2008, wou ech dës Debatt ugefrot hunn, probéiert e bëssen e Kader ze setzen a limitéiere mech dann haut - souwäit dat iwwerhaapt méiglech ass, well awer vill Saachen aneneegräifen - prioritär op d'Thematik ronderëm d'Aarbechtssituatioun vun eise behënnerte Matbierger.

Och wann et fir den Handicap eigentlech keng eenheetlech Definitioun gëtt, esou zielt Lëtzebuerg haut ongefëier 2.500 Travailleurs handicapés mat unerkanntenem Statut, an dovunner si ronn 900 op der Sich no enger Aarbecht.

Här President, d'Gesetz vum 12. September 2003 iwwert déi finanziell Situatioun vun de behënnerte Leit ass am europäesche Joer vum Handicap gestëmmt ginn, dat ënnert dem Motto stoung: „Näischt iwwer eis ouni eis?" Och wann haut, fënnef Joer méi spéit, eng vun eisen Aufgaben ass genee dat Gesetz a seng Ëmsetzung eng Kéier op de Leescht ze huelen an ze bilanzéieren, mengen ech awer soen ze kënnen, dass de Législateur vun deemools e gudde Schrëtt a Richtung finanziell Autonomie vu Behënnerte gemaach huet. Dat ëmsou méi, wann ee weess, dass déi sozial Identitéit vun engem Mënsch a seng Plaz an der Gesellschaft vill vum finanzielle Status a sengen ekonomesche Capacitéiten ofhänken.

Här President, ee vun den Haaptaspekter vun deem Gesetz vun 2003 war, d'Aarbechten an de sougenannten „ateliers protégés" nei ze encadréieren. Bis dohinner war et esou, dass net jiddwereen, deen an engem geschützten Atelier geschafft huet, och eng finanziell Kompensatioun duerfir kritt huet, mä éischter eng Indemnité d'insertion oder eng Leeschtung vun der Sécurité sociale. Dobäi konnt eventuell och nach eng Prime d'encouragement kommen, woubäi déi Prime da quasi déi eenzeg Unerkennung vun der Aarbecht duergestallt huet.

Aarbechtsrechtlech waren déi Leit och bis dohinner net ofgedeckt. Dat huet du mam neie Gesetz geännert. Déi Behënnert, déi an deem Atelier protégé beschäftegt sinn, krute vun do un de Statut vum Salarié unerkannt, mam Recht op en Aarbechtskontrakt. Ech mengen dat war e richtegt, e positiivt Zeechen am Joer vum Handicap, e Schratt an d'Revaloriséierung vun der Aarbecht, déi fir mech ganz kloer iwwert déi reng Beschäftegungstherapie erausgeet.

Obwuel deemools an den Debatten hei an der Chamber dovunner geschwat ginn ass, dass den Atelier am Kader vun deem Aarbechtskontrakt muss kucken, fir dem Behënnerten ugepassten Aarbechtskonditiounen ze erméiglechen an den Zougang zum éischten, zum primären Aarbechtsmarché ze promouvéieren, war ech awer trotzdeem e bëssen erstaunt iwwert de Pessimismus vun den deemolegen Auteurë vum Gesetz, an och den Orateurë vun deemools hei an der Chamber, déi schonn direkt deemools ënnerstrach hunn, dass déi Zuel vu Leit, déi dann tatsächlech géifen de Wee fannen, de Sprong fannen op den ordinären Aarbechtsmaart, dass déi wahrscheinlech geréng wäert bleiwen.

Ech zitéieren dann och an deem Kontext déi deemoleg Rapportrice, déi honorabel Madame Frank. Ech zitéiere wéi gesot: „Et muss een awer realistesch bleiwen a bewosst sinn, dass de Prozentsaz vun deene behënnerten Aarbechter, déi et fäerdegbrénge sech op de geméinlechen Aarbechtsmaart ze profiléieren, relativ niddreg ass. Nëmmen 3% no den Aussoe vun dem Auteur vum Gesetzesprojet."

Op dee Punkt wëll ech dann och direkt vläicht agoen, an ech muss soen, éier ech mech op dës Debatt hei virbereet hunn, war ech eigentlech dervun iwwerzeegt, dass d'Endzil vun all Moossnam an engem geschützten Atelier natierlech d'Integratioun oder d'Réintegratioun op den éischten Aarbechtsmaart misst sinn. Net nëmmen a schéinen an deiere Strukture sollt ee behënnert Leit esou gesellschaftsno wéi méiglech schaffe loossen, mä et sollt een alles probéieren, fir se an d'Gesellschaft, déi e Ganzt ass, ze integréieren.

Ech hat an deene leschte Woche vill a laang Gespréicher mat Leit vum Terrain, an do ass et mer awer ganz séier kloer ginn, an deene Gespréicher, dass déi Strukture fir eng ganz Rei Leit awer éischter eng definitiv Statioun duerstellen, a mir déi Statioun, wann een et esou ka soen, onbedéngt brauchen, fir deene Leit op onbegrenzten Zäit d'Méiglechkeet ze ginn, an engem un hir Bedierfnisser ugepasstene Kader ze bleiwen.

Bei deene Leit geet et prioritär drëm, dass se duerch hir Aarbecht a Konditiounen, déi op si zougeschnidde sinn, zum Beispill um Niveau vun der Aarbechtszäit oder um Niveau vun der Aktivitéit, där se noginn, e gewëssene Rhythmus an hirem Alldag kréien, eng Verflichtung där se mussen nogoen, e Gefill vu Verantwortung och kréien a schlussendlech och d'Satisfaktioun kréien, eppes op d'Been ze stellen dat Unerkennung fënnt. De Wiessel an e méi restriktiivt Aarbechtsverhältnis steet dann effektiv definitiv net méi zur Debatt.

D'Zuelen aus deene geschützten Ateliere beleeën net nëmmen, dass ganz wéineg Leit effektiv an e soi-disant normaalt Aarbechtsverhältnis kommen, mä dass eng Rei vun hinnen de Kontrakt mam Atelier och als definitiv gesäit a guer net prett ass dat Ëmfeld ze verloossen.

Ech bleiwen awer trotz all deenen Explicatiounen, déi ech kritt hunn, der Meenung, dass mer eis Zilsetzung oder eis Estimatiounen, déi 2003 am Gesetz virgesi waren, awer e bësse méi optimistesch misste gesinn an eis och der Erausfuerderung stellen, elo fënnef Joer méi spéit, mat fënnef Joer méi Erfahrung, d'Zuel vu Leit fir déi den Atelier en Trampolin ass fir op eng Schaff um éischten Aarbechtsmaart, fir déi Zuel awer versichen an d'Luucht ze setzen.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Dorunner gekoppelt ass dann natierlech och direkt d'Fro no deem, wat am Atelier oder an den Atelieren un Aarbechten ugebuede gëtt. Ech hunn ufanks vu menger Ried scho gesot, dass dat, wat d'Leit an deenen Ateliere leeschten, souwuel op der Säit vum Personal wéi och op der Säit vun deene behënnerte Leit, de loin iwwert déi reng Beschäftegungstherapie erausgeet.

Or, da kann et awer och net sinn, dass an den Atelieren zu engem ganz groussen Deel Aarbechten ugebuede ginn, déi ganz oft kee Lien hunn zu deem, wat an der Ekonomie, an der Realekonomie leeft a verlaangt gëtt. Et ass duerfir wichteg, dass och an deenen Atelieren de Kontakt zum normalen Aarbechtsmaart gehale gëtt.

Et kann och net sinn, dass Leit, déi iergendeng Form vun Aschränkung hunn, sech ausschliesslech zum Beispill am Gaart oder an der Kiche betätegen; ouni dat elo wëllen ofzewäerten. Ech wëll dat och wierklech net generaliséieren, mä mir musse villméi derfir suergen, dass déi Leit och ënner Betreiung ausgebilt a virbereet ginn op Aarbechten, mat deene se an der Gesellschaft gradesou eng reell Chance hunn en Job ze fanne wéi en Netbehënnerten.

Här President, ech hu mer och soe gelooss, dass et eng Rei Problemer gi fir d'Leit fit ze maache fir den ordinären Aarbechtsmarché. Natierlech an a Krisenzäite wéi dësen ass d'Wahrscheinlechkeet eng Aarbecht ze fanne méi kleng a manner einfach, mä dorop wëll ech elo hei net agoen. Ech schwätzen och net vun deem Prozentsaz vu Leit, déi esou oder esou an trotz allen Efforte besser an engem geschützten Atelier opgehuewe sinn.

D'Duerstellung vun der Problematik iwwert dee Lien tëschent Atelier an Aarbechtsmarché ass och eng aner, jee nodeem aus wiem senger Perspektiv een et kuckt.

Esou gesäit de Concernéierten, respektiv Associatiounen och, déi sech fir d'Rechter vu Leit mat engem Handicap asetzen, d'Schwieregkeet doranner, dass éischtens emol d'Leit aus den Ateliere jo och net méi an de Chômageléschte gefouert ginn. Dat ass u sech jo och richteg, well se en Aarbechtskontrakt am Atelier hunn.

Op där anerer Säit muss ech awer d'Fro stellen: Wou sollen d'Servicer vun der ADEM zum Beispill oder e Patron da gewuer ginn, dass e potenzielle Kandidat fir e Posten, deen an engem Atelier ass, prett wär, fir den Atelier ze verloossen?

Deen zweete Punkt ass: Wann en Travailleur handicapé vun der ADEM an en Atelier orientéiert gëtt, dann ass e fir d'ADEM eigentlech fort. Et gëtt da kee Suivi méi gemaach an och kee Feedback méi, et sief, dass d'Persoun selwer hiert Schicksal dann an d'Hand hëlt.

En drëtt Element, dat ech méi oft och héieren hunn, ass, dass och bei de Betriber net genuch Démarchage gemaach gëtt, fir ze kucke wat se vu Leit brauchen a wéi eng Aarbechten duerchaus vu Leit mat méi ageschränkte Fäegkeete kéinte gemaach ginn. Dëse Punkt bréngt dann och d'Fro no deene sougenannte Quote mat sech; mä op déi kommen ech spéider nach eng Kéier zréck.

Eng weider Hürd besteet och spezifesch fir d'Atelier-thérapeutiquen, wou leider net genuch Moyenen do sinn, fir de Leit och eng Formatioun mat Ofschlossdiplom unzebidden, obwuel se et kéinten an zum Deel awer och jorelaang déi Aarbechte maachen.

D'Patronen an de Service och vun der ADEM, deen d'Leit orientéiert a placéiert letztendlech, gesinn d'Situatioun e bëssen anescht.

Dir wësst vläicht duerch d'Zuelen aus den Aktivitéitsberichter och vun der ADEM, dass säit dem Gesetz vun 2003 d'Zuel vu Leit, déi de Statut vum Travailleur handicapé ugefrot hunn, spronghaft an d'Luucht gaangen ass. Dat huet ënner anerem och als Ursaach, dass déi Indemnitéit, déi d'Leit kréien, gradesou héich ass wéi den RMG, mä am Géigesaz zum RMG net un d'Kompositioun vum Stot gekoppelt ass; wat netto fir e Stot finanziell kann eng Verbesserung dann duerstellen. Déi betreffend Leit, déi de Statut accordéiert kréien, sinn dann awer gläichzäiteg bei der ADEM ageschriwwen, obwuel net ëmmer de Wonsch no enger Aarbecht hir éischt Motivatioun dann ass.

Eng aner Schwieregkeet fir de Placement ass natierlech och de Bildungsniveau, deen oft ganz déif ass. Finalement kuckt e Patron oder e Placeur awer och a senge Lëschte wien dem Profil fir eng bestëmmte Plaz entsprécht, an net wien eventuell kéint dofir fit gemaach ginn.

D'Ambitioun war 2003 kloer a stoung och résuméiert am Exposé des motifs vum Gesetz vun 2003. Ech zitéieren och nach eng Kéier deen Exposé des motifs: «En effet, il y a lieu d'éviter que, pour des raisons de rentabilité, des travailleurs plus gravement handicapés soient exclus des ateliers protégés et que des personnes productives, capables d'intégrer tôt ou tard le marché du travail ordinaire soient maintenues dans ces mêmes structures. Nonobstant les observations précédentes, il paraît important d'inciter et de promouvoir le dynamisme économique des ateliers protégés, afin qu'ils recherchent davantage des créneaux d'activités rentables, originales et valorisantes.»

Ech hoffen, déi uwiesend Ministere kënnen eis herno e bëssen Opschloss doriwwer ginn, awéiwäit déi Zilsetzung do no fënnef Joer konnt erreecht ginn, oder zumindest där Zilsetzung méi no konnt komm sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Quoten, déi schonn am Gesetz vun 1991 virgesi waren an déi virschreiwen, dass de Stat, d'Gemengen, d'Établissements publics an och d'CFL 5% an d'Entreprisen 2 bis 4% vun hiren Effektive fir behënnert Mataarbechter misste reservéieren, änneren d'Lag och net fundamental.

Ech si mer eigentlech selwer net eens, ob een hei net misst méi contraignant virgoen, ëmsou méi wou jo Sanktioune virgeschriwwe si fir déi Entreprise, déi sech net drun hält. Mä wéi kann ee strofen, wann et kee Kontrollorgan gëtt fir dat ze kontrolléieren? Wéi kann ee strofen, wann d'Entreprise sech gegebenenfalls guer net bewosst ass wéi eng Aarbechten och vun handicapéierte Leit kéinte gemaach ginn? Wéi kann een och Privatpatrone strofen, wann de Stat an d'Gemenge selwer hiren Obligatiounen net nokommen? A riskéiert een net, dass d'Quoten och dozou féieren, dass Alibipostë geschafe ginn, just fir eventuell Strofen dann ze ëmgoen?

Ech denken, domat wier och kengem gehollef. Eng Motioun an deem Sënn, déi virgesinn hat och de Secteur public méi haart unzepaken, fir dass e seng Quoten erfëllt, ass 2003 vun der deemoleger Majoritéit ofgelehnt ginn.

Leider hunn ech elo néierens verlässlech Zuele kritt, wat déi Quote betrëfft, mä vu dass och si just en Element vun enger ganzer Problematik duerstellen, wëll ech mech net dorop focaliséieren; ëmsou méi wéi et jo och positiv Aktioune ginn, déi ouni Zwang a Strofen iwwert d'Bühn ginn. Ech fannen och, déi Säit vun der Medail sollt een heibanne beliichten.

Och wann d'Quoten net agehale ginn, beschäftegt de Stat awer dee gréissten Undeel vu behënnerte Leit a mécht och all Joer eng ganz Rei Efforte fir behënnert Leit anzestellen. Eng Rei Gemengen hunn och opgrond vun enger Sensibiliséierungscampagne vum Syvicol zesumme mam Aarbechtsminister am Joer 2006 eng Absichtserklärung mam Aarbechtsministère ënnerschriwwen, fir behënnert Mataarbechter anzestellen.

Ee Beispill dofir, dass dat gutt fonctionnéiere kann, ass d'Gemeng Schëffleng, déi ech e bësse besser kennen. Ech weess, dass et och nach anerer ginn, déi déi Déclaration d'intention ënnerschriwwen hunn, fir hire gesetzlechen Obligatiounen eigentlech nozekommen. Ech wëll just soen, dass wann all 116 Gemengen dat am Land géife maachen, kéinte ronn 400 Travailleurs handicapés eng Aarbecht fannen. Do ass also nach e bëssen Terrain ze maachen.

Ech muss soen, dass mir zu Schëffleng, well ech eben dat Beispill kennen, nëmme gutt Erfahrungen domadder gemaach hunn. Trotz alle Problemer, déi ëmmer erëm mat deene Leit bestinn, déi sech awer letztendlech emol guer net esou wäit oft vun de Problemer ënnerscheede vun deenen, déi ee gemaach kritt vu Leit ouni Behënnerung. Also, do sinn heiansdo d'Ënnerscheeder guer net esou grouss.

Et si gutt Erfahrungen, déi mer gemaach hunn, well mer et fäerdeg bruecht hunn eis Servicer fir d'Problematik ze sensibiliséieren, op spezifesch Besoinë Profiller konnten definéieren a mat der Hëllef vun der ADEM sechs Leit, déi deene Profiller entsprach hunn, konnten astellen. Déi Leit maachen alleguer haut eng ganz wäertvoll Aarbecht fir d'Allgemengheet. An deem Zesummenhang kann ech dann och nëmme begréissen, dass dann och d'Stad Lëtzebuerg, wann och mat e bësse Verspéidung, de Wee am Dezember vum leschte Joer ageschloen huet, fir och do matzemaachen.

Här President, ech mengen Dir gesitt, datt et am grousse Ganzen eng Rei Elementer ginn, déi méi oder manner matspillen an derzou bäidroen, dass mer aus deem dach niddregen Taux vun Integratioun vu Behënnerten op den Aarbechtsmaart net esou richteg erauskommen, ouni dass ee Scholdzouweisunge muss maachen an duerch ze vill contraignant Moossname misst reagéiert ginn.

Ech weess, dass de Service vun den Travailleurs handicapés e Consultant huet, deen och an d'Betriber geet, fir d'Patronen ze sensibiliséieren. Mir wëssen all, dass d'Entreprisen och e groussen Deel, nämlech bis zu 100% vum Salaire kënne rembourséiert kréien, wa se duerch e behënnerte Mataarbechter eng Perte de rendement kënne beleeën. Mä och déi finanziell Incitatioun schéngt offensichtlech net duerzegoen, fir déi Ziler, déi sech gesat gi sinn, ze erreechen.

Ech mengen dofir, dass ee wierklech e Schratt weider muss goen. Et wär un der Zäit fir eng Plattform ze schafen, wou am Kader vun engem permanenten Dialog speziell déi dote Problemer am Zesummenhang mam Gesetz vun 2003 behandelt kënne ginn a wou keng vun deene betraffene Parteien - Travailleurs handicapés, Ateliers protégés, ADEM, Patronen, Gemengen a Ministère - däerfe feelen.

Esou géife mer et vläicht fäerdeg bréngen den horizontalen Dialog tëschent allen Acteure besser ze strukturéieren. Ech mengen, dass et nëmmen op esou enger zentraliséierter Stell méiglech ass, d'Argumenter fir dat Eent oder dat Anert op den Dësch ze leeën an och zesummen no koordinéierte Léisungen ze sichen.

Bon, et ass schonn éinescht gesot ginn: Net méi spéit wéi leschte Freiden huet de Regierungsrot e Projet de loi ugeholl, fir dat Gesetz vun…

(Interruption)

Net ugeholl. Pardon! Gutt.

(Interruption)

Mä egal wéi, loosse mer net a Formalismus maachen. Et geet op alle Fall aus dem - ech kennen den Inhalt net, dat wëll ech direkt soen, bis zum Schluss - Pressecommuniqué ervir…

M. Aly Jaerling *(Indépendant).-* Den Ufank kennt Der schonn.

M. Roland Schreiner *(LSAP).-* Ech weess ëm wat et geet.

Et geet aus dem Pressecommuniqué awer ervir - op dee referéieren ech mech elo ganz einfach -, dass de Familljeministère mat den Acteuren e Bilan vum Gesetz gezunn huet, an dorobber hi mam Aarbechtsministère eng Rei Upassunge virgeholl huet.

Ech bedaueren awer och, vläicht am Kader vun dëser Debatt hei ausdrécklech, dass dee Bilan an de Projet och oder den Avantprojet der Chamber net virleien. Dat effektiv, obschonn d'Debatt am November ugefrot ginn ass. D'parlamentaresch Aarbecht gëtt domadder net immens valoriséiert - dat ass richteg -,…

Une voix.- Ah bon!

M. Roland Schreiner *(LSAP).-* …wann déi betraffen…

(Interruption)

Neen, neen. Ech ginn lech net Recht, Neen, neen.

M. le Président.- Här Gira, stellt dem Rapporteur eng kloer Fro.

M. Roland Schreiner *(LSAP).-* Jo.

M. le Président.- Hien huet Nee geäntwert. Da misst Der Är Fro widderhuelen.

M. Roland Schreiner *(LSAP)*.- Et wär gutt gewiescht, wann d'Regierung d'Konklusioune vun dësem Débat, déi de toute façon haut awer soll stattfannen egal wéi, well d'Chamber ass jo souverän, fir kënnen Débaten och ze féieren zur Problematik, onofhängeg vun deem, wat d'Regierung mécht, an hir Iwwerleeunge mat hätt kënnen abezéien.

Dat ass dee Kritikpunkt,…

Une voix.- Se soll dat nach ëmmer maachen.

M. Roland Schreiner *(LSAP)*.- …deen ech da wëll ubréngen.

Mä wat ech awer wollt hannendru soen - dat ass richteg, an do si mer eis dann eens -: Mä mir kréie jo dann d'Geleeënheet am Kader vun der legislativer Aarbecht erëm eng Kéier als Chamber, fir dorop anzewierken an déi Propositiounen och mat afléissen ze loossen, vun deene mer mengen, dass missten afléisse gelooss ginn.

Bon, de Regierungsrot huet jo da proposéiert, fir e Groupe de travail anzesetzen, fir en Dispositif auszeschaffen, deen et erméiglecht d'Quoten, vun deenen ech virdru geschwat hunn, ze respektéieren. Da wier et awer och gutt, dass vläicht där Propositioun, déi ech gemaach hunn hei, wat d'Zesummesetzung vun esou engem Aarbechtsgrupp ugeet - ech hunn elo Plattform gesot - Rechnung gedroe gëtt an och déi aner Aspekter vun der ganzer Thematik do behandelt ginn.

Ech begréissen awer generell, dass mam Gesetz vun 2003 e wichtege Schratt a Richtung finanziell Onofhängegkeet gemaach ginn ass fir behënnert Leit, an och fir d'Situatioun an den Ateliers protégés vun deene Leit ze verbesseren. Ech ënnersträichen och nach eng Kéier d'Wichtegkeet vun den Atelieren, mä ech erhoffe mer, dass et awer och duerch deen Débat, dee mer hei féieren, e Ruck, wat d'Inclusioun op den éischten Aarbechtsmarché an och de Respekt vun de Quoten ugeet, awer passéiert.

Dofir maachen ech wierklech en Appel un d'Regierung dee Groupe de travail, vun deem ech geschwat hunn, och auszedehnen op eng Plattform, déi all d'Acteuren zesummebréngt, déi ech erwähnt hunn. Ech mengen, dass dat effektiv déi ideal Plaz wär, fir am Sënn vun der berufflecher Integratioun ze schaffen.

Dofir wier et och gutt wann een d'Aarbechte vun deem Groupe de travail oder vun där Plattform hire Missioune kéint ausdehnen. Nieft de Léisunge fir d'Anhale vun de Quote soll déi Plattform zesumme kucke wéi eng Moossnamen ze huele si fir d'Integratioun vun den Travailleurs handicapés. Si soll och Mëttele sichen, fir d'Besoinë vun de Mataarbechter mat deem, wat an den Entreprisë verlaangt gëtt, kompatibel ze maachen. An hir Iwwerleeunge sollen och dee franséische System mat afléisse loossen, deen nieft enger strikter Kontroll a Sanktioun vun de Quoten och Solutioune virgesäit fir Betriber, déi keng behënnert Mataarbechter kënnen astellen; well där ginn et ganz sécher och.

Här President, ier ech zum Schluss kommen, wëll ech awer och nach e puer Mercië lassginn. An zwar un all déi Leit, déi mer gehollef hu mech méi intensiv mat der Situatioun vu Leit mat enger Behënnerung ze familiariséieren. Dat waren d'Équipe ronderëm de Silvio Sagramola vun Info-handicap mam Raymond Remakel, de Joël Delvaux vum Département vun den Travailleurs handicapés vum OGB-L, d'Sandrine Bem, d'Direktesch aus den Ateliers thérapeutiques vu Walfer, an och de Jeff Hurt a seng Équipe vum Service vun den Travailleurs handicapés vun der ADEM. D'Zäit huet mer gefeelt, fir nach aner Acteuren ze consultéieren, mä all deenen, déi ech genannt hunn, nach eng Kéier en häerzleche Merci fir déi gutt Kollaboratioun a fir déi Elementer, déi ech do kritt hunn.

Här President, wéi ugekënnegt, hunn ech meng Interventioun op d'Gesetz vun 2003 an d'Situatioun vun de Leit mat Problemer, déi d'Leit an hirem Alldag begéinen, konzentréiert. Mä mir wëssen alleguerten, dass d'Problemer largement doriwwer erausginn.

Och wann an deene leschten zéng Joer ganz vill geschitt ass an alle Beräicher an et sécher um politesche Wëllen net gefeelt huet, hält d'Debatt awer haut net op. Déi nei Schoulgesetzer maachen e Schratt méi wäit a Richtung Integratioun vu behënnerte Kanner an der Schoul. D'Gesetz iwwert d'Accessibilitéit, och wann et nëmmen op den öffentleche Beräich de Moment applicabel ass, huet ganz sécher och derzou bäigedroen, dass sech Leit mat physeschen Aschränkunge méi einfach an der Gesellschaft kënne bewegen.

Ech wëll och an deem Zesummenhang déi Initiativen ervirsträichen, déi am Transportberäich gemaach ginn, wou nach net méi spéit wéi virun e puer Wochen den Transportminister mat Info-handicap an och den Acteuren aus dem öffentlechen Transport zesummesouz fir Iddien ze développéieren, déi zu engem Aktiounsplang solle féieren iwwert den Transport vun eise behënnerte Matmënschen, deen am September soll méi konkret da ginn.

Ech wëll och un de Projet NOVABUS erënneren. Et kéint een esou weiderfueren, mä d'Zäit erlaabt et eis net fir all Facetten hei ze beliichten. Dat ass och net den Discours, dee mer haut hei wëlle féieren. A ganz sécher kréie mer hei nach des Öfteren d'Geleeënheet, fir op déi Aspekter vum Handicap alleguerten ze schwätzen ze kommen.

Esou zum Beispill och da vläicht iwwert den Aktiounsplang fir d'Personnes handicapées aus dem Joer 1997, deen och enger Evaluatioun misst ënnerzu ginn, grad wéi och de Pilotprojet „La Cordée", deen och schonn éinescht hei zitéiert ginn ass an deen och a menger Ufro stoung, dee sech jo mat de Kanner à besoins spécifiques auserneesetzt. Dat ass awer e gudde Projet, deen déi richteg Richtung och verfollegt an deen awer och enger konkreter Evaluatioun eng Kéier misst ënnerzu ginn, fir och weider Schrëtt do kënnen nofolgen ze loossen.

Ech wëll da vläicht ganz zum Schluss der Regierung och nach zwou Iddië mat op de Wee ginn, vun deenen ech hoffen… Bon, ech weess, dass elo eng Échéance bevirsteet an dass et och schwéier ass alles nach hinzekréien, a ganz sécher wäerte mer et och net méi hikréien, mä duerfir, dass se awer vläicht an der nächster Legislatur kënne realiséiert ginn.

Dat éischt ass, dass ech mer géif wënschen, dass déi UN-Behënnerterechtskonventioun, déi och schonn am Mäerz 2007 vun eiser Regierung ënnerschriwwe ginn ass, esou schnell wéi méiglech ratifizéiert an ëmgesat gëtt. Si reit sech net nëmmen an déi bestoend Mënscherechtskonventioun an, mä si gesäit en plus Instrumenter vir, fir déi Rechter och wierksam duerchzesetzen.

Doniewent wéilt ech eng Reflexioun ureegen - well dat och e Problem ass, deen ech ëmmer erëm gesot kréien - iwwert d'Asetze vun engem Guichet unique fir behënnert Leit. Ech hunn am Laf vu menge Virbereedungen un de Gespréicher gemierkt, dass et ganz schwiereg ass koordinéiert mat alle Facettë vum Handicap ëmzegoen, well ëmmer en anere Ministère, eng aner Verwaltung, en anere Service oder en aneren zoustänneg ass. Ech ka mer also gutt virstelle wéi schwiereg et eréischt muss sinn, wann een als Behënnerte forcéiert ass vun engem zum aneren ze lafen, fir Informatiounen an Hëllef ze kréien.

Ech weess aus engem Interview mat der Familljeministesch am „Lëtzebuerger Wort" vum Dezember 2008, dass si e Kadergesetz fir den Handicap an d'A faasst, dat all déi aner Gesetzer regruppéiert. Dat fannen ech ganz positiv an ech denken, wa mer et dann och nach fäerdeg bréngen eng zentral Plaz géifen ze schafen, wou een all Informatioune kritt an domat dee Spießrutenlauf, deen d'Leit haut heinsdo musse bewältegen, ënnerbonne kréien, dass mer dann erëm e Stéck weiderkomm wieren an deem ganze Puzzle.

Här President, ech kommen zum Schluss. En däitsche Sproch, deen d'Madame Ministesch schonn 2003 erwähnt huet, seet: „Ich bin nicht behindert, ich werde behindert." Si huet Recht. An et ass och un eis heibanne fir derfir ze suergen, dass all méiglech Barrièren aus dem Wee geraumt ginn, fir an enger Gesellschaft unzekommen, an där all Mënsch seng vollwäerteg Plaz huet, an dat an alle Beräicher vu sengem Liewen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Schreiner. Déi éischt ageschriwwe Riednerin ass d'Madame Frank. Madame Frank, Dir hutt d'Wuert.

Mme Marie-Josée Frank *(CSV)*.- Merci, Här President. Dir Dammen Dir Hären, ech ka bal alles, wat de Roland Schreiner haut de Mëtteg hei gesot huet, mat ënnerstëtzen. An Dir wäert mierken a menger Interventioun, datt ech sécherlech déiselwecht Gespréicher um Terrain hat wéi och den Här Schreiner.

Dee gesellschaftlechen an dee finanzielle Statut vun enger Persoun sinn an enger moderner Zivilgesellschaft enk matenee verbonnen. D'Gesetz vum 12. September 2003, wou ech Rapportrice war, hat an huet nach ëmmer als Zil, déi materiell Onofhängegkeet vun eise behënnerte Matbierger ze promouvéieren an hir sozioekonomesch Ofsécherung ze verbesseren.

Déi rechtlech a wirtschaftlech Lag vun deenen, déi opgrond vun enger Behënnerung net schaffe kënnen oder déi an enger protégéierter Struktur eng Plaz fonnt hunn, huet sech zënter dësem Gesetz grondleeënd verbessert.

D'Aarbecht vun de Behënnerten am Kader vun den Ateliers protégés ass reglementéiert ginn. Behënnert Leit, déi do schaffen, kruten endlech de Statut vun dem Salarié unerkannt, mat Rechter a Flichten, also dem Recht op en Aarbechtskontrakt an op en eegent Akommes fir hir Aarbechtsprestatiounen. Si ënnerleie wéi all aner Salariéen Aarbechtscontrainten.

D'Gesetz vun 2003 huet och de sougenannte Revenu pour personnes gravement handicapées agefouert, deen deene behënnerte Leit zeguttkomme soll, déi wéinst hirem Handicap net oder net méi schaffe kënne respektiv deem, deen onofhängeg vu sengem Wëllen keng Aarbechtsplaz an och keen Akommes huet, deen iwwert dem Revenu pour personnes gravement handicapées läit.

Och wann d'Gesetz vun 2003 zur Integratioun vun de behënnerte Leit bäidréit, esou ass leider nach fir vill Behënnert de Wee zur Integratioun wäit a schwéier. Zum Beispill genéisse behënnert Aarbechter - fir weider um Aarbechtsfeld ze bleiwen - seelen deeselwechte Stellewäert an der Gesellschaft wéi Netbehënnerter. Derbäi kënnt, datt wéineg behënnert Leit sech um regulären Aarbechtsmarché kënne profiléieren. Och doriwwer huet elo éinescht den Här Roland Schreiner geschwat.

Déi limitéiert Employabilitéit erkläert zum groussen Deel dës Situatioun. Et bleift, datt d'Diskriminatioune grouss sinn an datt d'Betriber oft d'Fäegkeete vun enger behënnerter Persoun net richteg aschätze kënnen oder wëllen an domadder enger Persoun d'Chance net ginn, hir Kompetenzen ënner Beweis ze stellen, ënnert dem Motto „Mir gi kee Risiko an", wat ech extrem bedauerlech fannen.

Eng Fuerderung vun den Associatiounen an de Leit um Terrain ass, fir d'Quote vum behënnerte Personal, esou wéi se am Gesetz vun 2003 stinn, besser ze kontrolléieren an d'Betriber vum private Secteur méi streng ze sanktionéieren, wa se hir Quoten net géifen erfëllen.

Ech mengen, datt dës Fuerderung, och wann ech se ka verstoen, grad zu dësem Moment wou d'Betriber mat grousse wirtschaftleche Problemer konfrontéiert sinn a Verschiddener, dorënner grouss Betriber, fir hiert Iwwerliewe kämpfen, sécherlech zu dësem Zäitpunkt net ubruecht ass. Ech zweifelen un der Wierksamkeet vun der Sanktioun.

Ech mengen, et bréngt méi, wann een d'Betriber ëmmer nees op hir sozial Verantwortung opmierksam mécht a se vläicht mat finanziellen Ënnerstëtzunge motivéiert, behënnert Leit anzestellen.

Wat brauche mer? E Mentalitéitswiessel. Déi sozial Verantwortung läit sécher net nëmme bei den Entreprisen, mä ganz bestëmmt elo a grad elo a schwieregen Zäite beim Stat a bei de Gemengen. De Stat ass bei wäitem deen Employeur, dee proportional déi meescht Behënnert bis elo agestallt huet: 50 pro Joer säit dem Gesetz vun 2003. Mä ech bedaueren awer ganz staark, datt ganz vill Gemengen no 2003 net dem Opruff gefollegt sinn an datt se hir Quot net erfëllen, dat heescht 5% vun hiren Employéen oder Aarbechter als Behënnert, also mat behënnerte Mënschen e Kontrakt ze maachen.

Et war deemools vum Syvicol zesumme mam Aarbechtsminister François Biltgen en Appel un d'Gemengen adresséiert ginn. Ech kann lech soen, esou wéi de Roland Schreiner: Ech hu meng sozial Verantwortung mat menge Leit an der Gemeng geholl…

Plusieurs voix.- Oh! Ah!

Mme Marie-Josée Frank *(CSV)*.- …a mir hunn eis Responsabilitéit a mir hu méi wéi dat, wat mer missten: Mir missten zweeanenhallwe Posten hunn, mir hunn dräi Leit beschäftegt ënnert dem Statut vun den Travailleurs handicapés. An esou, wéi de Roland Schreiner et och gesot huet, gesinn ech dat och als eng Plus-value u fir e bessert Mateneen a fir datt och d'Leit, déi keng Behënnerung hunn, sech all Dag erëm bewosst ginn, wéi schéin et ass, kënne gesond op eng Aarbecht ze goen, a wéi vill aner Leit mussen ënner schwéiere Konditiounen op hir Aarbecht kommen.

Duerfir…

M. le Président.- Madame Frank, entschëllegt, ech hat gemengt, et wär eng Fro un lech. Et ass gutt.

(Interruption)

M. le Président.- D'Madame Brasseur stellt lech eng Fro.

(Interruption)

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Et waren elo hei verschidden Zwëscheriff, kënnt dat dann och esou an den Analytesche stoen? Oder gëtt den Analyteschen nach eng Kéier verbessert, wéi dat geschitt ass mat der Euthanasie? Well, wann ech hei d'Tageblatt liesen, da kucken ech, wat d'Madame Frank engersäits hei op der Tribün gesot huet, a mir waren all Témoins, an esou wéi et duerno am Bericht gedréckt ginn ass, wou Modifikatioune koume vun hirem Text, wat awer net deem entsprécht, wat hei gesot ginn ass? Wat ech ganz staark bedaueren.

Ech hoffen, dass dat nëmmen eng Kéier geschitt ass, dass dat net bei dëser Debatt awer nach eng Kéier virkënnt.

(Interruptions)

Merci, Här President.

Mme Marie-Josée Frank *(CSV)*.- Madame Brasseur, ech wëll lech dozou direkt eng Erklärung ginn. Wéi ech mäi Verbatim gelies hunn, do hunn ech gemengt,…

(Interruptions)

Une voix.-…wat Der gesot hat!

Mme Marie-Josée Frank *(CSV)*.- Do hunn ech gemengt, et wären zwee Sätz dran, déi net esou wären, datt den normale Bierger dat gutt genuch kéint verstoen.

Plusieurs voix.- Oh! Oh!

(Hilarité)

Mme Marie-Josée Frank *(CSV)*.- Ech hunn näischt dorunner geännert fir dat, wat ech a menger Intentioun hat, eriwwerzebréngen. Ech wollt et just méi verständlech maachen. An ech fannen et traureg, datt esou eppes grad zu deem Thema esou opgeworf gëtt. Dat bedaueren ech, an dat fannen ech ganz schlëmm.

M. le Président.- Madame Frank, kommt dann nees zum Handicap zréck, wann ech gelift.

Mme Marie-Josée Frank *(CSV)*.- Ganz gären, Här President.

Ech war drun a wollt en Appel nach eng Kéier un de Syvicol maachen an och un den Aarbechtsminister, fir datt si nach eng Kéier de Courage sollen huelen an d'Gemenge sensibiliséieren, fir grad elo Konventiounen ze ënnerschreiwen, fir méi behënnert Matbierger anzestellen.

An da wëll ech och dorop agoen, datt de Wee vun der Demande bis zum Accord, fir datt een e Statut kritt, ganz schwiereg, oft ganz schwéierfälleg ass. D'Associatioune si sech eens. Wann d'Rekrutementsphas bis iwwerstanen ass, wann eng behënnert Persoun de Wee bis an de Betrib oder d'Gemeng fonnt huet, dann huelen d'Diskriminatiounen of, och wa se net komplett verschwannen. An dat läit dorunner, datt im Nachhinein vill Patronë mierken, datt, wann ee behënnert Mataarbechter astellt, dat eng Plus-value ka sinn.

Mä fir datt e Behënnerte kann agestallt ginn, muss e sech nach enger berufflecher Formatioun ënnerzéien. Or, do happert et ganz oft. De Schoulniveau vun de behënnerte Leit läit an der Regel oft ënnert dem Niveau vun deem, wat um Aarbechtsmaart gefrot gëtt oder erwënscht ass. Dat huet oft domadder ze dinn, datt déi Leit oft keng komplett Schoulausbildung virweise kënnen. Do, mengen ech, gi mer jo och elo gutt Weeër mat dem neie Schoulgesetz, wou mer méi op kompetenzorientéierten Unterrecht setzen a wou mer méi individuell wëllen op déi eenzel Kanner agoen, sou datt doduerch och villes do opgefaange ka ginn.

Et ass also och extrem wichteg, an d'Formation continue vu Behënnerten ze investéieren, fir datt si eng Chance kréien, Verpasstes nozehuelen. Et feelt u behënnertegerechten Ausbildungsméiglechkeeten. D'Offer u Formatiounsméiglechkeete wär, de betraffene Leit no, extrem reduzéiert, an

deelweis net oder net méi un de Besoinë vum Aarbechtsmaart orientéiert. D'Formatioune musse praxisno ugebuede ginn, also op d'Besoins internes vun deene jeeweilegen Ateliers protégés, mä awer och op den offene Marché ausgeriicht ginn.

Ech zweifelen, datt…

Oh, ech hu mech elo verdoen, pardon!

Une voix.- Aha!

(Hilarité)

Mme Marie-Josée Frank *(CSV)*.- Et wär wichteg also, wann een d'Offer u Formatioune soll iwwerschaffen, an et soll ee kucken, wat am Ausland ugebuede gëtt. Zu Bitburg zum Beispill gëtt et e modernt Zentrum fir berufflech Ausbildung vu jonke Mënsche mat enger Behënnerung. Dëst Zentrum bilt Leit aus Däitschland, mä och aus der Nopeschregioun aus. Ech weess, datt d'ADEM iwwert de Service des travailleurs handicapés Formatiounen zu Bitburg proposéiert huet, an och fir d'Käschten - oder zumindest zum gudden Deel - opkomm ass.

Et kéint ee sech vun dësem Zentrum a senger Aarbechtsweis inspiréiere loossen, fir aner Ausbildungsariichtungen ze schafen. Et kéint een zum Beispill e Projet vun der Groussregioun virgesinn, dee vun e puer Länner an/oder Regioune géif gedroe ginn.

Um nationalen Niveau kéinte mer och modulär Ausbildungsformen ausschaffen, an dëst mat der Ënnerstëtzung vun de Betriber, déi Behënnerter géifen astellen. Esou Formatioune kéinten och deene Behënnerten zeguttkommen, déi net kënnen am Ausland sech enger Formatioun ënnerzéien.

Dëst setzt natierlech eng gutt Zesummenaarbecht viraus tëschent der ADEM an hirem Service pour travailleurs handicapés, de Betriber, mä och de Beruffschamberen, de Gemengen an den Ateliers protégés.

Et ass e grousse Wonsch, datt d'Betriber méi Ënnerstëtzung kréien, wa si behënnert Matmënschen astellen. D'Betriber kréie gehollef. D'Gesetz vun 2003 gesäit vir, datt de Stat sech un de Lounkäschte ka bedeelegen. Mä d'Betriber kréien awer keng finanziell Ënnerstëtzung während där Zäit, wou de Behënnerte sech aschaffe muss. An d'Integratioun vun engem Behënnerten op dem regulären Aarbechtsmaart hänkt mat engem Zäit- a Käschtenopwand zesummen.

Et misst een tëschent dem Behënnerten, dee fir d'éischt sech op dem Aarbechtsmaart behaapt, an deem, dee schonn zënter laangem a sengem Betrib schafft, ënnerscheeden. D'Hëllef an d'Ënnerstëtzung vun de Betriber misste méi dëse verschiddenen Hypotheesen ugepasst ginn. Ech denken, datt dat eng Pist wär, déi ee kéint verfollegen, an deementspriechend kucken, d'Gesetz do ofzeänneren.

Job-Coaching ass och eng Fuerderung. De Coaching ass fir si eng Viraussetzung fir eng gelongen Integratioun um Aarbechtsmaart. Et wär zum Beispill denkbar, datt, wann e Behënnerten an enger Firma ufänkt, hien am Ufank während der Phas, wou hie sech aschafft, vun engem Mataarbechter oder vun enger Assistante sociale assistéiert gëtt.

D'Fuerderung, vun där ech virdru geschwat hunn, an zwar, datt déi staatlech finanziell Bedeelegung un de Lounkäschte besser un déi verschidden Hypotheesen, déi et gëtt, ugepasst soll ginn, muss een awer an dësem Kontext betruechten. Zum Beispill, datt de Stat am Ufank 100% vun de Lounkäschte géif iwwerhuelen, quitte datt dann d'Betriber déi supplementar finanziell Ënnerstëtzung missten um Ufank an de Suivi oder och an de Coaching vu behënnerte Matmënschen investéieren.

Obschonns déi finanziell Lounkompensatioun, déi d'Gesetz vun 2003 virgesäit, eng gutt Saach ass, stellen d'Leit um Terrain fest, datt se op där anerer Säit e groussen Nodeel hunn, an zwar deen, datt se d'Carrière vun engem Behënnerten net fuerdert. All Kéiers, wann de Loun vum Betrib erhéicht gëtt, gëtt automatesch déi finanziell Participatioun jo vum Stat erofgesat. De Behënnerte kritt ëmmer deeselwechte Loun, wat net motivant ass. An dat, mengen ech, muss eis ze bedenke ginn, well d'Beméiunge ginn net belount, a wéi wichteg ass et, grad fir e Behënnerten, fir säi Selbstwäertgefill eropzesetzen, wann och seng Aarbecht eben duerch seng gutt Aarbecht kéint besser motivéiert ginn.

E Fait ass och, datt d'behënnert Aarbechter eréischt zënter 2004, wou d'Gesetz vun 2003 a Kraaft getrueden ass, sech eng Pensiounscarrière kënnen opbauen. Déi Jore virdru ginn net a Considératioun geholl. Vill vun hinne kënnen also keng komplett Pensiounscarrière opbauen a musse sécher mat ganz klenge Renten auskommen. Och dës Fro muss analyséiert ginn, well domadder hu mer eng duebel Diskriminatioun.

Ech hu mir och e puer Initiativen ugekuckt, déi et am Ausland gëtt. Ech sinn op déi eng oder aner interessant Initiativ gestouss, zum Beispill an der Belsch aus der Wallonie. Si hunn e Projet Réseau des réussites, eng Initiativ vum fréiere Ministère des Affaires sociales et de la Santé. Dës Initiativ huet als Objet, d'Employeuren a behënnert Leit, déi eng Aarbecht sichen, zesummenzebréngen. De Site proposéiert doriwwer eraus eng ganz Rei vu Servicer a Facilitéiten. Esou eng Initiativ, wou iwwregens d'Leit och kéinten hir Experienzen austauschen, kascht net vill a stellt a mengen Aen e wäertvolle Moyen duer, fir d'Integratioun vun eise behënnerte Matbierger ze fuerderen an ze stäerken.

Här President, wann de Wee op den Aarbechtsmaart iwwer eng adequat Ausbildung geet, solle mir eis awer näischt virmaachen. Et gëtt behënnert Leit, souguer e groussen Deel, déi et ganz schwéier hunn, op dem ordinäre Marché eng Plaz ze kréien. Eng Partie vu ville vun deene Leit schaffen an engem encadréierten Environnement wéi den Atelier protégé. Bei aneren ass den Handicap esou schwéierwiegend, datt si iwwerhaapt net schaffe kënnen. Fir déi ass gesuergt, si hu Recht op e Revenu: de Revenu pour personnes gravement handicapées. An dat ass ganz wichteg.

Mir kommen nach eng Kéier op d'Ateliers protégés ze schwätzen. Et gëtt, ech mengen, zwielef esou Strukturen hei zu Lëtzebuerg. An dovunner och eng bei mir an der Gemeng Betzder. Ech denken, datt dëst awer à long terme net duergeet, eleng am Hibléck op d'Zuel vun deene behënnerte Leit, wéi den Här Roland Schreiner dat och éischter ugeschwat huet.

An der EU gëtt d'Zuel vun de behënnerte Leit op ronn 37 Millioune geschat. Weltwäit ass jo eng Persoun op zéng behënnert. D'Expertë ginn also dervun aus, dass dës Zuelen an deenen nächste Joren a Jorzéngte wäerten zouhuelen. Et ass kloer, datt dës Chifferen nuancéiert musse gekuckt ginn. Si ëmfaassen zum Beispill och vill eeler Leit, déi scho längst net méi schaffen an déi eréischt am Alter behënnert gi sinn.

Et bleift, datt déi handicapéiert Populatioun wäert zouhuelen, an dorënner och déi Kategorie vu Behënnerten, déi gesondheetlech net méi gutt genuch sinn, fir enger regulärer Aarbecht nozegoen, mä déi gesondheetlech ze gutt sinn, fir iwwerhaapt kenger berufflecher Tätegkeet méi kënnen nozegoen. Fir déi Leit kommen d'Ateliers protégés a Fro. Et ass also wichteg, dëst Konzept weider auszebauen, fir méi Aarbechtsplazen ze schafen, wou méi behënnert Persoune kënnen encadréiert schaffen.

Ech denken, datt och am Kontext vun den Ateliers protégés een déi finanziell staatlech Ënnerstëtzung analyséiere muss an de bestoende System muss ënnert d'Lupp huelen. En Deel vun de Lounkäschte muss jo erwirtschaft ginn. Wann déi Lounkäschte fir behënnert Leit awer eng Strapaz ginn, fir datt se sech musse méi drugi wéi dat, wat an hire Kompetenzen ass, dat ass net gutt. Dofir mengen ech, et ass e Balanceakt tëschent dem Drock, deen een op d'Betriber mécht, an der staatlecher Interventioun, déi accordéiert gëtt.

Wivill Drock kann, dierf, soll een op d'Betriber maachen, fir datt een zumindest bis zu engem gewëssene Grad produktiv bleift? Vill staatlech Interventioune sinn erwënscht, fir datt d'Produktivitéit vun de Betriber net ze vill ofhëlt. Ech sinn elo kee Spezialist, fir Léisunge virzeschloen, mä ech denken, datt och de finanziellen Aspekt muss ënnert d'Lupp geholl ginn.

Eng aner Méiglechkeet, déi de Stat vläicht keng Sue kascht, ass d'Betriber ze motivéieren, eng Partie vun hirer Produktioun oder Aarbechten un Ateliers protégés ze sous-traitéieren. Sou ënnerstëtzt een en Atelier protégé an dréit een zur berufflecher Integratioun vun de Behënnerte bäi. Fir mech eng gutt Initiativ zu méi sozialer Verflichtung.

E weidere Problem, op deen ech ugeschwat gouf, ass dee vun de schwéierfällegen a luese Prozeduren, déi mir hunn. Tëschent deem Moment, wou eng Requête déposéiert gëtt, an deem Moment, wou de Statut vum behënnerten Aarbechter unerkannt gëtt, verginn oft méi wéi dräi Méint. Si beméie sech, fir eng Aarbechtsplaz ze fannen, a wa mir wëllen, datt si eng Aarbecht kréien oder behalen, da muss d'Entscheedung, ob se de Statut unerkannt kréien oder net, méi séier falen. De behënnerte Mataarbechter muss kënne vun Ufank un, wou e schafft, op déi materiell Hëllef an Ënnerstëtzung, déi hien zegutt huet, zielen, an net eréischt no dräi Méint.

Et ass wichteg, datt och d'Zuel vun den Interlocuteuren um Niveau vun der ADEM ofhëlt. Een an en eenzege Service soll fir déi ganz Prozedur zoustänneg sinn. Ech mengen, dat wier wierklech eng Plus-value am Sënn vu jiddwerengem. Dëst ass och de Wonsch vun deene betraffene Leit dobaussen, déi oft net verstinn, firwat verschidde Strukturen oder Servicer zu verschiddene Momenter vun der Prozedur sech ëm hiren Dossier këmmeren.

An da mengen ech wier et och wichteg, datt ee géif driwwer nodenken, fir de Congé éducatif fir d'Travailleurs handicapés auszeweiten. Den Travailleur handicapé brauch méi Zäit wéi een, dee keng Behënnerung huet, an dofir mengen ech kéinte mer eis um Schoulgesetz inspiréieren, datt een do géif soen, et misst een och fir d'Travailleurs handicapés a Cyclë schaffen.

An dann hu mer nach eng Incohérence an zwee Gesetzer, an dat ass déi iwwert d'Incapacité de travail an d'Réinsertion professionnelle. Och dat muss iwwerschafft ginn.

Wann ech virdru gesot hunn, datt de finanziellen Aspekt souwuel um regulären Aarbechtsmaart wéi an den Ateliers protégés muss iwwerduecht ginn, heescht dat net, datt musse gläich méi Suen aus der Statskeess fléissen. Ech denken, et wier wichteg, datt déi Sue ganz effizient genotzt ginn. Ob een net kéint zum Beispill engem Betrib méi finanziell ënnert d'Ärm gräifen, wa se e Behënnerte fir d'alleréischt ustellen, deen ni a sengem Liewe geschafft huet, wéi engem Betrib, wou zënter Jore schonn eng Persoun schafft a schonn am Betrib integréiert ass.

Wann ech vu méi behënnertegerechten Ausbildungsstrukture schwätzen, dann heescht dat net, datt mer gläich mussen hei zu Lëtzebuerg en Zentrum schafen, wéi ech geschwat hunn hei zu Bitburg, mä datt een zum Beispill kéint an der Groussregioun kucken, wou d'Besoinë sinn, an datt ee koordinéiert kéint och do matenee schaffen a besser vernetzen.

Mä fir dëst alles ze maachen, brauche mir och kloer Donnéeën, kloer a prezis Donnéeën, an déi feelen. An de Rapporte vum Aarbechts- a vum Familljeministère steet villes. Mä ech weess nach ëmmer net esou genee, wivill Leit dann de Revenu pour personnes gravement handicapées kréien. Aus deem leschte Rapport vum Aarbechtsministère aus dem Joer 2007 geet ervir, datt 1.328 Requêten agereecht gi sinn.

Wivill Leit hunn elo de Statut vun Travailleur, vu Personne gravement handicapée ugefrot a wivill de Revenu? Et muss een e bësse sichen an da fënnt een eraus, datt 1.151 Requêtë sech op de Statut bezéien an 178 op de Revenu. Derbäi kënnt, datt, wann een d'Zuele vum Rapport zesummerechent, een op 1.329 an net op 1.328 Requêtë kënnt. Wann een dann am Rapport vun 2006 konnt noliesen, datt zënter dem Gesetz, wat 1991 geschaaft ginn ass, 4.562 Leit de Statut vun Travailleur handicapé unerkannt kruten, do fannen ech keng Gesamtzuel méi am Rapport vun 2007 erëm. Ech ginn dervun aus, datt dës Zuelen am Joer 2007 bei 5.137 leien, vu datt 575 Persounen dëse Statut unerkannt kruten.

Also Fazit: Mir hunn Donnéeën, mä mir musse se vläicht besser zesummefaassen. Also méi prezis Donnéeën, déi méi einfach ze kréie sinn, ouni datt ee muss a verschiddenen Dokumenter nokucken, dat wär wënschenswäert. Well et ass schwéier, e Bilan ze maachen, ouni ze wëssen, ob d'Moossnamen, déi ee geholl huet, och fonctionnéieren oder net. Ouni komplett Donnéeën ass et schwéier, eng adequat Behënnertepolitik ze definéieren.

Obschonn d'Lag sech wierklech an deene leschte Jore staark verbessert huet, wat d'Disponibilitéit vun den Donnéeën ugeet, appeléieren ech awer weider Efforten ze maachen an dëst net nëmmen um Niveau vum Familljeministère, mä och um Niveau vun all deenen anere Ministèren, déi mat implizéiert sinn.

Ech kommen zum Schluss a schléisse mech de Wierder vum Rapporteur un, datt, wann d'Regierung, nodeems wou se de leschte Freideg am Regierungsrot iwwer eng Modifikatioun geschwat huet, sech un all deem inspiréiere soll, wat haut hei op der Chamberstribün diskutéiert ginn ass, an datt et a mengen Aen och wichteg ass, eng Plateforme de coordination ze schafen, wou all Leit, déi betraff waren a sinn, mat implizéiert ginn, fir Verbesserungsvirschléi fir d'2003er Gesetz eranzereechen.

An ofschléissend wëll ech awer och net verpassen, fir all deenen Acteuren um Terrain, déi wäertvoll Aarbecht leeschten, mäi grousse Merci auszeschwätzen, a bei all deenen, wou ech d'Chance hat, Informatiounen ze kréien, fir haut meng Ried hei an der Chamber virzebereeden.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, grad an Zäiten, wou d'Wirtschaft méi lues dréint, wéi elo, musse mir méi solidaresch si mat deenen, déi sozial méi schwaach sinn, mat deenen, déi hir Aarbecht verluer hunn oder déi nach an noer Zukunft hir Aarbecht riskéieren ze verléieren. De Schutz an d'Rechter vu behënnerte Matbierger däerfe grad a schwieregen Zäiten net op d'Spill gesat ginn. An ech schléisse mat engem Zitat vum Här Raoul Follereau, deen eng Kéier gesot huet, dat ass scho laang hier: «Un pays n'est pas un grand pays s'il est riche, un pays n'est pas un grand pays s'il est fort, un pays est un grand pays s'il est capable de beaucoup d'amour et de partage.»

Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Frank. Den nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Berger. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, effektiv ass deen Débat, dee mer haut de Mëtteg féieren, wichteg. Mir stinn an der Flicht, fir eis als Gesellschaft, als Politik och ëm déi méi Schwaach an eiser Gesellschaft ze këmmeren, an dat ass och dat, wat een ënnert dem Term Solidaritéit versteet.

Mä de Risiko, deen elo haut de Mëtteg war an och weider ass, dat ass, datt mer hei eng ganz Rei Allgemengplazen zum Beschte ginn, gutt Ofsiichten erklären, mä datt mer awer net prezis a konzis genuch kënnen drop agoen, wat jo am Fong geholl de Sujet vun deem Débat ass, nämlech eng Analys an eng Diskussioun vun de Schwächte vum Gesetz vun 2003.

Et läit kee Rapport vir, och wa meng Virriednerin sech „dem Rapporteur konnt uschléissen", mä et ass och eng Démarche, muss ech soen, déi een awer selte bei aneren Débats d'orientation fënnt.

Mir waren domadder d'accord, fir hei dat ouni Rapport ze maachen. Mä et weist awer schonn drop hin, datt engem dat vläicht och an de Chamberskommissiounen, wéi soll ech soen, egal oder manner wichteg war wéi bei aneren Débaten, wou dann honnerte vun, net honnerten, mä vill Réunioune sinn, wou vill Rapporte geschriwwe ginn, wou vill Experten an d'Kommissioun geruff gi sinn. Hei war eis dat am Fong geholl net esou wichteg, weder an der Familljekommissioun nach an der Aarbechtskommissioun oder an enger anerer Kommissioun, wou dat awer sécherlech och e Plus gewiescht wier, wann een dat hätt kënne mat an d'Debatten hei aféieren.

An nach eng Kéier, ech sinn awer trotzdeem erstaunt, wann dann d'Regierung de leschte Freideg sécherlech, wa se da keng definitiv Texter gestëmmt huet, am Regierungsrot doriwwer diskutéiert huet. An och ech hunn aus deem Communiqué erausgelies, datt do e Bilan diskutéiert ginn ass. A grad dee Bilan, an dat ass dat, wat iech awer als Deputéierten e bëssche rose mécht, wann een haut en Débat huet, wier et jo awer wierklech interessant gewiescht, a wa mer en nach gëschter kritt hätten, datt een awer do esou e Bilan och ënnerbreet kritt hätt, fir kënnen dann hei e bësschen en aneren Débat ze féieren. An datt een awer trotzdeem d'Schwieregkeet hat, sech an den Dossier eranzeschaffen.

Ech hätt mer eben déi aner Démarche gewënscht. Duerfir hat ech och virdru gefrot, fir dat hei vum Ordre du jour ze huelen, fir et eventuell zu engem anere Moment ze maachen - ech wëll net, datt mer deen Débat net féieren -; zu engem anere Moment, wou een dann hätt kënne méi a Rou, nodeems een déi Bilanen och hätt kënnen als Deputéierten analyséieren, deen Débat féieren.

Ech hu mech also haaptsächlech op dat Zuelematerial verlooss, wat ech eben esou konnt fannen a menge Recherchen. Meng Konklusioun ass jo déi, datt opgrond vun deenen Zuelen, ech beruffe mech elo op déi Question parlementaire vum Här Diederich vun 2005, wou ënner anerem doraus ervirgeet, datt 1.634 Mënsche mat Behënnerung am Privatsecteur agestallt sinn, 605 am öffentlechen Déngscht, 566 an Ateliers protégés sinn an 352 aarbechtslos sinn, an datt mer also do zur Konklusioun kënne kom-

men, datt weder de Stat nach d'Betriber sech un dat Gesetz halen, un déi Virgab vu 5%. Datt also nach do vill, datt mer nach wäit vun den Ziler ewech si sécherlech, wann och déi eng oder aner positiv Entwécklunge festzestelle sinn.

Et si verschidde Gemengen hei genannt ginn, déi Effortë maachen. Ech wéilt dann och nach déi vun der Stad Lëtzebuerg derbäihänken, wou am Dezember 2008 och eng Erklärung mam Aarbechtsminister ënnerschriwwe ginn ass, wou och d'Gemeng hei an der Stad sech engagéiert huet, fir all Joer mindestens fënnef Mënsche mat Behënnerungen anzestellen.

De Punkt ass jo deen, datt mer hei hätte sollen eng Analys maachen, eng Stäerkten-Schwächten-Analys vum Gesetz vun 2003, wat wéi gesot schwéier méiglech ass, well mer net all déi Bilane virleien hunn, déi d'Regierung huet. Duerfir wëll ech mech och hei net ze laang elo mat deem Ganzen ophalen. Ech wëll nëmmen zwee, dräi Punkten erausträichen, wou ee wierklech gesäit, datt do muss eppes verännert ginn, fir datt mer kënne besser eis behënnert Matmënschen an d'Aarbechtswelt integréieren. Well mir stelle fest, datt dat Gesetz, wat mer de Moment hunn, net d'Gläichberechtegung tëschent behënnerte Mënschen an netbehënnerte Mënschen assuréiert. Dräi, véier Problemer, déi ech nëmme kuerz wëll erauspicken.

Här President, dat eent ass e Problem, dee mat der Durée ze dinn huet vun der Prozedur fir de Statut vun Travailleur handicapé ze kréien. Et dauert oft méintelaang, bis eng Persoun esou e Statut vun Travailleur handicapé kritt. D'Demande kann een erareechen, wann ee mat der Schoul fäerdeg ass, mä dat ass awer, well een dat da mécht, nodeems ee mat der Schoul fäerdeg ass, dauert dat dann oft awer laang, méintelaang, bis datt een de Statut huet. An an där Zäit derzwëschent ass een am Fong geholl, ech géif soen, emol ouni Statut. Dat sinn dann och geméinlech Leit, déi do aarbechtslos sinn, déi dee Moment keng Chance hunn, eng Plaz ze fannen.

Hei also eng Suggestioun, datt een onbedéngt misst déi Dauer vun där Prozedur verkierze fir dee Statut ze kréien, besonnesch fir déi, déi aus der Schoul kommen an dann an d'Aarbechtsliewen awer sollen integréiert ginn.

En zweete Punkt, dat ass dee vum Revenu vun de Personnes gravement handicapées, RPGH. Deen entsprécht dem RMG an dee geet awer oft net duer dann, fir och déi héich, méi héich Liewenskäschten, déi déi Leit hunn, kënnen ofzedecken. Dat ass esou e Fait, datt déi Leit mat Behënnerung awer méi Fraisen hunn am normale Liewen. Duerfir dierf och also net den RMG, déi Rémunératiounals Grond geholl ginn, fir dann eventuell aner Hëllefen, déi se och bräichten, déi vläicht net ëmmer esou ganz kloer an en Text, an e Kader erafalen, fir déi dann anzestellen.

En drëtte Punkt, dat ass deen, datt déi Mënsche mat Behënnerungen oft méi Schwieregkeeten hunn och, fir vun der ADEM weidervermëttelt ze ginn. Ech hunn hei eng Zuel vum Joer 2005. Do si 75%, also dräi Véirels vun de Chômeure mat Behënnerungen och nach no zwielef Méint am Chômage. Wann een dat elo kuckt am Rapport zu de Leit ouni Behënnerungen, sécherlech ass do d'Quot méi héich respektiv ass et och a méi kuerzer Zäit wou do awer méi Leit kënne vermëttelt ginn.

Do stelle sech éischtens e puer Froen. Ass d'ADEM genuch spezifesch oder huet se genuch spezifesch formëiert Mataarbechter, fir kënne méi speziell déi Mënsche mat Behënnerungen ze encadréieren, hinne weiderzehëllefen? An eben och dat ass dann e Punkt, deen ee muss mat erabréngen an déi Diskussiounen iwwert d'Reform vun der ADEM.

Et ass jo och esou, datt oft d'Behënnerung vun deene Leit als e Stigma ugesi gëtt. An duerfir sinn och Leit, déi zécken, fir de Statut vum Travailleur handicapé an Usproch ze huelen. Si maachen dann éischter wat een nennt eng «stratégie de l'invisibilité». Dat heescht, si versichen also ze kucken hiren Handicap esou wäit wéi méiglech ze verstoppen op eng gewëss Aart a Weis.

An datt dat awer och am Endeffekt ëmmer eng, wéi soll ech soen, eng Attrape ass, wou se net richteg erauskommen, dat ënnersträicht och e Rapport vun 2005 vum Commissariat du Gouvernement aux étrangers, wou et ënner anerem och vun der Diskriminatiouin iwwert d'Aarbecht hiergeet, wou se dee ganze Phenomeen erklären a wou se awer och soen, datt awer trotzdeem ganz oft, ech zitéieren hei: «Selon les associations concernées, les réactions des employeurs sont difficiles à prévoir.» Dat heescht, wa se versichen, deen Handicap esou wäit wéi méiglech net ze affichéieren.

Duerfir d'Associatiounen, déi «hésitent de conseiller aux candidats une éventuelle „stratégie de l'invisibilité"». Also, datt se do och selwer vun Organisatiounen heiansdo recommandéiert kréien: Maacht esou wéi wann Der keen Handicap hätt, well Der dann éischter eng Méiglechkeet hutt, op den Aarbechtsmarché ze kommen. Wat awer sécherlech keng gutt Démarche ass.

E Wuert och nach zu den Ateliers protégés. Ech mengen, et ass jo wichteg, datt an Ateliers protégés se net nëmme versuergt ginn, mä datt een do och soll versichen hinnen eng minimal Ausbildung ze ginn, se ze preparéieren, fir se kënnen ze integréieren an d'Aarbechtswelt. Och do hunn d'Virriedner dat jo e bësschen erkläert, datt dat net ëmmer optimal Resultater huet. An et muss ee sech och d'Fro stellen. Well a villen anere Länner gëtt et keng esou Infrastrukturen, well eben do och grad gesot gëtt, de Risiko vun der Ghettoiséierung ass do ginn, datt se an hirem Milieu do bleiwen an datt se wierklech net reell Chancë kréien, fir awer dann herno op den Aarbechtsmarché ze kommen. Och do misst ee vläicht eng Kéier méi eng detailléiert Analys maachen iwwert déi Situatioun a kucken, wat fir eng Pisten, wat fir eng Weeër een do kann opzeechnen.

Et ass och esou, ech hu gelies vun engem Pilotprojet „Cordée", wou ech, wéi gesot, guer keng Donnéeën hunn, guer keng Informatiounen hunn, duerfir kann ech hei weider net derzou Stellung huelen. Vläicht kann d'Ministesch herno do dann e puer Wuert soen.

Ech wollt nach e lescht Wuert soen, Här President, dat ass dat, well ech elo bei den Ateliers protégés war, wou ech dovunner geschwat hunn, datt ee muss kucken déi Leit esou ze formëieren, datt ee se kann integréieren an den Aarbechtsmarché, datt een also vläicht déi Reflexioun muss féieren: Kann een net vläicht och direkt versichen, déi Integratiounsmoossnamen direkt um Aarbechtsmarché ze realiséieren?

Dat ass ähnlech wéi déi Diskussioun, déi mer hate bei der Reform vun der Grondschoul. Och an der Grondschoul hu mir derfir plädéiert, aner Parteien och, datt mer sollen d'Éducation différenciée, déi behënnert Matmënschen, déi jonk, besonnesch déi jonk Behënnert dès le départ versichen ze integréieren an déi normal Grondschoul. Ech hat deemools och doriwwer geschwat, well dat souwuel e Benefiss ass fir déi handicapéiert Kanner wéi awer och fir déi aner Schüler, well se do léiere mat deenen ëmzegoen, léiere Solidaritéit un der Praxis ze erfueren. An eben och hei muss ech nach eng Kéier bedaueren, datt mer am Grondschoulgesetz net festgehalen hunn, datt d'Édiff géif an d'Éducation nationale integréiert ginn. Ech wëll dat hei einfach nach eng Kéier widderhuelen.

Déi puer Bemierkunge gemaach, Här President, géif ech lech da Merci soe fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci Här Berger. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng begréissen natierlech all Diskussioun iwwert d'behënnert Matmënschen, obwuel fir ons Gréng d'Thema vun de Persoune mat Besoins spécifiques eigentlech eent ass, wat an der Notioun vu Mainstreaming sollt afléissen. Dat heescht: Bei all Dossier, sief et Bautepolitik, Sozialpolitik, Aarbechtspolitik, Bildungspolitik an esou weider, soll notamment den Aspekt Mënsche mat spezielle Besoinen, mat Mobilité réduite, mat Sprooch- oder Sehschwieregkeeten, mat mentalen oder psychesche Problemer mat considéréiert ginn.

Dat heescht net, datt mir ëmmer eng automatesch arbiträr 100%eg Integratioun à tout prix vun all concernéierte Matmënsche wëlle promouvéieren. Et geet villméi dorëms all Behënnerung oder spezifesch Besoinen 100%eg ze integréieren, fir datt de behënnerte Matmënsch d'Méiglechkeet iwwerhaapt emol kritt sech ze integréieren esou vill hien oder hatt et wëllt an et och kann, zu deem Zäitpunkt wou et fir hien oder hatt ubruecht ass.

D'Demande vun der sozialistescher Partei ass ganz breet gefächert, en allgemenge Rundumschlag vun de concernéierte Persounen. Ech denken, trotz all guddem Wëllen ass et net méiglech, emol net an engem ganzen Dag, all Aspekter déifgräifend, seriö ze diskutéieren, ganz ze schweigen da vun engem vu ville Punkten, déi um Ordre du jour vun enger Sëtzung sinn, an dëst och nach no engem Modell 1, an dat och nach ouni Rapport. Schued eigentlech, well et wier emol derwäert e Bilan ze maachen iwwer all Aspekt vum behënnerte Matmënsch, vun der Persoun mat spezifesche Besoinen.

Ech zitéieren aus dem Bréif vun de Sozialisten: «Le débat en question devra ainsi également faire le point sur les questions ayant trait à la continuation de la politique en faveur des personnes handicapées dans les points les plus divers.»

„Les points les plus divers", ass fir ons alles, an do riskéiere mer an eng gewësse Respektlosegkeet ze geroden, wa mir ons hei umoosse wëllen dat alles ënnert d'Lupp ze huelen, an esou enger kuerzer Zäit an ouni Schaffpabeier.

Wien ass dat iwwerhaapt? A wat ass iwwerhaapt „handicapée" oder „gravement handicapée"? Ass eng Persoun am Rollstull gravement handicapée obwuel si schaffe geet, eng Famill gegrënnt huet, Auto fiert an esou weider? Zwar brauch si vill spezifesch Adaptatiounen, fir e Liewen an der Gesellschaft ze féieren.

Mir all kräize mat Sécherheet munchmol Mënsche bei deenen ee keen eenzege Besoin spécifique erkennt, mä deenen et zäitweileg onméiglech oder extrem schwiereg ass, wat mir nennen, en normaalt Liewen ze féieren. Si hu schwéier psychesch Problemer, séileg Problemer, psychosomatesch Problemer oder souguer e grave Suchtproblem. Problemer, déi se regelrecht behënneren, fir sech an d'Gesellschaft anzeliewen, an der Fräizäit, mä och op der Aarbecht.

A wa mer an de Statistike vun den Demandë vun Travailleurs handicapés nokucken, da sinn et an der grousser Mehrzahl Mënschen tëschent 41 a 60 Joer, souwuel bei de Männer wéi och bei de Fraen, déi en „revenu travailleur handicapé" ufroen oder och déi en „revenu pour personnes gravement handicapées" ufroen. Dat sinn also och eng ganz Rei vu Mënschen déi laang, vill a wahrscheinlech och schwéier geschafft hunn, an déi no 20 Schaffjore vläicht de Réck futti hunn oder souguer psychesch Problemer kritt hunn.

Erlaabt mer duerfir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, op véier Punkten eng Reflexioun ze maachen, véier Punkten déi mir ons erausgesicht hunn, well méi wéi véier Reflexioune sinn zu dësem Moment, haut, ënnert dëser Form, net méiglech. Déi éischt Reflexioun iwwert d'Aarbecht an de Salaire vun engem Travailleur handicapé en milieu protégé.

En Travailleur handicapé en milieu protégé kritt meeschtens, wann net ëmmer, an dëst onofhängeg vun engem eventuellen Diplom oder Zertifikat, de soziale Mindestloun. Domadder léisst et sech knapp a schwéier liewen. Doriwwer eraus ass et oft esou, datt en Travailleur handicapé wéinst senger Spezifissitéit net kann e volle Kader schaffen, oder net ëmmer kann e volle Kader schaffen, wat natierlech seng Chancen autonom ze liewe praktesch op Null setzt.

Eng Personne gravement handicapée an engem Atelier protégé respektiv an engem Centre de jour kritt e Montant, deen dem RMG entsprécht, et ass jo virdru gesot ginn, woubäi dann awer nach d'Chargë vun der mëttlerweil Gesondheetskeess an och vun der Assurance dépendance ofginn. Fir e Complément dozou kann dann den FNS, de Fonds National de Solidarité suergen. Esou gesäit et och d'Gesetz vun 2003 vir.

Ech ka mech erënneren, wéi mer Enn 2004 de soziale Mindestloun hei an engem Projet de loi adaptéiert hunn, ass an deem Projet de loi direkt fir déi éischte Kéier Abstraktioun gemaach gi vun den Travailleurs handicapés. D'Adaptatioun vum soziale Mindestloun, déi mengen ech den 1. Januar 2005 a Kraaft getrueden ass, ass nëmme fir déi sougenannten normal Paie gestëmmt ginn. De Familljeministère hat dunn den Optrag kritt sech ëm déi Adaptatiounen, notamment iwwert den FNS, vum Salaire vun den Travailleurs handicapés an den Ateliers protégés ze këmmeren. Et ass ëm de Complément gaangen. De Complément fir herno awer op de soziale Mindestloun ze kommen.

Mir haten dëst och schonn deemools bedauert - ech hat dat och an deem Kontext op der Tribün gesot, well mer 2003, an och wann et méi symbolesch war wéi soss eppes -, e Gesetz vun engem Travailleur handicapé, engem Salarié handicapé, datt deen endlech eng richteg Pai kritt. Virdru war dat ëmmer e Mix aus Rent, ATI, RMG, Kannergeld a Gott weess wat nach alles, a mat deem Gesetz 2003 krut en eng Pai.

A wéi de soziale Mindestloun dunn eng éischte Kéier erhéicht ginn ass, dunn ass gesot ginn, wat den Travailleur handicapé ubelaangt: „Mir hunn elo déi Zäit net, fir dat esou ze adaptéieren. Mir huelen d'Travailleurs handicapés eraus. Si kréien natierlech déi Adaptatiounen, mä net iwwert de biais vun der Adaptatioun vum soziale Mindestloun."

Et wier och interessant, vun der Mise en vigueur vun deem Gesetz, dat heescht vu Juni 2004 bis haut, awer eng differenzéiert Statistik ze hunn iwwert d'Besetzung vun den Ateliers protégés, iwwert déi Paien, déi do bezuelt ginn, an iwwer wéi ee Biais déi eenzel Paie bezuelt gi respektiv complémentéiert ginn, fir sech iwwerhaapt emol e Bild ze maachen, net nëmmen, wee kritt eng Pai Travailleurs handicapés, mä aus wat besteet déi, souwuel beim Travailleur handicapé wéi och beim Travailleur gravement handicapé.

Zweet Reflexioun iwwert d'Ëmsetzbarkeet vun den Integratiounsmesuren aus dem Gesetz 2003. An deem Gesetz steet ganz vill iwwer Mesuren, fir en Travailleur handicapé weiderzebilden an him aktiv ze hëllefen eng Aarbechtsplaz um éischten Aarbechtsmaart ze fannen. An dëst, esou steet et am Gesetz, am Zesummenhang mam STH, dem Service des Travailleurs Handicapés vum Arbeitsamt.

Meng Froen: Sinn no der Mise en vigueur vun dësem Gesetz déi noutwendeg Adaptatioune geschafe ginn, notamment, mä net nëmmen, um Arbeitsamt, fir dës Mesuren ze promouvéieren? Ass déi noutwendeg Plattform geschafe ginn, tëschent de verschiddenen Ateliers protégés an deenen hire Gestionnairen an de Statsverwaltungen, fir déi Mesuren ze promouvéieren? Ass de Gestionnairë vun de verschiddenen Ateliers protégés den noutwendegen Zousaz u qualifizéiertem Personal duerfir an d'Enveloppe budgetaire gestatt ginn? Gëtt et eng systematesch Garantie de suivi, sief et vun de Statsverwaltungen, sief et vun de Gestionnairen, wann zum Beispill eng behënnert Persoun um éischte Maart integréiert konnt ginn?

Drëtt Reflexioun iwwert d'Aféiere vun de Quote respektiv d'Anhale vun de bestehende Quoten. Déi beschte Manéier, fir déi Quoten ze respektéieren, déi am Gesetz vun 2003 virgesi sinn, ass mat Sécherheet d'Disponibilitéit vu genuch Ressources humaines fir, éischtens, sech ëm déi gelongen Integratioun ze këmmeren, domadder mengen ech de Suivi op der Aarbechtsplaz, Hëllefstellung, Encadrement och fir den Employeur an d'Kolleege vun der concernéierter Persoun; an, zweetens, genuch Ressources humaines, fir sech ëm d'Kontrolle vum Anhale respektiv Netanhale vun de virgeschriwwene Quoten ze halen.

Et gëtt ëmmer erëm geschwat, notamment och an de Gewerkschaftsmilieuen, ob de Quotesystem dee richtegen ass, an doriwwer eraus ob en efficace ass respektiv wat muss adaptéiert ginn, fir datt en efficace gëtt. Faute de mieux gëtt allgemeng um Quotesystem festgehalen, esou och d'Konklusiounen notamment vun engem Séminaire européen, wou den EGB e Partner war zu Lissabon am Oktober 2007.

Den Term vun „Travailleur handicapé" respektiv „Reconnaissance travailleur handicapé" ass méi wéi onglécklech. Säit 2003 ginn endlech an zu Recht och d'Mënsche mat psychesche Problemer oder Krankheeten als Travailleurs handicapés unerkannt. Net nëmmen, awer grad bei dëse Persounen, ass den Term „handicapé" ganz sensibel considéréiert, well den Term „handicapé" sécherlech eng Rei negativ Connotatiounen huet voire stigmatiséiert.

Och grad dës Persounen hunn et schwéier, fir mat hirem Selbstgefill iwwer esou Reconnaissance-Prozedure stoen ze kënnen. Duerfir gëtt och haut am Milieu, an der Fachliteratur oder am Fachjargon, ëmmer méi oft vun "special needs", besoins spécifiques geschwat. Doraus deklinéiert sech méi einfach e Recht, an natierlech och déi dozougehéierend Flichte fir eng Persoun, déi op déi dozougehéierend Mesurë kann zréckgräifen.

Schlussendlech sinn dës Mesurë soss näischt wéi eng Hëllefstellung un e Patron, deen eng Persoun astellt, déi net, oder zäitweis net 100%eg produktiounsfäeg ass, am Kader vun engem Aarbechtskontrakt. Et ass schwiereg an et brauch een e gewëssent Sensibiliséierungs- oder Sensibilisatiounsgefill, fir dëse segregative Stempel vun Travailleurs handicapés ëmzewandelen an e

Recht, wat een huet, well een einfach net méi kann, wéi dat, wat ee kann.

Dass dëst schwiereg ass beweist eng Rei vu Persounen, déi wuel net dëse Status hunn oder déi net wëllen dëse Status hunn, mä awer schwiereg op hirer Aarbechtsplaz sinn, well se net méi kënnen esou hir Aarbechtsplaz ausféieren, wéi se dat zum Beispill an der Vergaangenheet gemaach hunn. Oft ginn et Arrangementer tëschent Employeur a Salarié, ouni duerch dës oft schwiereg Prozedur vu Reclassement oder Reconnaissance ze goen. Wahrscheinlech, mä dat misst eng déifgräifend Analys feststellen, misst de Modus voire d'Kritärë vun de Quote verbessert ginn.

Säit 1997, wou e Plan d'action ausgeschafft gi war vun der deemoleger Regierung an dem zoustännege Ministère, ass net vill evoluéiert op dësem Punkt vun der Integratiouvu Behënnerungen a spezifesche Besoinen. Et ass, wéi ech uganks vu menger Ried gesot hunn, eng iwwergräifend Politik a brauch dann och duerfir e Ministère iwwergräifende Plan d'action national. An an dësem Kontext wollt ech nofroen, wéini d'Regierung gedenkt déi vum 30. Mäerz 2007 ënnerschriwwen UNO-Konventioun iwwert d'„rights of persons with disabilities" ze ratifizéieren?

Da wollt ech net eng nächst Reflexioun, éischter eng Remarque zu deem Thema, deen och an der Demande vun der LSAP ernimmt ass, maachen, de Projet „La Cordée", an deem senger Evaluatioun. Dat ass e Projet, dee liest een notamment am Koalitiounsaccord, et héiert een och e bësselchen, wann ee sech dann och informéiert, wann ee sech dann och op d'Sich mécht, fir dee Projet dann ze gesinn, zumindest ze liesen.

Dee Projet ass e Projet, deen op jiddwer Fall bis elo net offiziell eng Kéier hei an der Chamber presentéiert ginn ass, ausser mir Gréng hätten dat net matkritt. Meng Froen an dësem Kontext un déi zoustänneg Ministesch: Gedenkt d'Madame Minister dëse Projet, dee schlussendlech mat senger Bilanzéierung am Koalitiounsaccord steet, eng Kéier an där zoustänneger Kommissioun ze presentéieren? A wann e Bilan gemaach ginn ass, wéini gëtt dëse Bilan an der zoustänneger Kommissioun presentéiert? Wéi gedenkt d'Madame Ministesch dëse Projet, an och vläicht deen dozougehéierende Bilan, dem Secteur a senge Gestionnairen ze presentéieren, alleguerten? Wëllt d'Madame Minister d'Gestionnairë voire d'Partenaires sociaux ëm hiren Avis dozou froen? Well soss musse mer wuel festhalen, datt dëse Punkt vum Koalitiounsaccord net ëmgesat konnt ginn, an da wier ons Demande un d'Madame Ministesch, dee Moment dann och Erklärungen dozou ze ginn.

Zum Schluss eng véiert a lescht Reflexioun zur Schoulreform an der Integratioun vun de Behënnerungen an de Besoins spécifiques. D'Schoulreform ass de Moment hei schonn e puermol genannt ginn. Mir Gréng sinn der Meenung, datt an dëser Schoulreform, déi virun e puer Wochen an dëser Chamber gestëmmt ginn ass, verpasst ginn ass sech och gläichzäiteg Gedanken ze maachen iwwer Kanner mat spezifesche Besoinë voire iwwer Kanner mat Behënnerungen, iwwer eng fundamental Reform vun der Éducation différenciée an iwwer hir Vernetzung a Kollaboratioun mat der sougenannter normaler Schoul.

Au contraire, d'Éducation différenciée ass vläicht souguer bewosst aus der Schoulreform erausgehale ginn. Dat war och e wichtege Punkt, wou mäi Kolleeg Claude Adam drop agaangen ass, e wichtege Punkt, dee mir als Gréng net konnten hinhuelen. Eng Jorhonnertreform vun der öffentlecher Primärschoul, déi kee Wuert verléiert iwwer Kanner a Jugendlecher, déi speziell Besoinen hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eigentlech schléisst sech hei de Krees op eng dramatesch Manéier. Wéi solle mer herno um Aarbechtsmaart, sprich um éischten Aarbechtsmaart, an iwwerhaapt an onser Gesellschaft, en Zesummesinn vun alle Mënsche promouvéieren, wa mer dëst net schonn am jonken Alter an der Schoul erliewen? An der Schoul, do wou ons Kanner léiere fit ze ginn, wou se fir hiert zukünftegt Aarbechtsliewe léieren, awer och léieren, fir herno an der Gesellschaft eens ze ginn. Wéi solle se dat maachen, wa mer net schonn op dësem Schoulniveau eng parfaite Harmonie hunn? Dat heescht, mir hunn op deem Schoulniveau schonn eng parfaite Segregatioun tëscht alle Spezifissitéiten.

Net onbedéngt jiddwereen an déiselwecht Klass integréieren, mä Synergië schafen, gemeinsam Punkten an Aktiounen entwéckelen, Interaktioune virgesinn, dat wier d'Flicht vun enger Bildungsreform gewiescht, déi zukunftsorientéiert gewiescht wier. Wat net fréi geléiert gëtt, wat net fréi versicht gëtt zesummenzebréngen, wat een net am jonken Alter fördert, gëtt herno schwéier ëmzesetzen.

D'Zesummeliewen an d'Zesummeschaffe vun alle Mënschen, déi mat méi oder déi mat manner spezifesche Besoinen - well jiddwereen huet Besoinen, a jiddwereen huet iergendwann och spezifesch Besoinen -, ass eng vun de ganz wichtege Bildungsflichte vun onser öffentlecher Schoul, an déi Chance ass verpasst ginn, a mat deem Saz wëll ech och ophalen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci Madame Loschetter. Den nächste Riedner ass den Här Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Mënsche mat Behënnerung gehéieren an d'Mëtt vun eiser Gesellschaft. Fir d'ADR zielt de Prinzip, datt all Verbesserungen, déi de Behënnerten zeguttkommen, sech positiv op eis Gesellschaft auswierken an als e Bäitrag musse gëllen zu enger wierklecher sozialer Integratioun.

D'ADR besteet och duerfir op d'Verwierklechung vun der Charta vum Europarot aus dem Joer 1996, an där festgehale gëtt, datt all behënnert Persoun e Recht op Autonomie, sozial Integratioun an op eng Bedeelegung um gesellschaftleche Liewen huet. Doriwwer eraus verlaange mir als ADR, datt d'UN-Konventioun vum 12. Dezember 2006, déi Lëtzebuerg den 30. Mäerz 2007 ënnerschriwwen huet, esou séier wéi méiglech soll ratifizéiert ginn. Dat ass och scho vu Virriedner vu mir de Mëtten hei gesot ginn. Als Konsequenz hätt dat, datt Lëtzebuerg sech vis-à-vis vun alle behënnerte Persoune verflicht all Gesetzestexter no der Konventioun auszeriichten an datt all Diskriminatioun opgrond vun enger Behënnerung muss verschwannen.

Här President, och wann dës Konventioun hei zu Lëtzebuerg nach net vum Parlament ratifizéiert ass, mengen ech kann een a muss een awer soen, datt d'Kritäre vun där Konventioun hei zu Lëtzebuerg awer respektéiert ginn um politesche Plang, an dat net eréischt vum Dag vun der Konventioun un, mä, ech géif soen, scho laang virdrun.

Och wa mer haut hei diskutéieren, datt nach dat eent oder dat anert muss op deem Niveau geschéien, wat eis behënnert Matmënschen ubelaangt, musse mer awer och festhalen, datt hei zu Lëtzebuerg an deene leschte Jorzéngte vill Positives an deem Domän geschitt ass, datt vill doranner investéiert ginn ass an datt haut villes eng Normalitéit ass, wat virun 20, 30 Joer nach anormal - esou géif ech soen -, souguer net virstellbar war.

Virun 30, 40 Joer si vill vun eisen handicapéierte Matmënsche verstoppt ginn, oder et ass emol guer net gesot ginn, datt där an eiser Gesellschaft géife liewen. Haut ass et awer Gott sei Dank zu enger Normalitéit ginn. Enger Normalitéit, wou mer als Gesellschaft e grousse Schratt gemaach hunn, wou mer awer ëmmer erëm mussen derzou bäidroen, fir déi Leit an eis Gesellschaft ze integréieren.

Et ass de Mëtten hei vu Verschiddene geschwat ginn, déi gesot hu wat an hire Gemenge geschitt ass. Ech wëll och vläicht e Beispill virdroen, datt eng Gemeng wéi Fréiseng eng Gemeng war, déi um sozialen Niveau net vill Problemer hat. Ech war 30 Joer an där Gemeng politesch aktiv. An iwwer 30 Joer huet den Office social vun där Gemeng praktesch keng Dépensë gehat. Et ass also eng Kategorie vu Leit, déi do gewunnt hunn, déi op engem Liewensniveau stoungen, déi net hu brauchen op eng Gemeng ze kommen, fir Suen ze kréien.

Virun enger Rei vu Joren ass den deemolege President, den Här Benny Berg, haut huet de Kolleeg Lucien Thiel déi Fonctioun, vum Kräizbierg komm, fir do an der Gemeng e Fleegeheim fir handicapéiert Matmënschen ze bauen. Mir hunn als Gemeng deemools alles gemaach, fir datt dat zustane komm ass. Bei der Aweiung hunn ech gesot, datt ech frou war, datt all Leit aus der Gemeng déi Démarche begréisst hunn. Net een Eenzegen huet sech kritesch vis-à-vis dovu geäussert, datt esou Leit matzen an enger Gesellschaft géife liewen. Ech hunn deemools op der Aweiung gesot, datt am Fong eis Gesellschaft vun deem Dag un elo eréischt komplett ass, wou all Mënschen aus eiser Gesellschaft do vertratt sinn.

D'Integratioun vun deenen handicapéierte Matmënschen an eng Gesellschaft muss dat Normaalst sinn. Mat där néideger Hëllef a mat deem néidege Gefill, fannen ech och haut, datt dat eng Normalitéit ass. Duerfir ass et och wichteg, datt ee vun de Punkten deen ass, datt mer an de Schoulen - dat ass och vu menger Virriednerin gesot ginn hei - déi handicapéiert Matmënschen am normale Schoulsystem mat integréieren.

Déi Jugendlech mussen direkt geléiert ginn, datt et net nëmme schéi Säiten op eiser Welt ginn, mä datt och Leit do sinn, déi eng Behënnerung hunn an déi zu eiser Gesellschaft gehéieren an duerfir och an eis Schoule gehéieren, fir datt se zesummen opwuessen. Och do maache mir Exercicer, datt mer mat de Schoulkanner an d'Fleegeheem vun den Handicapéierte vum Kräizbierg ginn, an ëmgedréint och déi Leit an eis Schoule mat eranhuelen, wat zwar keng Jugendlecher sinn, mä an d'Aktivitéite vun de Schoulen, an d'Duerffester, an d'kulturell Fester, an d'reliéis Fester iwwerall mat abezéien. Da gesäit een op eemol, datt dat en Zesummeliewe gëtt, wat dat Normaalste vun der Welt ass, wa jiddweree säi Bäitrag derzou leescht.

Ech muss lech soen, Här President, datt ech am Fong nëmmen haut den Titel gelies hat vun der Interventioun, déi de Mëtten hei gemaach ass, an net den Detail, wou hannendru stoung, datt et sech méi ëm d'Integratioun op der Aarbechtsplaz géif abauen. An deenen zéng Minutten, déi hei stinn, wëll ech och duerfir méi allgemeng prinzipiell Iwwerleeungen hunn. Well wa mer vun enger Integratioun op den Aarbechtsmaart vun de behënnerte Matmënsche schwätzen, dann ass dat och nëmme méiglech, wann d'Ëmfeld ronderëm stëmmt, datt se och kënnen nieft där normaler Aarbechtswelt liewen a fonctionnéieren.

Dat geet doheem un, wou se wunnen. Do mussen all Effortë gemaach ginn, datt déi Leit och kënne souwäit wéi méiglech selbststänneg wunnen. Wann dat net méi geet, musse mer se an déi eenzel Institutiounen integréieren, wou mer jo hei am Land och vill där Haiser hunn.

Problemer hunn déi Leit scho ganz dacks, wa si sech wëllen en Eegenheem schafen, datt se zum Beispill keng Liewensversécherunge kréien, oder wa se sech wëllen zousätzlech Krankekeeseversécherunge maachen, datt si déi och net kréien. Hei si mer der Meenung, datt de Stat och hei misst en Effort maachen, esou wéi mer bei anere Plaze staatlech Garantien huelen, fir déi Garantien ze ginn, datt déi Leit och kéinte Liewensversécherunge maachen, oder fir sech ebe besser kënne gesondheetlech ofzesécheren.

Et ass och de Mëtten hei ugeschnidde ginn, datt mer scho Gesetzer hunn, mat deene mer verflicht sinn all öffentlech Gebaier handicapéiertegerecht ze maachen. Trotzdeem datt d'Gesetz besteet, gëtt et nach e groussen Nohuelbedarf. Hei géife mir proposéieren, datt souwuel de Stat wéi d'Gemenge sollen Inventarer maache vun hiren Infrastrukturen an dorobber emol festhale wat nach alles net handicapéierten- oder rollstullgerecht aménagéiert ass, fir datt een emol eng Lëscht kritt. Wann eng Lëscht géif bestoen, da géif dat och bewierken, datt jiddweree géif versichen esou séier wéi méiglech vun där Lëscht erofzekommen an dat gerecht ze maachen.

Mir wësse jo, déi lescht Deeg sollte mir och op eng Lëscht kommen; wat mer alles gemaach hunn, fir net op eng Lëscht ze kommen. Et kéint een och hei eng negativ Lëscht maachen, souwuel beim Stat wéi bei de Gemengen.

Mä och nieft dem Öffentlechen, mengen ech dat Privat. Ob dat elo Wunnenge sinn. Vill Leit baue Wunnengen. Och do soll jiddwereen emol selwer drun denken. Wann iergendwéi d'Leit eng Kéier al ginn oder en Handicap kréien, da kënne se an hirer eegener Wunneng dacks net méi liewen, well se an der Jugend am Fong eng Konstruktioun gemaach hunn, oder vun engem Architekt sech se opschwätze gelooss hunn, wou se spéider hir Problemer kréien, amplaz datt och Leit, wa se bauen, selwer u verschidde Saachen denken. Wann een nei baut, gëtt et net méi deier, mä et kann awer herno méi praktesch sinn.

Mä och Geschäfter, Aarbechtsplazen, och Saache wéi Bancomaten, Ticketsautomaten, Tëlefonskabinen, Keesen, Luuchten: Alles dat misst d'office ouni Diskussioun behënnertegerecht gemaach ginn.

Da soll et och eist Zil sinn, fir e Mëschsystem an de Wunnengen ze hunn. Mir hunn zum Beispill bei Gemenge Mëschsystemer gemaach, wou mer eeler Leit a jonk Leit zesummekréien. Mä och genausou sollt een, wann een esou Investitiounen an déi Infrastrukture mécht, higoen an Investitioune maachen, datt och handicapéiert Leit do kënne matschaffen.

Den öffentlechen Transport. Et gëtt villes gemaach, mä loosse mer éierlech sinn: Et ass awer praktesch nach ëmmer onméiglech fir handicapéiert Leit, fir sech mam öffentlechen Transport ze bewegen, sief dat, datt se an d'Bussen, d'Zich eran oder eraus musse kommen, oder d'Quaien ze déif oder ze héich sinn, op jidde Fall ze wäit ewech, op jidde Fall net richteg wéi se misste sinn.

Wat mer dann och solle kucken - dat ass méi de spezifeschen Thema vun de Mëtten, mä meng Zäit leeft schonn esou lues of -, dat ass, fir déi Leit sollen an den Aarbechtsmaart ze integréieren, an net zu de Leit ze soen: Mir setzen lech a Strukturen eraus. Oder: Mir setzen lech an eng Rent.

Datt do de Stat säin Effort bis elo ganz gutt gemaach huet, d'Gemenge sécherlech nach net an hirem Mooss, wéi dat muss sinn. Et ass och bei klenge Gemengen, déi nëmme puer Leit beschäftegen, schwéier, fir dee Prozentsaz ze erreechen, mä et ass ëmmer méiglech Leit doranner ze kréien. Mir mussen also och kucken, datt mer déi Betriber aus dem Privatsecteur méi ënnerstëtzen, nach méi hëllefen, méi beroden, wéi si där Leit kënne bei sech asetzen.

Et ass och kloer, datt de Stat haut a ville Betriber selwer mat dran ass. En ass selwer Patron a ville private groussen, fir net souguer ze soe ganz grousse Betriber. Hei misst de Stat jo awer och d'Moyenen hunn, wann en an déi Betriber investéiert, oder déi Betriber him gehéieren, datt de Stat dann och do zu deene Betriber seet, datt déi missten hirer Obligatioun nokommen a méi där handicapéiert Matmënschen do astellen.

Här President, et wär nach villes ze soen, mä meng Zäit ass ofgelaf. Ech wëll lech duerfir Merci soe fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Här Jaerling, wann ech gelift?

Une voix.- Nach ass den Här Jaerling do.

M. le Président.- Här Jaerling, Dir waart net agedroen. Ech entschëllege mech.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Merci, Här President. Ech muss mech hei ëmmer duerchsetzen, fir bis bei d'Pult ze kommen. Mä ech si jo awer gewiichteg genuch, fir mech kënnen duerchzesetzen.

Här President, ech hunn - an d'Madame Ministesch weess et -, wann et ëm Chancëgläichheet geet, ëmmer erëm gesot, dass Chancëgläichheet net nëmmen zwëschent Mann a Fra ze bestoen huet, mä Chancëgläichheet ass eppes, wat an eiser Gesellschaft all Mënsch soll zegutt kommen. Zu deene Mënsche gehéieren och déi Handicapéiert an och déi Behënnert. Dat soll net nëmme fir d'Aarbechtsplaz gëllen, mä dat soll allgemeng gëllen.

Wann elo… Hei ass de Problem vun der Aarbechtsplaz ugeschwat ginn. E gréissere Problem op der Aarbechtsplaz ass natierlech dee vun der Ergonomie. Dat heescht, d'Upasse vun der Aarbechtsplaz am Fong och un den Handicap vun deene Leit, déi mer dann do wëlle beschäftegen.

Do stellt ee souguer an de Gemengen oder iwwerall an deenen öffentleche Gebailechkeete ganz oft fest, dass do déi Ergonomie, déi gebraucht gëtt fir déi Behënnert, fir dass déi sech kënnen normal bewegen, emol net ginn ass an dass et och schwiereg ass a laang dauert ier déi Upassunge gemaach ginn. Dat wär schonn un alleréischter Stell eng Prioritéit, déi misst gesat ginn, fir et an den öffentleche Gebaier emol esou unzepassen, dass déi Behënnert sech kënne fräi bewegen an och kënne schaffe wéi déi aner Leit och. Et ass nach net iwwerall esou.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Wann ech awer vu Behënnerte schwätzen, wëll ech einfach emol soen: Mir hunn Handicapéierter, déi mer wëllen an d'Aarbechtswelt erabréngen. Mä mir hunn awer och Behënnerter, déi schonn an der Aarbechtswelt sinn, déi sief duerch en Handicap, duerch en Accident oder iergendeppes net handicapéiert sinn, mä awer behënnert sinn, dass se och Moyenë brauchen, fir sech kënne fräi ze bewegen.

Mir hunn och eeler Leit, déi behënnert sinn, déi sech musse kënne fräi bewegen. Do kéinten awer besonnesch d'Gemengen zum Beispill hëllefräich agräifen. Wann ech gesinn a wéi vill Gemengen dass emol d'Trot-

toire bei de Stroosseniwwergäng nach ëmmer Ofsätz hunn, anstatt dass se gläichgezu ginn, fir dass déi gehbehënnert Leit kënne besser iwwert d'Strooss goen, oder d'Beliichtung bei de Foussgängersträifen, da wäre vu Säite vun de Gemengen nach eng ganz Rei Aarbechten ze maachen.

Dat wären awer Aarbechten, déi, besonnesch elo an dësen Zäiten, wou net vill Aarbecht do ass, vläicht kënnen dann och prioritär ugaange ginn an och de Mëttel- a Klengbetriber vläicht zousätzlech Aarbecht verschafen.

En anere Problem, deen ass, dat ass och natierlech bei de Leit doheem vläicht d'Moyenen ze schafen, fir dass se doheem sech kënnen ariichten, net nëmmen déi Handicapéiert, mä och déi Leit, déi vläicht net esou behënnert sinn, dass een do soll Moyenë schafen, dass déi sech och kënnen doheem besser bewegen.

All dat sinn Iwwerleeungen. Ech weess, dass mer déi an der Kommissioun scho méi wéi eng Kéier diskutéiert hunn. Ech weess och, dass schonn eng Rei Propositioune vu Reglementer oder vu Gesetzer do sinn, mä et wär awer wichteg, wann do an dësem Beräich eng Rei Prioritéite géife gesat ginn.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. D'Madame Minister Marie-Josée Jacobs huet fir d'éischt d'Wuert. Duerno kënnt den Här Minister Biltgen.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi, déi am meeschten hei diskriminéiert sinn, dat ass d'Regierung, well de Minister Biltgen an ech, mir hunn zesummen 20 Minutten Zäit fir op alles dat hei ze äntwerten, wat de Mëtteg gesot ginn ass. Dofir entschëllege mer eis ewell am Viraus, wa mer elo op eng oder déi aner Fro net geäntwert hunn; net well mer net wollten, mä well mer dann einfach d'Zäit net haten.

Ech sinn awer frou, datt den Här Schreiner de Mëtteg hei déi Debatt lancéiert huet, well et eng Geleeënheet gëtt, fir awer op eng Rei vu Punkten - wa mer och net op se alleguerte konnten agoen - ze äntwerten.

Et ass hei gefrot ginn no der UNO-Konventioun vun enger ganzer Rei vu Leit. Mir hunn d'UNO-Konventioun fir behënnert Leit ënnerschriwwen, mä si ass net ratifizéiert. Dat heescht awer net - an dat hunn och verschidde Riedner gesot -, datt mer eis dofir net géifen dorunner halen. D'selwecht fir och dat, wat aus der Europäescher Unioun respektiv och vum Conseil de l'Europe kënnt. Ech denken zum Beispill un d'Antidiskriminatiounsgesetz op Basis vun enger EU-Direktiv, wou selbstverständlech och déi behënnert Leit drënnerfalen.

An deene bestehende Gesetzer a Reglementer sinn ebenfalls déi europäesch Virschréften ugefouert an agefouert ginn, zum Beispill och wat d'Reesen ubelaangt; ob dat als eenzel Persoun, als Grupp, mam Fliger, mam Schëff oder mat der Eisebunn ass.

An och dat ass hei gesot ginn: Mir hunn 1997 en Aktiounsplang gemaach fir behënnert Leit. Et wier sécher sënnvoll e Bilan ze maache wat aus deem Plang ëmgesat gouf. Eng ganz Partie ass ëmgesat ginn, wéi zum Beispill d'Gesetz iwwert d'Accessibilitéit, wéi zum Beispill d'Gesetz fir d'Travailleurs handicapés an eng ganz Rei anerer. Mä ech denken, datt et gutt wier, fir dat nach eng Kéier sech virzehuelen an dann och ze kucke wat fir eng Prioritéiten datt een dorobber kéint festschreiwen; och opgrond vun den internationale Konventiounen an och den Aktiounspläng.

Mir hunn als Familljeministère déi aner Ministërë gefrot hir Observatiounen zur Lëtzebuerger Gesetzgebung fir d'UNO-Konventioun ze maachen. D'Madame Loschetter hat geschwat vun engem generelle Gesetz, wat mer solle maachen. An dat ass ebe just d'UNO-Konventioun ëmzesetzen, well do alles drënnerfält, net nëmmen deen een Deel oder deen aneren Deel, mä datt mer also elo dorobber waarden, datt mer vun de Kolleegen Äntwerte kréien an dann dorobber e Gesetzesprojet kënnen ausschaffen.

An der UNO-Konventioun geet et drëm de Grand public ze informéieren an ze sensibiliséieren iwwert d'Situatioun vu Leit mat enger Behënnerung, iwwert de positive Beitrag - an dat ass de Mëtteg méi dacks och hei gesot ginn - vu Leit mat enger Behënnerung fir d'Gesellschaft, eng gemeinsam Campagne ze maache mat de Leit oder awer hire Vertrieder, déi eng Behënnerung hunn.

Do hu mer en Aarbechtsgrupp agesat, an d'Regierungen engagéiere sech eng administrativ Coordinatioun ze maachen, fir d'Ëmsetzung vun der Konventioun an och déi verschidde Secteuren an och op deene verschiddenen Niveauen ze erliichteren.

Wa mer iwwer Integratioun a Participatioun schwätzen, da betrëfft dat all Mënsch, egal och wéi een Handicap datt en huet: ob dat am Privatliewen ass, ob dat am öffentleche Liewen ass, op der Aarbecht, an der Schoul, am Sport, ob dat d'Fräizäit oder d'Kultur ass.

Et ass kloer, ëmmer, wa mer iwwer Behënnerter schwätzen - hunn ech esou dat Gefill -, datt mer besonnesch géifen iwwer Leit schwätzen, déi mobilitéitsbehënnert sinn. Mä déi Leit, déi blann sinn, hunn natierlech ganz aner Demanden, déi sech stellen. Déi brauche Brailleschréft, déi brauche Sproochen, déi geschwat ginn, fir datt se wësse wou se higinn a wat se maachen.

Bei deene Leit, déi daf sinn oder gehörlos sinn, ass et aneschters. Déi brauche Schëlder, wou drop geschriwwen ass. Déi brauchen Zeechesprooch, wou se ëmmer méi froen a wou mer awer wëssen, datt dat och zu Lëtzebuerg net einfach ass, well mer op där enger Säit an der Logopedie däitsch léieren. Mir hu vill Leit hei zu Lëtzebuerg, wou d'Elteren awer nëmme franséisch oder portugisesch schwätzen. Wann hir Kanner dann däitsch léieren, ass dat e Problem.

D'selwecht fir déi Traducteuren, déi op Lëtzebuerg kommen, déi ganz dacks Däitscher sinn. Déi solle mat Leit bei d'Doktere goen, d'Dokteren awer franséisch sinn. Ech wëll lech nëmme just e puer Punkte soen, datt et ëmmer liicht ass, fir ze soen: Dir musst hei an Dir musst do. Mä wann Der lech dann emol ëmkuckt, dann ass dat alles ëmmer e bësselche méi komplizéiert wéi esou. Mir sinn awer frou, datt mer an der Konventioun mat RTL duerchgesat hunn, datt mëttlerweil och geschriwwen Ënnertitele kommen, fir och domadder deene Leit entgéintzekommen.

Bei enger Bevölkerungszuel vu 450.000 Leit huet een all Forme vu Behënnerungen: Leit mat enger liichter Behënnerung, awer och Leit mat geeschteger a kierperlecher Behënnerung, mat rare Krankheeten, déi behënnerend sinn, Leit mat ganz schwéierer Behënnerung a mat mehrfach Behënnerung, déi geeschteg a kierperlech kënne sinn. Eng Partie vun deenen Onkäschten - an dat war eng vun de Froe vum Här Berger -, well se selbstverständlech ënnert d'Fleegeversécherung falen, gi jo doriwwer iwwerholl, wat ebe just mat deem Deel vun hirer Behënnerung bäidréit.

Leit mat der Behënnerung ginn och ëmmer méi al. Dat ass och hei gesot ginn elo grad. Mir hunn an deene leschte Joren Haiser och fir eeler behënnert Leit ageriicht, zum Beispill justement zu Fréiseng, mä och zu Esch. Nei Projete sinn amgaang ze entstoen, fir datt och behënnert Leit an déi normal Centre-intégréen opgeholl ginn an en eegene Grupp. Also, Dir gesitt och, datt do eng ganz Partie vun Evolutioun stattfënnt.

Wann d'Integratioun vu behënnerte Leit eis wierklech seriö gemengt ass, da musse mer och alles maachen, esouwäit wéi et méiglech ass, fir datt se kënnen am normale Liewensraum bleiwen. Ech sinn domadder d'accord, fir ze soen, datt eng Partie och vun de Kanner, wann een et net fäerdeg brëngt fir d'Kanner an de Klassen ze loossen, datt ee wéinstens misst kucken, datt een d'Édiff kéint integréiert kréien an normal Schoulgebaier, wou déiselwecht Pausenzäite wieren, wou déiselwecht Schoulzäite wieren, ebe just aus deene Grënn, déi och hei opgezielt si ginn, fir datt eng ganz Partie vun deene Kanner och an de Pause kënne profitéieren, deen ee vun deem anere léieren, deen ee mat deem aneren och Kontakt ze hunn.

Mir sinn och frou fir behënnert Kanner an d'Crèchen an an d'Maison-relaisen opzehuelen. D'lescht Joer wore 50 behënnert Kanner eleng an de Crèchen. Mir stellen awer ëmmer erëm fest, datt Elteren, déi Kanner mat engem Handicap hunn, e grousse Besoin un Informatioun an Orientatioun hunn an do dacks an der Koordinatioun zwëschent deene verschiddene Servicer an Hëllefe Schwieregkeete fir d'Eltere kënnen entstoen.

Dann däerf een och net vergiessen, datt och an enger Famill nach aner Besoinë kënne sinn, zum Beispill dee Moment wou aner Kanner an der Famill dra sinn: Wéi ginn déi à charge geholl? D'Mamm oder de Papp, déi hir Aarbecht opginn an domadder eng Pai manner do ass. Wat sinn déi Auswierkunge fir déi ganz Famill?

Mir haten effektiv de Projet vun der Cordée, wou et drëm gaangen ass, fir besonnesch ze kucken, fir fir all Kand en eegenen Dossier ze maachen, fir ze wësse wien d'Kand à charge geholl hat, wini et à charge geholl gouf a wéi laang. Dorop ass d'Fro opkomm, ob een en eegene Service fir d'Orientatioun, d'Informatioun an d'Koordinatioun soll maachen. Nodeems mer awer d'Gesetz elo iwwert d'Aide à l'enfance gestëmmt hunn, sinn ech der Meenung - dat hat ech net mat engem anere bis elo diskutéiert, mä ech denken awer -, datt, wa mer iwwer Integratioun an Normalitéit schwätzen, et normal wier, datt och déi Kanner géifen à charge geholl ginn iwwert den Office national de l'enfance; allerdéngs dann natierlech mat deene kompetente Leit, déi fir dës Aufgab och gebraucht géife ginn.

Wa bis elo déi behënnert Kanner dacks an hirer Famill bliwwe sinn, stelle mer awer och fest, datt ëmmer méi jonk behënnert Leit d'Recht sech froen, fir onofhängeg an autonom ze sinn. Dofir kommen eng ganz Rei vun Haiser, déi fonctionnéieren, wou Leit mat Behënnerungen zesumme liewen an ee Suivi vun den Organisatioune gemaach gëtt, wou déi Leit am Dag schaffe respektiv an Dagesfoyere sinn. Sécherlech wäerten an deenen nächste Joren nei Projete vun engem autonomen oder semi-autonome Logement derbäikommen.

Accessibilitéit a Mobilitéit spillen eng wichteg Roll. Dofir ass och d'Gesetz vun 2001 iwwert d'Accessibilitéit enorm wichteg fir öffentlech Plazen, fir öffentlech Gebaier, mä awer och op dem Wee fir dohinner.

Doriwwer eraus stellt sech d'Fro, ob een dat elo am private Raum…

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

…zum Beispill oder a Geschäfter kéint maachen, an zum Beispill och a Kinoe kéint maachen. Et ass och richteg hei gesot ginn, datt, wann een dat direkt vu virera mécht, da kascht dat net esou vill méi deier, mä et muss een einfach drun denken. Dat ass eppes, wat an eiser Kultur dra feelt, datt mir d'Haiser eben net esou plangen, datt mir d'Gebaier net esou plangen, well et géif am Fong jidderengem d'Liewe méi liicht maachen.

Dir kritt bei Info-Handicap en Dossier fir d'Architekten, fir déi si se haaptsächlech a fir d'Leit aus de Baubetriber, mat gudden a schlechte Beispiller dran. Och d'ADAPT beréit, informéiert a forméiert, zum Beispill d'Eisebunn oder och bei der neier Aerogare.

Mir hunn dann eng Partie vu Labelen, wéi zum Beispill den „Euregio for all", wou mir oft an Zesummenaarbecht mat eisen Nopeschlänner an deene leschte Jore geschafft hunn. Mir hunn zum Beispill zu Lëtzebuerg néng Muséeën, déi de Label hu vun der Accessibilitéit, gradesou wéi 15 Hotelen a siwe Restauranten. Et ass awer ganz gutt méiglech, datt et der doriwwer eraus nach gëtt, mä déi dote kenne mer, well se eben de Label hunn.

An dëser Legislaturperiod hu mer jo d'Gesetz gestëmmt iwwert den Zougang vu Begleithënn, déi behënnert Leit begleeden. Ech denken, datt domadder och eng grouss Autonomie fir eng ganz Partie vun hinnen entstanen ass.

Accessibilitéit brauche mer awer och fir déi nei Technologien, zum Beispill bei de Computeren, dass se méi grouss Tasten hunn, fir datt d'Leit da besser kënnen dorobber schaffen.

Bei der Mobilitéit wëll ech un dee flotte Projet erënnere vum Novabus, wou ech wëll dem Transportminister och Merci soe fir seng spontan Bereetschaft, déi Iddi finanziell ze ënnerstëtzen. Den Ausgang wou erblannte Leit kommen, mä en ass awer och elo fir all behënnert Leit e wichtege Schrëtt, zum Beispill, wa si wëlle bei den Dokter goen, mä awer och fir hir Fräizäit, fir a Concerten ze goen, an Ausstellungen ze goen, an iwwerhaapt fir méi Liewensqualitéit ze hunn a manner isoléiert ze sinn.

Et ass och gefrot ginn iwwert den neie Modell vun der Finanzéierung fir d'Dagesservicer. Mir sinn amgaang op de Wee vu Forfaiten ze goen, amplaz wéi bis elo vun der Villbedarfsfinanzéierung, wou mer d'Poste bezuelt hunn. Déi Aarbechte sinn amgaang, mä dat wäert nach zwee Joer Zäit brauchen, bis mer dat awer ëmgesat hunn.

Iwwert deen Deel op dem Aarbechtsmaart, deen eppes mat mir ze dinn huet: Mir si virun allem zoustänneg iwwert den FNS fir d'Akommes vun de schwéier behënnerte Leit, dat wéi gesot d'Héicht vun dem RMG huet,…

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

…wou een awer d'Konditiounen net brauch ze erfëlle vun dem RMG, zum Beispill datt de Revenu de remplacement net gekuckt gëtt vum Akommes vum Rescht vun der Famill. Déi behënnert Persoun, wa si zum Beispill duerch eng Ierfschaft Geld kritt, brauch och net déi Suen erëmzebezuelen, soulaang wéi si lieft, mä de Fonds de Solidarité kann herno déi Gelder rechtens maachen, wann déi Persoun dout ass, bei hirer Ierfschaft.

Nach zu enger vun deene Propositiounen, vun där mir de leschte Freideg diskutéiert hunn. Ech wëll all deenen, déi esou opgereegt waren, well mer de leschte Freideg an der Regierung doriwwer geschwat hunn, soen: Déi, déi dra waren, wëssen, datt een net heihinner kënnt, wann een net emol wéinstens mat de Kolleegen am Virfeld sech doriwwer beroden huet.

Mir hu festgehalen, datt zum Beispill déi Leit, déi de Revenu pour personnes gravement handicapées kréien, net de Complément vum Loyer kréien, wat awer kann e grousse Problem fir si duerstellen. D'Regierung proposéiert, wa mer dann dat Gesetz nei schreiwen, datt mir dat dann och...

Ech kann net laang schwätzen, well de François Biltgen huet nach zéng Minutten Zäit, an ech hu meng Zäit elo eriwwer, also et ass eben net aneschters. Duerfir…

(Interruptions)

Jo, et ass alles eng Course contre la montre.

Duerfir mengen ech ewell, datt et wichteg ass, datt een och do kuckt, wéi mir eis an deenen nächste Joren domadder besser kënnen auserneesetzen.

Ech sinn d'accord och mat deene Froen iwwert d'Ausbildung, wou ech awer och wëll soen, datt dat och net ëmmer esou einfach mam Ausland ass, wéi dat hei esou kléngt. All déi Leit, déi am Ausland an de Schoule sinn, déi kréien och e Certificat, deen een aneren ass wéi an den normale Schoulen.

An ech wëll och der Madame Frank soen, datt Bitburg en europäesche Projet ass. Mir brauchen net een an der Groussregioun nach ze kréien, do hu mer een. Ech mengen, datt et eppes ass, wat mer bis elo hunn a wat vun de Lëtzebuerger net ëmmer esou genotzt gouf, well och do net ëmmer déi Formatiounen ugebuede goufen, déi fir eisen Aarbechtsmaart déi waren, déi mir wollten.

Ech sinn e bëssen erstaunt iwwer verschidde Saachen, déi ech héieren hunn iwwert d'Ateliers protégés, wou ech awer wëll soen, datt déi Leit awer nu wierklech Saache maachen, déi fir eis Gesellschaft sinn an an der Gesellschaft gebraucht ginn. Dat geet u beim Gebitz bis Dréckereiaarbechten, Bauerebetriber, Holz- an Eisenatelier, Bäckereien, Seef, Konscht, Kultur, mä awer och Restauranten, bis zur Gestioun vum Märchepark.

Ech menge wierklech, datt dat awer Leit sinn, déi sech ganz vill afale loossen an och ëmmer erëm Neies afale loossen, wou mir als Familljeministère zoustänneg si fir de Bau an den Équipement vun deenen Ateliers protégés.

Generell kënne mer feststellen, dass d'Finanzsituatioun vu quasi alle behënnerte Leit regulariséiert ass zënter dem Gesetz vun 2003, eng Kéier iwwert den Aarbechtskontrakt, deen den Här Biltgen mécht, an op där anerer Säit de Revenu pour personnes gravement handicapées.

Et bleiwen nach ongeféier 50 Leit, déi ëm en doucen Iwwergank vum Gesetz vun 2003 gewënscht hunn, meeschtens doduerch, datt si eng onstabil Gesondheet haten, zum Beispill och Psychosen derbäi waren. 2008 goufen iwwert d'ADEM 299 Dossieren an den FNS virugi fir de Revenu pour personnes gravement handicapées. 2008 am Dezember waren et 1.300 Bénéficiairen, déi dee Revenu pour personnes gravement handicapées haten, 40% vun hinne ware geeschteg behënnert, 23 kierperlech, ee sensoriell, a 36 Leit ware psychesch behënnert, wat am Ganzen 14.922.000 Euro de Stat kascht huet.

Ech wëll mech och deene Mercien uschléisse fir all déi Leit, déi sech Dag fir Dag mat vill Engagement a Professionalitéit, mä awer och mat Häerz fir behënnert Kanner, grouss an eeler Leit mat enger Behënnerung asetzen, doheem, op der Aarbecht, am Foyer, mä och an de Ministèren, an de Verwaltungen. An ech géif besonnesch och

wëllen e grousse Merci soen un den Aarbechtsministère fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi mir mat hinnen an dësem Dossier hunn.

Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Jacobs. Den Här Aarbechtsminister François Biltgen huet d'Wuert.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Merci, Här President. Wann een iwwer Leit mat Behënnerung schwätzt, wollt ech emol froen: Wat ass iwwerhaapt eng Behënnerung?

Ech ginn dovunner aus, dass kee vun eis heibannen net och eng Behënnerung huet. An duerfir muss een och, wann ee wëllt op komplex Froen einfach Äntwerte fannen, sech d'Fro stellen, ob ee wierklech kann op komplex Froen einfach Äntwerte fannen, well et gëtt déi verschiddenst Zorte vu Leit mat Behënnerung. Et sinn déi, déi vu Geburt aus eng Behënnerung hunn. Anerer hunn hir Behënnerung duerch iergende Liewensaccident kritt. Déi eng hunn eng physesch Behënnerung, dat sinn zur Zäit 70% vun de Leit, déi e Statut hunn. 12% hunn eng psychesch Behënnerung - déi Zuel geet iwwregens an d'Luucht -, 10% eng geeschteg Behënnerung - déi Zuel geet erof -, an 8% eng sensoriell Behënnerung, ganz oft, datt si schlecht gesinn. Alles dat mécht et verschidden.

Déi Äntwert, déi mir ginn, ass e Statut, fir deen, dee wëllt schaffe goen oder an der Schaff ass an eng Behënnerung huet, fir deen ze schützen. Dat ass de Statut vum Travailleur handicapé.

Et gëtt awer ganz vill behënnert Leit, déi net kënne schaffe goen. Och dat solle mer net vergiessen, an do wëlle mir verschidde Saachen am Gesetz änneren. Dat huet eppes ze di mat dem Revenu pour personnes gravement handicapées, déi mer zwéngen, sech beim Aarbechtsamt anzeschreiwe bis ewell, ouni dass awer déi Leit nu wierklech kënne schaffe goen. Dat also wëlle mer änneren. 30% Behënnerung, dat ass eben déi Limite, déi een elo muss hunn, fir de Statut ze kréien.

Da musse mer kucken, dass déi Leit eng Schaff an eng Pai kréien. Dat war en Zil vum Gesetz vun 2003: Gitt de Leit eng Schaff, a gitt hinnen eng Pai vun op d'mannst dem Mindestloun. Si si manner produktiv wéi déi aner, mä sollen trotzdeem déi Pai kréien, an de Patron soll den Ënnerscheed vun der Produktivitéit kréien. E Patron, deen een astellt, deen de Statut de travailleur handicapé huet, kritt op d'mannst 40%, an dat geet dann erop bis 90%. Et kéint 100% sinn, dat ass awer e bësse méi rar.

Et ass also eng Zort Kombi-Loun, dee mer agefouert hunn. E bessere Kombi-Loun, fannen ech, wéi deen däitschen, well beim däitschen bezilt de Patron wéineg an de Salarié ka sech eppes siche goe bei d'Sozialämter, hei kritt de Salarié säi Mindestloun an de Patron kritt d'Differenz vun der Produktivitéit erëm.

Och do muss ee kucken: Déi eng si méi produktiv wéi déi aner. Déi eng hu méi initial Ausbildung wéi déi aner. Duerfir mengen ech, ass et och extrem wichteg, fir eben ze kucken, dass esou vill wéi méiglech Leit mat Behënnerung, notamment déi, déi se scho vu klengem un hunn, dass déi och gehollef kréien eng Formatioun ze kréien.

Duerfir geet et fir mech och net duer eleng ze soen, mir mussen d'handicapéiert Kanner integréieren an der Schoul mat deenen aneren. Et muss ee kucken, dass si erauskommen aus der Schoul mat enger Chance op eng Ausbildung a mat enger Chance, duerno op eng Schaff ze kommen. De Mindestloun ass eigentlech jo nëmmen d'minimal Basis. Mir hätte gär, dass vill Leit méi wéi de Mindestloun kréien, obwuel se Behënnerungen hunn. Och bei deene kritt jo de Patron gehollef.

Ech wëll grad wéi d'Madame Jacobs e bëssen hei mech verwonnert weisen iwwert dat Dépréciatiivt wat par rapport zu de sougenannten Ateliers protégés genannt gouf. Ech wär och frou, wa mer géifen dat Wuert, wat aus enger vergaangener Zäit kënnt, ofschafen, well et geet dorëm, dass déi Leit do schaffen. Mir hu jo ënner anerem deenen Ateliers protégés d'Oplag gemaach, eege Revenuen ze erwirtschaften, fir effektiv ze kucken, dass et net nëmme Beschäftegungstherapie soll sinn, déi do geschitt, mä dass versicht gëtt och produktiv ze schaffen, an de Leit elo net nëmmen ze soen, si géifen eng Pai kréien zum Schluss vum Mount, mä och ze soen: Du hues eppes geschafft, wat wäertvoll ass.

Dass dat vläicht an deem engen oder anere Fall nach auszebauen ass, wëll ech net a Fro stellen. Mir sinn och bereet, mat deenen eenzelnen Haiser ze diskutéieren, wéi mer vläicht dee Finanzmodus kënnen aneschters maachen. Mä d'Iddi war vun Ufank un, dass sollen eege Suen erwirtschaft ginn, ebe just fir dass do och eng seriö Schaff gemaach gëtt, déi eng wirtschaftlech Bedeitung huet. Ech weess awer, dass et ganz vill Haiser gëtt, déi do ganz gutt a ganz vill schaffen an déi och do eppes fäerdeg bréngen.

Natierlech kommen ech dann erëm eng Kéier drop zréck: Et ass méi schwiereg mat Leit, déi Autismus hunn, produktiv ze schaffen, wéi mat Leit, déi elo e klenge physeschen Handicap hunn. Dat alles muss ee mat a Considératioun zéien, wann een do déi Saachen ännert.

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Ech bieden lech! Da passt dach op! Här Minister, fuert virun!

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Jo. D'Zuele wëll ech iwwregens soen, de Bilan, deen hei verlaangt ginn ass, dat ass alles am Rapport d'activité vum Ministère nozeliesen, wat eis ubelaangt haaptsächlech. Dat, wat d'ADEM eraginn huet, och e groussen Deel, deen de Ministère selwer opgestallt huet. D'Zuele si folgend am Schnëtt fir 2008: 1.378 déi eng Schaff haten am Privatsecteur, 720 déi eng Schaff beim Stat haten, 170 déi eng Schaff bei de Gemengen haten, 762 déi eng Schaff an engem sougenannten Atelier protégé haten. Also ronn 3.000. Et kommen natierlech och nach fir 2008 bal 1.000 Leit derbäi, déi nach eng Schaff gesicht hunn an déi beim Aarbechtsamt ageschriwwe waren.

Déi Leit, déi e Revenu pour personnes gravement handicapées hunn, déi zielen eigentlech net zu deenen, obwuel se musse beim Aarbechtsamt zur Zäit ageschriwwe sinn. Mä dat si keng Leit, déi eng Schaff hunn, well déi sinn net disponibel fir de Marché du travail. Sou wäerte mer dat och trennen.

Wat ass zënterhier geschitt?

Et ass gefrot ginn: Hutt Der genuch Mëttele virgesinn? Ech kommen do nach eng Kéier op d'Gemengen an op de Stat zréck. Bei den Ateliers protégés, do ass zënter 2004 villes geschitt. 2004 hate mer ronn zéng Ateliers protégés; et sinn der mëttlerweil fënnef derbäikomm an et sinn der nach an der Maach. Mir hunn net genuch Plazen zurzäit fir eng ganz Partie vu Leit, déi zum Beispill aus der Éducation différenciée erauskommen, fir duerno eppes Sënnvolles mat deenen ze maachen.

Dofir ass d'APEMH amgaang en neien Atelier bei Lampech ze maachen, den HMC zu Kapellen, Kräizbierg sicht nach en Terrain. Dofir: Avis aux amateurs fir déi Gemengen, déi bereet wären, do mat der Fondation Kräizbierg zesummenzeschaffen.

Wann ech de Budget vum Aarbechtsministère huelen an ech huelen d'Dotatiounen un de Fonds pour l'emploi ewech, déi jo eng spezifesch Fonctioun hunn, stellen ech fest, dass 55% vun de Gelder, déi den Aarbechtsministère verwalt, an d'Ateliers protégés gi respektiv an déi dote Politik. Dat ass eng Augmentatioun vun iwwer 200% an deene fënnef Joer wou mer elo geschafft hunn.

Wann ech dann erëm d'Ateliers protégés huelen, déi 15, hu mer do ronn 180 Leit Équivalents temps plein als Encadrement schaffen, an 2009, dat sinn der elo e bësse méi wéi déi Zuel, déi ech 2008 genannt hunn, 813 Équivalents-temps-plein-Leit, déi do beschäftegt sinn. Wann Der dat kuckt, 180 op 813, mengen ech, ass awer do e seriöen Encadrement garantéiert. Dat sinn awer vill Leit, déi sech ëm d'Travailleurs handicapés do bekëmmeren. Also, mir hunn och d'Personal ëm 57% gesteigert.

Mir sinn amgaang selbstverständlech mat de Leit ze kucken, wéi mer weiderginn, an da stellt sech d'Fro: Wéi kréie mer méi Leit net nëmmen an d'Ateliers protégés? Mir brauche méi Ateliers protégés. Wéi kréie mer méi Leit an de Rescht vun de Secteuren op eng Schaff? Dat ass eng Fro vu Quota an och eng Fro vu voluntaristescher Politik. De Stat huet décidéiert, schonn zënter Joren, all Joer der 50 anzestellen. Doduerch kënnt de Stat ëmmer méi héich un d'Zuelen erun.

D'Gemenge sinn u sech déi, déi der am mannsten agestallt hunn, an dofir hu mer déi Actioun gemaach, vun där och schonn den Här Schreiner geschwat huet, zesumme mam Syvicol. Déi Gemengen, déi matgemaach hu mat där Actioun, dat ass Schëffleng, Betzder, Biekerech, Kielen, Stadbriedemes, Mäerzeg. Mëttlerweil huet d'Stad Lëtzebuerg sech bei eis ugemellt, fir och en Accord mat eis ze maachen, deen och géif an deem Sënn goen, wann alles riicht leeft, dass d'Stad Lëtzebuerg datselwecht géif maache wéi de Stat, mä all Joer der puer systematesch astellt.

Une voix.- Dat maache mer jo och!

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Elo kommen ech op d'Quoten, fir dann zum Schluss ze kommen. D'Quoten, dat ass eng quokeleg Fro. Ech hunn de leschte Freideg de Ministeschkolleege virgeschloen, fir d'Quoten obligatoresch ze maachen an deenen Entitéiten am privaten oder am öffentleche Secteur, déi d'Quoten net géifen erfëllen, fir do Taxen ze bezuelen, déi da géifen an de Fonds pour l'emploi kommen, fir dann aner Plazen ze finanzéieren. Et ass décidéiert ginn an der Regierung, dass mer dat elo net maachen.

Éischtens ass et vläicht elo just an enger Krisenzäit engersäits gutt, wa mer géife méi Drock maachen, dass och handicapéiert Leit eng Chance kréien, well déi kréien der natierlech manner, wann den Aarbechtsmaart méi ugespaant ass. Op där anerer Säit ass et awer och vläicht elo net dat richtegt Zeechen, wa mer elo esou eng Tax géifen aféieren.

Zweetens kënnt derbäi, dass een, wann een d'Tax wëllt aféieren, muss virdrun emol kucken: Huet de Betrib oder d'Gemeng oder wien och ëmmer - mir kucken och Entitéiten - selwer Effortë gemaach? Huet e sech un d'Servicer gewannt? Woubäi ech och hei wëll soen, dass ech net d'accord si mat deene Reprochen, déi och hei der ADEM an dem Service des Travailleurs handicapés gemaach gi sinn. Mir hunn e Consultant agestallt, dee systematesch d'Betriber démarchéiert.

Well et ass net esou einfach ze soen, elo stellen ech eng Persoun mat Handicap an. Et muss een emol éischtens wëssen: Wat si bei mir d'Plazen, déi opstinn, a wat fir eng Ufuerderunge stellen ech dann un en Travailleur handicapé, dee bei mech kënnt? An do muss ech awer soen, dass ganz gutt geschafft gëtt vum Service des Travailleurs handicapés, fir da wierklech ze kucken, wann eng Plaz gemellt gëtt, fir Leit ze fannen, déi och op déi dote Plaz passen.

Et kënnt och derbäi, dass een normalerweis net einfach kann en Travailleur handicapé astellen, ouni dass een e gewëssenen Encadrement ronderëm mécht. Alles dat kann een awer zesumme mam Service des Travailleurs handicapés maachen.

Mir hunn also décidéiert, e Groupe de travail interministériel anzesetzen, fir ze kucken: Wéi brénge mer et fäerdeg, op eng obligatoresch Quot ze goen? Wou een eng Prozedur muss hunn, wou een net ka vun uewen erof elo Taxen aféieren, mä wou ee muss e bësse méi Drock maachen, dass effektiv e bësse méi geschitt.

Well et kënnt nach en anere Problem derbäi, dee solle mer net ënnerschätzen. Vill Leit - an ech hu vill mat esou Leit perséinlech diskutéiert, respektiv mat Eltere vu Kanner - wëllen net, dass een de Statut de travailleur handicapé kritt. Ech hu mer ëmmer misse vill Méi maachen, fir ze soen: Ma lauschter, just mam Statut de travailleur handicapé kënne mer der méi hëllefen, op eng Schaff ze kommen, wéi wann s de deen net hues. Ech hu scho Leit begéint, déi mer gesot hunn: Jo, hätt ech de Statut de travailleur handicapé, da géif méi fir mech geschéien. Ech hu keen an ech hunn awer Misär. Ech hu keng Schaff an esou weider.

Et muss een also och déi positiv Approche emol fir d'éischt maachen, dass de Statut de travailleur handicapé net en negative Stempel ass, mä dass et eng Hëllef ass, fir engem kënne méi ze hëllefen. Ech weess awer, wa mer elo géifen einfach vun uewen erof d'Quoten direkt obligatoresch maachen, dass dann a verschiddene Betriber, awer och a verschiddene Gemengen, hunn ech och scho gespuert, Leit, déi méi schlecht dru sinn, géife gesot kréien: Du muss elo emol de Statut de travailleur handicapé siche goen, fir dass ech op meng Quote kommen. Och do muss een also eppes sichen, wat méi progressiv ass.

Et ass eisen décidéierte Wëllen an der Regierung, fir dat doten ze maachen. Et ass selbstverständlech kloer, wann déi éischt Sitzungen emol si vum Groupe de travail interministériel, dass een e bësse weess, wéi ee ka goen, dass selbstverständlech do d'Consultatioune mat allen Acteure vum Terrain gemaach ginn, ob dat d'Patronatsvereenegungen, d'Gewerkschaftsvereenegungen, d'Leit, déi an den ONGen, déi am Milieu schaffen, sinn; also, mir wäerte se alleguer consultéieren. Mä ech sinn emol scho ganz frou, dass mer e Freideg décidéiert hunn, dass mer do op deem Wee e Schratt méi wäit ginn.

Ech soen lech Merci fir d'Opmierksamkeet, déi Der nach hat no deem laangen Nomëtteg.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Minister. D'Regierung huet och gemierkt, dass mer ganz kulant ware mat hirer Riedezäit.

Da komme mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg. Dat ass de Projet de loi iwwert d'Direktiv REACH. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Oberweis, den Här Berger an den Här Huss. Ass nach een do? Den Här Mehlen. D'Wuert huet dann elo de Rapporteur, den honorabelen Här Negri.

8. 5819 - Projet de loi

a) relatif aux contrôles et aux sanctions concernant l'enregistrement, l'évaluation et l'autorisation des substances chimiques et les restrictions y applicables, telles que ces substances sont visées par le règlement (CE) N°1907/2006 du Parlement européen et du Conseil du 18 décembre 2006 concernant l'enregistrement, l'évaluation et l'autorisation des substances chimiques, ainsi que les restrictions applicables à ces substances (REACH), instituant une agence européenne des produits chimiques, modifiant la directive 1999/45/CE et abrogeant le règlement (CEE) N°793/93 du Conseil et le règlement (CE) N°1488/94 de la Commission ainsi que la directive 76/769/CEE du Conseil et les directives 91/155/CEE, 93/67/CEE, 93/105/CE et 2000/21/CE de la Commission

b) modifiant la loi modifiée du 15 juin 1994

- relative à la classification, l'emballage et l'étiquetage des substances dangereuses

- modifiant la loi du 11 mars 1981 portant réglementation de la mise sur le marché et de l'emploi de certaines substances et préparations dangereuses

c) modifiant la loi du 3 août 2005 relative à la classification, à l'emballage et à l'étiquetage des préparations dangereuses

d) abrogeant la loi modifiée du 11 mars 1981 portant réglementation de la mise sur le marché et de l'emploi de certaines substances et préparations dangereuses

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, REACH steet fir d'Registréierung, d'Evaluatioun an d'Autorisatioun vun 30.000 chemesche Stoffer innerhalb vun der Europäescher Unioun.

Domat soll d'Geféierlechkeet vun de chemesche Substanze fir Mënsch an Ëmwelt an Europa ënner Kontroll bruecht ginn. Wéi geféierlech chemesch Substanze kënne ginn, wësse mer alleguerte vu verschiddene Beispiller a vu grousse Chemiekatastrophen, déi et an deem Beräich do gi sinn. 1976 zu Seveso an 2001 zu Toulouse siefen hei stellvertriedend genannt, wou et vill Doudeger an nach méi Verletzter gi sinn.

Dëst Gesetz stellt deemno e Quantesprong an der Ëmweltpolitik duer, andeems che-

mesch Stoffer an enger éischter Phas cernéiert ginn doduerch, dass se festgeschriwwen, also registréiert ginn, fir an der Terminologie vu REACH ze bleiwen. Mir stinn awer just am Ufank vun dësem Prozess, a vill Leit wären och vun Ufank u gäre méi wäit gaang.

D'Approche vun der Europäescher Kommissioun am Dossier REACH ass déi richteg, fir op laang Zäit op eng koordinéiert Manéier de Problem vum Wildwuchs vun de chemesche Substanzen an der EU an de Grëff ze kréien. Heibäi sinn all Memberstate gefuerdert, hire Bäitrag ze leeschten. REACH ass awer och e Kompromëss, engersäits fir d'Gesondheet vum Mënsch an d'Ëmwelt ze schützen, an anerersäits fir d'Kompetitivitéit vun der chemescher Industrie ze erhalen an zugläich hir Capacitéit zur Innovatioun an zur Recherche ze stimuléieren.

De Projet de loi 5819 steet am Kontext vum sougenannte REACH-Reglement, engem europäesche Reglement mat der Nummer 1907/2006, dat den 1. Juni 2007 a Kraaft getrueden ass. REACH steet fir „Registration, Evaluation, Authorization and Restriction of Earth Chemicals". REACH schaaft eng europäesch Agence fir zentral Registréierung, Evaluatioun, Autorisatioun a Restriktioun vu chemesche Substanzen. Si huet hire Sëtz zu Helsinki.

D'Registréierung vun den 30.000 chemesche Substanze leeft iwwer eng Period vun eelef Joer. Dës Prozedur wäert et erlaben, déi feelend Informatiounen iwwert d'Gefore vun dëse chemesche Substanzen ze komplettéieren, déi entspriechend Mesuren ze definéieren an domat fir eng adequat Gestioun vun de Risiken ze suergen.

Am Kader vun der Registréierungsprozedur mussen d'Entreprisen, déi méi wéi eng Tonn pro Joer vun enger bestëmmter chemescher Substanz hierstellen oder importéieren, eng Rei Informatiounen zu där Substanz zur Verfügung stellen a se dann an där nei geschafener zentraler Datebank vun der europäescher REACH-Agentur zu Helsinki enregistréiere loossen. D'Déclarantë mussen niewent der Registréierung awer och déi entspriechend Riskmanagement-Zeenarië vun de chemesche Stoffer identifizéieren an dës den Utilisateure matdeelen.

REACH erlaabt et der europäescher Agentur ausserdeem, eng zousätzlech Evaluatioun ze maache vu Stoffer, déi besonnesch am Verdacht stinn, extrem gëfteg ze sinn. Bei dëse Stoffer gesäit d'EU-Agence och e speziellt Autorisatiounsverfahre vir. Dësen Autorisatiounsmechanismus verlaangt nämlech, dass d'Betriber no méi sécheren Ersatzstoffer fuerschen an d'Resultater dovun och an hirer Autorisatiounsdemande matdeelen.

REACH erlaabt et domat och, méi schnell besonnesch gëfteg Substanze ganz oder deelweis ze verbidden. REACH garantéiert och, dass Experimenter bei Déieren op de strikte Minimum reduzéiert ginn an encouragéiert zur gläicher Zäit no alternative Methoden ze sichen.

Här President, d'europäesch Agentur vu REACH zu Helsinki spillt also eng europäesch zentraliséierend Roll an der Erfaassung vun de chemesche Substanzen. Hir Kredibilitéit gëtt garantéiert duerch eng kloer Législatioun an duerch strukturéiert Décisiounsprozeduren, déi fir all Länner déiselwecht sinn an domat Wettbewerbsverzerrungen innerhalb vun der EU verhënneren. Op Basis vun héich wëssenschaftleche Strukturen ass et der Agence méiglech, d'Informatioune fir d'Registréierung vun de chemesche Stoffer op eng technesch an effikass Manéier ze traitéieren, an dëst an aller Onofhängegkeet an an aller Transparenz.

De Conseil d'administration vun der Agence ass esou zesummegesat, dass all Memberstate vertruede sinn. D'Agence informéiert op Basis vun engem permanente Forum iwwer sämtlech enregistréiert Substanzen, déi se un all EU-Länner online weidergëtt. Och ginn iwwert dëse Forum d'Législatiounen an déi domat verbonne Schwieregkeeten evaluéiert, duerch e permanenten Austausch vun Informatiounen zwëschent de Memberstaten an der europäescher REACH-Agentur. Domat weess all Entreprise an der ganzer EU zu all Moment, éischtens, wat fir chemesch Substanzen um europäesche Marché erlaabt sinn, zweetens, wat fir mat Restriktioune beluecht sinn, an drëttens, wat fir ganz einfach verbuede sinn. An deementspriechend musse sech d'Betriber och verhalen.

Déi eenzel Memberlänner mussen hiren Entreprisë bei där Missioun déi néideg Ënnerstëtzung ubidden, fir dass si hirer Responsabilitéit kënne gerecht ginn. Dee wichtegste Prinzip, no deem dëst geschéie soll, ass folgenden: Responsabel sinn an Zukunft d'Fabrikante respektiv d'Importateure vu chemesche Substanzen. Et ass also elo net méi d'Autorité publique, déi noweise muss, dass eng Substanz gefëierlech ass, mä et sinn d'Produzenten an d'Importateuren, déi noweise mussen, dass hir Substanzen ongefëierlech sinn.

D'Fabrikante ginn Informatioune weider, fir dass vun de Revendeure bis hin zum Konsument jiddweree richteg mat Substanzen ëmgeet, déi ënner gewësse Bedéngunge Risiken duerstellen. Besonnesch gefëierlech Substanze sollen esou schnell wéi méiglech vum Maart geholl ginn, soubal Alternative bestinn.

Sonderregelunge gëtt et dernieft fir Substanzen, vun deenen ee weess, dass se och a ganz klenge Quantitéite gefëierlech sinn a schwéier Folge fir d'Mënschheet no sech zéien, wéi Kriibs, Onfruchtbarkeet, genetesch Verännerungen, a wann dës héich gëfteg Stoffer sech an der Ëmwelt akkumuléieren.

REACH setzt also eng laangfristeg Strategie ëm, déi no an no derzou féiere soll, dass mer eng besser Kontroll iwwert d'chemesch Substanzen hunn, déi mer an der Ëmwelt fräisetzen, an dass de Risiko fir d'Gesondheet an d'Ëmwelt op e Minimum reduzéiert gëtt. Dës Prozedure mussen op laang Weil erlaben, dass keng chemesch gëfteg Substanzen an de Länner vun der EU méi produzéiert respektiv importéiert ginn.

D'Roll vun den EU-Memberstaten ass elo, nom Akraafttriede vu REACH, derfir ze suergen, dass hir Entreprisen d'REACH-Reglement anhalen, a si och dobäi ze ënnerstëtzen. De Projet de loi 5819 vun haut soll dat zu Lëtzebuerg garantéieren.

Här President, d'Ëmsetze vum REACH-Reglement zu Lëtzebuerg besteet haaptsächlech an der Berodung vun den Entreprisen, der Kollaboratioun mat der europäescher Agence an de Kontrollen um Terrain, déi vun deene verschiddene Verwaltunge gemaach ginn. Fir dës Missiounen erfëllen ze kënnen, huet de Ministerrot de 26. Januar 2007 décidéiert, dass folgend fënnef Strukture solle geschaf ginn:

Éischtens, wéi an anere Länner och iwwerhëlt den Ëmweltminister d'Koordinatiounsfonctioun vu REACH an d'Ëmweltverwaltung gëtt déi national Autorité compétente zur Ëmsetzung vum REACH-Gesetz.

Zweetens, et gëtt e Comité interministériel geschaf, dee copresidéiert gëtt vum Ëmweltminister a vum Wirtschaftsminister, wou Delegéierten dra si vum Environnement, der Économie, der Santé, der Inspection du Travail et des Mines, der Waasserwirtschaftsverwaltung an déi zesummen den zentraliséierte Suivi vun der Ëmsetzung vu REACH maachen.

Drëttens, en Helpdesk gëtt fir d'Betriber zu Lëtzebuerg geschaf, ënnert der Tutelle vum Wirtschafts- a vum Ëmweltminister, dee vum Centre des Ressources des Technologies de l'Environnement, CRTE, opgestallt gëtt. Den Helpdesk ass vum CRTE op Basis vun den europäeschen Norme vum REACH-Reglement entwéckelt ginn. Fir senger Missioun hei gerecht ze ginn, kritt den CRTE, deen zu Esch säi Siège huet, dofir déi néideg finanziell a personell Moyenen, fir d'Entreprisen userfriendly, also gutt an einfach beroden ze kënnen. Ausserdeem hëlleft den CRTE dem virgenannte Comité interministériel op logisteschem an techneschem Niveau.

Véiert Mesure: Och déi concernéiert Ministërë mussen zousätzlech Personal kréien, fir déi nei Aufgaben erfëllen ze kënnen.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Fënneften a leschte Punkt: Et gi Lëtzebuerger Vertrieder an d'europäesch REACH-Agentur op Helsinki designéiert, an zwar an de Verwaltungsrot e Vertrieder vum Environnement, an de Forum e Vertrieder vun der Ëmweltverwaltung an an de Comité vun den EU-Memberstaten e Vertrieder vum CRTE.

Am Kader vun der Zesummefaassung vu REACH zu engem eenzege Gesetz hei zu Lëtzebuerg ginn d'Gesetzer vum 15. Juni 1994 a vum 3. August 2005 iwwert d'Klassifikatioun, den Emballage an den Étiquetage vu gefëierleche Substanzen an hir Opbereedung geännert an d'Gesetz vum 11. Mäerz 1981 zum selwechte Sujet gëtt ofgeschaf.

De Projet de loi schaaft eng legal Basis, fir Verstéiss géint d'EU-Reglement REACH ze sanktionéieren. De Projet de loi gëtt och den Ëmweltorganisatiounen d'Méiglechkeet, de Rechtswee anzeschloen, esou wéi dat no de Prinzipië vun der Aarhus-Konventioun och schonn an aneren Ëmweltdossieren de Fall ass, déi mer hei am Plenum gestëmmt hunn.

Am Kader vun eisen Aarbechten an der Ëmweltkommissioun huet de Projet de loi zweemol d'Navette tëschent der Ëmweltkommissioun an dem Statsrot gemaach. Et goung dobäi ëm punktuell Problemer, déi eenzel Artikele betreffen. Sou huet de Statsrot ënner anerem a sengem éischten Avis eng aner Struktur fir de Projet de loi recommandéiert, eng Propos, déi d'Kommissioun ugeholl huet. Zum Deel huet de Statsrot aner Formuléierunge proposéiert oder Prezisioune gefrot. D'Ëmweltkommissioun huet sech beméit, dem Statsrot senge Remarquen esou gutt wéi méiglech Rechnung ze droen. Déi Textversioun, déi elo virläit, ass d'Resultat vun deene konstruktiven Diskussiounen a gëtt eis d'Instrumenter an d'Hand, fir eisen internationale Verflichtungen am Kader vun der Chemikaliëpolitik nozekommen.

Här President, als Konklusioun wëll ech nach eng Kéier zesummefaassend soen, dass d'REACH-Gesetz eng systematesch Approche abréngt, fir chemesch Substanzen dem Prinzip vun engem héije Schutz vun der Gesondheet vum Mënsch an der Ëmwelt ze ënnerwerfen. Et gëllt virun allem de Prinzip «pas de données, pas de marché». Dat heescht, chemesch Substanzen, deenen hir Zesummesetzungen an Auswierkungen net bekannt sinn oder net bekannt gemaach gi si vun der Industrie, hunn an Zukunft an Europa kee Marché méi. Esou chemesch Substanzen dierfen an der Europäescher Unioun, éischtens, net méi fabrizéiert ginn, zweetens, net méi an d'EU importéiert ginn, an drëttens, och net an der EU verschafft a verkaaft ginn. Substanzen, déi bedenklech sinn, kënnen enger Autorisatioun mat Restriktiounen ënnerworf ginn oder ganz verbuede ginn.

Déi europäesch Agence géréiert, evaluéiert, verbitt oder autoriséiert an Zesummenaarbecht mat de Memberstaten zentraliséiert d'chemesch Substanzen an der Europäescher Unioun.

E puer interessant Zuelen am Kader vu REACH wëll ech lech nach mat op de Wee ginn: Vum 1. Juni 2008 bis den 1. Dezember 2008 konnte chemesch Substanze fir REACH scho préenregistréiert ginn. Aus enger Lëscht, déi d'europäesch Agence publizéiert huet, gesäit een, dass 2,75 Millioune Préenregistrementer gemaach gi si fir 146.000 Substanzen. Dat iwwertrëfft all Erwaardungen. Et weist, dass d'europäescht REACH-Reglement vun alle wesentlechen Acteuren akzeptéiert an applizéiert wäert ginn.

Wéi néideg et awer ass, dass elo Neel mat Käpp gemaach ginn, weisen zwee aner Chifferen. Éischtens, vun deenen 146.000 préenregistréierte Substanze waren der 17.000 bis elo net an engem norméierten europäesche System, dem EINECS, erfaasst. Zweetens, 10.000 Substanze konnten nëmmen duerch hire chemeschen Numm identifizéiert ginn, ouni dass dës Substanzen an enger internationaler Lëscht erfaasst gewiescht wären. Dat gëtt ze denken!

Hei zu Lëtzebuerg hunn 121 Firmen 4.430 Préenregistrementer gemaach. Den Helpdesk vum CRTE huet scho vill gutt Aarbecht geleescht. Hiren Internetsite ass am Joer 2008 an der Moyenne 1.500-mol pro Mount ugeklickt ginn. Do derniewent huet den CRTE eng Rei Informatiounsversammlunge gemaach an och eng Partie Publikatiounen erausginn, dorënner och e ganz gutt opgebaute Guide.

Während eisen Aarbechten an der Ëmweltkommissioun zum REACH-Gesetz vun haut si mir öfters vun de Responsabele vum CRTE berode ginn. An ech wëll am Numm vun der Ëmweltkommissioun de Vertrieder vum CRTE fir hir exemplaresch Aarbecht Merci soen. Deeselwechte Merci gëllt och de Vertrieder vun der Ëmweltverwaltung.

Une voix.- Très bien!

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.-* Mam REACH-Gesetz vun haut gëtt en neit Kapitel vu Gesondheetspolitik an Naturschutzpolitik opgemaach, fir d'Kontroll iwwert d'chemesch Substanzen an Europa an zu Lëtzebuerg ze kréien. Dëst ass den Ufank. Et geet elo dorëms, REACH an d'Weeër ze leeden, fir dass déi systematesch Aarbechten ufänke kënnen a sech de REACH-Prozess weiderentwéckele kann. Well REACH zum Schutz vu Mënsch an Natur géint gëfteg Substanze muss sech weiderentwéckelen; a REACH wäert sech och weiderentwéckelen, dovunner sinn ech iwwerzeegt.

Domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- An ech soen dem Här Rapporteur Merci. Als éischte Riedner ass den Här Marcel Oberweis agedroen. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, erlaabt mer wéi ëmmer am Ufank, wann ech d'Chance hunn, dem Roger Negri, dem honorabele Rapporteur, Merci ze soe fir säi mëndlechen an och säi schréftleche Rapport. Et handelt sech heibäi ëm e virleiende Gesetzesprojet, ëm Ännerungen, déi mir am Kader vun der Direktiv REACH geholl hunn, an ëm Modifikatioune vu Gesetzer aus dem Beräich vun de gefëierleche Substanzen.

Et ass gesot ginn, ech widderhuelen et just nach eng Kéier, bei REACH handelt et sech ëm en integréierte System fir d'Registréierung, d'Evaluatioun an d'Zouloossung vu gefëierleche Substanzen. Duerch REACH mussen d'Industrien all Informatiounen iwwert den Impakt vun den agesatene Substanzen op d'Gesondheet vum Mënsch an d'Awierkungen op d'Ëmwelt virleeën.

Leider ass et eis nach net gelongen, gewësse gefëierlech Substanzen, déi Kriibs ereegen, d'DNA oder d'Fertilitéit schiedegen, aus dem Marché ze huelen. D'chemesch Produkter begleeden eisen Alldag, dat ass gewosst. Duerch hir Produktioun an hiren Asaz belaaschte si awer d'Liewensressourcen: de Buedem, d'Loft an d'Waasser.

Mir Mënsche liewen awer an där Biosphär, an duerfir ass et wichteg, dass mir all Mesuren ergräifen, fir dass déi dräi genannte Liewensressourcen an de Mënsch nach méi protegéiert ginn. An dat net nëmmen hei bei eis an den Industrielänner, mä doriwwer eraus an de Schwellelänner an och an den Entwécklungslänner.

Mir wëssen, datt et net einfach gëtt un déi néideg Informatiounen iwwert d'Gefore vun de Gesondheets- an Ëmweltrisike vun den agesate chemesche Substanzen ze kommen. Villes ass do fir eis ëmmer nach am Vaguen. All dës Substanzen ze erfaassen ass eng schwiereg Aufgab, dat beweist schonn eleng d'Tatsaach, dass et eelef Joer dauere wäert bis déi elo duerch REACH zréckbehalen 30.000 chemesch Substanzen evaluéiert a registréiert sinn.

E fundamentaalt Element vun dem REACH ass sécherlech, dass d'Entreprisen, déi chemesch Substanzen hierstellen oder importéieren, an hir Responsabilitéit geholl ginn. Si mussen déi mat der Notzung verbonne Risike fir de Mënsch an d'Ëmwelt bewäerten an déi Mesuren ergräifen, fir d'Risiken esou kleng wéi méiglech ze halen.

Momentan ass et jo esou, dass d'Entscheedung, ob d'Substanze solle gepréift ginn oder net, ganz bei de Verwaltunge vun den eenzelne Länner läit, an net bei de Produzenten. Dës Prozedure vun de Produzenten oder vun de Verwaltunge sinn an der Regel laangwiereg Prozesser, an och ganz käschtenintensiv.

Mat REACH awer mussen net méi de Stat an d'Verwaltungen, mä ëmgedréint déi eenzel Produzente fir d'Sécherheet vun hire Substanzen, déi si op de Maart brénge wëllen, den Noweis vun der Onbedenklechkeet erbréngen.

De Grondgedanken ass also deen, dass et elo un der chemescher Industrie ass, an net méi un de Verwaltungen, fir d'Onbedenklechkeet vun der Weiderveraarbechtung vun hire Substanzen nozeweisen. Eréischt dann däerf produzéiert an och verkaf ginn. An domat verschwannen déi gëfteg Substanzen à la longue vum Marché. A se sollten dann och net méi, wéi et leider nach ëmmer de Fall ass, an de Schwellen- an Entwécklungslänner agesat ginn, an dat schonn eleng aus ethesche Grënn.

Et ass och scho gesot ginn, fir dës ëmfangräich Aarbechten ass déi nei europäesch Agence vun de chemesche Produkter zu Helsinki geschafe ginn. D'Produktioun oder den Import vu chemesche Produkter, mat méi wéi enger Tonn pro Joer, musse bei dëser Agence zu Helsinki registréiert ginn. Wann awer dësen Tonnage méi héich gëtt, da mussen déi Daten, an nach méi Daten, iwwert d'Produkter matgedeelt ginn.

Bei engem Tonnage vu méi wéi 100 Tonne musse souguer Langzäit-Etüde gemaach ginn. Doriwwer eraus mussen dës Produk-

ter dann och nach vun den nationale Verwaltunge gepréift ginn. Also eng laang Prozedur, fir eben do ze versichen, dass all déi Produkter net op de Marché kommen, déi geféierlech kéinte ginn.

De Rapporteur ass schonn drop agaangen, hei am Land gëtt de Comité REACH agesat, dee vum CRTE substanziell ënnerstëtzt gëtt. REACH bréngt supplementar Käschte fir d'chemesch Industrie. Doriwwer kéint ee vläicht vun hirer Säit da kloen, awer am Verglach mat den honnerte vu Milliounen Euro, déi si verdéngen, ass et e Klacks. Dat fält guer net an d'Gewiicht. Dës Méikäschte muss een awer och aus der Siicht vun der Gesellschaft kucken. Grad am Gesondheetsberäich kënne mir ganz staark finanziell Montantë spueren, wann dat heiten ëmgesat gëtt.

An deem Zesummenhang huet awer d'Chambre des Employés privés drop higewisen, dass d'Sécherheet, par rapport zu de geféierleche Substanzen am REACH, nëmmen ab dem Tonnage vun enger Tonn spillt, an déi Aarbechter, déi da mat manner héije Menge musse schaffen, déi sinn oft awer am Onkloeren, a mer bieden dorëm, dass déi dat och gesot kréien, wa si mat Substanze schaffen, mat welche Substanze si schaffen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch REACH investéiere mer, fir dass méi ëmweltfrëndlech Substanzen entwéckelt solle ginn. Dat ass e formidabelen Challenge fir d'Fuerschung an och fir eis Industrien. Wann Europa dës Schrëtter mécht - an ech gleewen dorun, dass dat de Fall ass -, da kënnen eis Industrië sech sécherlech grouss Avantagen um Weltmarché verschafen.

Well d'Industrien all op dem Weltmarché aktiv sinn, an all Land ëmmer méi Wäert op eng propper Ëmwelt an eng gutt Gesondheet leet, mécht et Sënn déi chemesch Produkter ze registréieren an ze evaluéieren, dat am Bauwiesen, an der Holzveraarbechtung, an der Automobilbranche, an der Textilindustrie, an der Landwirtschaft, am Ëmwelt- an och am Gesondheetssecteur, mä och am Computerberäich. Iwwerall kommen d'Mënsche mat dëse chemesche Substanzen a Kontakt.

Duerch REACH, et ass scho gesot ginn, kënnen d'Risike mat der Notzung vun de Substanze bedeitend reduzéiert ginn. An domadder klëmmt à la longue eis Liewensqualitéit. Dat alles féiert zu méi enger grousser Transparenz. Awer ganz nom Spréchwuert „Vertrauen ass gutt, awer Kontroll ass besser" musse mer bestëmmten Agente vun der Douanes- an Accisëverwaltung, aus der Ëmweltverwaltung, aus der ITM, aus der Direktioun vun der Santé an dem Waasserwirtschaftsamt dës Kontrollkompetenzen iwwerdroen. An doriwwer eraus och souguer den Agente vun der Police grand-ducale, well déi mussen och Aufgaben iwwerhuele kënnen.

E wichtege Punkt vum Gesetzesprojet besteet an der Méiglechkeet, dass agrééiert Associatioune kënne Partie civile iwwerhuelen, wa si mengen, dass géint de Geescht vum Gesetz verstouss gëtt. Iwwert de Strofekatalog huet sech de Rapporteur schonn ausgelooss, ech spuere mer dat dann hei. E weidere wichtege Punkt am Gesetzesprojet ass awer d'Modifikatioun vum 14. Juni 1994 iwwert déi geféierlech Substanzen. Dës muss elo mat de REACH-Bestëmmungen ugepasst ginn.

Et ass wichteg drop hinzeweisen, dass et e berodende Comité fir den Ëmweltministère gëtt, dee sech mat de Froen iwwert d'Klassifikatioun an d'Emballagë vun de Substanzen auserneesetze muss. De Konsument kritt op déi Manéier all déi néideg Informatiounen iwwert déi Produkter, déi hie wëllt kafen. Domadder ass hien och selwer dann deejéinegen, dee versiche kann, dass déi Substanze vum Maart verschwannen, déi net méi dohinner gehéieren.

Zum Schluss vu mengen Ausféierunge wëll ech ënnersträichen, dass d'CSV-Fraktioun dëse Projet de loi ënnerstëtzt, an ech bréngen och nach hiren Accord hei mat eran a soe Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Ech soen dem Här Oberweis Merci, an als nächste Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen an och schréftleche Bericht, dee wéi ëmmer, mir sinn dat bei him gewinnt, ganz exzellent a vollstänneg war, esou datt ee sech hei am Fong geholl op verschidde Remarquë beschränke kann.

D'Ofsiichte vun de Chercheuren an och vu Produzenten, déi nei chemesch Substanze fannen, synthetiséieren, produzéieren, fir se op de Maart ze bréngen, si ganz oft au départ ganz löblech. Si wëllen am Fong geholl domadder d'Konditioune vum Alldag verbesseren, eventuell och d'Gesondheet vum Mënsch besser schützen, insbesonnesch wann een och u Produiten denkt, déi a Medikamenter verschafft ginn.

Mä wat u sech vläicht au départ gutt gemengt ass, huet sech awer ganz oft an der Vergaangenheet, an och nach haut, als Zäitbomm fir d'Gesondheet an d'Ëmwelt entwéckelt. Wann een an der Geschicht kuckt, besonnesch ab der Mëtt vun dem leschte Jorhonnert, wou massiv ëmmer méi nei Substanze produzéiert gi sinn, hu sech da lues awer sécher déi negativ Konsequenze vu ville chemesche Substanze bemierkbar gemaach, an déi eng oder aner Kéier krut och deene verschiddene Substanzen hir Utilisatioun ganz dramatesch Ausmoossen.

Dat war zum Beispill de ganzen Dossier vun de POPen, Polluants organiques persistants an de 60er Joren, wou iwwert d'Nahrungsketten dann déi POPen, iwwert de Fësch zum Beispill, an d'Iessgewunnechten, an d'Iesse vun den Inuiten erakomm ass, déi da schwéier erkrankt sinn, a wou praktesch ganz Stämm do ausgestuerwe sinn. An dat war am Fong geholl déi éischte Kéier, esou wäit ech mech erënnere kann, wou d'Welt, d'Weltöffentlechkeet wierklech opmierksam ginn ass op d'néfaste Konsequenzen, déi chemesch Substanze kënnen op de Mënsch, d'Fauna an d'Flora hunn, an insgesamt op déi ganz Biosphär.

DDT, Asbest, PCB, an esou weider, dat si puer aner Begrëffer, déi haut de Leit alleguerte bekannt sinn, a wou jiddweree weess, datt et Gefor signaliséiert, mä déi an der Vergaangenheet oft als Solutioun an als Fortschrëtt fir d'Welt considéréiert gi sinn. Haut ginn et wäit iwwer 100.000 chemesch Substanzen, mat deene mer all Dag konfrontéiert ginn, an de Kleeder, am Iessen, an der Kosmetik, a Spillsaachen an esou weider, a wou ee ganz oft, an deene meeschte Fäll, awer net esou genau weess, wat d'Effeten op de Mënsch an d'Ëmwelt do kënne bewierken.

Vill sinn der kriibserreegend oder kënnen net ofgebaut ginn, an der Natur oder och am mënschlechen Organismus. Et ginn der, déi den Hormonhaushalt op d'Kopp geheien oder Allergien ausléisen, oder den Immunsystem attackéieren. Hei an der Chamber kënne mer als Beispill eis eege Raimlechkeeten zitéieren. Mir si bis op Weideres, Här President, nach ëmmer mat engem Teppech hei miwwléiert, dee laut Analysen eng Rei geféierlech Substanzen huet an och kann Allergien oder soss gesondheetlech Problemer verursaachen.

Mä zréck dann op dee méi globale Kontext. Och wann ab de 60er Jore lues a lues eng Prise de conscience entstanen ass an d'Politik, besonnesch um europäeschen Niveau, muss ee soen, ugefaang huet ze reagéieren - ech denken do un de Protokoll vu Stockholm, wat d'POPen ubelaangt -, huet et awer nach relativ laang gedauert, bis datt mer dann elo haut, praktesch 40 Joer, 50 Joer méi spéit, nodeems also déi éischt grouss Katastrophe geschitt waren, an Europa eng Reglementatioun fonnt hunn, déi eng gewësse Kontroll an och eng gewësse Preventioun an déi Matière mat erabréngen.

Wann dat esou laang gedauert huet, dann huet dat och domadder ze dinn, datt mer et hei wéi esou oft mat dem klassesche Clinch zwëschent der Wirtschaft op där enger Säit, an der Ökologie an der Gesondheet op där anerer Säit ze dinn hunn. Dat war och net aneschters bei den Diskussiounen, op EU-Niveau, wou den Dossier REACH och vill hin an hier gaangen ass zwëschent der Kommissioun, dem Parlament, dem Conseil, a wou am Hannergrond jo och dann d'Industrielobbyë versicht hunn hir Intérêten ze verdeedegen.

Vill zitéiert Argumenter waren eben déi vun der Säit vun der Industrie, datt hei géifen ze vill Käschten a prozedural Schwieregkeeten op d'Betriber zoukommen, an et ass jo eben dann den Challenge fir den Équiliber ze fannen, op där enger Säit vun dem Schutz vun dem Mënsch an der Ëmwelt, déi fir mech ëmmer mussen d'Prioritéit hunn, an op där anerer Säit awer och dann den Intérêt vun der Ekonomie. Au départ war an den EU-Texter méi eng strikt Regelung virgesinn an och méi Substanze betraff, an d'Schlussresultat huet net jiddwereen zefridde gestallt. REACH muss een eben als e Kompromëss gesinn, deen awer da vun alle Säiten akzeptéiert ginn ass.

De Rapporteur huet schonn am Detail d'Reglementatioun erkläert. Ech wëll nëmmen nach eng Kéier e puer wichteg Grondprinzipië kuerz rappeléieren. Also, op alleréischter Plaz de Principe de précaution, dat ass jo déi haapt Guideline. Et wëllt also heeschen, datt een, en cas de doute, ëmmer soll déi virsiichteg Approche wielen, dat heescht, wann een also net weess, wat den Effet vun enger Substanz ass, soll een net soen: „Da kucke mer emol, dat gesi mer spéider", an datt een da seet: „Neen, da wëlle mer déi Substanz net, bis datt mer genau wëssen, wat fir eng Effete se kann hunn". Dat ass am Sënn vum Schutz vun de Mënschen, vun der Gesondheet, an och vun der Ëmwelt. Dat ass also hei verbessert ginn.

REACH bréngt och déi Notioun vun der Responsabilitéit an d'Spill, déi bei de Produzente läit, déi ebe wëllen esou Produiten op de Marché bréngen. Dat ass och preventiv. Et soll also och, ech wëll net soen eng Ofschreckung, mä wierklech awer eng Opfuerderung och sinn un d'Betriber, un d'Produzenten, fir eben do dann nëmmen esou Substanzen ze entwéckelen, déi keng Effets néfastes hunn.

D'Informatioun, d'Transparenz, déi Notioune respektiv déi Mechanisme kommen och méi an de Vierdergrond an, natierlech, Substanzen, déi wierklech manifestement schiedlech Effeten hunn, ginn net erlaabt, respektiv mussen do Substances de remplacement fonnt ginn. Och sollen Déierversich doduerjer reduzéiert ginn, wat och eng gutt Saach ass.

Et kann een also elo nach laang a breet iwwert dat Reglement diskutéieren, wat elo virläit, dat europäescht Reglement, an ob et hätt kéinte besser geschriwwe ginn. Mir hunn elo en Text, deen ebe Konsens fonnt huet op EU-Niveau, an dee mer dann hei an eis lëtzebuergesch Législatioun ëmsetzen, an eis Suerg muss elo sinn, dee Kompromëss dann awer hei optimal zu Lëtzebuerg ëmzesetzen. Fir dat ze maachen - an dat hunn ech schonn oft gesot, wa mer hei iwwer en Environnementsprojet geschwat hunn, well dat jo oft Ëmsetzunge vun Direktive sinn -, muss een och kucken, datt een dann hei zu Lëtzebuerg awer dat néidegt Minimum vu Personal huet, fir de Suivi vun deenen Direktive kënnen ze maachen, déi mer hei ëmsetzen.

Ech hunn dat och schonn aner Kéiere gesot, datt mer do wierklech hei zu Lëtzebuerg ëmmer e bëssen op de Felge fueren, wann ee kuckt, am Ausland, wat do déi eenzel Verwaltunge vu personale Moyenen hunn, fir Direktiven ëmzesetzen, wou den Text genau deeselwechten ass. Déi hunn do, proportional oder prozentméisseg gesinn, onmoosseg vill méi Personal wéi dat, wat mer hei zu Lëtzebuerg hunn, dat also am Endeffekt ganz effikass ka schaffen.

Wat hu mer hei zu Lëtzebuerg? Et ass och scho gesot ginn, mir hunn zum Engen den Helpdesk beim CRTE, wou dräi Leit, wann ech dat richteg an Erënnerung hunn, dru schaffen déi Informatiounen un d'Betriber ze ginn. Dann hu mer an der Ëmweltverwaltung sage und schreibe eng Beamtin, déi „full task" dorobber schafft. Eng ganz kompetent Persoun, déi also d'Gestioun mécht a fir d'Kontroll zoustänneg ass.

Do hu mer nach en anere ganz kompetente Beamten, deen am Kader vum Conseil d'Administration, also bei der europäescher Agence, d'Lëtzebuerger Situatioun do verdeedegt, deen awer och nach dernieft vill aner wichteg Tâchen huet, zum Beispill am Beräich vum Kommodo, esou datt mer also wierklech do och den absolute Minimum hunn an datt een do och soll kucken ob dat duergeet oder, wann ee feststellt, datt dat wierklech net duergeet, datt een do och da muss soen - ween A seet, muss och B soen -, datt mer dann do zousätzlecht Personal sollen astellen.

Wann een elo déi praktesch Ëmsetzung kuckt, da stellt sech och d'Fro - an do wier ech frou, wann de Minister, ech mengen et ass den Här Schmit deen haut hei ass, fir hei zum Dossier ze schwätzen -, ween am Endeffekt zoustänneg wier, fir um Terrain besonnesch - ech soen emol an de Geschäfter, ech kommen elo nach drop, dat ze explizéieren - dat ze kontrolléieren, wann eventuell geféierlech Produkter am Handel, an de Geschäfter sinn, well dat ass jo dat, wat d'Schwieregkeet ass.

Oft huet ee Produiten an de Geschäfter leien, wou dann déi chemesch Substanzen dra sinn, mä wou net genuch Informatioun, keng Informatioun ass, déi awer kënnen Effets néfastes hunn. Ech huelen do e Beispill, dat ech an engem Reportage gesinn hat, „Report" huet déi Sendung geheescht, wou se an Däitschland esou Gummishummeren an de Rayonë vu Geschäfter haten, an do waren anscheinend esou vill PhKen dran, dass, wann en Aarbechter deen Hummer zéngmol oder e puermol méi an de Grapp geholl huet, hat deen eng Belaaschtung vu PhKe wéi wann en 1.000 Stonnen an iergendengem geféierlech belaaschte Milieu geschafft hätt. Déi sinn natierlech dunn zréckgezu ginn.

Och an der Belsch an a Frankräich hu mer zum Beispill Produiten, wou Fumarate de diméthyle, frot mech elo net genau wat dat ass, a Canapéen a Schong fonnt gi sinn, an déi do vum Marché gezu gi sinn, an dat ass einfach elo déi praktesch Fro. Ech menge mir wëlle jo, datt esou Produiten net och an eise Regaler leien. Ass et elo d'Ëmweltverwaltung, déi do dann am Endeffekt zoustänneg ass, oder d'ILNAS? Mir hu jo och d'ILNAS, déi zoustänneg ass fir eben déi Produiten, déi an eise Geschäfter sinn, ze kontrolléieren. An do wier et also gutt, wann ech Opschloss géif kréie vun der Regierung, wien dann am Endeffekt do zoustänneg wier.

Eng aner Problematik an deem Ganzen, ech menge mer haten eng Kéier eng Heure d'actualité oder e klengen Débat an der Chamber, wou mer och einfach déi Problematik diskutéiert hunn, datt muss d'Informatioun vum Bierger besser gemaach ginn, well een net ëmmer weess, wat an de Produiten ass, sief dat, datt op där enger Säit déi Substanzen zwar enregistréiert sinn, och erlaabt sinn, mä datt se zum Deel als Konzentratiounen an Teppecher, a Miwwelen, an Hummeren an a Spillsaache sinn, wou ee sech dat net bewosst ass.

Déi puer Remarquë gemaach, kann ech awer och hei den Accord vu menger Fraktioun zu dem Projet eraginn.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Ech soen dem Här Berger Merci, an als nächste Riedner ass den Här Huss agedroen. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als drëtte Riedner nom Rapporteur vun dësem REACH-Reglement, dem Här Roger Negri, gesinn ech et am Numm vun der grénger Fraktioun elo hei net méi als noutwendeg a sënnvoll un, nach eng Kéier all déi komplex Regelungen a Prozedure vun dëser neier europäescher Chemikaliendirektiv ze widderhuelen. Den Här Negri huet déi Presentatioun jo scho gemaach, an ech wëll him duerfir Merci soen, well et sech wierklech ëm eng extrem komplizéiert a komplex Matière handelt.

Mä doriwwer eraus ass haut och d'Diskussioun vun dësem REACH-Reglement hei an der Chamber e bësse frustréierend, well een haut hei näischt méi un deem Text kann änneren, an éischt eventuell Revisiounen oder Verbesserungen dorunner eréischt Enn 2012 kënnen diskutéiert ginn, dat heescht fréistens an dräi an engem hallwe Joer.

REACH ass bekanntlech am Dezember 2006 verabschiet ginn an am Juni 2007 a Kraaft getrueden, an déi zoustänneg nei europäesch Chemikalienagentur ass dunn d'lescht Joer, dat heescht 2008, eréischt richteg un d'Schaffe komm. Mir haten als Gréng, de Claude Turmes an ech, nom definitive Vote vun Dezember 2006, a Pressecommuniquéen zum Ausdrock bruecht, datt dee finalen, sougenannte REACH-Kompromiss, deen duerch Gemauschels zwëschent den europäesche Fraktioune vu Chrëschtdemokraten, Konservativen a Sozialdemokraten, an Deeler vun den europäesche Liberalen, finalement erauskomm war, fir déi Gréng net akzeptabel wier, well et e ganz faule Kompromiss wier, bei deem virun allem d'Intérêtë vun der chemescher Industrie géife ganz wäitgehend am Vierdergrond stoen, an eben net d'Intérêtë vu Gesondheet, Ëmwelt a Verbraucherschutz.

A mir gesinn eis duerfir och haut hei gezwongen, dëser total verwässerter Versioun vu REACH eis Zoustëmmung net kënnen ze ginn. Ech wëll also an eiser Interventioun hei haaptsächlech op eis Haaptkritikpunkten un dëser REACH-Versioun agoen.

Dir Dammen an Dir Hären, firwat iwwerhaapt eng europäesch Chemikaliëreglementéierung? Nun, tëschent 1930 an 2005 huet déi jährlech weltwäit Produktioun vu Chemikalië vun enger Million Tonnen 1930 op iwwer 500 Milliounen Tonnen am Joer

2005 zougeholl, an domadder evidenterweis och d'Risike vun der chemescher Produktioun a vu chemesche Substanzen a Produkter.

Déi Gréng si net géint d'Chemie u sech an och géint d'chemesch Industrie, mir sinn allerdéngs fir eng chemesch Produktioun a Produkter, déi manner riskant a problematesch si fir Mënsch an Ëmwelt, an duerfir och méi innovativ, nohalteg a responsabel. Ech wäert um Schluss vu menger Ried dorobber méi spezifesch nach eng Kéier zréckkommen.

D'Chimie huet besonnesch an deene vergaangene 50, 60 Joer, mä och schonns virdrun eist Liewe ganz wesentlech verännert an op ville Gebitter och kloer verbessert. Dat soll hei absolut net a Fro gestallt ginn. Mä wourëmmer et eis geet a wourëmmer et bei REACH geet, dat ass, fir déi negativ Aspekter vun der chemescher Produktioun endlech och besser an de Gréff ze kréien an doduercher Gesondheet, Ëmwelt a Verbraucher besser ze schützen.

Firwat esou e bessere Schutz leider absolut néideg ass, hunn eis an de vergaangene Joren a Jorzéngten net nëmmen eng Rei vu gréissere Chimiesonfäll oder Katastrophe gewisen. Den Här Negri hat schonn op Seveso higewisen an op deen Accident zu Toulouse. Mä déi gréisste Katastroph war net do. Déi gréisste Katastroph war zu Bhopal an Indien mat iwwer zéngdausende vun Doudegen an honnertdausende vu Schwéierverletzten a Kranken. Dat war déi schwéierste Katastroph.

Doniewent awer och eng Abberzuel vu chemesche Pollutioune vu Flëss, vu Gewässer a Mierer. Mä et ass och bekannt, datt zum Beispill op villen Aarbechtsplaze weltwäit den Ëmgang mat chemesche Gëfter zu ville Krankheeten, Kriibs oder Doudesfäll gefouert huet an och haut nach féiert. Domadder ass bekanntlech a jiddwer Eenzelfall vill mënschleche Misär verbonnen.

Zënter 20, 30 Joer schonns wësse mer och iwwert déi offiziell Ëmweltagencen oder iwwert d'Weltgesondheetsorganisatioun, datt sech Spuere vu ville problematesche chemesche Substanzen haut iwwerall ronderëm eise Globus erëmfanne loossen; ob a Schwäizer Gletscherseeën, am Amazonasgebitt oder am Äis um Nordpol.

Propper Plaze ganz ouni Chemikaliebelaaschtunge gëtt et praktesch haut net méi ganz vill. Wat jo awer ganz problematesch ass, well Wand a Reen alles ronderëm eisen Äerdball transportéieren, an dofir oft souguer Bevölkerunge wéi d'Inuiten - dat heescht, d'Eskimoen am äussersten Norde vu Kanada -, déi selwer praktesch keng Industrien hunn, trotzdeem ganz staark mat chemesche Substanze wéi PCBen oder Quecksëlwer belaascht a krank kënne sinn, ganz einfach, well hir Ernährung, hir Nahrungskette ganz staark mat esou Substanze polluéiert ass.

Dir Dammen an Dir Hären, eleng all dës Fakte wieren Ursaach genuch gewiescht, fir keng faul Kompromisser mat den dominante grousse Chimiesmultinationalen anzegoen; ob Monsanto, Bayer, BASF, an esou virun. Konzerner, déi leider bei den Diskussioune ronderëm REACH méi staark interesséiert waren u kuerzfristegen a kuerzsiichtege finanzielle Rendementsaspekter wéi un engem wierkleche Schutz vu Liewen a Gesondheet.

Déi ganz Ëmwelt oder Gesondheetsskandaler duerch geféierlech Chemikalien hätten eigentlech och scho vill éischter zu legislative politesche Konsequenze misse féieren, woubäi leider oft vill ze vill laang gewaart a Rücksicht op industriell Intérête geholl ginn ass.

Ech denken zum Beispill un déi och haut nach problematesch Zerstéierung vun der Ozonschicht duerch CFCe mat hire gesondheetleche Konsequenzen. Ech denken un DDT oder den Holzschutzmëttelskandal mat PCP oder Lindan, deen zéngdausende Leit hir Gesondheet kascht huet, oder un de weltwäiten Asbestskandal, wat als Folleg honnertdausende vu Schwéierskranken oder Doudegen, déi eleng esou geféierlech Asbestfibere mat sech bruecht hunn a wou an de kommenden zéng an 20 Joer nach weider zéngdausende vu Leit wäerten dorunner stierwen.

An, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass leider nach net alles, wat negativ Konsequenze vun engem absolut laxisteschen Ëmgang mat der Chimie an deene vergaangenen 30 Joer ugeet. Dir kënnt lech vläicht drun erënneren, virun dräi, véier Joer, datt sech eng Partie Europadeputéierten an och EU-Ëmwelt- a Gesondheetsministeren zu Bréissel oder beim Treffe vun den Ëmwelt- a Gesondheetsministeren 2004 zu Budapest Bluttanalysen ënnerzunn haten, fir gewuer ze ginn, ob a wéi staark si selwer mat Spuere vu chemesche Substanze belaascht wieren.

D'Resultat loung an der Moyenne bei iwwer 40 a bei munche wäit iwwer 100. An Analysë vum Nuebelschnouerblutt no der Geburt konnten an den USA viru Kuerzem souguer bis zu iwwer 300 chemesch Substanzen detektéiert ginn, déi also schonn un de Foetus an un den Embryo kënnen erukommen.

Kee vun eis alleguerten dierft also vu sech behaapte kënnen hie wier dovunner net betraff. Problematesch dobäi ass allerdéngs, datt en Deel vun deenen detektéierte Substanzen noweisbar kriibserreegend, ierfguttschiedegend, fruchtbarkeetsschiedegend, allergiséierend oder neurotoxesch sinn, oder bei absolut niddregste Konzentratiounen hormonell wierksam kënne sinn, mat Konsequenzen, déi d'Fuerscher weltwäit ëmmer méi beonrouegen.

Ech schwätzen hei vun de sougenannte Perturbateurs endocriniens, den „endocrine disruptors", déi schonn an der Déierewelt zu ganz vill Onfruchtbarkeet oder zu Missbildunge gefouert hunn. Et ass lech vläicht bekannt wat mat den Alligatoren a Florida oder mat den Äisbieren a Grönland haut lass ass op deem dote Gebitt.

All dës Fakte goufe schonn 2001, also virun aacht Joer, am sougenannte „Wäissbuch" iwwer Chemikalie vun der Europäescher Kommissioun opgewisen an opgezielt. A schonn zënter iwwer 15 bis 20 Joer warne weltwäit dausende vu Fuerscher, Ëmweltexperten an Ëmweltmedeziner virun där zounehmender Chemikaliebelaaschtung vun alle Milieuen an och vum Mënsch. Si soen, datt dës Menacë fir Ëmwelt a Gesondheet mindestens genausou grouss wiere wéi d'Problematik vum Klimaschutz.

Nu gëtt et natierlech awer ëmmer och Politiker oder och Toxikologen a sougenannten Experten, déi och haut nach mengen déi Belaaschtunge wieren zwar do, mä si wieren dach meeschtens innerhalb vun offizielle Grenzwäerter an dofir wier de Problem wahrscheinlech awer net esou schlëmm.

Onofhängeg dovunner, datt esou munche vun deenen Experten noweisbar vun der Industrie kaaft an direkt oder indirekt bezuelt gëtt, weisen déi aktuell wëssenschaftlech Donnéeë leider an eng ganz aner Richtung. Offiziell Grenzwäerter fir Substanzen, soufern et der iwwerhaapt gëtt - a fir déi meeschte gëtt et iwwerhaapt keng Grenzwäerter -, sinn oft nämlech nëmme sougenannte Kompromisser tëschent ökonomeschen an Ëmwelt- oder Gesondheetsinteressen, a meeschtens zugonschte vun industriellen Interessen.

Si ginn och chronesche Belaaschtungen am sougenannten Niddregdosisberäich absolut net gerecht, well kee vun eis just enger Substanz ausgesat ass, mä ëmmer engem ganze Cocktail u Chemikalien a wiesselnde Mélangen, woubäi sech déi ënnerschiddlech Wierkunge vun all deene Substanzen zum Deel dramatesch verstäerke kënnen.

Vill Chemikalie wierken och méi geféierlech zu verschiddenen Zäite vun der Expositioun, woubäi d'Grossesse an déi prénatal Expositioun bei Wäitem am dramateschsten ass.

A fir déi geféierlech Substanzen, ob et elo CMR-Substanze sinn, also déi kriibserreegend, mutagen a reproduktiounstoxesch sinn, oder fir d'Perturbateurs endocriniens gëtt et iwwerhaapt keen ënneschte Seuil, bei deem se net geféierlech sinn.

Och d'Bioaccumulatioun an eisem Organismus an interindividuell Susceptibilitéiten duerch gutt oder schlecht geneteschen Entgëftungssystemer spillen dobäi eng wichteg Roll, ob een duerch déi Chemikalie krank gëtt a wéi schnell a wéi schlëmm. Esou datt déi klassesch Evaluatiounsmethoden iwwer sougenannten toxikologesch begrënnten DNELen - dat heescht „derived no-effect levels", dat ass d'Ofkierzung do dervun -, wéi se leider gréisstendeels REACH zugronn leien, leider nëmmen e klengen Deel vun enger wierklech wëssenschaftlech seriöer Evaluatioun vun Ëmwelt- a Gesondheetsgefore kënnen erfaassen.

Bei de Gesondheetseffete vu Chemikalien am sougenannten „low dose"-Beräich geet et dofir och nëmmen deelweis ëm klassesch, toxikologesch Risiken. Vill méi oft sinn déi zahlreich negativ Effeten haaptsächlech op immunologesch Inflamatiounsreaktiounen, Allergien a Sensibiliséierungen duerch Chemikalien zréckzeféieren. Déi hu bekanntlech an deene vergaangenen zéng bis 20 Joer dramatesch zougeholl.

Aus all dëse Grënn, Dir Dammen an Dir Hären, ass et haut och esou, datt bei Ëmfroen an der Europäescher Unioun néng Zéngtel vun de Leit vum Grand public dobaussen absolut beonrouegt sinn, net nëmmen doriwwer, datt esou vill dausende Substanze bis haut ouni seriö Evaluatioun op de Marché konnte kommen, mä och beonrouegt iwwer méiglech Ëmwelt- a Gesondheetsschied. Bei deenen Ëmfroe koum och eraus, datt iwwer 50% vun den EU-Biergerinnen a Bierger der Meenung sinn, datt d'Europäesch Unioun net genuch dogéint géif ënnerhuelen.

Dir Dammen an Dir Hären, dës Veronsécherung vum Grand public gëtt och bestänneg geniert duerch ëmmer nei Resultater vu wëssenschaftlechen Etüden iwwert dës Problemer. Esou sinn eleng an deenen zwou, dräi leschte Woche folgend Noriichten duerch déi international Press gaangen:

Éischtens, Kanada an elo och d'USA verbidden déi hormonell wierksam Substanz Bisphénol A a Polycarbonates-Bëbeesfläschen.

A Frankräich goufe bei Analysë vu Kanner-T-shirten an enger ganzer Rëtsch vu grousse Chaînen - ech soen hei keng Nimm - vum Institut national de Consommation ze vill héich Pthalat-Wäerter, dat si problematesch Weichmacher, opgedeckt.

An eng nei däitsch toxikologesch Etüd huet op problematesch synthetesch, östrogenähnlech Substanzen a Plastikmineralfläschen higewisen, déi sech géifen aus dem Plastik léisen.

Niewebäi konnt een dëser Deeg och liesen, datt a China zum Beispill, wou d'Katastroph am Gréissten ass, all 30 Sekonnen e Bëbee gebuer gëtt mat Missbildungen duerch d'Pollutioun.

Dir Dammen an Dir Hären, iwwert d'Ëmwelt- a Gesondheetsrisike vun Ëmweltschadstoffer am Allgemengen, mä och iwwert d'Chemikalien ass d'lescht Woch am Conseil de l'Europe unanime e gréissere Rapport ugeholl ginn, deen ech selwer fir d'Kommissioun vum Environnement vum Conseil de l'Europe am vergaangene Joer ausgeschafft hat, an deen den Titel dréit: „Pour une meilleure prévention des risques sanitaires liés à l'environnement".

An deem Bericht beruffen ech mech an deem Kontext an och am Kontext vu REACH op eng ganz Partie vun offiziellen Donnéeë vun der Weltgesondheetsorganisatioun, vun der Europäescher Ëmweltagentur zu Kopenhagen a vun der EU-Kommissioun selwer, mä och vu villen onofhängegen Etüde vu bekannten Universitéiten oder vun ëmweltmedezineschen Experten.

All dës Donnéeën an Etüde weise kloer ëmmer méi staark op e gréissere Lien tëscht Ëmweltchemikalien, an der Zounahm vu ville Krankheeten an deene leschte ronn 20 Joren hin. Esou seet zum Beispill d'Weltgesondheetsorganisatioun doraner aus, datt Ëmweltfacteuren, dorënner och eng Partie chemesch Substanze bei iwwer 80 verschiddene Krankheeten eng Roll spillen.

Dorënner Allergien, Asthma an aner Otemwee-Erkrankungen, Kriibs, cardiovasculaire Krankheeten, verschidde Reproduktiounskrankheete wéi Sterilitéit oder Missbildungen an esou virun. Eent op véier Kanner an Europa, dat heescht 25%, hätten duerno Allergien. Bei 14-Jährege wieren an England haut schonn no offiziellen Donnéeën 30% vun deene Jugendleche mat Allergien oder mat Asthma geplot. An de Kannerkriibs, haaptsächlech Leukämien, hätt an deene leschten 20 Joer ëm ronn 1% pro Joer zougeholl.

Och wat Broschtkriibs a Prostatakriibs betrëfft, maache weltwäit bekannte Fuerscher ëmmer méi staark Chemikalien, virun allem déi sougenannte Perturbateurs endocriniens derfir responsabel, oder zumindest matverantwortlech.

Dir Dammen an Dir Hären, et kéint een nach ganz vill aner Beispiller vun erwisene Lienen tëschent polluéierter Ëmwelt a Gesondheetsschied hei ufëieren, an och d'Responsabilitéit oder d'Coresponsabilitéit vu ville Chemikalien, déi sech an eiser Chaîne alimentaire, an eiser Ëmwelt befannen. Aus all deenen hei nëmme kuerz ugeféierten Ursaachen, well doriwwer gëtt et vill méi Literatur um Weltplang, wär et néideg gewiescht eng nei europäesch Chemikaliëreglementéierung ze kréien, déi wierklech streng an ëmfaassend genuch wär, fir wierklech eis Ëmwelt ze schützen a fir eng besser Preventioun vun esou Erkrankungen an och e bessere Konsumenteschutz ze suergen.

Dat alles ass leider mat där REACH-Reglementéierung, déi am Dezember 2006 an Europa décidéiert gouf an déi mer haut hei sollen ëmsetzen, nëmmen héchstens an éischten Usätz de Fall. Et ass der europäescher chemescher Industrie, an un der Spëtzt dovun däitsch Konzerner wéi Bayer a BASF, nämlech no méi wéi sechs Joer Diskussiounen an enger absolut aggressiver Lobbyaarbecht, wéi se Europa bis dohinner nach ni kannt hat, gelongen déi ursprünglech REACH-Versioun, wéi se opgrond vum Chemikaliëwäissbuch vun 2001 vun der EU-Kommissioun presentéiert gi war, esou wäit ze verwässeren an ofzeschwächen, datt doduerjer Profitinteressen zwar geschützt bleiwen, datt awer ëmgekéiert Ëmwelt-, Gesondheets- a Verbraucherschutzrechter ellen ënnert d'Rieder gerode sinn.

Den Industrielobbying vis-à-vis vun den Europaparlamentarier, mä och vis-à-vis vun der EU-Kommissioun an deem Kontext war esou massiv an zum Deel och esou crapuléis, datt et sech géif lounen eleng doriwwer e Buch ze schreiwen ënnert dem Titel: „Wéi Geld a Profitinteressen d'europäesch Demokratie Ëmwelt- a Gesondheet kapott maachen".

Une voix.- Très bien!

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- D'Amendementer, Här Oberweis, fir REACH wäitgehend ze verwässeren an ze entschäerfen, koume virun allem vun däitschen CDU-Deputéierten.

(Interruption)

Ech hunn den Här Oberweis hei zitéiert, well hien eng Rei positiv Interventioune gemaach huet. Woubäi ech him awer muss soen, datt all déi Amendementer oder e groussen Deel vun den Amendementer, fir REACH ze verwässeren, komm si vun däitschen CDU-Deputéierten, notamment vun engem CDU-Deputéierten namens Nassauer aus Hessen, deen all Amendementer vu BASF a Bayer iwwerholl huet, fir an d'Parlament eranzebréngen a fir REACH ze verwässeren. Nom Vote vum Dezember 2006 war dunn e REACH-Reglement décidéiert, dat villes, wann net souguer déi wichtegst positiv Elementer, verluer hat.

Bei alle groussen europäeschen ONGen, déi sech fir eng gesond Ëmwelt a fir Verbraucherschutz asetzen, mä och bei den europäesche Gewerkschaften, war eng grouss Ernüchterung, Frust an Enttäuschung iwwert d'Resultat vum Vote vum Dezember 2006 ze verspieren, an och Déi Gréng konnten dee schwaache Bilan no esou laangen Diskussiounen net méi akzeptéieren. Dat erkläert, wéi gesot, och schon, firwat mir Gréng haut wäerten dergéint stëmmen.

Dir Dammen an Dir Hären, et bleiwe sécherlech bei dëser neier REACH-Reglementéierung e puer positiv Punkten, esou wéi se vum honorabelen Här Rapporteur, dem Här Negri, richteg hei presentéiert gi sinn.

De Prinzip selwer vun enger europäescher harmoniséierter Regelung ass positiv, d'Haaptstrukture selwer vu REACH sinn: en obligatoreschen Enregistrement; d'Evaluatioun an d'Autorisatiounsprozeduren; d'Schafe vun enger zentraler europäescher Chemikalienagentur zu Helsinki; liicht verbessert, mä nëmme liicht verbessert Informatiounsrechter fir d'Konsumenten; manner Déierenexperimenter; d'Hoffnung, datt lues a lues iwwert d'Joren awer eventuell déi schlëmmste Substanzen aus dem Verkéier gezu kënne ginn. Mä dee globale Bilan ass awer an eisen Aen, vun dëse puer Fortschrëtter ofgesinn - et ginn eng Partie vu Fortschrëtter -, insgesamt awer ganz schwaach.

Eisen Nee beim Vote soll aus dësem Grond och elo net geriicht si géint de Rapport vum Här Negri, mä haaptsächlech verstane ginn als e Protestvote an als e Signal, datt leider erëm eng Kéier sträflech verpasst ginn ass wierklech Neel mat Käpp ze maachen, am Intérêt vun Ëmwelt a Gesondheet, an och am Intérêt vun engem méi responsabelen, innovativen an dofir um Weltplang och méi kompetitiven industrielle Secteur.

Une voix.- Très bien!

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Dir Dammen an Dir Hären, bei där elo virleiender REACH-Versioun kann een an eisen Aen och net d'Beispill ufëiere vum berühmte Glas, dat eben deen een als hallef voll, an deen aneren eben als hallef eidel géif considéréieren. Dat berühmte Glas ass an eisen Aen emol net zu engem Drëttel voll. Et gi bei REACH ganz einfach vill ze vill onzouléisseg Lacunen, ze vill vag an zweifelhaft Formuléierungen, vill ze vill laang Zäitofleef an ze vill oppebleiwend Bestëmmungen, wat

méiglech Revisiounen a Verbesserunge vum REACH-Reglement betrëfft.

Dofir hunn all europäesch ONGe vun Ëmwelt a Gesondheet an deene vergaangenen zwee Joer ëmmer erëm a vehement Nobesserunge vun dësem Text verlaangt. Wann Der op d'Internetsäite vu Greenpeace, vu World Wildlife Fund for Nature, vun HEAL, Health and Environmental Alliance, vun der europäescher Akademie vun der Ëmweltmedezin, vun den europäesche Verbraucherschützer oder vun de Gewerkschafte siche gitt, da gesitt Der, datt do iwwerall elo no enger drastescher Verschäerfung vu REACH verlaangt gëtt an datt do ganz seriö Nobesserungsfuerderunge verlaangt an artikuléiert ginn.

Wat sinn a Stéchwierder just e puer vun deene wichtegste Lacunen oder gréissere Schwaachpunkte vum aktuellen Text? Et fänkt scho beim Enregistrement a sengen zäitleche Prozeduren un - dat ass och vum Här Oberweis hei virdrun a vum DP-Vertrieder, vum Här Berger, och schonn hei gesot ginn -, wouvun iwwer 100.000 chemesch Substanzen a méi, déi um Marché sinn, der just ronn 30.000 drënner falen, déi a Quantitéiten iwwer eng Tonn pro Joer produzéiert a gehandelt ginn.

„Mä wat ass dann" - dat huet och den Här Oberweis richteg gesot - „mat deenen aneren?", freet sech net nëmmen de Commun des mortels dobaussen. Sinn déi eleng doduerjer onproblematesch, well se vläicht nëmmen a Quantitéite vun 0,8 Tonnen oder 0,9 Tonne pro Joer produzéiert ginn? Grad déi geféierlech Substanze si schonn a Milligramm, a Mikrogramm an am Nanoberäich absolut problematesch. Mä et ass jo bis haut och emol nach guer net kloer, wat dann zum Beispill mat de sougenannten Nanosubstanzen an den Nanomaterialie soll geschéien.

D'Industrie huet fir vill Substanzen och relativ laang Délaien, zum Deel bis 2018. Dat sinn nach ronn néng Joer; an eisen Aen eng vill ze vill laang Zäit, wann ee weess wéi urgent déi Problematik ass.

Beim Enregistrement vu ville Substanzen a Quantitéiten tëschent enger an 10 Tonnen brauch d'Industrie zum Deel och nëmme reduzéiert Testdonnéeë beim Enregistrement unzeginn. D'ONGen an Déi Gréng verlaange komplett Testdonnéeën, zumindest fir déi 3.000 Substanzen, déi elo prioritär am Mëttelpunkt stinn.

Mir sinn och der Meenung, datt egal wat fir Substanzen d'Industrien op de Marché brénge wëllen, datt si dofir en Devoir de prudence, eng Sécherheetsverflichtung an eng juristesch Verantwortung mussen hunn.

Och bei der Evaluatioun, dem zweeten Aspekt, ginn et eng Rëtsch Problemer. Engersäits gëllt et jo d'Donnéeë vun der Industrie ze kontrolléieren an op hir Seriositéit ze iwwerpréiwen. Bei deenen Onmasse vu Substanze riskéiert et trotz Astellung vu ronn 450 Fachleit bei der Agence zu Helsinki zu praktesch onléisbare Problemer ze kommen. Esou datt just ronn - et ass jo emol gesot ginn - 5% Stéchprouwen als Kontrolle kënnen assuréiert ginn; wat schonn net ganz rassurant ass. D'Evaluatioun selwer vun Ëmwelt- a Gesondheetsrisiken, déi dann a Collaboratioun mat Expertecomitéen an deene verschiddenen EU-State sollen erfollegen, bitt och eng ganz Rëtsch vu Risiken a Lacunen.

Ech hat virdru scho kritiséiert, datt grad am Beräich vu chroneschen a laangjährege Belaaschtungen am Niddregdosisberäich déi klassesch toxikologesch vun Déierversucher ofgelehnt Valeur-seuilë fir eng chemesch Substanz kenger Realitéit méi gerecht ginn, well de Mënsch all Dag kloer ville Substanzgemëscher ausgesat gëtt, déi eben am Mélange problematesch kënne sinn.

Méi kritesch ONGen emfannen och vill Skepsis par rapport zu sougenannten Expertecomitéen, déi net kontradiktoresch besat sinn, an déi dofir oft am Verdacht sinn éischter Industrieinteressen ze vertrieden. Beispiller dofir kéint ech lech der ganz vill aus ville Länner hei zitéieren, wou nogewise ginn ass, datt sougenannten Experte vun der Industrie bezuelt waren.

Wat d'Autorisatioun oder de Verbuet vun héchstgeféierleche Substanze betrëfft - a mer hate jo wierklech an der Vergaangenheet Problemer a Skandaler genuch mat esou Substanzen -, esou hat d'Lobbyaarbecht vun der chemescher Industrie am Joer 2006 et fäerdeg bruecht - an dat ass eng vun eisen Haaptkritiken -, fir déi obligatoresch Substitutioun, dat heescht de Verbuet vun extrem geféierleche Substanzen, am REACH-Projet wäitgehend ze kippen an dat ze ersetzen duerch eng vag industriefrëndlech Formel, déi do heescht: eng Maîtrise controlée vun deene Substanze géif duergoen.

Eng „Maîtrise contrôlée", wat alles an näischt heescht. Dat Ewechfale vun där soforteger obligatorescher Substitutioun, wann aner méi sécher Alternative bestinn, ass an eisen Aen, an och an den Ae vun den ONGen a vum Public dobaussen, eigentlech en absolute Skandal. Eleng och schonn aus deem Grond ass dës REACH-Versioun keen Text, dee wierklech kéint Ëmwelt-, Gesondheets- a Verbraucherschutz assuréieren.

Dir Dammen an Dir Hären, et besti sécherlech Revisiounsklauselen a Revisiounsdélaië fir REACH nozebesseren. Mä zum Beispill eréischt ab 2013, dat heescht sechs Joer no der Entrée en vigueur, soll iwwer eng obligatoresch Substitutioun vun den Endocrine-stéierende chemesche Substanzen diskutéiert an entscheet ginn. Et weess ee guer net, wéi déi Entscheedung dann do wäert ausfalen.

Obschonns haut scho führend Wëssenschaftler öffentlech, zum Beispill an der rezenter Deklaratioun vu Prag, déi vun honnerte vu Wëssenschaftler ënnerschriwwe ginn ass, grad virun de gravéierenden hormonelle Wierkunge vun dëse Perturbateurs endocriniens warnen. An och wat d'Informatiounsrechter vun de Verbraucher ubelaangt, sou bleiwen déi duerch eng Rei vu Bestëmmungen an deem Text dach relativ reduzéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt nach eng ganz Rei aner Lacunen an dësem REACH-Reglement. Wann ech op all dës Punkten hei elo géif agoen, da wär ech sécher nach eng hallef Stonn hei amgaang. Eis Konklusioun ass, esou wéi déi vun deene groussen ONGen, datt wierklech hei eng grouss Chance fir Ëmwelt a Gesondheet verpasst gouf an datt et elo leider wäert drop ukommen, fir massiv Drock ze maachen, fir datt et esou schnell wéi méiglech zu drastesche Verbesserunge vun dësem Reglement kënnt.

Eng éischt Initiativ an deem Sënn bezitt sech op déi sougenannte Kandidatelëscht vun héich geféierleche Substanzen, déi prioritär gekuckt solle ginn, well se kriibserregend, mutagen, reproduktiounstoxesch an esou viru sinn. Bis elo awer hunn déi 27 EU-Staten, déi gefrot goufen, insgesamt 16 - insgesamt 16! - vu ronn 3.000 problematesche Substanzen op déi Kandidatelëscht gesat. 16 vu ronn 3.000! An déi 16 stammen aus ganze siwen EU-Staten! A Lëtzebuerg war leider och kloer net mat derbäi. Während wëssenschaftlech geséchert Daten iwwert dës héich Geféierlechkeet mindestens scho fir 1.500 vun deene Substanzen zënter Jore bestinn, awéiwäit se zum Beispill kriibserregend sinn! Do gëtt et Date vum CIRC zu Lyon iwwert honnerte vu Substanzen, vun deene bekannt ass, datt se noweisbar kriibserregend sinn.

Dofir hunn déi europäesch ONGen hirersäits elo eng sougenannte SIN-Lëscht - SIN steet fir Substitute It Now - erausginn, déi vill méi ëmfangräich ass, mam Zil fir d'Politik dovunner ze iwwerzeegen, all déi Substanzen esou schnell wéi méiglech vum Marché ze huelen, wann Alternative bestinn oder hinnen zumindest nach just eng Iwwergangsautorisatioun ze gi vu maximal fënnef Joer, fir d'Innovatioun ze forcéieren an zu méi onproblemateschen Alternativen ze kommen.

Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, kommen ech zum leschte Punkt vun eiser Interventioun an zur Konklusioun: Wie vun deelweis dramatesche Schied un Ëmwelt a Gesondheet duerch Chemikalië schwätzt a vun dem noutwendege Verbuet vun esou Substanzen a vun der Entwécklung vun Alternativen, dee wëllt haut net nëmme reaktiv handelen, dee sicht och no Alternativen. A well et wéi gesot absolut net drëm geet, d'Chemie ofzeschafen, mä just eng Partie Dériven doranner, ass den Asaz fir eng drastesch Nobesserung vu REACH an engems och de Plädoyer fir eng aner Chemie, déi méi nohalteg an onproblematesch wär.

Dat ass haut scho méiglech! Et gëtt haut schonn eng ganz Partie vu méi onproblemateschen Alternativen op ganz ville Gebidder. De Mouvement fir eng méi gréng Chemie ass iwwregens ausgaang an den USA am Joer 1991, an zwar vun engem Chimiste selwer, dem Paul Anastas, Direkter vum Green Chemistry Institute, deen zesummegeschafft huet mat der amerikanescher EPA, der amerikanescher Ëmweltverwaltung, am Kontext vun der gesetzlecher Reglementéierung „Pollution Prevention Act". Schonn 1996 hat hien zesumme mat enger EPA-Kolleegin e gréisseren Artikel publizéiert ënnert dem Titel „Green Chemistry, an Overview", deen d'Basis geluecht huet vun enger sougenannter grénger Chemie.

An engem zweeten Text, deen hien 1998 zesumme mam John Warner publizéiert hat ënnert dem Titel „Green Chemistry: Theory and Practice", huet hien zwielef Prinzipië vun enger grénger, ökologesch méi kompatibeler Chemie duergeluecht, an deenen et am Résumé ënner anerem ëm Ressourcëschounung, ëm renouvelabel a biodégradabel Matières premières geet, ëm manner toxesch reaktivéierend Stoffer an ëm manner bioaccumulatif Stoffer, ëm méi onproblematesch Solvanten, ëm energetesch Effikassitéit, ëm Preventioun vu problemateschen Décheten hanneno an esou virun.

Doriwwer, Dir Dammen an Dir Hären, gëtt et haut ëmmer méi international Literatur, an och ONGe wéi Greenpeace zum Beispill an anerer hu schonn an deem Sënn gewierkt, fir zum Beispill bei grousse kommerzielle Chaînen op problematesch Substanzen anzewierken an op Alternativen hinzeweisen. An eng Partie vun deene grousse Chaînë sinn och schonn op déi Saachen agaangen.

Eng aner, eng méi ökologesch a gesondheetlech kompatibel gréng Chemie-Produktioun ass méiglech a muss innovativ entwéckelt ginn, och hei zu Lëtzebuerg. Eis Industrien an eis CRPe sinn an deem Sënn dobäi gefuerdert, ënner anerem och am Kontext vun der Entwécklung vun neien, zukunftsträchtege wirtschaftleche Créneauen, déi och Aarbechtsplaze fir eis Zukunft kënne schafen.

D'Zukunft läit an eisen Aen also an enger schneller an drastescher Nobesserung vum REACH-Projet op där enger Säit, mä awer och an der Entwécklung vun enger neier, méi ökologescher chemescher Produktioun op där anerer Säit.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Huss Merci. Als leschte Riedner ass den Här Roby Mehlen agedroen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, et wär bal alles zu dësem Projet gesot, wat dozou ze soen ass.

(Interruption)

Woubäi een natierlech feststelle muss, datt d'Approchen net ëmmer déiselwecht sinn. Ech wëll, Här President, mat engem Zitat aus dem Goethe sengem „Zauberlehrling" ufänken: „Die Geister, die ich rief, die werde ich nicht mehr los." Oder esou ähnlech.

Une voix.- Dat ass net ganz richteg, mä et versteet een et.

(Hilarité)

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Sënngméiss trëfft et sécher zou. Ech mengen, dat ass dee Prozess, an deem mer dra sinn.

Ech wollt mat engem Beispill ufänken, dat ech selwer erlieft hunn. Ech sinn als Bouf scho matgaangen op d'Feld. Et ass scho laang hier. D'Dëschtele stiechen, ech weess net, wien heibannen dat matgemaach huet, mä et hat ee ganz séier Bloderen un den Hänn, et ass eng ondurren Aarbecht gewiescht. An ech erënnere mech drun, wéi mäi Papp voller Begeeschterung gesot huet: Elo hu mer eppes, wat d'Dëschtele futti mécht! An dunn ass da mat der Sprëtz iwwert d'Feld gefuer ginn, an dann hu se sech e puer Deeg duerno zesummegekrëmmt an da ware se fort. Dat war fir d'Leit deemools e risegrousse Fortschrëtt.

Dat huet sech iwwregens net nëmmen op d'Dëschtele limitéiert, mä all dat anert, wat um Weess, an der Huewer, an der Geescht d'Liewe schwéier gemaach huet. An d'Resultat war relativ séier ze gesinn. Et waren Ertragssteigerungen op eng Kéier do, well déi lästeg Konkurrenz jo net méi do war, déi ganz notabel waren.

Alles dat huet sécher zur Verbesserung, ech wëll net soe vun de Liewensbedéngungen, awer zum Développement vum Wuelstand bäigedroen, well mer an der Nahrungsproduktioun aus enger Situatioun vun Ënnerproduktioun leider an eng Situatioun vun Iwwerproduktioun komm sinn. Mä et ass jo eng grouss Diskussioun doriwwer, ob d'Mënschheet haut iwwerhaapt nach sat ze maache wär, wa mer déi chemesch Hëllefgeeschter do net hätten.

Jiddefalls, Jorzéngten duerno - well dee chemeschen Traitement op de Felder ass jo weidergaang, well jiddweree gesot huet, och souguer an de Schoulen ass deemools gesot ginn, do braucht Der keng Angscht ze hunn, well et stierft keen dobäi -, no Joren ass awer festgestallt ginn, datt zum Beispill just d'Bauerepopulatioun aachtmol méi heefeg u Lymphdrüsekriibs erkrankt ass, wéi de Rescht vun der Populatioun. Et ass och relativ sécher bewisen, datt dat duerch déi Zort vu Sprëtzmëttel komm ass.

Här President, dat Gesetz, wat mer haut solle stëmmen, bréngt eis sécher e Schrëtt virun. Et ass eng absolut Noutwendegkeet gewiescht, fir hei aktiv ze ginn. Ech géif soen, et wier méi wéi iwwerfälleg gewiescht, well et huet e groussen Impakt op eis Gesondheet.

Ech kann net aus esou engem Fundus schäffe wéi mäi Virriedner, de Kolleeg Huss, dee sécher e grousse Spezialist dodran ass, mä mir wëssen awer haut, ech mengen, et ass onbestridden, datt vill chronesch an och akut Krankheeten ouni Zweifel op Chemikalien zréckzeféiere sinn, déi relativ ongepréift, oder wann et da gepréift war, dann trotzdeem zimlech sorglos op d'Mënsche lassgelooss gi sinn, woubäi et net ëmmer einfach ass, de Bewäis ze erbréngen, datt et dohier kënnt. D'Folgen dovu si vill mënschleche Misär an domat verbonnen d'Käschte fir d'Gesondheetswiesen.

Et muss een och soen, datt et fir déi Firmen, déi déi Chemikalien hierstellen an déi frou sinn natierlech, wann de Marché gutt geet, wierklech eng Goldgrouf ass. Wann ee gesäit, wat awer haut alles vun Zivilisatiounskrankheeten eis plot! Wann ech nëmmen d'Allergië kucken, woubäi et erëm schwéier ass fir dat bis an de leschten Detail ze beweisen, datt et duerch Afloss vu Chemikalië kënnt. Mä et hu sech ganz nei Gebidder ergi fir d'chemesch an d'pharmazeutesch Industrie, fir dat, wat mat hire Produkter u Misär ugeriicht gëtt, dann erëm hallefweegs ze heelen. A wann do erëm Niewewierkunge kommen, dann hu se erëm en anert Mëttelchen, wat och erëm Geld kascht, fir dann d'Niewewierkungen ze bekämpfen.

Plusieurs voix.- Très bien!

Une voix.- Dat ass ganz richteg!

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Mir sinn an engem Däiwelskrees dran. Dann och nach verbonne mat deem mënschleche Misär, deen do entsteet! Ech muss soen, Här President, wann een haut d'Doudesannoncen an den Zeitungen examinéiert - an ech maachen dat mat enger gewësser Akribie, well et mech ëmmer interesséiert, besonnesch wa méi jonk Leit stierwen, wat dann do d'Ursaach soll gewiescht sinn -, da muss een dach awer soen, datt et héich bedenklech ass, wat mer de Moment erliewen.

Wat bréngt REACH? Ech brauch dat net méi hei ze erklären, Gott sei Dank. Ech wëll dem Rapporteur bei där Geleeënheet Merci soen. Hien huet eis dat hei erkläert. Et gëtt fuerchtbar vill Substanzen, déi hei mussen och deelweis réckwierkend ënnersicht ginn. Hei ass d'Zuel vun 30.000 genannt ginn. Dat eleng weist schonn d'Envergure, well fir esou eng Substanz ze evaluéieren, do geet et jo net wéi gesot, wéi eis am Ufank ëmmer gesot ginn ass: Ma et stierft jo keen drun, da mécht et näischt. Mir wëssen, datt déi nidderträchtegst déi sinn, wou d'Wierkung eréischt no zéng oder no 20 Joer zum Droe kënnt, an dann ass et meeschtens ze spéit.

Ech ka mech de Kritike vu menge Virriedner gréisstendeels uschléissen. Ech wëll hei just een, zwee Punkten erausgräifen. Et ass jo awer net normal, datt gesot gëtt, datt déi Risike misste valablement maîtriséiert ginn, a wann dat net wär, da misst ee kënnen ofweien tëschent de sozioökonomeschen Avantagë vun där Substanz op där enger Säit, an de Risiken op där anerer Säit, wa keng Ersatzsubstanzen oder Ersatztechnologië verfügbar wären. Dat ass absolut a Contradictioun, wéi d'Chambre des Employés privés zu Recht bemierkt, mat der aktueller Législatioun iwwert d'Protektioun vun den Arbeitnehmer.

REACH spillt och net - ech mengen, den Här Huss huet et hei gesot - fir déi Substanzen, déi a klenge Quantitéite produzéiert a kommerzialiséiert an agesat ginn. An de Quantum seet jo iwwerhaapt näischt aus iwwert d'Toxicitéit, sou datt do och Risiken dermat verbonne sinn, déi iwwerhaapt net kënnen ofgewië ginn.

Wou ganz sécher e Schratt no vir gemaach gëtt, dat ass de Renversement de la charge de la preuve. Ech hunn ni verstanen, datt et duergeet - well ech de Maart vun de Chemikalien an der Landwirtschaft, vun de Sprëtzmëttel, Pestiziden e bësse verfolle-

gen -, datt eng Firma, déi dat entwéckelt, zwee Joer laang e bëssen observéiert, dann e Rapport schreift an opgrond vun deem Rapport gëtt dat dann zougelooss. Natierlech ass et eng enorm Aarbecht, fir dat alles uerdentlech ze ënnersichen: Wat fir eng Auswierkungen huet et? Virun allem wat fir eng Auswierkunge kann et hunn a Verbindung mat anere Substanzen? Well do entsti jo dann erëm Reaktiounen an et entstinn ënner Ëmstänn erëm ganz nei Substanzen.

Hei ass et elo emol esou, datt een net muss beweisen, datt dat schiedlech ass, mä déi Firma, déi d'Zouloossung gären hätt, muss beweisen, datt et onschiedlech oder wéinstens wäitgehend onschiedlech ass. Et ass wéi gesot eng Herkulesaarbecht, dat alles, bei all där Fuerschung, déi de Moment geschitt, an där neier Entwécklung, déi geschitt, an nach dat, wat mer réckwierkend mussen opschaffen. Eng Herkulesaarbecht, wou ee sech wierklech freet: Wéi soll déi Aarbecht da kënne seriö gemaach ginn? An et hätt ee wierklech de Wonsch, datt mer eng weltwäit Agentur kriten, déi dann och personell déi Moyenen hätt, datt mer op der ganzer Welt déi Aarbecht fir d'ganz Welt géife maachen.

Mir sinn alt frou, datt mer et elo um Niveau vun der Europäescher Unioun erreecht hunn, mä et ass, an do ginn ech dem Här Huss och Recht, praktesch net méiglech fir déi Aarbecht do uerdentlech ze maachen.

Här President, domat kéim ech zum Ofschloss. Mir freeën eis doriwwer, datt eis Betriber - well dat ass jo de Revers vun der Medail, besonnesch eis Kleng- a Mëttelbetriber, déi mussen hei mat där Reglementatioun ëmgoen - Hëllef fanne beim Helpdesk vum CRTE. Mir hunn dat jo och e bësse virgedroen an explizéiert kritt. Dat ass absolut positiv ze gesinn. Mir hoffen, datt déi Hëllef, déi se do kréien, och déi ass, déi se brauchen, an datt se kënne mat der Reglementatioun eens ginn, well si si jo net déi, déi déi Substanzen entwéckelen. Si sinn déi, déi mussen dermat ëmgoen, déi deelweis och d'Risiken ze droen hunn.

Fazit vu Säite vun der ADR: REACH war méi wéi iwwerfälleg. REACH ass sécher e Fortschrëtt, mä et ass ëmmer nëmmen e Kompromëss. REACH léist nach laang net all d'Problemer. Mir kënnen och hei vu Lëtzebuerg aus näischt drun änneren. Mir kënnen net méi wéi dat Reglement CE 1907/2006 hei um legislative Plang guttheeschen, a mir wëllen hei d'Hoffnung ausdrécken, datt et duerno wierklech weidergeet, well mir sinn eréischt op enger Zwëschenetapp ukomm. Ech wëll domadder soen, datt mir begréissen, datt dat Gesetz hei kënnt, mä datt mir eis och aus deene Grënn, déi ech elo opgezielt hunn, wäerten enthalen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Ech soen dem Här Mehlen Merci, an elo kritt d'Wuert den delegéierten Ausseminister, den Här Nicolas Schmit.

M. Nicolas Schmit, *Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration.*- Här President, fir d'éischt wéilt ech emol soen, firwat ech hei stinn an net dee responsabele Minister.

Une voix.- Mir hunn eis dat geduecht.

M. Nicolas Schmit, *Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration.*- Voilà! Net well ech en Expert vu REACH sinn - ech mengen, mir hunn hei grouss Experten, notamment den Här Huss, den Här Negri -, mä ganz einfach, well den Här Lux krank ass a mech gefrot huet, hien den Owend hei ze ersetzen. Dir dierft also net vu mir verlaangen, e groussen Expert vu REACH ze sinn. Ech wëll awer besonnesch natierlech dem Rapporteur Merci soen an ech wëll och all deenen Intervenanten hei Merci soen.

Et ass eigentlech schued, datt esou e wichtegt Gesetz…

Plusieurs voix.- Jo, jo.

M. Nicolas Schmit, *Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration.*- …iwwer esou eng wichteg Direktiv, wou ech géif soen, datt et eng vun deene wichtegsten Direktiven - mat alle Kritiken, op déi ech och nach ze schwätze kommen - vun deene leschte Joren an der Europäescher Unioun wor. An d'Preuve dervun, wéi wichteg se ass, ass emol éischtens déi laang Zäit, déi se gebraucht huet.

Effektiv war et en haarde Kampf zwëschent opposéierten Interessen: Op där enger Säit der Chemieindustrie, ganz kloer, déi annoncéiert huet, dat ass de Cataclysme, dat ass d'Enn vun der europäescher Chemieindustrie; an op där anerer Säit, ech géif soen, enger Majoritéit vu Politiker, vu Bierger, vun Organisatiounen, déi unhand vun effektiv ganz kloere wëssenschaftlechen Erkenntnisser gesot hunn, datt et absolut Zäit wier fir dee chemesche Secteur nei ze reglementéieren, andeem een all déi Geforen, reeller, potenzieller, mä déi fir ons Gesondheet, fir d'Ëmwelt bestinn, mat katastrophale Konsequenzen, dat muss ee soen, a ville Beräicher, fir dat endlech besser ze reglementéieren.

Ech bedaueren u sech, datt den Här Lux net hei steet, well ech muss soen, hien huet um iwwerhaapt Zustanekomme vun deem Kompromëss, an effektiv ass et e Kompromëss, e grousse Mérite, well zu enger ganzer Rei vu Momenter war déi Négociatioun um Kippen, war op engem Punkt ukomm, wou et eigentlech net méi virugaangen ass. An et war ënnert der Lëtzebuerger Présidence, an dank och dem Asaz vun dem Här Lux mat sengen Experten, datt eigentlech déi Négociatioun iwwerhaapt konnt ofgeschloss ginn, e puer Méint méi spéit, Enn Dezember, ënner englescher Présidence.

Nu wëll ech net, wéi den Här Huss dat elo schonn annoncéiert huet, dee Vergläich gebrauchen zwëschent dem Glas, wat hallef voll oder hallef eidel ass, mä ech soe ganz einfach, hei hu mer e wichtegen Astieg an eng aner Approche. Mir hunn en Astieg iwwerhaapt emol an deem Domän do, europawäit Kontrollen ze hunn, an d'Gefor, den Niveau vun der Gefor kënne besser ze evaluéieren an och dergéint kënne Mesuren ze huelen.

Ech mengen, iwwert d'Method vu REACH ass laang hei geschwat ginn. Ech soen awer, de Principe de précaution an esou en Text anzebauen, c'était pas une mince affaire. Ons Industriell emol ze obligéieren ze beweisen, wéi dat och elo virdru gesot ginn ass, datt eppes net geféierlech ass, an dat ze beweisen, dat ass eppes, wat a priori net ganz einfach ze erreeche war.

Ech ka mech gutt drun erënnere wéi déi viregt Ëmweltkommissarin, d'Madame Wallström, eigentlech fir e Schock ze provozéieren, sech Blutt huele gelooss huet a bewisen huet, wat mer alleguerten, net nëmme si, mä si huet e Beispill ginn, fir ze beweisen, wat mer alleguerten esou vu Substanzen, déi eigentlech net direkt zu eis passen, an onsem Blutt hunn. Dat war dee Schock, dee provozéiert ginn ass. An ech mengen duerfir ass et och méiglech gewiescht iwwerhaapt zu engem Ofschloss vun dëser Négociatioun an zu der Adoptioun vun dësem Reglement ze kommen.

Ech sinn e bëssen iwwerrascht, wa wierklech hei all méiglech Komplotttheorien développéiert ginn. Ech muss awer rappeléieren, datt dee Reglement no laangen a schwieregen Diskussiounen am Europaparlament, an d'Europaparlament huet hei e ganz wichtege Rôle gespilt - et wier vläicht net zu deem dote Kompromëss komm, wann den Drock am Europaparlament, net nëmmen deen negativen, mä besonnesch och dee positiven, deen an déi richteg Richtung gedréckt huet -, wann d'Europaparlament dee Rôle net gespilt hätt.

Ech rappeléieren: 529 Stëmme fir d'Reglement REACH, 98 dergéint a 24 Enthalungen, an dat an enger éischter Lecture, wou de Conseil dann deem Kompromëss zougestëmmt huet. E Kompromëss, deen d'ailleurs och vun de Lëtzebuerger als e Minimalkompromëss bezeechent ginn ass an net mat absolutem Enthousiasmus begléckt ginn ass. Mä ech muss derbäifügen, datt Europa hei awer eng Virreiderroll geholl huet, a lues a lues - et ass hei vun der internationaler Dimensioun geschwat ginn - kee méi laanscht déi Virreiderroll vun Europa kënnt.

Well et ass jo net nëmmen esou, datt mer d'Substanzen evaluéieren, de Risque dervun evaluéieren, enregistréieren op hir Geféierlechkeet, déi mer selwer produzéieren, well dat war jo eent vun den Argumenter vun der Chemieindustrie, déi gesot hunn: „Majo, da gi mer ganz einfach a China se produzéieren a mer reimportéiere se an Europa." Neen, de Reglement REACH applizéiert sech och op Produkter, déi mer importéieren. Et ass also eppes, wou Europa e Standardsetter ass, wou also déi ganz Welt sech deem lues a lues upasse muss.

Ech hu mat vill Intérêt nogelauschtert, och wat den Här Huss gesot huet, iwwert déi „gréng Chemie", an ech hu mech gefrot: „Jo, dat ass jo formidabel, dat ass jo ganz schéin. Wéi komme mer dann eigentlech zu enger «grénger Chemie»? Wéi brénge mer et fäerdeg vun där schwéierer Chemie mat all hiren Nodeeler, mat all hire Geforen, an eng Chemie ze goen, déi effektiv déi Risike besser evaluéiert, deene besser Rechnung dréit?"

Majo, et ass iwwer e Prozess wéi REACH wou mer kënnen den Astieg an esou eng Chemie fäerdegbréngen, well REACH beweist ons, datt duerch deen Drock fir alternativ Substanzen, Substitutiounssubstanzen ze produzéieren, datt déi chemesch Konzerner, déi jo eigentlech gären op hire Rente liewen, obligéiert ginn elo erëm massiv Suen an Alternativen ze stiechen, datt mer d'Recherche an Europa encouragéieren, datt mer d'Innovatioun an der chemescher Industrie encouragéieren.

An ech mengen, duerch e Reglement wéi REACH brénge mer et fäerdeg, datt op där enger Säit ons ekonomesch Interessen, déi jo besonnesch an där aktueller Kris net ze négligéiere sinn, respektéiert ginn an engem gewësse Sënn, awer net contraire sinn zu deenen ëmweltpoliteschen a gesondheetlechen Nécessitéiten. Ech mengen dat ass jo onst Zil, ze probéieren deen Équiliber ze fannen zwëschent engersäits der Ekonomie, an anerersäits der Ëmwelt an der Gesondheet. An duerfir ass dat Reglement REACH e richtegen Astieg an déi Approche, well mer ons chemesch Industrie an déi Richtung pousséieren, se obligéieren an déi Richtung ze goen.

Dat ass eng gutt Saach fir ons Gesondheet, mä et ass och eng gutt Saach fir d'Ekonomie an Europa, well, nach eng Kéier, iwwert deen do Wee si mer den Trendsetter fir d'Welt a mer weise wou déi richteg Richtung geet, a mir schwätze jo vun Ökotechnologien, mir schwätze jo dervun, datt mer eigentlech eis Ekonomie musse méi gréng maachen. An ech sinn deen Éischten, Här Huss, deen domat d'accord ass. Ech soen als lescht Wuert: Jo, REACH ass...

M. le Président.- Här Minister, erlaabt Dir, datt den Här Huss lech eng Fro stellt?

M. Nicolas Schmit, *Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration.*- Jo, natierlech.

Une voix.- Elo gëtt et awer schwéier.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Ech menge mat Ärer gudder Absicht, och mat där Aschätzung vu REACH, dat kann een diskutéieren. De Problem ass awer, dat wier wouer gewiescht, wann et gelonge wier an deem Text vu REACH wierklech de Substitutiounsprinzip obligatoresch ze verankere bei alle Produite wou Alternative scho bestinn. An dat ass awer net gelongen.

De Problem ass, datt eng Formel drageholl ginn ass vun der Maîtrise contrôlée, déi d'Industrie da selwer definéiert. An do läit einfach de Problem, datt et net ganz esou ass wéi Dir sot. Dat ass wënschenswäert, wann et esou wier, an ech géif lech och do ënnerstëtzen.

De REACH-Prozess ass sécherlech en Astieg, do sinn ech och mat lech d'accord, och datt deen international vu Bedeitung ass. Mä et ass net wouer, datt d'Europäer do führend sinn. Ech hunn lech virdru gesot, datt an der Green Chemistry d'Amerikaner 1991 ugefaangen hunn an eis schätzungsweis zéng Joer viraus sinn. Trotz Bush-Regierungen, déi do waren, si se eis schätzungsweis zéng, wann net 15 Joer viraus an der Definitioun vun enger Green Chemistry. An net nëmmen an der Definitioun, mä och an der Praxis, an der Ëmsetzung.

Do gëtt et, also wann Dir lech do informéiert, do kënnt Dir emol kucken...

M. le Président.- Entschëllegt, Här Huss, mä ech hunn d'Fro nach net richteg verstanen. Mir sinn elo net an enger offener Diskussioun. Dir däerft gär eng Fro stellen.

(Interruptions)

M. Nicolas Schmit, *Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration.*- Also ech kann lech just soen - Dir wësst dat vläicht och, datt d'Amerikaner net esou begeeschtert ware vu REACH -, datt se souguer nogeduecht hu mat Momenter och iwwer aner Weeër, OMC an esou weider, géint d'Europäer virzegoen.

Also ech géif sécher soen, datt d'Amerikaner net ze ënnerschätze sinn, wat d'Innovatioun an esou weider ugeet, mat deem neie President, wat ech absolut ganz positiv fannen, datt dat esou ass. An ech mengen, do kënnt jo eng international Konvergenz, wann déi méiglech ass zwëschent Europa, op där enger Säit, an Amerika, an deem Beräich.

E lescht Wuert, dat ass net négligeabel, et ass gesot gi kleng Entreprisen: Mir hunn och iwwer REACH eng gewësse Vereinfachung vun de Prozeduren. Mir hunn eigentlech 40 verschidde Regelen ersat duerch ee Reglement, wat jo och fir méi kleng Entreprisen a fir d'Transparenz iwwerhaapt vun deene Methoden eng positiv Saach ass.

Elo hunn ech eng Fro gestallt kritt vum Här Berger, wann ech mech richteg kann erënneren, dee freet, wat fir eng Verwaltung zoustänneg ass. Bon, dat ass vläicht e Problem, deen net definitiv gekläert ass. Ech géif soen, momentan geet et drëm, datt verschidde Verwaltungen enk mateneen zesummeschaffen, souwuel de Ministère de l'Économie, dee jo säin Institut des Normes huet, op där enger Säit, an d'Ëmweltverwaltung.

Ech mengen, wa sech do Problemer maachen, wou esou Substanze géifen identifizéiert ginn oder fonnt ginn am Commerce, da géifen déi Verwaltungen zesummeschaffen. An ech kéint mer och virstellen, datt och de Ministère de la Santé esou e Rôle géif spille bei Produiten, déi méi am pharmazeuteschen oder esou engem Beräich sinn, fir da schnell kënnen ze reagéieren.

Als Konklusioun soen ech: Effektiv, REACH ass en Astieg, REACH ass perfektibel a muss och verbessert ginn. Et sinn do Rendez-vousë geholl. Loosse mer REACH eng Chance ginn an, ech géif soen, loosse mer der Agence zu Helsinki eng Chance ginn. Loosse mer och dem Konsument eng Chance ginn, fir seng Stëmm kloer ze expriméieren. Ech mengen de Konsument muss jo och an déi richteg Richtung drécken.

Dobäi wollt ech awer och nach corrigéieren, datt dat, wat Dir gesot hutt vun ONGen, e bësse méi nuancéiert ass, well souguer eng ONG wéi Greenpeace huet och déi positiv Säite vu REACH identifizéiert. Sécher och hir Schwächten. Och d'Gewerkschaften hunn notamment de Principe de précaution, vun deem mer hei geschwat hunn, als e Fortschrëtt ugesinn.

Duerfir, fir Lëtzebuerg e wichtegt Gesetz, eng wichteg Direktiv fir Europa, eng vun deene wichtegsten, déi an der leschter Zäit adoptéiert gi sinn. An ech géif soen eng Direktiv, déi och an déi Richtung weist, wou mer musse goen, wou Ekonomie an Ekologie net kënnen opposéiert ginn, mä eigentlech zesummen eng besser Gesellschaft a besser Liewenskonditioune musse produzéieren.

Merci.

M. le Président.- Ech soen dem delegéierten Ausseminister Merci an d'Diskussioun ass domadder ofgeschloss. De Vote ass muer am Laf vun der Sitzung.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn elo um Schluss vun eiser Sitzung ukomm. E Mëttwoch kënnt d'Chamber erëm um hallwer dräi zesummen.

D'Sitzung ass domadder opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.44 heures)

Chamber TV
weist all öffentlech Sëtzung live an integral

An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Walfer
um Kanal S29 / 367.25 Mhz
•
An der Gemeng Bërmereng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHZ
•
Zu Iermsdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•
An der Gemeng Hesper
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Mercredi, 18 mars 2009

SÉANCE 35

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président

Sommaire

1. Dépôt d'une proposition de loi

- *M. Roger Negri*

2. Interpellation de M. Alexandre Krieps sur les grossesses chez les jeunes filles et les avortements

- *Exposé: M. Alexandre Krieps (dépose une résolution, une motion et une documentation)*
- *Discussion générale: Mme Martine Stein-Mergen, Mme Colette Flesch, Mme Lydie Err, Mme Viviane Loschetter, M. Gast Gibéryen, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale (dépose une documentation)*
- *Motion 1: M. Ben Fayot, Mme Colette Flesch (vote sur la question préalable: proposition Fayot adoptée)*
- *Résolution 1: Mme Colette Flesch, Mme Lydia Mutsch, M. Xavier Bettel, M. Alexandre Krieps, M. Ben Fayot, Mme Lydie Err, M. Gast Gibéryen, M. Alexandre Krieps, M. François Bausch, Mme Lydia Mutsch, M. Michel Wolter, M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale, M. Ben Fayot (vote: résolution rejetée)*

3. 5819 - Projet de loi

a) relatif aux contrôles et aux sanctions concernant l'enregistrement, l'évaluation et l'autorisation des substances chimiques et les restrictions y applicables, telles que ces substances sont visées par le règlement (CE) N°1907/2006 du Parlement européen et du Conseil du 18 décembre 2006 concernant l'enregistrement, l'évaluation et l'autorisation des substances chimiques, ainsi que les restrictions applicables à ces substances (REACH), instituant une agence européenne des produits chimiques, modifiant la directive 1999/45/CE et abrogeant le règlement (CEE) N°793/93 du Conseil et le règlement (CE) N°1488/94 de la Commission ainsi que la directive 76/769/CEE du Conseil et les directives 91/155/CEE, 93/67/CEE, 93/105/CE et 2000/21/CE de la Commission

b) modifiant la loi modifiée du 15 juin 1994

- *relative à la classification, l'emballage et l'étiquetage des substances dangereuses*
- *modifiant la loi du 11 mars 1981 portant réglementation de la mise sur le marché et de l'emploi de certaines substances et préparations dangereuses*

c) modifiant la loi du 3 août 2005 relative à la classification, à l'emballage et à l'étiquetage des préparations dangereuses

d) abrogeant la loi modifiée du 11 mars 1981 portant réglementation de la mise sur le marché et de l'emploi de certaines substances et préparations dangereuses (suite)

- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouve: M. Mars Di Bartolomeo, Ministre.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Neen, Här President.

M. le Président.- Dann huele mer Akt dovunner. Den honorabelen Här Negri huet allerdéngs der Chamber eng Matdeelung ze maachen. Dofir kritt hien elo d'Wuert.

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

1. Dépôt d'une proposition de loi

M. Roger Negri *(LSAP).*- Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll heimat eng Proposition de loi deponéieren, fir eng nei Budgetsarchitektur anzeféieren, wou de Budget net méi an der Logik vum Moyen, mä an enger Logik vu Resultater opgestallt gëtt. Dobäi soll méi eng grouss Transparenz geschafe ginn duerch d'permanent Evaluatiounsmechanismen, déi et domat der Chamber erlaben, hirer Kontrollfunktiun nach méi gerecht ze ginn, fir d'Effikassitéit vun de Statsfinanzen ze optimiséieren.

D'Proposition de loi baséiert op dem Kontabilitéitsgesetz vum 8. Juni 1999, dat ech proposéieren, an 19 Artikelen ze modifizéieren. Domat, Här President, wëll ech lech meng Proposition de loi iwwerreechen a soe Merci fir d'Nolauschteren.

Wann ech gelift.

- Proposition de loi N°6016 visant - à renforcer le pouvoir budgétaire de la Chambre des Députés - à promouvoir la modernisation de la gestion publique et portant modification de la loi modifiée du 8 juin 1999 a) sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État b) portant modification de la loi du 10 mars 1969 portant institution d'une Inspection générale des Finances c) portant modification de la loi modifiée du 16 août 1966 portant organisation des cadres de la trésorerie de l'État, de la caisse générale de l'État et du service de contrôle de la comptabilité des communes et de certains établissements publics (telle qu'elle a été modifiée)

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci. Ech ginn dem Här Negri Akt vum Dépôt vun där Proposition de loi, déi an d'legislativ Prozedur ageleet gëtt.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum éischten an eenzege Punkt vun eisem Ordre du jour haut de Mëtteg. Dat ass d'Interpellatioun vum honorabelen Här Alexandre Krieps iwwert d'Schwangerschaft an d'Ofdreiwe bei jonke Meedercher. Den honorabelen Här Alexandre Krieps huet d'Wuert.

2. Interpellation de M. Alexandre Krieps sur les grossesses chez les jeunes filles et les avortements

M. Alexandre Krieps *(DP), interpellateur.*- Merci, Här President. Déi zwee Sujete vun de Mëtteg, vun de Schwangerschafte bei den Teenageren ass e ganz seriöe Problem an der Gesellschaft, awer net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, europawäit an haaptsächlech weltwäit, well mir gesinn an den Drëttlänner, wou dat richteg epidemesch Ausmoosse kritt. Et ass natierlech kloer, dass ech mech net wäert beschränken op d'Avortementer bei deene jonke Meedercher, mä och iwwert d'allgemeng Avortementer wäert schwätzen.

Gëschter Owend, wéi ech an der Kiche souz, ganz spéit, hunn ech mer dann, heiansdo maachen ech eng Paus, d'„Lëtzebuerger Wort" ergraff an dunn hunn ech op der drëtter Säit en Titel gesinn, do stoung: „Fristenlösung". An dunn hunn ech gemengt, da brauch ech de Moien net méi ze schwätzen. Mä et war jo d'kommunal Flächennotzung op der drëtter Säit gëschter am „Wort", an niewendru stoung natierlech en aneren Titel:...

Här Schneider, Dir kënnt laachen, mä esou ass et.

(Hilarité)

...„Die falsche Spur". Ech hat dat net gelies, niewendrun. Mä, dat gesot, Här President, mengen ech, dass dat do e Sujet ass, wou hei eng Chape de plomb säit Jorzéngten drop läit,...

Une voix.- Très juste!

M. Alexandre Krieps *(DP), interpellateur.*- ...an et gëtt elo Zäit fir e bëssen dorunner fréckelen ze goen.

Wéi ech de 6. Mäerz 2007 d'Regierung interpelléiert hunn iwwert dës Sujeten, dat heescht viru méi wéi zwee Joer, wosst ech natierlech net, dass d'honorabel Lydie Err zwee oder dräi Deeg méi spéit eng Proposition de loi géif ënnerbreeden iwwert de Volet Avortement.

De 27. Januar 2007 war e Séminaire zu Miersch vun enger ganzer Rei Organisatiounen, déi sech ëm e Sujet bekëmmert hunn, Kanner als Elteren, an dat ass am Mee 2007 am „Forum"- eng Zeitung, där hir Lecture ech recommandéieren - ernimmt ginn. Do waren e puer ganz interessant Bäiträg vun der Madame Rodesch-Hengesch, Ombudswoman fir d'Rechter vum Kand, där hir Aarbecht ech ëmmer hei begréissen, an interessant Sujeten och traitéiert duerch den Här Mill Majerus. Deen ass jo net suspekt, bei ons an der Partei ze sinn.

Une voix.- Neen!

M. Alexandre Krieps *(DP), interpellateur.*- An dat war ganz interessant, wat deen do geschriwwen huet.

Aner Saache waren, do kommen ech herno drop zréck, net esou ganz seriö ze huelen. Et waren och an der Terminologie Saachen, déi mer opgefall sinn. Et ass geschwat gi vu Schwangerschafte bei mannerjährege Mammen. Mamm gëtt een eréischt, wann een entbonnen huet. Do muss een och an der Terminologie heiansdo oppassen. Dat war also en Terme impropre.

Meedercherskanner sinn et an der Gesellschaft säit eh und je ginn. An de Stigma vun engem Meedercherskand ass hautdësdags net méi esou schlëmm wéi an de 50er Joren nach, well Dir musst wëssen, dass souguer an onsem Ländche 50, 60% vun de Kanner hors mariage gebuer ginn. Dofir ass dat guer net méi esou schlëmm. An och bei souguer méi jonken Elteren ass dat net méi esou wichteg.

Wat ech nach wollt soen heizou: Ech hu mech baséiert op zwou aner Zäitschréften, eng aus mengem Fach, „British Medical Journal", kuriéiserweis och aus dem Februar 2007. Do schreiwe se vun der neier „Battle over abortion". Well, wou zéie mer de Stréch? Well an England, muss ee wëssen, ass d'Fristeléisung 24 Wochen, wat och en désagréabele Sujet ass. Mä ech kommen herno dorobber zréck.

Eng drëtt Publikatioun, déi ech lech all un d'Häerz leeën, déi kënnt vun der Ostküst aus Amerika, „Atlantic Monthly". Do war och am Mee 2007 en Artikel iwwert „The Sanguine Sex". Dat ass ganz d'Erfahrung vun de Leit, déi avortéiert hunn an de 50er, 60er Joren, wou dat nach littéralement e Carnage war.

Mir wësse säit Adam an Eva, dass déi wichtegst Besoinen am mënschleche Liewen d'Léift sinn, d'lessen an e gesécherten Daach iwwert dem Kapp. Onauswäichlech ass natierlech den Trieb zu der Sexualitéit, der Fortpflanzung, an och dem Doud. D'aktiv sexuell Aktivitéit fënnt ëmmer méi fréi statt, bei de Meedercher speziell. Mir wësse jo, dass d'Jongen an allem méi lues sinn. 15% vun de Meedercher ginn un, dass se mat 14 Joer eng sexuell Relatioun haten. 75% vun de Meedercher ginn un, dass se mat 17 Joer eng sexuell Aktivitéit hunn.

Déi Leit vu menger Generatioun kënnen nëmmen dovunner dreemen. Mir sinn déi Zäit mam Vëlo gefuer, mir si Sport maache gaang. A mir sinn natierlech an eng Schoul gaang, wou keng Mixitéit bestanen huet. Mir haten am Kolléisch och ni eng weiblech Enseignante. Dat ass et guer net ginn.

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

Mä op alle Fall, zu den „teenage pregnancies" hu mir elo säit zéng Joer plus ou moins 80 plus ou moins zéng Meedercher vun 18 Joer oder manner, déi schwanger ginn a schwanger bleiwen, an dovu sinn der awer 40% ënner 16 Joer. Da muss een derbäizielen, dass nach 30 Meedercher, mannerjähreger, offiziell avortéieren. Dat muss een och soen. Dat ass och eng konstant Zuel.

Wat sinn d'Ursaachen oder d'méiglech Ursaachen?

Déi méi fréi optriedend Menstruatioun ass schonn zitéiert ginn. Ech hu meng Bedenken do. D'Influenz vun de Medien? D'Teenzäitschréft „Bravo" an all déi Opklärungen. Ech weess net, wéi Dir all opgekläert si gitt. Ech sinn an d'Schoul gaangen. Ech sinn opgekläert ginn. Dat war nach de Blütenstaub an de Blütenstengel an ech weess net wat.

(Hilarité)

A wéi mäi Papp mech wollt opklären, dat war fir hie genausou penibel wéi fir mech.

(Interruption et hilarité)

Hien hat fir d'éischt mäi Brudder erageruff an du mech duerno. An ech muss soen, ech sinn erausgaangen, ech hat näischt verstanen.

(Hilarité)

An hien och net. Hien och net! Mä dat muss een esou gesinn, an de 50er, 60er Jore war dat net anescht.

Une voix.- Kee Wonner, wann e Gesondheetsminister war!

(Hilarité)

M. Alexandre Krieps *(DP), interpellateur.*- De Problem... Jo, fir d'Gesondheet huet e vill gemaach. Awer fir ons Gesondheet e bësse méi. D'sexuell Opklärung ass an der Schoul an an de Familljen total defizitär. Dat ass haut nach esou. Do ass näischt drun ze réckelen.

Aner Theorië soen, dass et duerch besser Ernährung vun de Meedercher ass. Dat hunn ech hei an deem „Forum" gelies. An et wäre Sexualhormonen am Drénkwaasser. Dat sinn Theorien, déi ech net gleewen. Ech hunn op alle Fall gemierkt, dass am Méidenger Drénkwaasser där net vill sinn, well ech hunn dovunner näischt gemierkt.

(Hilarité générale)

An ech weess net, ob Sexualhormoner am Drénkwaasser de jonke Meedercher Feier an d'Eeërstäck maachen. Ech gleewen dat net.

(Interruptions)

Mir gleewen awer, dass déi jonk Meedercher, déi eng Relatioun aginn, dat éischter maachen aus Misère affective. Déi wëlle sech un e Jong bannen a festhalen. Ech mengen, et ass also eng Aart vu Gebuergenheet, déi een am Fong an der Gesellschaft net soll ënnerschätzen.

Ech weess och hei am Land, ech hat mer am Ufank d'Fro gestallt, ob an de sozialen Originen Ënnerscheeder sinn tëschent onsen ethnesche Minoritéiten, onsen Ausländer hei zu Lëtzebuerg. Laut der Madame Rodesch-Hengesch ass dat net ginn, well et ass fifty-fifty Lëtzebuergerinnen an Ausländerinnen. Dofir, kommt mer gi keng Communautéite stigmatiséieren! Sécher wäre mer frou, wann déi Zuele géife genau analyséiert ginn, an och de soziale Background, dass dat analyséiert gëtt mat deene Leit, well do

kënnt et jo oft vir, dass dee Problem vu Generatioun zu Generatioun geet.

An da verlaange mer, dass d'Preventioun hei elo definitiv spille gelooss gëtt. Mäi Kolleeg Marco Schroell huet hei viru siwe Joer op dëser Tribün gefuerdert, dass bei deene jonke Meedercher ënner 21 Joer d'Contraceptioun soll erëmbezuelt ginn. Ech widderhuelen déi Fuerderung hei nach eng Kéier. De Marco Schroell, mäi Frënd, huet dat viru siwe Joer hei reklaméiert!

An da wëlle mer och net natierlech, dass déi jonk Männer, an déi méi eeler Männer, déi sech u méi jonke Meedercher verginn, ongeschueren ewechkommen an nëmmen d'Meedercher de schwaarze Péiter opgedréckt kréien.

Une voix.- Très bien!

M. Alexandre Krieps *(DP), interpellateur.-* Mir mussen hei Ziler setzen, dass mer déi Zuel erofkréie vun deenen 80 plus ou moins zéng Schwangerschafte bei jonke Meedercher.

Wat een nach muss soen, dat ass, de Problem vun der Preventioun, deen ass fundamental, a schwanger gëtt een natierlech nëmmen duerch de Sex. Et si vill Leit, déi stéiere sech net drun, dass ee schwanger gëtt, mä si stéiere sech drun, dass hir Duechtere sexuell Aktivitéit entwéckelen. Ech mengen, dat muss een och analyséieren, an ech mengen, eng seriö Opklärung ass keng Mummentréischterei.

Also, nach eng Kéier: Mir bestinn net op Drénkwaasseranalysen, mä mir bestinn op sozial ofgeséchert Analysen, an dat wär wichteg.

D'Schoulmedezin, wéi ëmmer, huet hei e grousse Rôle, an ons Jugend, déi verdéngt, dass mer ons ëm se bekëmmeren. Dat ass fir den éischte Volet. Doriwwer ass net vill méi ze soen, d'Preventioun an esou, sozial Fuerschung, dat ass wichteg. Och dee Sujet hu mer laang genuch virun ons gedréckt, ouni e wëllen an d'Aen ze kucken, an et gëtt elo Zäit, dass mer dee Sujet ophuelen.

Deen zweete Volet vun där Interpellatioun, do gräifen ech dann e bësse méi wäit aus, iwwert déi Problematik. Ech hu virdru gesot, d'Avortementer an dësem Land, déi leien net méi oder manner héich wéi am Ausland. Mat Ausnahm vu Groussbritannien, wou mer eng Epidemie hu vun Avortementer. An dësem Land hu mer 5.600 Gebuerten, oder 5.375 Gebuerten d'Joer, an et gëtt allgemeng unerkannt um Kontinent, dass op véier Liewechgebuerten een Avortement kënnt. Da kënnt Der lech jo ausmolen, dass mir an dësem Land tëschent 1.000 an 1.400 Avortementer d'Joer hunn!

Mä mir hu se net an dësem Land, well mer keng legal Basis hunn a mer d'Leit dann exportéieren, wéi mer dat gäre maachen, an Holland oder a Belgien oder an Nopeschlänner.

An dann hu mer eppes, wat d'Madame Err richteg gesinn hat, mir hunn eng sozial-ökonomesch Diskriminatioun vun deene Leit, déi sech Avortementer am Ausland leeschte kënnen, an anerer, déi sech dat net leeschte kënnen. Ech hunn als jonke Medezinstudent ufanks de 70er Joren erlieft an engem Néphrologieservice, wou ech sechs Méint war, wéi déi septesch Avortementer, déi bei deene jonke Fraen eng Nécrose tubulaire vun de Niere provozéiert hunn, dass se 30 Deeg net méi konnte Waasser loossen, a wou se Septicémie, Bluttvergëftunge gemaach hu mat Gielzecht, an déi nëmme gerett si ginn duerch d'kënstlech Nier, an no 30 Deeg erëm ugefaangen hu Pippi ze maachen.

Ech hunn dat erlieft ënner engem richtege Gott, e richtegen Hugenott, de Charles Mion, Professer, deen 1960 beim Professer Scribner zu Seattle d'kënstlech Dialys geléiert huet, ee vun deenen Éischten, an deen och ni eng Selektioun gemaach huet op sozial-ökonomeschen Niveauen. Mä do hate mer déi Zäit dräi, véier Insuffisances rénales aiguës fir ee Posten Dialys, an da kënnt Der lech virstellen, dass déi dräi, déi net geholl si ginn, condamnéiert waren.

Ech hunn déi Saach materlieft. Ech hunn deemools och gesinn an den ufanks 70er Joren hei an onsem Ländchen, wou mer richteg Gangen hate vun Engelsmécherinnen, och an der portugisescher Communautéit, wou septesch Avortementer an d'Maternité komm sinn, wou, wéi d'Madame Rodesch-Hengesch an hirem Artikel schreift, d'Strécknolen um Wierk waren!

Glécklecherweis hu mer déi Situatioun manner hautdësdags! Mä dat ware schrecklech Situatiounen.

An de mëtt 70er Joren ass dunn d'Diskussioun ugaang, fir e bëssen d'Avortementer hei am Land ze regelen. Et muss ee soen, dass am Mémorial de 6. Dezember 1978 - e Mémorial, deen ech recommandéieren, well do war och d'Reform vum Divorce dran -, do hunn eelef Ministeren a Statssekretäre vun der Regierung Thorn deemools déi Loi vum 15. November ënnerschriwwen. Dat war remarquabel. Do waren der dräi mindestens drënner, déi all Sonndeg an d'Kierch gaange sinn. An ech félicitéiere retrospektiv de Grand-Duc Jean, deen dat Gesetz deemools sanktionéiert huet, wat jo haut anscheinend méi schwéier soll sinn.

Une voix.- Très bien!

M. Alexandre Krieps *(DP), interpellateur.-* An dann, an deem Intitulé vun deem Gesetz, wann Der dat gutt kuckt, do war betreffend d'Éducation sexuelle, zweetens Prévention de l'avortement clandestin! Dat seet jo scho villes. An drëttens, d'Réglementation vun der Interruption de la grossesse. Do stoung guer näischt dra vun der Interruption volontaire de grossesse an esou. Also, et ass schonn eng Evolutioun an de Gedanken.

Ech hunn och nach hei e Blietchen, et gëtt ze laang, Här President, fir lech dat virzeliesen, wat d'Réglementatioun a Westeuropa an an Osteuropa ass. Dat ass exzessiv interessant. Ech ginn herno dem President eng Kopie.

Mä dat Gesetz vun 1978 huet elo méi wéi 30 Joer an ass einfach net méi zäitgeméiss, ob een dat wëllt oder net. Et gëtt elo aus purer Mënschlechkeet, aus mënschlechen Ursaachen Zäit, fir dass mer dat ajustéieren. Mir brauchen en neit Gesetz, an der Madame Err hir Propositioun ass e Raster, fir dat kënnen ze maachen.

Mir sinn an der Demokratescher Partei grosso modo mat deem Gesetzprojet d'accord, mir hunn e puer Nuancen, Ënnerscheeder. Mir sinn also fir eng Fristeléisung, an net méi fir eng Indikatiounsléisung.

Mir wëllen och haut net diskutéieren iwwert den Ufank vum Liewen a wéini, wat, wou geschitt, well Dir wësst jo och an de Relioune si grouss Ënnerscheeder iwwert den Ufank vum Liewen. Am Judaismus, do fänkt d'Liewe vill méi spéit u wéi an dem kathouleschen Enseignement.

Mir diskutéieren haut och net iwwert d'Spéitofdreiwungen. Dat war elo an Däitschland e ganz groussen Débat. Et ass an England souwisou schonn een. Do sinn och vill gedeelter Meenungen. D'Échographien, déi beweisen net ëmmer dat, wat verschidde Pro-life-Aktiviste wëllen, an och net Prochoice. Also, mir mussen der Fra de Choix loossen. Mir wëllen, dass d'Fra de Choix kritt.

An dann, mir wëllen awer, dass si och virdru Contraceptioun ugebuede kritt. Mir gleewen och net, well dat ass ni bewise ginn, dass d'Berodung, déi soll wuel ugebuede ginn, mä wann eng Fra manner wéi zwielef Woche schwanger ass, däerf si ënner Ëmstänn dat net unhuelen, déi Berodung, well et ass ni bewise ginn, dass déi Berodung en Impakt op d'Entscheedung vun der Fra huet; dat steet néierens.

Diskutabel sinn déi Troubles mentaux oder Depressioune bei Fraen an der post-avortiver Phas. Dat muss een natierlech analyséieren. Mä an all deene Länner, an dat ass dat, wat wichteg ass, wou den Avortement geregelt ginn ass, geet d'Zuel vun den Avortementer erof - ausser an England, wéi ech lech gesot hunn. An déi Zuel geet erof, déi geet souguer an der drëtter Welt erof, wann Der d'Artikele vun der Organisation Mondiale de la Santé kuckt.

Um Kontinent hei si mir natierlech an de Statistiken net esou gutt, well d'Collecte des données net esou gutt fonctionnéiert. A mir wëlle vläicht och d'Iddi vun der heile Welt propagéieren. Dofir musse mer där Hypocrisie och endlech en Enn setzen an d'Frae verdeedegen. D'Frae bludde scho ganz oft am Liewen, a mir wëllen awer net, dass se zu Doud bludden.

Wat ech hei nach soe wëll: Ech félicitéiere mengem Frënd, dem Carlo Wagner, well deen 2001 den RU486 hei am Land zougelooss huet. An ech félicitéieren och dem aktuelle Minister Di Bartolomeo, deen d'Pilule du lendemain erlaabt huet an an där Schinn virugefuer ass. Dat ass - loosse mer soen - eng Drëps op e waarme Steen. Mä dat ass wéinstens dat.

A leschtlech: Ech gleewen, dass d'DP eben der Madame Err hir Proposition de loi ënnerstëtzt. A mir bieden d'Regierung, elo séier déi do Saach an de Grëff ze huelen, vir oder no de Wahlen, mä ech gleewen net méi, dass et an der nächster Legislatur duergeet, fir do ze soen, et steet net am Koalitiounsprogramm, well da muss ech lech erëm eng Lëscht vun zéng Projete virliesen, déi och net an dem Koalitiounsprogramm stoungen. An ech bieden heimadder de Minister vun der Gesondheet, dass e fir d'Gesondheet vun deene Frae suergt, déi an där schwiereger Situatioun sinn. Mir brauchen also e Gesetz aus Grënn vu Mënschlechkeet.

Ech déposéieren, Här President, nach zwee Blieder hei fir lech. Dat Éischt ass eng Resolutioun vun der Chamber. Et ass eng prozedural Fro, well d'Madame Err hat de 14. Mäerz 2007 hir Proposition de loi un d'Regierung verwisen an un de Conseil d'État a si huet bis haut keen Avis kritt. Do hätt d'Regierung sechs Méint Zäit gehat, fir en Avis ofzeginn. Mir hunn elo am drëtte Joer ugefaang. Dat ass also e Problem, fir dass d'Kommissioun vun der Chamber sech där Saach unhëlt, Här President. Dat wär eng Resolutioun un d'Chamber.

Résolution 1

La Chambre des Députés,

- considérant que la proposition de loi de l'honorable Madame Lydie Err portant modification de la loi du 15 novembre 1978 relative à l'information sexuelle, à la prévention de l'avortement clandestin et à la réglementation de l'interruption de la grossesse (N°5701) a été déclarée recevable et transmise au Conseil d'État et au Gouvernement en date du 14 mars 2007;

- considérant l'article 60 du Règlement de la Chambre des Députés qui stipule qu'après expiration du délai prévu à l'article 59 si le Gouvernement n'a pas pris position, la commission saisie examine la proposition de loi pour en faire rapport à la Chambre;

- constatant que ce délai de six mois est révolu depuis le 14 septembre 2007;

décide que

- conformément à l'article 60 du Règlement de la Chambre des Députés la Commission de la Santé examine dans les meilleurs délais la proposition de loi susmentionnée pour en faire rapport à la Chambre.

(s.) Alexandre Krieps, Eugène Berger, Claudia Dall'Agnol, Lydie Err, Colette Flesch, Gast Gibéryen, Viviane Loschetter.

Dann hu mer nach iwwert den nämlechte Sujet eng Motioun un d'Regierung, dass se dee Problem elo ugeet an dat Gesetz vun 1978 nei opleet. An da breet Consultatioune mécht. Net de Kapp an de Sand stiechen. Well dat ass ganz geféierlech fir déi Leit, déi an deenen Noutsituatioune sinn. An ech recommandéieren lech nach eng Kéier, déi heiten Artikelen ze liesen. Da kritt Der Tréinen an d'Aen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que la proposition de loi de l'honorable Madame Lydie Err portant modification de la loi du 15 novembre 1978 relative à l'information sexuelle, à la prévention de l'avortement clandestin et à la réglementation de l'interruption de la grossesse (N°5701) a été déclarée recevable et transmise au Conseil d'État et au Gouvernement en date du 14 mars 2007;

- considérant l'article 59 du Règlement de la Chambre des Députés qui stipule que le Gouvernement dispose d'un délai de trois mois, avec possibilité de demander un délai supplémentaire de trois mois, pour prendre position au sujet d'une proposition de loi déclarée comme recevable;

- constatant que la prise de position gouvernementale au sujet de la proposition de loi susmentionnée de l'honorable Mme Lydie Err n'a à ce jour pas encore été communiquée;

invite le Gouvernement à

- prendre d'urgence position au sujet de la proposition de loi de Mme Lydie Err portant modification de la loi du 15 novembre 1978 relative à l'information sexuelle, à la prévention de l'avortement clandestin et à la réglementation de l'interruption de la grossesse.

(s.) Alexandre Krieps, Eugène Berger, Claudia Dall'Agnol, Lydie Err, Colette Flesch, Gast Gibéryen, Viviane Loschetter.

M. le Président.- Merci, Här Krieps. Déi nächst Riednerin ass d'honorabel Madame Martine Stein-Mergen vun der CSV.

Discussion générale

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV-Fraktioun huet elo grad mat Bedauere festgestallt, wat fir Lacunen de Confrère Krieps a senger Erzéiung an a senger Opklärung um eegene Leif erlieft huet. Ech kann awer versécheren, dass ee vum Fréckelen - well dat huet en ons jo haut ugekënnegt - net schwanger gëtt.

Mir schwätzen haut iwwer e Problem, deen eis Gesellschaft schonn zënter laangem beschäftegt an eis och nach viru beschäftege wäert: Ongewollt Schwangerschaft bei jonke Meedercher an déi oft doraus resultéierend Konsequenz vun engem Avortement.

Mir schwätzen hei vun enge ronn 100 jonke Meedercher, offiziell Zuele gëtt et, wéi den Här Krieps och gesot huet, net. Laut Rapport 2005 vum ORK waren et der 2005 87, déi all Joer an deem Fall sinn. Dat sinn déi bekannte Fäll. Mir ginn awer dovunner aus, dass et eng méi héich Donkelziffer gëtt.

Ongewollt Schwangerschafte kommen an all soziale Schichte vir. Jidderee vun ons, dee selwer jonk war, dee selwer Kanner huet, ka mat esou engem Fall konfrontéiert ginn. D'Madame Sarah Palin aus den USA kann och e Liddchen dovunner sangen.

Wa mer vun enger ongewollter Schwangerschaft schwätzen, ass natierlech kloer, wat schifgelaf ass: d'Sexualerzéiung an d'Contraceptioun. E weiblechen Zyklus huet 28 Deeg an eng Fra ass während ongeféier zéng Deeg fir eng Schwangerschaft empfänglech. Et kann dach net esou komplizéiert sinn, engem jonke Meedchen dat ze erklären. D'Geleeënheet dozou bitt an éischter Linn d'Elterenhaus. A wa mer dervun ausginn, dass déi Generatioun Mammen, deenen hir Meedercher haut am Fall kéinte sinn, eigentlech schonn hätte misse selwer opgekläert sinn, da kéint een eigentlech dorauser folgeren, dass dat deene betraffenen Duechtere kee Buch mat siwe Sigelen dierft sinn.

Elo wësse mer awer all, dass dës Gespréicher tëscht Mamm an Duechter oder tëscht Papp a Fils e méi oder wéineger normaalt Elterenhaus an e gewëssent Vertrauensverhältnis viraussetzen, wat natierlech net an all Fall ginn ass. Mä do si jo nach aner Erzéiungspersounen, déi amstand misste sinn, dëse Meedercher weiderzehëllefen. Sexualerzéiung ass säit ganz ville Joren Deel vun onsem Schoulcurriculum an zwar schonn an der Primärschoul. D'Schoule si ganz kloer mat an d'Verantwortung eranzehuelen, an eigentlech och all eenzel Léierpersoun, déi oder déi net dëst Elementarwësse vermëttelt.

Elo schéngt et awer esou ze sinn, dass d'Sexualerzéiung am Sënn vun deem, wat mer fréier emol Opklärung genannt hunn, an der Schoul systematesch net stattfënnt. Dat ass en onhaltbaren Zoustand. D'Léierpersonal ass offensichtlech net amstand oder iwwerfuerdert oder bereet am Kader vun deene Coursen, wou dat virgesinn ass, senge Schützlinge kloer an däitlech ze erzielen, wéi dat mat deem Kannerkréien do geet oder wéi et eben net geet, wann een net wëllt. Dat muss sech änneren, an zwar dréngend.

Deen Drëtten an der Rei, dat ass een, deen et zwar bei ons gëtt, deen awer leider kee systematesche regelméissege Kontakt zu enger Famill an all hire Memberen huet. Nämlech den Hausdokter. An England an an Holland, wou den Hausdokter de Gérant vum Dossier médical ass, steet och hien an dëser Flicht. Contraceptioun a Schwangerschaftsverhiddung sinn eng vu sengen Aufgaben.

Mat där ganzer Panoplie vu Verhiddungsmethoden, déi ons zur Verfügung stinn, ass et haut méi einfach wéi jee, net enceinte ze ginn. Déi bekannste Method ass jo d'Pëll, déi et der 68er Generatioun zäitgerecht erlaabt hat, nieft hiren anere Revolutiounen och eng sexuell Revolutioun ze erliewen. 21 Deeg d'Pëll, siwen Deeg ouni. Dat ass eng Sécherheet vu bal 100%. Eng Pëll kascht haut als Générique dräi bis véier Euro de Mount. Dat sinn zwou Béchse Cola.

Gradesou sécher, mä e bësse méi deier sinn d'Patchen an den NuvaRing, déi mat därselwechter hormoneller Method schaffen, awer et deene méi Vergiesserlechen erlaaben, net mussen un hir Pëll ze denken.

Schliesslech gëtt et nach déi reng progestativ Method wéi eng Sprëtz all dräi Méint oder en Hormonstérilet. Och dës Methode sinn haut vill a Gebrauch. An deen iwwerhaapt net méi wëllt drun denken, dee léisst sech en Implanon asetze vu sengem Dokter, do ass e fënnef Joer laang virun enger Schwangerschaft geschützt fir ganz 150 Euro.

Ech wëll elo hei näischt verkafen, Här Minister!

Wann een ongeschützte Kontakt hat a sécher wëllt sinn, dass et zu kenger Implantatioun kënnt, da gëtt et d'Pilule du lendemain, wou och besonnesch mir Medeziner an der Urgence vun Zäit zu Zäit sollicitéiert ginn - och de Planning familial -, well een nëmmen 72 Stonnen Zäit huet nom Kontakt fir se ze huelen. Si ass awer am Prinzip och fräi an den Apdikten ze kréien. Et brauch een also net ze consultéieren. Si kascht manner wéi zéng Euro.

Aus all dëse Méiglechkeete misst eigentlech all jonk Fra sech no där entspriechender Berodung hir Method eraussiche kënnen. A genau hei ass et, wou mer de Problem mussen ugoen, well da kënnt et net eréischt zu enger ongewollter Schwangerschaft an engem Zäitalter, wou d'Contraceptiounsméiglechkeeten enorm vielfälteg a sécher sinn.

Wa mer dann awer vu Geld schwätzen oder geschwat hunn, hu mer an der CSV d'Fro gestallt, ob een d'Constraceptiver fir Jonker bis zu engem gewëssenen Alter net soll gratis maachen, esou wéi dat jo schonn deelweis mat der Pëll beim Planning familial oder Kondome bei der Aidsberodung geschitt. Mir géifen esou eng Initiativ op alle Fall ënnerstëtzen.

Dass et also zu ongewollte Graviditéite kënnt, ass dorop zréckzeféieren, dass déi real Opklärungslag haarsträubend schlecht ass. Ech kann hei och a vill aus menger berufflecher Erfahrung schwätzen. Wann ee sech emol amüséiert, fir a Jugendzäitschréften oder Internetforen nozeliesen, wéi eng Froe Jonker esou beschäftegen, da stinn engem d'Hoer zu Bierg. Do sinn esou Froe wéi: „Ginn ech schwanger, wann ech mäi Frënd këssen?", oder: „Bei der éischter Kéier ka jo näischt passéieren", gang und gäbe. A genau hei musse mer intervenéieren.

Mir mussen ons Opklärung däitlech verbesseren a méi der Praxis upassen. Eng reng steril Opklärung, wou de Kanner erkläert gëtt, wéi de weiblechen Zyklus an déi männlech Spermatogenese fonctionnéieren, bréngt an onsen Aen näischt. Froen, déi onerfueren Teenager beschäftegen, sinn éischter praktescher Natur. Ech wëll lech elo kee Bild hei molen. Et ass jo unzehuelen, datt mir hei all opgekläert sinn, mä Dir wësst, wat ech mengen.

Doweinst musse mer eis froen, wéi mir d'Opklärung an de Schoule kënne verbesseren, wéi eng Persoune mat wéi enger Formatioun dës Coursen amstand sinn ze halen, wéi een déi wierklech Problemer vun der Jugend kann erfaassen an hinnen och déi richteg Äntwerte ginn.

Et geet bei dëser Aufgab och a virun allem dorëm, eng Verantwortung iwwer hire Kierper ze vermëttelen, an dat fir Meedercher a Jongen. Op engem Jugendforum hei an der Chamber war zum Beispill eng Joffer der Meenung, dass Verhütung keng Saach vun hirem Partner wier, mä hir eleng, an déiselwecht Joffer huet och gemengt, dass ee méi einfach misst kënnen ofdreiwen, well d'Pëll jo schliesslech der Gesondheet géif schueden. Vu Préservatifen hat hatt anscheinend nach ni eppes héieren.

Dat kann et dach awer net sinn an enger Zäit, wou d'Jugend sech net nëmmen enger ongewollter Schwangerschaft aussetzt, mä och dem Aids an aneren ustiechende Krankheeten. An enger Zäit, wou national an international Organisatiounen an och all öffentlech Plazen net midd ginn ze priedegen, dass ee sech och scho bei engem eenzege Kontakt mat Aids kann ustiechen, an net, wéi eng vun deene Joffere sot: „Ech huele jo d'Pëll, da kann ech keen Aids kréien." An enger Zäit schliesslech, wou ee säit 35 Joer kämpft, eng gläichberechtegt Relatioun téschent Mann a Fra hierzestellen, a wou de männlechen Deel ganz kloer amgaangen ass, all Responsabilitéit un de weibleche Partner ofzeginn.

Mir däerfen also an där ganzer Diskussioun dëse Sujet net vergiessen, a wann et nëmmen eppes ass, wat mer musse vermëttelen, dann ass et einfach de Rappel vun där éischter Roll, déi de Préservatif ze spillen huet a firwat dass en erfonnt gouf, nämlech déi, eng Schwangerschaft ze verhënneren. Hei musse mer ons Jugend verstäerkt sensibiliséieren.

Dëst ass och e Grond, firwat ech déi aktuell Campagne vum Planning familial net kann ënnerstëtzen an och mam beschte Wëllen net kann novollzéien. Bei dëser Campagne gëtt d'Ofdreiwung als Contraceptioun mat anere Methode promulguéiert. Mam Slogan „Oui ou non, c'est mon choix" mécht eng jonk Fra quasi Reklamm fir d'Ofdreiwung. Ech fannen, et ass relativ verantwortungslos, fir jonke Meedercher ze suggéréieren, dat wier esou einfach!

Éischtens emol gëtt hei d'Problematik vun de Geschlechtskrankheeten duerch ongeschützt Rapporten iwwerhaapt net thematiséiert. Da gëtt gemaach wéi wann d'Ofdreiwen eng Alternativ zu den übleche Contraceptife wier. Mä wou si mer dann?!

Ech hunn d'Gefill, dass déi Leit, déi dës Campagne ausgeschafft hunn - ech wëll elo guer net vum schwangere rosae Regierungsléiw schwätzen -, absolut keng Ahnung hunn, wat fir en Impakt eng Ofdreiwung op eng jonk Fra kann hunn, souwuel um physesche wéi um psychesche Plang. Dës Campagne verharmlost d'Ofdreiwung a vermëttelt de Message, dass d'Contraceptioun an d'Protektioun beim Geschlechtsverkéier net esou wichteg sinn, well ee jo duerno ëmmer nach kann ofdreiwen.

Si vermëttelt weiderhin, gewollt oder ongewollt, d'Opfaassung, dass eng Schwangerschaft nëmmen d'Saach vum weibleche Partner ass. Dat genee seet ons d'Meedche mat där cooler Kap a mam schwangere Regierungsléiw. An dee ganze Schwaachsënn do, dee verantwortungslose Blödsinn, am Sënn vun: „Mäi Kierper gehéiert mir", dee gëtt dann och nach mat öffentleche Mëttelen ënnerstëtzt, déi de Gesondheetsministère zur Verfügung stellt.

(Interruptions)

Dat ass an den Ae vu menger Fraktioun e Skandal.

(Interruptions)

Une voix.- Abee jo!

Une autre voix.- Wat seet de Poopst dozou?

(Interruption et hilarité)

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV)*.- Et ass ganz kloer fir ons.

Une voix.- Widderhuelt et awer!

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV)*.- Soll ech et nach eng Kéier widderhuelen?

Plusieurs voix.- Jo. Nach eng Kéier.

M. le Président.- Kommt! Wien nogelauschtert huet, deen huet ganz gutt verstan. Ech géif d'Madame Stein bieden, weiderzefueren.

(Brouhaha)

Une voix.- Jo, dann hu mer manner Schwieregkeeten, fir et an de Compte rendu ze setzen, Här President.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Jo, dat misste verschidde Fraktioune sech zu Häerz huelen.

(Interruption)

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV)*.- Ech ginn lech direkt mäi Script mat der Plaz, wou et steet.

(Hilarité)

Et ass ganz kloer fir ons...

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Also, ech wëll soen, Här Interpellant,…

M. Alexandre Krieps *(DP), interpellateur*.- Entschëllegt, Här President.

M. le Président.- …mir féiere keng Debatt hei iwwert de Compte rendu.

(Hilarité)

Mir kënnen déi allerdéngs féieren, mä da féiere mer se ganz breet gespreet, géif ech lech wëlle soen. Sou, elo fiert d'Madame Stein virun.

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV)*.- Et ass ganz kloer fir ons, dass ee kee kann zu enger Schwangerschaft zwéngen, esou wéi dat an engem Haut-EU-Land de Fall war, wou duerno déi ongewollte Kanner zwar fir eng gutt Nativitéitsstatistik gesuergt haten, soss awer an e miserabelt Liewen entlooss goufen.

Et kann awer op där anerer Säit och net sinn, wéi gesot, dass Ofdreiwung zur Banalitéit gëtt, esou wéi dat och an enger Rei osteuropäesche Länner de Fall war an zum Deel ass, wou Fraen, wa se da wollten e Kand hunn, op eng Dosen där Ofdreiwunge konnten zréckblécken a sech gewonnert hunn, dass dat Wonschkand, wat se dunn awer eng Kéier wollten, net direkt den éischte Mount, wou ee probéiert huet, och esou gelongen ass. Ech hat där Patientinnen!

Der CSV hir Optioun ass kloer: Mir wëlle virun allem ongewollte Schwangerschafte verhënneren, ier aner Froe sech stellen.

Eng ongewollte Schwangerschaft ass e Problem vun der Gesellschaft, wann och an der Envergure kee Gesellschaftsproblem. Si däerf net tabuiséiert ginn. Mä d'Madame Igniti huet de Moien, net méi spéit wéi de Moien um Radio vu véier bekannte Fäll am Joer 2008 geschwat. Et soll een de Problem och net iwwerdramatiséieren.

Et ass virun allem en individuelle Problem vun der Fra oder vun der Koppel, an d'Approche dofir sollt net déi mat deem décke Mëschtgreef, mä mat Nuancen an där néideger individueller Empathie sinn. Et schéngt mer kloer, dass déi Leit am Planning familial méi mat dëse Fäll konfrontéiert sinn, wéi aner Cabineten oder Dokteren. Grad dofir misste si dostoe fir eng individuell Prise en charge, déi och de Suergen, virun allem awer dem Wuel vun der Patientin oder der Koppel no der Ofdreiwung Rechnung dréit.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Maache se déi Prise en charge dann?

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV)*.- Ech erläuteren dat elo, Madame Brasseur. Si fonctionnéieren e bësse wéi op enger Insel. Si schaffen zwar mat enger Rei Gynäkologen zesummen. Et wier awer fir d'éischt, dass ee géif héieren, dass si mat den Hausdokteren oder aner Uspriechpartner vun de Patienten eng Kollaboratioun hätten. Nëmmen esou kéint een awer eng global Prise en charge vun de Fäll garantéieren an eng Fënster opmaachen op d'Zukunft vun de Patientinnen.

Ech fannen dat jo komesch, et gehéiert eigentlech zur Anamnèse beim Dokter, dass een d'Patientin no hire fréiere Schwangerschafte freet. An déi allermeescht erzielen och fräizügeg vun hire fréieren IVGen, Interruptions volontaires de grossesse. Ech hunn awer nach ni eng gehat, déi sot, si hätt ongewollte Kanner. Also kann dat dach mat der Onméiglechkeet ofzedreiwen net esou dramatesch sinn. Ech zielen heizou och meng Patientinnen aus de Randgemeinschaften.

An der Praxis gëtt vill méi ofgedriwwen, wéi mer et iergendwou an offizielle Statistike fannen, och ganz dacks net hei am Land. An engem Land an der Gréisst vun onsem ass dat net emol ganz onnatierlech. Souguer wa mer e schwéiert liberaalt Ofdreiwungsgesetz hätten, wéi Eenzelner hei am Haus sech et jo och wënschen, géife wahrscheinlech vill Fraen, jonker a manner jonker, dach anzwousch anescht ofdreiwe goen, fir hei net opzefalen oder erkannt ze ginn. D'Sich no Diskretioun ass a ville Fäll bestëmmend a menger Meenung no justifiéiert. Deem Facteur musse mer mat Rechnung droen, wann et zu enger Reform vum Ofdreiwungsgesetz kënnt.

Sou eng Reform ass wuel fälleg. Dobäi däerf et awer eben net drëm goen, d'Ofdreiwung zur legaler Verlängerung vun der Contraceptioun mat anere Mëttelen ze maachen, mä als gravë medezineschen Agréff ze definéieren, deen ënner bestëmmten Ëmstänn nun eemol net ze vermeiden ass, an da muss en am rechtssécheren an am medezinesch proppere Raum stattfannen. Iewescht Prioritéit vun der Politik muss et sinn a bleiwen, Ofdreiwungen ze verhënneren.

Ech wéilt nach eng Kéier soen, dass et mech a meng Fraktioun revoltéiert, dass mat öffentleche Gelder eng Campagne finanzéiert gëtt, déi den Androck vermëttelt, esou eng Ofdreiwung wier eppes, wat all Fra op d'mannst misst eng Kéier erlieft hunn. Ofdreiwung ass net Bungeesprangen. Et ass eppes, wat ee ka verhënneren a wat ee muss probéieren ze verhënneren, andeems op eng Verhiddung vun ongewollte Schwangerschafte gesat gëtt.

Tabue briechen, ass eng Saach. Ech erënneren un déi Campagne, wou virun 20 Joer an enger däitscher Zäitschréft eng ganz Rei vu bekannte Fraen iwwert hir Ofdreiwung erzielt hunn, quasi gebeicht zu där Zäit, déi deemools vill Wand gemaach huet. De Confrère Krieps huet och am Horrorkabinett vu viru 40 Joer erëmgekromt. Säithier sinn awer 20 Joer an d'Land gaangen. An Däitschland sinn d'Ofdreiwungsziffere réckleefeg, an dat huet wuel och domat ze dinn, dass eben den Zougank zu Verhiddungsmëttele sech drastesch verbessert huet an hir Benotzung zur Normalitéit ginn ass. Dat ass bei ons jo net anescht.

Et ass am Fong traureg, dass mir am Joer 2009, an enger Zäit, wou d'Mëttelen zur Verhënnerung vun ongewollte Schwangerschaften an dësem Deel vun der Welt am Iwwerfloss zur Verfügung stinn, nach mussen eng Debatt wéi déi heite féieren. Mä et schéngt, wéi wann an onser iwwersexualiséierter Gesellschaft vill ze wéineg Jonker wéissten, wat dann déi eigentlech Suite vu Geschlechtsverkéier ass. Si ginn tatsächlech un de Billercher an an de Filmercher och net wierklech thematiséiert. Et ass deemno un der Politik, zur Kenntnis ze huelen, dass den Opklärungseffort muss verstäerkt ginn an dass mer all déi Hiewelen, déi mer kënnen a Bewegung setzen, musse besser notzen, fir an Zukunft ongewollte Schwangerschaften ze verhënneren.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Stein. D'Wuert huet elo déi honorabel Madame Colette Flesch.

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, wann ech zréckdenken un d'Debatt, déi mer an dëser Chamber haten am Juli 1978, da weess ech och, dass deemools d'Emotiounen héich Gewalt haten an dass et eng ganz disputéiert Diskussioun wor.

Mir haten deemools dräi Projeten oder Propositions de loi virun ons leien: eng Proposition de loi vum honorabelen Här Wehenkel vun 1972, déi eng einfach Fristeléisung wollt. Mir haten eng Proposition de loi vum honorabelen Här Werner. Dat wor eng Propositioun, déi ech géif bezeechnen als Protection de la vie naissante. A mir haten e Projet de loi vun der Regierung, deen e Kompromëss wor deemools vun der deemoleger Regierung a vun der deemoleger Majoritéit, wat eng Indikatiounsléisung wor.

Wann ee vun Ufank vun de 70er Joren d'Debatt an dësem Land verfollegt hat, da wosst een, dass an deem Moment an der öffentlecher Meenung keng aner Léisung méiglech wär. Et hätt ee fir eng einfach Fristeléisung deemools keng Majoritéit fonnt, weder an der Chamber nach an der öffentlecher Meenung. Dofir wor dee Kompromëss deemools ganz revolutionär. Deen ass deemools ganz wäit gaangen, an ech mengen, all déi vun ons, déi deemools deen Text matgestëmmt hunn, sinn och nach houfreg dorop, dass mer deemools dee Schrëtt gemaach hunn.

Här President, deen Text vun 1978 huet guer net Propaganda fir den Avortement gemaach. Deen Text huet guer net den Avortement als e Moyen zur Régulation des naissances ageféiert oder zur Contraceptioun. Ech wor iwwregens ganz interesséiert an opmierksam, wéi d'Madame Stein elo hei op dëser Tribün plädéiert huet bei der Contraceptioun fir d'Pëll. Si ass also dem Poopst e grousse Schrëtt viraus!

(Interruptions)

Une voix.- Très bien!

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Well de Poopst, deen ass souguer géint d'Pëll an dee mengt, d'Abstinenz wär dat eenzegt Mëttel, wat een do misst uwenden.

(Interruption)

Also, wann d'Spriecherin vun der CSV esou e grousse Schrëtt gemaach huet, da mengen ech bréngе mer et vläicht och fäerdeg am Laf vun de Joren, se ze iwwerzeegen, dass se missten nach e Schrëtt méi maachen.

Une voix.- Très bien!

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Här President, ech soen nach eng Kéier, de Sënn vum Gesetz vun '78 wor net den Avortement als eng Institutioun ze introduzéieren. Et wor och net eng Obligatioun.

M. le Président.- Madame Flesch, entschëllegt, erlaabt Der eng Zwëschefro vun der Madame Stein?

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Majo selbstverständlech.

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech wollt d'Madame Riednerin just froen, ob se der Meenung ass, dass mer fir de Poopst hei schwätzen oder fir d'CSV-Fraktioun?

Une voix.- Ooohhh!

Mme Colette Flesch *(DP).*- Majo, Här President, d'CSV-Fraktioun schwätzt och fir d'CSV-Fraktioun, schwätzt och fir d'CSV-Majoritéit. Mä ech hunn a menge laange Joren an dësem Haus och alt schonn erlieft, dass d'CSV fir de Poopst geschwat huet.

(Hilarité)

An dat hunn ech net esou gutt fonnt.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha)

Mme Colette Flesch *(DP).*- Här President, ech kommen elo awer op mäin Thema zréck. Also, den Avortement ass keng Obligatioun. Den Avortement ass '78 dépenaliséiert ginn ënner gewësse Konditiounen. Den Avortement bleift ëmmer e Choix fir déi Fra, déi mat där Fro konfrontéiert ass. An, Här President, et ass keen einfache Choix!

Et soll kee mengen, dass eng Fra dat einfach esou iwwert sech ergoe léisst. Dat bedéngt jo en Agrëff an hir Intégrité physique. Dat ass net eppes, wat de gaieté de cœur gemaach gëtt. Dat ass en Akt, dee poséiert gëtt vun engem Mënsch, deen an enger Zwangssituatioun ass, dee keen Auswee méi weess an deen aus psycheschen, mënschlechen, medezineschen Ursaache keen aneren Auswee weess. An en Avortement ass ëmmer en Traumatissem a bleift net ouni Folgen op deen, deen dat iwwert sech muss ergoe loossen.

Den Avortement ass en echte Problem fir 50% vun der Mënschheet. A 50%, déi 50%, déi am meeschten doriwwer schwätzen, dat sinn der, déi mat deem Problem guer net konfrontéiert sinn. An dat sinn déi, déi am Laf vun de Joren an de Jorzéngten an de Jorhonnerten ni eppes direkt domadder ze dinn haten.

Une voix.- Très bien!

Mme Colette Flesch *(DP).*- Also, et ass eng ganz grave Saach. An et soll een dat net op d'liicht Schëller huelen.

Et ass also e Choix. En Avortement ass och ëmmer en Échec. Well et bedeit, dass et keng aner Léisung gëtt, an dass déi Persoun, déi dee Choix hëlt, eben an eng Enk eragedrängt ass an da keng aner Issue gesäit, wéi do dee Choix ze huelen.

Ech mengen, Organisatioune wéi de Planning familial hunn am Laf vun de Jorzéngten an dësem Land ganz vill geleescht, fir d'öffentlech Meenung am Zesummenhang mat där Problematik weiderzebréngen. An ech wor, ech muss soen, e bësselchen iwwerrascht, wéi ech gemengt hunn an der Interventioun vun der Madame Stein ze héieren, dass déi Attacken, déi sengerzäit géint den Dokter Marie-Paule Peffer geridde si ginn an de 70er Joren, haut nach en Echo fannen a gewësse Rechtskreesser.

Ech bedaueren dat, well ech mengen, d'Madame Dokter Peffer huet eng formidabel Aarbecht gemaach. An déi Leit, déi hir Relève geholl hunn, féieren dat weider, a mir solle se ënnerstëtzen.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Colette Flesch *(DP).*- Här President, 1978 ass dat Gesetz gestëmmt gi mat deem, wat mer konnten dee Moment fäerdeg bréngen. Entre-temps sinn iwwer 30 Joer an d'Land gaang. D'Gesellschaft zu Lëtzebuerg huet sech geännert. D'Gesellschaft an der Welt an an Europa huet sech geännert. A villen Nopeschlänner sinn entre-temps aner Gesetzgebunge komm, déi vill méi wäit ginn a vun deene mir ons sollen inspiréieren.

Déi honorabel Madame Err huet eng Proposition de loi 2007 déposéiert, mat där muss ech soe mir gréisstendeels d'accord sinn an déi mer quant au fond total approuvéieren. Mir hu vläicht déi eng oder déi aner Nuance, déi an der Diskussioun muss zum Ausdrock bruecht ginn.

Mä, Här President, mir bedaueren, dass déi Proposition de loi, déi virun zwee Joer eragereecht ginn ass, keng Suite kritt huet um Niveau vun der Regierung. An d'Regierung ass opgefuerdert, eng Positioun zu enger Proposition de loi ze huelen. Si huet dräi Méint dofir a si kritt och nach dräi Méint weider. Et wonnert mech, dass d'Regierung et net fir néideg fonnt huet, eng Stellungnahm ze huele vis-à-vis vun der Proposition de loi vun der Madame Err. Dat ass dat, wat den Artikel 59 vun onsem Reglement virgesäit.

Den Artikel 60 gesäit vir, dass, wann d'Regierung keng Stellung hëlt, déi zoustänneg Kommissioun sech soll an dësem Haus mat där Proposition de loi beschäftegen. Och dat ass net geschitt, well d'Majoritéit et net wollt.

Ech ka mer virstellen, dass et net ons sozialistesch Kolleege woren, déi deemools a bei deem Sujet op der Brems souzen. Ech ka mer virstellen, wien op der Brems souz. Mä et gëtt Zäit, dass mer d'Gesetz vun '78 op de Métier huelen an et adaptéieren un déi Konditiounen, déi haut an onser Gesellschaft gëllen.

Dofir, Här President, huet mäi Kolleeg, den honorabelen Här Krieps, déi Motioun an déi Resolutioun erabruecht, a mir géifen ons freeën, wann déi géife kënnen eng grouss Zoustëmmung an dësem Haus fannen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Mä, Madame Flesch, et ass och schonn Zäit tëschent 1999 an 2004 vergaang.

Mme Colette Flesch *(DP).*- Et wor och Zäit vun 1999 bis 2004.

(Brouhaha général)

Här President, sécher wor Zäit vun 1999 bis 2004. Mä do sinn aner Gesetzer och gemaach ginn. Notamment ass fir d'éischt an där Regierungsperiod d'Partenariatsgesetz gemaach ginn. Dat wor och e Schrëtt an en...

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Si hate keng Zäit!

(Brouhaha et hilarité)

Mme Colette Flesch *(DP).*- Ech weess net, ob keng Zäit wor,...

Une voix.- Mä kee Wëllen!

Mme Colette Flesch *(DP).*- ...mä souguer, Här President, souguer...

Une voix.- Et huet jo och 800 Joer gedauert!

Mme Colette Flesch *(DP).*- ...wann dat '99 bis 2004 net geschitt ass, dann ass dat net flott. Mä wann et vun 2004 bis 2009 net geschitt, wou mer fënnef Joer méi wäit sinn, dann ass et condamnabel! Dann ass et condamnabel!

Plusieurs voix.- Aaahhh!!!

Mme Colette Flesch *(DP).*- Här President, d'autant plus, Här President,...

M. le Président.- Madame Flesch, loosst lech net vum Här Minister provozéieren!

Mme Colette Flesch *(DP).*- D'autant plus, Här President, dass d'Proposition de loi vun der Madame Err vun 2007 ass. Also, d'Regierung '99/2004 konnt keen Avis ginn zu enger Proposition de loi, déi eréischt 2007 komm ass.

(Brouhaha)

Une voix.- Ah, esou gesitt Der et!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Si hätt et awer kënne maachen.

Mme Colette Flesch *(DP).*- Dës Regierung, Här President, ass direkt konfrontéiert gi mat der Proposition de loi vun der Madame Err a si huet et net fir néideg fonnt, iwwerhaapt dozou eng Stellungnahm ofzeginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha)

Mme Colette Flesch *(DP).*- Also, ne mélangeons pas les torchons et les serviettes!

Här President, ech wëll domadder ofschléissen. Ech wëll en Appel un all ons Kolleegen hei an dësem Haus riichten, fir déi Motioun an déi Resolutioun ze ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Flesch. Déi nächst Riednerin ass déi honorabel Madame Err.

(Interruption et hilarité)

Mme Lydie Err *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hei zu Lëtzebuerg kréien - an dat wësse mer - Kanner Kanner, an hei zu Lëtzebuerg dreiwe Kanner och of. Zum Beispill waren dat am Joer 2000, esou kënnt et aus dem Bericht vum ORK eraus, zu Lëtzebuerg 87 Kanner, déi Kanner kritt hunn, a 37 Avortementer vu mannerjährege Meedercher.

Duerno, an déi Donnéeë komme vum Planning, an et fält lech op, dass mer keng offiziell Statistiken hunn: 2007 hu sechs Fraen oder Adolescenteën - wéi seet een dat? - jonk Meedercher vu manner wéi 16 Joer Kanner kritt, an 30 jonk Meedercher vu manner wéi 20 Joer hunn ofgedriwwen. 2008 war et ongefëier d'selwecht, mä et ass keng Oplëschtung jee no Mannerjährege oder Groussjährege.

Mä de Skandal ass am Fong deen, dass mer net emol wëssen, wat zu Lëtzebuerg lass ass, datt mer dat, wat mer wëssen, duerch Organisatioune wëssen. Mir hunn also keng Statistiken, mir kennen nëmmen d'Spëtzt vum Äisbierg, an ech mengen, dass, wann een d'Envergure vun engem Problem net kennt, et ganz schwéier ass, mat deene richtege Mëttelen dorun erunzegoen.

Duerfir géif ech mir erlaben, d'Interpellatioun vun honorabelen Här Krieps hei auszedehnen net nëmmen op d'Ursaachefuerschung vun deem trauregen Tatbestand, dee mer kennen, mä och fir d'Fuerderunge vu Statistiken iwwert d'Dokteren zum Beispill - anonym natierlech, aus deenen Ursaachen, déi mir kennen - a seng Interpellatioun mat eranzehuelen.

Ech denken och, dass ee kéint nach, wann déi Ursaachefuerschung gemaach gëtt, wat ech wierklech wichteg géif fannen, well och wann ee mat gesondem Mënscheverstand un déi Problematik do erugeet, ass et relativ schwéier festzestellen, firwat déi Zifferen esou katastrophal sinn, nodeem mer déi sexuell Revolutioun zënter bal 50 Joer hunn. Déi schéngt awer un eiser Jugend vun haut spurlos eriwwergaangen ze sinn.

Eigentlech ass et fir mech onverständlech, dass déi Opklärung, déi méiglech wär fir Contraceptioun utilement op allen Niveaue vun der Schoul, firwat déi net gemaach gëtt oder net genuch gemaach gëtt, an ech wäert duerno ganz kuerz nach eng Kéier dorobber zréckkommen.

Vläicht läit et - an dat ass ganz bescheide meng perséinlech Meenung iwwert déi Problematik, déi den Här Krieps opwerft - un enger Orientéierungslosegkeet u Schwieregkeete mat Bezéiungen, aus deenen eraus eng vermeintlech Zuflucht gesicht gëtt an enger débridéierter Sexualitéit, déi an der Öffentlechkeet omnipresent ass, déi net explizéiert gëtt, an an déi Jugendlecher einfach riskéieren, esou wéi an Drogen, Alkohol oder aner Ofhängegkeeten, an eng onvirbereeten an onpreparéiert Sexualitéit eranzegoen, bei deenen Ufänger an der Matière sech sécherlech kënne verbrennen. An déi Zuelen, déi mer zu Lëtzebuerg virleien hunn, déi beweisen dat.

Zënter 2001, et ass ugeschwat, ass ënnert dem Gesondheetsminister Wagner d'Pëll vum Dag duerno - fir et emol am normale Sproochgebrauch ze soen - agefouert ginn. Ech mengen awer och, datt et wichteg ass ze soen, dass zënter där Regierung duerno och munches geschitt ass.

Wann och net dat geschitt ass, wat ech perséinlech mir gewënscht hat, esou ass fir mech jiddefalls déi Tatsaach, dass 2005 den aktuelle Gesondheetsminister déi Pëll vum Dag duerno an d'Vente libre an den Apdikte ginn huet, sécherlech e Schrack an déi richteg Richtung. Och wann et kloer ass, dass eng Contraceptioun virum sexuelle Verkéier sécherlech vill besser wär wéi eng Hëllef, eng Verleeënheetsléisung, déi duerno kënnt, well eben d'Contraceptioun net stattfonnt huet.

Schwéier schéngt mir ze sinn, déi Zuelen, déi een héiert an aus deene geschat gëtt, dass net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä a Westeuropa en général esou vill Avortementer vun net erwuessene jonke Meedercher komme wéi Naissancë passéieren. Wa mer wëssen, dass mer ongefëier 140 Naissancen zu Lëtzebuerg hu vu mannerjährege Kanner pro Joer, dann heescht dat, dass mer och 140 Avortementer vu jonke Fraen hätten. De Planning huet awer, wat jonk Fraen ubelaangt, nëmme 37 Demanden, dat heescht, dass mer eng Donkelziffer hunn, déi 100 Leit d'Joer befänkt, an ech fannen, dass dat eleng en Element ass fir weiderzegoe wéi do, wou mer entre-temps ukomm sinn.

D'Problematik, wéi se besteet, an d'Ausland ze exportéieren, ass wierklech net déi gutt Manéier, dat wësse mer alleguerten, an dat ass am Fong ganz einfach doduerch ze erklären, a mir haten elo en eminent Beispill virun der Madame Flesch hei op der Tribün, fir dorop ze beharren, dass d'Transparenz net dat Bescht ass fir e Problem unzepaken. Et ass kloer, dass eng Gesellschaft, déi e liberaalt, dat heescht, eng Fristeléisung a Matière vun Avortement huet, domadder net seet, dass soll méiglechst vill avortéiert ginn. Den Zweck vun esou enger Gesetzgebung ass évidemment, an dat ass d'Positioun vum Planning - an et ass wierklech eng Provokatioun fir de Contraire hei op der Tribün ze behaapten -, fir duerch e fräiwëllegen an e legalen Accès zum Avortement d'Zuele vun Avortementer esou niddreg wéi méiglech ze halen.

Et ass och kloer, dass e liberaalt Avortementsgesetz net d'Zuel vun den Avortementer an d'Luucht hieft, awer och net d'Zuel vun de Kanner erofsetzt. Au contraire ass bewise ginn, dass an den Nordlänner, wou liberal Gesetzgebunge bestinn, d'Fraen am Duerchschnëtt méi Kanner op d'Welt setze wéi an eisem Land, wou den Avortement nach ëmmer haaptsächlech an der Clandestinitéit exercéiert gëtt.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Ech denken duerfir, dass et wichteg a positiv ze bewäerten ass, déi Campagne, déi de Moment vum Planning familial gefouert gëtt, an ech hunn net par hasard deenen hir Spéngel hei un, déi d'Erregnis vun der Madame Stein ervirgeworf hunn. Ech denken, dass et gutt ass, dass et indispensabel ass, dass mer an enger Gesellschaft wéi eiser eng Institutioun hu wéi de Planning, deen ëmmer do mam Fanger weist, wou et wéideet. An och wann et ville Leit net an de Krom passt, muss ee vun Zäit zu Zäit der Wourecht an d'Gesiicht kucken.

De Planning familial mat där Campagne, déi iwwregens vun hirer Parteikommerodin aus dem Familljeministère finanzéiert gëtt, an net vum Santésminister, läit richteg, andeem dass se seet: E Kand oder kee Kand, wann ech wëll, wéini ech wëll, virbereet natierlech; Sexualverkéier, wann ech wëll, ënner Konditiounen, wou ech wëll, an och eventuell de Mariage, wann ënnert deene Konditiounen, wou ech wëll. All déi Selbstbestëmmungsursaachen, déi dës Campagne beinhalt, si positiv ze bewäerten, a si sinn och duerfir ze begréissen.

Et ass och sécherlech wéinst der Existenz vum Planning an zesumme mat där Proposition de loi, déi ech hei virgeluecht hunn, wou verschidden Elementer passéiert sinn, déi als positiv ze bewäerte sinn, och da wann d'Législatioun u sech net liberaliséiert ginn ass. Éischtens duerch d'Vente libre vun der Pëll vum Dag duerno. D'Leit brauchen also net méi bei den Dokter ze goen, si kënnen an enger Apdikt sech dat Medikament verschafen, wa si mengen, hir Contraceptiounsmëttele wieren inexistent oder net sécher genuch ageplangt gewiescht.

Den Agrément vum Planning, dat ass bis elo hei nach net gesot ginn, huet de Planning kritt am Februar dëst Joer, fir iwwer Medikamenter Avortementer am Planning kënnen ze maachen duerch déi Tatsaach, dass se eng Konventioun mam CHL kritt hunn, an ech denken och, dass déi praktesch gratis Distributioun vu Préservatifen an de Schoulen als positiivt Element ze wäerten ass.

Si gi leider nach net duer, mä déi Schrëtt, déi hei gemaach gi sinn an deene leschte Joren, si sécherlech verschidde Schrëtt an déi richteg Richtung, déi een zwar net kënnen ewechtréischten iwwert dat, wat mer nach net hunn, mä déi op jidde Fall awer e valabelen Ersatz duerstellen, deen einfach nach muss just komplettéiert ginn.

Zwee Sätz zur Ofschléissung. Meng Prioritéiten an dëser Debatt wären, ausser deem, wat den Här Krieps an d'Madame Flesch hei gesot hunn a wat ech net nach eng Kéier widderhuelen, dass mer mussen den Accent ënner egal wat fir engen Ëmstänn op d'Éducation net nëmme sexuelle, mä och affective leeën, an zwar zënter der Spillschoul.

Ech maachen dorop opmierksam, dass et Spezialisten, dass et Gruppe gëtt vu Leit, déi iwwer eng Sprooch, déi de Kanner zougänglech ass, en l'occurence iwwer e Marionettentheater sexual Opklärung maachen, an ech denken iwwer esou wichteg Froe kann een net fréi genuch ufänken opzeklären.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

D'finanziell Ofsécherung, an dat ass meng zweet Prioritéit, vun deenen Instituter, déi zu Lëtzebuerg deen néidegen Know-how hunn, déi Virreideraarbecht geleescht hunn, déi déi Campagne hei lancéiert hunn an déi all Joer erëm musse fäerten, iwwert de Wee vun de staatleche Subventiounen hiren Aktivitéitsberäich reduzéiert ze kréien, während déi Zuele vun de Jugendlechen, déi Kanner

kréien plus ou moins ongewollt oder plus ou moins ongewollt ofdreiwen, beweisen, dass et néideg wär, déi Institutiounen hei méi wäit ze ënnerstëtzen, fir eben och kënnen déi Éducation sexuelle op allen Niveauen, wou et néideg ass, auszebreeden.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Err. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Loschetter. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den Här Krieps wëllt haut méi spezifesch op den Aspekt Preventioun vun de Grossesses involontaires bei jonke Meedercher agoen. E freet dann och fir seng Fraktioun eng Etüd iwwert déi eventuell sozial Ursaache vun engersäits Schwangerschafte bei jonke Meedercher, anerersäits Ofdreiwunge bei jonke Meedercher. An et läit mir wierklech vill dorun ze ënnersträichen, datt et schwéier ass am jëtzege Moment a mat där Législatioun, déi mir am Moment hunn, fir Statistiken opzesetzen, déi aussoend wären, virun allem bei den Ofdreiwunge vun ongewollte Schwangerschaften.

Ongewollt Schwangerschafte geschéien an alle soziale Schichten an och bei all Alter. Déi Statistiken, déi erhuewe ginn, si meeschtens déi, déi mir am Planning familial erëmfannen. De Planning betreit notamment, a Gott sei Dank gëtt et en - woubäi ech elo net weess, ob Gott sei Dank dat richtegt Wuert ass -, eng Rei vu jonke Meedercher a Fraen, déi ongewollt schwanger gi sinn an déi wëllen dës Schwangerschaft ofbriechen.

Praktesch all Fra fënnt dofir de Wee bei de Planning, an de Planning huet och an all dëse Joren alle jonke Meedercher an alle Fraen an dësem dramatesche Fall onwahrscheinlech weidergehollef. All dës jonk a manner jonk Frae kruten duerch de Planning hire Liewensoflaf erëm an de Grëff a konnten hiert Schicksal selwer an de Grapp huelen.

Oft sinn doduerch - an dat wëll ech hei ënnersträichen, nodeem, wat hei och gesot ginn ass - dramatesch relationell, emotionell, psychesch a séilesch Problemer évitéiert ginn, déi virun allem déi betraffe Fraen an eng ganz schwiereg Situatioun bruecht hätten; Situatiounen, déi si eleng hätte misse meeschteren a wou et an all dëse Fäll vun de betraffene Frae kloer war, datt si déi net konnte meeschteren. Bis elo war et esou, datt de Planning all dës concernéiert Klientinnen an d'Ausland geschéckt huet, huet misse schécken.

Mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass och gewosst, datt hei zu Lëtzebuerg mat där Législatioun, déi mir haut hunn, nëmmen en Deel vun de betraffe Fraen an de Planning ginn, fir Hëllef ze froen. E relativ héije Prozentsaz, vläicht nach eng Kéier esou vill wéi déi Zuelen, déi am Planning répertoriéiert gi sinn, vu betraffe Fraen a jonk Meedercher kréie vun engem Dokter gehollef, am Fall vun enger ongewollter Schwangerschaft, an och do erëm - Gott sei Dank - gëtt et déi Dokteren, déi op d'Noutsituatioun vun de Fraen aginn.

Tëscht der concernéierter Clientèle, déi an de Planning geet, an der Clientèle, déi sech Hëllef bei engem Dokter siche geet, do gëtt et en Ënnerscheed vun enger sozialer Herkunft. An do besteet och eng Ongerechtegkeet, déi aus der Welt muss geschaf ginn an déi nëmmen an onsen Aen duerch eng Revisioun vun onser sexistescher an ongerechter Législatioun kann ewechgeholl ginn.

Eng net kleng Zuel vun Avortementer gi vun den Doktere gemaach. Si ginn als Curetage ausgeschriwwen an dann och an deem Fall vun der Gesondheetskeess rembourséiert. Dës Zoustänn sinn Hëllefsaktiounen, déi sech am Laf vun de Joren entwéckelt hunn, fir mat där aktueller Législatioun zurechtzekommen. Et ass net gutt fir de Planning, dee seng Klientinnen net ka selwer betreien, obwuel si ëmmer bis elo Dokteren a spezialisiéiert Dokteren haten. Et ass net gutt fir deen eenzelnen Dokter, deen enger Fra wëllt an hirer Noutsituatioun hëllefen, dëst awer meeschtens op eng getarnt an ontransparent Manéier muss maachen.

An et gëtt och Dokteren, an dat muss och emol hei gesot ginn, déi an dëser Noutsituatioun vu Klientinne profitéieren, fir notamment e finanziellen Avantage erauszeschloen, an och dat geschitt regelméisseg, an dat ass net gutt fir de Ruff vun den Dokteren.

Et ass awer virun allem, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, skandaléis, wéi déi betraffe Fra an dëser dramatescher Situatioun behandelt gëtt. Si selwer entscheet net iwwer sech. Si selwer ass enger Entscheedung ausgeliwwert, op en Urteel vun enger drëtter Persoun, déi jugéiert, ob si an enger Noutsituatioun ass oder net. An dat ass einfach inadmissibel.

Eng Fra ka bis déi zwieleft Schwangerschaftswoch avortéieren, wann hir psychesch an hir physesch Gesondheet gefährdet ass. All Fra, déi ongewollt schwanger ass, befënnt sech an enger psychescher Noutsituatioun - all Frau! An all Fra huet eleng d'Konsequenze vun dëser ongewollter Situatioun ze droen. Et ass also un hir ze décidéieren, wéi si wëllt virugoen. An dozou zwou Bemierkungen.

Éischt Bemierkung: Ze mengen, oder souguer ze fäerten, wa mer en Avortement zu Lëtzebuerg géifen ënner klore Bedingunge liberaliséieren iwwert de Wee vun enger Fristeléisung, géif méi avortéiert ginn, ass glat falsch. D'Zuel vun den Avortementer gëtt just méi transparent, well d'Konditiounen dëst dann emol endlech erlaben.

Zweet Bemierkung, en Avortement ass kee Verhütungsmëttel, a keng Fra, och kee jonkt Meedche gesäit dat esou. En Avortement, dat ass och schonn hei gesot ginn, ass ëmmer en Agrëff u sech selwer, deen ee sech net gewënscht huet a mat deem een net gerechent huet. Et ass eng ultimativ Méiglechkeet, säi Schicksal am Grëff ze behalen.

Wéini mir elo zu Lëtzebuerg à l'instar vu villen Nopeschlänner oder EU-Länner endlech e respektvollt an transparent Avortementsgesetz kréien, woen ech net hei anzeschätzen. Aus onser Siicht op alle Fall ass et kloer, datt d'Politik an dësem Dossier gefuerdert ass, an et ass och un der Politik derfir ze suergen, datt all Mënsch, all Fra, all jonkt Meedchen iwwert déi noutwendeg Gesondheetsservicer verfügt, déi se zegutt huet. Dat gëllt och am Fall vun engem Avortement.

Mir kënnen net an dësem Dossier, Här President, de Kapp an de Sand stiechen, wëssend, datt avortéiert gëtt, a frou doriwwer sinn, datt déi concernéiert Fraen a Meedercher d'Méiglechkeet hunn, an d'Nopeschlänner ze goen, oder an all Ontransparenz an Anonymitéit dëst zu Lëtzebuerg ze maachen. Dat nennt een eng pharisäesch Attitüd. D'Politik ass gefuerdert sech derfir anzesetzen, onofhängeg vu Lobbyaarbecht aus verschidde Kreeser, an notamment vun de Responsabele vun der kathoulescher Kierch.

D'Stéchwuert kathoulesch Kierch gëtt mir dann och de Gedankesprong, fir op e Beispill anzegoen, deen elo viru kuerzem a Brasilien stattfonnt huet, wou e Kand - néng Joer - répétéiert violéiert ginn ass vu sengem Stéifpapp, schwanger war vun Zwillingen, a wou d'Mamm zesumme mat der Dokteschéquipe décidéiert huet, dat Kand ze avortéieren. D'Kand war natierlech liewensgefährdet, dat schéngt mer jo evident an net hei brauchen ënnerstrach ze ginn. D'Resultat dovunner ass, dat d'Mamm an d'Dokteschéquipe vun där Communautéit vun der kathoulescher Kierch erausgehäit gi sinn.

Ech muss lech soen, Här President, wann ech déi Mamm gewiescht wär, dann hätt ech genau d'selwecht gehandelt, an ech denke ganz vill Leit vun lech heibannen, well onst Gesetz dat iwwregens an deem Fall elo schonn erlaabt.

Mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat sinn dat fir Wäerter? Wat hunn déi Wäerter fir en Impakt vun enger Communautéit, wou hir Responsabel esou Exclusioune guttheeschen. Wat sinn dat fir Wäerter vun enger Communautéit, déi sech kathoulesch Kierch nennt, déi eng Mamm an eng Dokteschéquipe aus enger Gemeinschaft ausschléisst, well si enger fundamentaler humanistescher Valeur nogaange sinn an e jonkt Meedche rette wollten, deem en extreemt Leed ugedoe ginn ass?! Wat sinn dat fir Wäerter vu Responsabele vun enger Communautéit, d'kathoulesch Kierch, déi kee Wuert verléiert iwwer e Mann, deen en extrem gravë Vertrauensbroch begaangen huet, deen e Kand répétéiert violéiert huet?! Deen ass net ausgeschloss ginn aus där Communautéit. A wat fir en Impakt hunn esou Aussoen an esou Handlungen op ons Jonker? Wat gëtt hinne vermëttelt mat esou Jugementer?

Dofir, Här President, unhand vun deem leschten aktuelle Beispill ass et ons wichteg ze widderhuelen, datt d'Politik gefuerdert ass, sech neutral an onofhängeg vun alle reliéise soi-disant Wäerter ze verhalen an eleng no de Rechter op Gesondheet an individuell Fräiheet vun all Eenzelnem an der Gesellschaft, an dësem Fall de jonke Meedercher a Fraen, ze suergen.

Mir brauchen zu Lëtzebuerg en éierlecht, e kloert, e reglementéiert, en transparent an e gerecht Avortementsgesetz. Et brauch een dofir nëmmen esou vill politesche Courage wéi zum Beispill a Frankräich oder wéi zum Beispill an der Schwäiz, wou mer en Avortementsgesetz hunn no engem Fristesystem, deen iwwregens per Referendum esou décidéiert gi war.

Dem Här Krieps seng zweet Besuergnis ass d'Preventioun. Ausser enger 100%eger Abstinenz am zwëschemënschleche Sexualliewen, gëtt et eigentlech keng 100 Méiglechkeeten, preventiv virzegoen, fir eng ongewollte Schwangerschaft ze verhënneren. Et ass haut méi wéi jee net nëmme wichteg, mä absolut noutwendeg, datt mer mat de Kanner an de Jugendlechen d'Sexualitéit, awer och d'Léift thematiséieren. An dozou, Här President, zwou Bemierkungen am Kontext vu Preventioun.

Éischt Bemierkung: Eng Hällewull vu soi-disant Informatiounen, notamment ëmmer méi um Internet, gi sech Kanner a Jugendlecher sichen. Virun allem Internet-Säiten, déi fir jiddwereen accessibel sinn, weisen e Bild vu Sexualitéit, vu Fraebiller, awer och vu Männerbiller, déi just nach dem Label vu bëllegem, awer knallhaardem Porno entspriechen. Ass dat dat Bild vu Sexualitéit, dat Bild vun der Fra, oder awer och dat Bild vum Mann, am Kontext Sexualitéit oder Léift, wat mir wëlle vermëttelen? Virun allem ass de géigesäitege Respekt an de Respekt vum Wëlle vu jiddwerengem eenzel net en Thema.

Mir kréien de Porno net aus der Bildfläch gestrach, dat ass och iwwerhaapt net ons Intentioun. Et ass awer eminent wichteg, datt ons Kanner a Jugendlecher opgekläert ginn, fir datt si selwer differenzéiert kënne mat all dësen Andréck ëmgoen. An dofir, d'Thema Léift a Sexualitéit gëtt bäi Wäitem net genuch thematiséiert - dat ass schonn hei gesot ginn -, iwwerall an der Gesellschaft, sief et doheem, an der Schoul, an de Betreiungsstrukturen, an de Medien an esou weider.

Et herrscht an dësem Kontext eng gewësse Gêne, souguer munchmol e Flair vun Tabu. An et ass un der Politik, Richtlinnen ze ginn. Mir brauche méi a mir brauchen och méi konsequent Opklärung an Thematiséierung vun dësem Thema an de Schoulen. D'Politik kann awierken op d'Vermëttlung vum Bild vun der Fra respektiv d'Bild vum Mann an de Medien oder zum Beispill och an der Publicitéit. Dat sinn zwee konkret Beispiller vu ville méi, wéi ee kann deen ëmmer erëm genannte Mentalitéitswandel förderen. Verschidden EU-Länner sinn op deem Wee méi couragéiert gewiescht, awer och virun allem méi éierlech.

Zweet Bemierkung: Ausser Abstinenz, ech hunn et scho gesot, wat mir eigentlech net als sënnvoll emfannen, gëtt et nach just eng gutt opgekläerte Verhütung zur Preventioun vun ongewollte Schwangerschaften. Mir Gréng trieden - an dat hu mer och an eisem Wahlprogramm stoen, haten et och schonn d'lescht Joer drastoen - fir gratis Verhütungsmëttele fir Jugendlecher an, gekoppelt awer un eng qualifizéiert Sexualopklärung, déi parallell zum Elterenhaus assuréiert gëtt. An do hapert et am Moment zu Lëtzebuerg op deenen zwee Punkten.

Obwuel Verhütungsmëttelen ëmmer méi disponibel sinn, accessibel sinn, wier et nach méiglech, se méi ze promouvéieren. Et misst méi iwwer Verhütungsmëttele geschwat an opgekläert ginn. Leider verfügen haut déi Institutiounen an Associatiounen, déi dës Opklärung virun allem an de Schoule kéinte maachen, net iwwert déi noutwendeg Moyenen, souwuel finanzieller Natur wéi och u Ressources humaines.

Wéineg gëtt och an der Initialausbildung vun den Enseignanten doriwwer informéiert, vun de Proffen am Secondaire scho guer net ze schwätzen. An do muss ech erëm, Här President, a menge Gedankespréng zur Preventioun zur Aktualitéit zréckkommen. Den Haaptresponsabele vun der Communautéit, déi sech kathoulesch Kierch nennt, huet net méi spéit wéi gëschter, alles eescht, gesot, datt Kondomer der Aids-Epidemie net entgéintwierken, au contraire! Esou Deklaratiounen, déi iwwert de Wee vun de Medieninstrumenter ronderëm d'Welt ginn, hunn natierlech och en Impakt, deen net ofzestreiden ass, wann een esou Aussoen iwwer Kondomer, iwwer Verhütungsmëttele mécht. An dozou géif ech gären haut zwou Bemierkunge maachen.

Fir d'éischt emol zwou Bemierkungen zu där Bemierkung zum Aids um afrikanesche Kontinent. Betreffend d'Bekämpfung vum Aids ass de Leit keng Kondomer ze vermëttele gläichzestelle mat de Leit keng Medikamenter ze ginn.

Zweet Bemierkung: Mir ënnerstëtzen hei alleguerte bestëmmt déi eng oder déi aner ONG, déi um Terrain schafft. Or, musst Der wëssen, datt all dës ONGe Kondomer vermëttelen. Dat ass souzesoen eng vun deenen éischte Mesuren, déi sur place ënnerholl gëtt.

Dann eng Bemierkung zur Contraceptioun och hei zu Lëtzebuerg. Et ass un der Politik, an eleng un dëser demokratescher Instanz, derfir ze suergen, datt ons Jugendlech léiere mat Contraceptioun ëmzegoen, datt si opgefuerdert ginn, ëmmer op Contraceptioun zréckzegräifen. Dat ass déi eenzeg Méiglechkeet, preventiv virzegoen, fir d'Zuel vun den ongewollte Schwangerschaften erofzekréien.

Esou Messagen dann awer, Här President, wéi déi, déi mëttlerweil regelméisseg vum Chef vun der kathoulescher Kierch gemaach ginn, an net nëmme vun him, sinn extrem kontraproduktiv a souguer geféierlech. Si si geféierlech fir de Bien-être, fir d'Gesondheet, fir déi gutt Entwécklung vun de Jugendlechen, och hei zu Lëtzebuerg. Si förderen net d'Verantwortungsgefill vun onse Jugendlechen a Saache Léift a Sexualitéit.

Och do, Här President, wa mer wëllen eng éierlech Politik förderen an dësem Thema, musse mir ons heibannen distanzéiere vun der kathoulescher Kierch an eng reng gesellschaftlech Politik virundreiwen, déi sech wierklech ëm d'Fräiheet an ëm d'Wuelbefanne vun all Mënsch an onser Gesellschaft këmmert.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Loschetter. Deen nächste Riedner ass den Här Gibéryen. Dir hutt d'Wuert, Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dem Kolleeg Alexandre Krieps seng Interpellatioun vun haut de Mëtteg iwwert den Avortement vu jonke Fraen oder Meedercher gëtt eis d'Geleeënheet, fir eng Debatt hei ze féieren aus der Siicht vun deene verschiddene Parteien, wéi mer zu där Problematik do stinn.

Ech mengen, de Kolleeg Krieps huet de Mëtteg och hei schonn ernimmt en interessanten Artikel vun der Madame Marie Anne Rodesch-Hengesch als Responsabel vum Ombudscomité fir d'Rechter vun de Kanner. An deem Artikel, wou et eng Rei vun Etüde gëtt, wou se sech drop berifft, déi allerdéngs Etüde sinn, déi aus dem Ausland stamen, aus England an Däitschland, wou derbäisteet, datt d'Zuel vun de jonke Meedercher, déi schwanger sinn oder ofgedriwwen hunn, an deene leschte Jore staark geklommen ass.

Eng weider Studië féiert se op vun der Universitéit Landau, wou derbäisteet, datt 20 Meedercher ënner zéng Joer an Däitschland ofgedriwwen hunn an engem Joer, datt d'Meedercher haut méi fréi geschlechtsräif sinn a méi spéit awer eng fest Bindung aginn, datt eent vun zéng Meedercher viru 14 Joer den éischte Geschlechtsverkéier huet an datt d'Majoritéit vun de Meedercher sech beim éischte Geschlechtsverkéier net schützt, well se iwwerzeegt sinn, datt bei där éischte Kéier een net kéint schwanger ginn. Esou wäit aus dem Artikel vun der Madame Rodesch.

Och wann dës Enquête sech, wéi gesot, net op Lëtzebuerg bezitt, mä op auslännesch Etüden, esou dierft d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg dach awer ähnlech sinn. Schued ass et, an dat ass och scho vu menge Virriedner, ech menge spezifesch och vun der Madame Err hei ugeschwat ginn, datt mir hei zu Lëtzebuerg keng offiziell a konkret Chifferen an deem ganzen Domän do hunn, vu staatlecher Säit. Et gëtt der vum Planning familial, déi och schonn hei zitéiert si ginn, mä et wier awer trotzdeem wichteg, datt et hei vum Stat aus och géif ganz transparent a konkret Chifferen zu deem doten Domän ginn.

Wann een iwwert déi Problematik hei diskutéiert, däerf een net eng Etapp vergiessen an dëser Diskussioun, an zwar ass dat d'Gesetz vum 16. Mee 1975, an deem déi anonym Gebuert geregelt ginn ass. Deemools war d'Iddi, datt déi anonym Gebuert sollt laut dem Gesetzgeber d'Ofdreiwunge verhënneren oder verkierzen. Ech mengen, zumindest op dësem Punkt huet dat Gesetz net säin Zil erreecht.

Fir eis als ADR ass et wichteg, un éischter Stell d'Sexualopklärung als ee vun deene wichtegste Pilieren an dëser Diskussioun unzegesinn, wann net souguer als dee wichtegsten. Un éischter Stell steet fir eis d'Elterenhaus. D'Elterenhaus, wou mer wëssen, datt dat net fir all Elteren eng Selbstverständlechkeet ass, liicht ass ganz dacks, fir dat un hir Kanner eriwwerzebréngen, well der vill aus enger Generatioun stamen, wou dat méi oder wéineger nach en Tabuthema an eiser Gesellschaft war. An de Kolleeg Krieps huet aus senger eegener Erfahrung eis erkläert, wéi schwéier datt et war, fir hien an deem Beräich do opzeklären.

(Interruptions)

Den zweete Punkt ass d'Schoul. D'Schoul ass eiser Meenung no och wichteg a vläicht dee wichtegste Punkt dann, wann et am Elterenhaus net geschitt. Also, an dësem Domän wéi a villen aneren Domäner an eiser Gesellschaft, wou d'Famill net méi esou fonctionnéiert, wéi mer eis dat virstellen, datt dann eben de Stat, d'Schoule mussen asprangen, fir dat ze komplementéieren. An esou ass et och sécherlech an dësem Domän, wat d'Sexualopklärung ubelaangt, e wichtege Punkt, datt hei d'Schoul hir Roll iwwerhëlt.

Wat dann awer och bedeit, datt d'Enseignantë mussen deementspriechend forméiert ginn, datt se Diskussioune kënne richteg féiere mat Jugendlechen, fir de Message eriwwerzebréngen a virun allem deene Jonken och bäizebréngen, datt et en Thema ass, iwwert dat ee kann objektiv a fräi an transparent diskutéieren, an datt et zumindest awer net méi däerf en Tabuthema sinn.

En drëtte Pilier, deen hei an der Opklärung matspillt, ass eiser Meenung no den Hausdokter. Dat ass d'Vertrauenspersoun vun enger Famill, wou Elteren, wa si net déi richteg Wierder fannen oder net de richtege Courage hunn, awer kënne mat hirem Hausdokter schwätzen, datt deen eventuell sech där Thematik unhëlt. Oder awer och d'Spriechstonne bei Gynäkologen, mengen ech, missten dozou kënne genotzt ginn.

Mir sinn och der Meenung, datt Spriechstonne bei Gynäkologe fir Mannerjähreger misste gratis sinn. Genausou wéi misste Verhënnerungsmëttele gratis sinn. Déi allerdéngs missten zum Deel ënner Opsiicht vu medezinescher Kontroll verschriwwen oder vergi ginn, verbonnen och do erëm eng Kéier mat enger Sexualopklärung.

Doriwwer eraus hu mer elo hei zu Lëtzebuerg d'Pilule du lendemain, déi elo kierzlech vum Minister och autoriséiert ginn ass an déi een an den Apdikten ouni Verschreiwunge ka kréien. Och do si mer der Meenung, datt dat bei Mannerjährege misst kënne gratis de Fall sinn, selbstverständlech ëmmer mat Berodung a Begleedung.

D'Responsabilitéit: Egal wat mer op där anerer Säit vun Opklärung maachen, musse mer awer wëssen, datt d'Responsabilitéit awer ëmmer un éischter Stell bei deene betraffene Persoune läit. An do menge mer net nëmmen dat jonkt Meedchen, mä do menge mer awer och dee Jong, dee mat deem Meedchen ebe Geschlechtsverkéier hat, oder dee Mann mat der Fra. Hei si se allenzwee an hirer Responsabilitéit an et kann een net hei d'Meedchen oder d'Fra eleng dostoe loossen, fir se fir dës vläicht ongewollte Schwangerschaft da kënnen zur Responsabilitéit ze zéien.

Déi Frae musse gehollef kréien. Si musse berode ginn. Si mussen all méiglech Ënnerstëtzung kréien, déi se an deene schwéieren Zäite brauchen. Well dat ass sécherlech fir e Meedchen, fir eng Fra, mä virun allem fir e jonkt Meedchen eng onwahrscheinlech grouss Belaaschtung, e grousse Problem, déi se do musse mat sech erëmdroen. Duerfir ass hei d'Politik gefuerdert.

Hei ass et d'Zil, vun eiser Säit aus gesinn, vun der Politik a vun der Gesellschaft, fir engersäits mussen Opklärung ze maache bei deene Persounen, déi eng ongewollte Schwangerschaft kréien a se do mat alle Mëttelen ze beroden. Et kann natierlech keen herno der Fra hir Décisioun ewechhuelen. U leschter Stell steet si awer nach, déi de Choix huet, trotz Berodung, Gesondheetsberodung vum Mann oder Famill. Si muss awer un alleréischter Stell déi Problemer mat sech ronderëmdroen an och all déi Konsequenzen, déi hir Décisioun mat sech bréngen.

D'Zil vun der Politik an der Gesellschaft muss duerfir sinn a bleiwen awer un éischter Stell, fir Liewen ze erhalen an Ofdreiwungen op d'Exceptioun ze limitéieren. D'ADR gesäit duerfir net en direkte Besoin, dat aktuellt Gesetz iwwert de Schwangerschaftsofbroch ze reforméieren, wëllt awer déi sozial a materiell Ënnerstëtzung fir déi betreffend Persoune verbesseren an och derfir suergen, datt Transparenz, statistescht Material soll entstoen.

Dat gesot, Här President, wëll ech awer soen, datt vun eiser Säit aus mir d'Resolutioun an d'Motioun, déi den Här Krieps hei deponéiert huet, mat ënnerschriwwen hunn an och mat wäerten ënnerstëtzen. Mir äusseren eis jo domadder net quant au fond zu där Proposition de loi, mä et schéngt mer awer en elementaart Recht ze sinn, wann een Deputéierten hei an der Chamber eng Proposition de loi erareecht, datt déi muss hir Prozedur duerchlafen, datt se muss diskutéiert ginn.

A mir si jo an der Reglementskommissioun amgaangen, eng nei Prozedur ze entwéckelen, fir datt dat soll méi séier goen an datt dann och zu alle Propositions de loi jiddwereen hei an der Chamber muss zu engem gewëssenen Zäitpunkt Fuerf bekennen. Duerfir, wéi gesot, ass et en elementaart Recht, an ech mengen et ass eng Opwäertung vun der Chamber, wa mer selwer derfir suergen, datt, wa Kolleeginnen oder Kolleegen hei eng Proposition de loi deponéieren, déi dann och hire Wee geet, egal wéi deem engen oder deem anere seng Usiicht dozou ass.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Déi lescht Riednerin ass d'Madame Dall'Agnol. Déi honorabel Madame Dall'Agnol huet d'Wuert.

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP)*.- Merci, Här President. Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, laut der Weltgesondheetsorganisatioun stierwe ronn 70.000 Frae vun allen Alterskategorien all Joer un de Folge vun enger Ofdreiwung, well se ënner schlechte medezinesche Konditiounen, Bedéngungen oder net vu Medeziner, vu sougenannten Engelsmaacher oder Pfuscher gemaach ginn. An net nëmmen doweinst wënsche mer eis sécher alleguerten heibannen, datt esou mann wéi méiglech Ofdreiwunge virgeholl ginn.

Fir datt awer d'Zuele vum Avortement ofhuelen, musse mer nach méi verstäerkt an d'Preventioun souwéi an d'Sexualerzéiung investéieren. Eng aner Mesure ass awer och sécherlech déi, datt muss duerch sozialpolitesch Moossname gekuckt ginn, fir d'Liewensbedéngunge vun de Familljen oder Frae mat Kanner ze verbesseren.

Et ass jo och schonns vill geschitt an de leschte Joren - dorop sinn och eenzelner vu menge Virriedner schonn agaangen -, wat d'Preventioun ubelaangt. D'Pilule du lendemain ass agefouert ginn, gratis Préservatife gi verdeelt, d'Éducation sexuelle gouf ausgebaut an esou weider an esou fort. Dat ass jo alles net näischt an et kënnt jo och virun allem deene ganz jonke Meedercher zegutt.

Well, och wann d'Optioun vun der Ofdreiwung fir Fraen a Meedercher muss gi sinn, da muss dach d'Haaptaufgab sinn, dës ongewollt Schwangerschaften emol ze verhënneren. A fir dëst adequat ze maachen, muss analyséiert ginn, firwat iwwerhaapt jonk Meedercher schwanger ginn. An Éisträich huet prowoman, déi zoustänneg si fir d'Schwangerschaftshëllef an d'Sexualmedezin, festgestallt, datt tëschent 2005 an 2007 hire Prozentsaz u Meedercher am Alter vu 14 bis 19 Joer vu 4% op 11% geklommen ass.

Si hunn dunn déi Meedercher gefrot, wéi et konnt zu där ongewolltener Schwangerschaft kommen, an d'Resultater, déi fannen ech perséinlech erschreckend. 46% hunn uginn, guer keng Verhütung gebraucht ze hunn. Vun deenen hunn 38% gesot, si wäre sech sécher gewiescht, zum Zäitpunkt vum Verkéier net fruchtbar gewiescht ze sinn. 22% soten der, et wär ongeplangtene Verkéier gewiescht. Aacht wollte guer net verhüten. A bei dräi, do wollt de Partner kee Kondom hunn.

Wann een déi Chifferen do gesäit, da muss een emol virun allem direkt feststellen, am Allgemenge gëtt also an deenen doten Alterskategorië vill ze vill wéineg verhüt. Vläicht wësse Meedercher net genuch Bescheed ëmmer nach oder si kënne mat Begréffer wéi Zyklus, Eesprong a Befruchtung näischt oder an deem Alter nach näischt ufänken. Da verloosse sech awer och ëmmer nach ze vill Meedercher op hire Partner. An hei muss vläicht och nach eppes a puncto Gläichstellung vun de Geschlechter geschéien, fir datt d'Meedercher an och d'Fraen hiert Selbstbewosstsinn stäerken a fir hir Rechter antrieden.

Et happert awer och 2009 nach ëmmer un der Opklärung. Jonker sinn also ëmmer nach net genuch iwwer Sexualitéit, Reproduktioun a Familljeplanung informéiert. Vill Eltere bréngen et och haut nach ëmmer net fäerdeg, relax iwwert dat Thema mat hiren Teenagerkanner ze schwätzen. An déi Jonk selwer wëssen dacks net, wou se Hëllef kënne kréien, kennen Institutiounen och wéi de Planning vläicht net oder schumme sech ganz einfach, fir dohinner ze goen.

Mir mussen och dovunner erofkommen ze denken, datt, wa méi opgekläert gëtt zum Beispill an de Schoulen, duerfir déi Jonk méi sexuell aktiv ginn. De Contraire ass de Fall: D'Evaluatioune vu verschiddene Programmer an aneren EU-Länner weise ganz däitlech, datt d'Jugendlech duerch eng gutt Sexualerzéiung an der Schoul méi spéit oder souguer manner sexuell Rapporten hunn.

Et ass allgemeng gewosst, wann och net dovunner geschwat gëtt, datt dacks Fraen a Meedercher hei zu Lëtzebuerg de Wee an d'Ausland musse sichen, wa se en Avortement wëllen. Mä dat och nëmmen, wa se sech et leeschte kënnen an informéiert sinn, an déi aner haten op gutt Lëtzebuergesch gesot Pech.

An, Dir Dammen an Dir Hären, dat huele mer esou einfach hin, wéi wann dat normal wär, datt d'Ausland misst déi Problemer léisen, déi mir offiziell hei zu Lëtzebuerg also net hunn. Dat gëtt engem ze denken.

Déi jonk Meedercher, déi, well se keen Accès zum Avortement hunn, hir Kanner kréien, erwäche ganz schnell. Och déi, wou an deem jonken Alter gewollt schwanger ginn, well se keng Perspektiven um Aarbechtsmarché gesinn, sech no enger eegener klenger heile Welt sehnen an duerfir eng Famill wëlle grënnen. Déi, wou also hir Kanner kréien, déi erwächen, well si hunn duerno nach manner Chancen op eng gutt Ausbildung oder op eng Aarbechtsplaz, faute vun adequater Betreiung an och vun adequater Kannerbetreiung. Et feelt dann och dacks u Geld a si kommen dann esou an en Däiwelskrees eran, wou se esou séier respektiv och eleng gelooss net schnell d'Sortie fannen.

Fir vill vun deene schwangere jonke Meedercher ass an hiren Aen, well se deen Däiwelskrees kennen, se hunn dat scho gesinn an hirem Bekanntekrees a se wëssen dat och, duerfir gëtt et fir vill vun deene jonke Meedercher keen aneren Auswee wéi eng Ofdreiwung. A fir dee Choix, do däerfe se och net veruerteelt a verdäiwelt ginn, just well den Avortement genau wéi de Sex an d'Verhütung nach ëmmer Tabuthema sinn.

Vläicht ass et duerfir gutt, haut, 38 Joer nodeems 374 couragéiert staark Fraen am „Stern" sech zu hirer Ofdreiwung bekannt hunn, nach eemol ze verdäitlechen, firwat e modernt an zäitgeméisst Avortementsgesetz de pair muss goe mat alle Preventiounsmesuren, déi ech respektiv meng Virriedner hei opgezielt hunn an déi weider ausgebaut mussen a solle ginn. Ma well e restriktiivt Gesetz net, wéi gemengt, zu méi niddregen Ofdreiwungscasë féiert, mä just datt d'Ofdreiwungen ënner schlechte Konditioune stattfannen, vun Netdokteren duerchgeféiert ginn, datt d'Fraen, wa Komplikatiounen optrieden, och net bei den Dokter ginn aus Angscht virun de Konsequenzen. Dat weisen d'Etüden a Statistike vun deenen eenzelne Länner.

Ze denke gi mir perséinlech dann awer och eenzel Aussoen, déi ech op mäin „tageblatt"-Artikel vum 23. Februar zum Thema krut. Et waren eenzel ganz penibel Aussoen derbäi, déi ech lech elo erspueren, mä ech wëll lech awer och soen, datt ech ganz vill positiv Réckmeldunge krut, virun allem vun enger Alterskategorie, wou ech mer et net geduecht hat oder net domat gerechent hat, mä vun eelere Matbiergerinnen a Matbierger. Virun allem vu Leit, déi sech nach kënnen un d'Situatioun erënneren, wéi et virun 1978 hei am Land war, virun eben deem Gesetz, wat haut en vigueur ass, a wou och hei am Land Engelmacher Héichkonjunktur haten.

Mä et mécht mer awer och Angscht, wann ech gesinn, wat ee sech muss gefale loossen, wann een de Courage huet, sech zu deem Thema öffentlech ze äusseren, zu deem sécherlech heikelen Thema am Joer 2009 seng Meenung öffentlech ze soen. Well d'Ofdreiwung ass haut, an dat sot ech schonn, nach ëmmer en Tabuthema, an d'Frae schwätzen net dovunner, well se, an dat gesäit ee jo schonn nëmmen u Reaktiounen op en Artikel, Angscht hunn - a mat Recht -, fir hir Entscheedung ugegraff oder veruerteelt ze ginn.

A wann ech virdru vun enger besserer Sexualerzéiung geschwat hunn a vu gratis Kondomen, dann däerfe mer eis awer och, wat d'Verhütungsmëttelen ugeet, näischt virmaachen. All Methoden hunn e gewëssenen Taux, wou d'Fra awer ongewollt schwanger gëtt. An een Deel dovunner, deen décidéiert sech ebe fir en Avortement. Op dausend Fraen tëschent 14 a 44 Joer kommen am Weltduerchschnëtt iwwregens offizielle Chifferen no 35 Ofdreiwungen. An och dat gëllt et ze respektéieren.

Well Fraen, Dir Dammen an Dir Hären, dreiwen of - egal wéi d'Gesetzer sinn. Dat beweisen déi Chiffere vun der WHO, déi ech lech uganks genannt hunn. Mä et geet dorëms, wéi, ënner wat fir Konditiounen ofgedriwwe gëtt, heemlech, mat Péng, mat Schimt, mat Gefor fir d'Liewe vun der Fra, oder ouni Gefor fir d'Fra a virun allem duerch hir eegen Décisioun. Dat ass fundamental fir d'Chancëgläichheet net nëmmen tëschent Fra a Mann, mä och, fir net eng Zwouklassegesellschaft ze schafen: déi Fraen a Meedercher, wou Infoen a Geld hunn, an déi aner, wou dat net hunn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Dall'Agnol. Dann huet d'Regierung d'Wuert. De Gesondheetsminister huet d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt emol e grousse Merci fir déi Aart a Weis, wéi d'Diskussioun de Mëtteg gefouert ginn ass. Ech mengen, et ass eng eescht Thematik, an dat ass och vun alle Säiten esou erauskomm.

Och e Gesondheetsminister huet seng Meenung an en däerf déi Meenung soen. Mä och e Gesondheetsminister weess, wann e Gesondheetsminister ass, dass en e Programm huet, deen e mat engem anere Partner ofgemaach huet. An dat weess dee jëtzege Gesondheetsminister, dat weess dee viregte Gesondheetsminister an dat wëssen nach eng Rei vun anere Gesondheetsministeren.

An duerfir wëll ech soen - an ech maache keen Heel dodraus -, datt ech zu deene géiéieren, déi der Meenung sinn, dass eng Reform oder eng Revisioun vum Gesetz iwwert de Schwangerschaftsofbroch no 30 Joer sënnvoll ass, mä dass een dat kloer diskutéiert, wann een an eng Regierung erageet an d'Eckwäerter fir esou eng Reform festleet. Dat ass an där viregter Period net geschitt, et ass an dëser Period net geschitt. Et ass an där virviregter och net geschitt an et ass an deene Perioden zënter 1979 net geschitt.

Ech stellen och fest, dass et e breede Konsens hei an der Chamber gëtt, fir an engem oppene Geescht ouni Préalabelen esou eng Diskussioun ze féieren. An da wësse mer jo, wat op eis zoukënnt, wa mer an dräi Méint zesummesëtzen, wa mer iwwer en nächste Programm - mir oder anerer - décidéiere wäerten. Et ass, mengen ech, eng Plus-value, wann een esou Saachen am Virfeld an engem Koalitiounsprogramm diskutéiert an décidéiert. Dat ass emol déi éischt Bemierkung, déi ech wëll maachen.

Déi zweet Bemierkung, déi ech wëll maachen, ass awer déi, dass jiddefalls net ka behaapt ginn, dass an dëser Period näischt geschitt wär, fir Avortementer, déi verhënnerbar sinn, ze verhënneren, oder Schwangerschaften, déi net gewënscht sinn, ze verhënneren.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Mir hunn eng ganz Rei vun Efforten zesumme gemaach - an ech ënnersträichen zesummen -, déi dorop erauslafen, dass mer méi eng effikass Preventioun kënne maachen, dass mer och d'Kand beim Numm nennen an dass mer net nëmme bei virgehalener Hand iwwert d'Problematik schwätzen.

An et ass richteg gesot ginn, dass mer schnell Ufank 2005 d'Pilule du lendemain rezeptfräi gemaach hunn. Déi Pilule du lendemain ass et scho virdrun hei zu Lëtzebuerg ginn, mä déi war rezeptflichteg, a wann een d'Rezeptflichtegkeet muss respektéieren, dann ass et heiansdo ze spéit. Dann ass et le lendemain du lendemain. An da bréngt dat näischt méi. Duerfir hate mer eis an de Koalitiounsdiskussiounen eensgemaach, dass mer dat géife maachen an d'Pilule du lendemain géife rezeptfräi maachen.

Dat Zweet, wat mer relativ schnell duerno gemaach hunn, dat ass d'Mise à disposition vu Préservatifen. Aus enger Rei vun Ursaachen: éischtens, fir déi Jugendlech zu enger verantwortlecher Sexualitéit ze bréngen oder ze motivéieren, mä zweetens och fir

Krankheeten ze verhënneren - déi zwou Saache gi gutt mateneen -, a fir doduerch, dass déi Kondomsautomaten an de Schoulen haut hänke mat där gréisster Selbstverständlechkeet, och déi Diskussioun doriwwer ze erméiglechen, firwat déi Kondomen dann do sinn. Dat ass e Katalisator fir d'Diskussioun gewiescht.

An ech muss éierlech och soen - dat däerf ech mer op dëser Tribün erlaben -, dass déi Diskussioun, déi elo periodesch iwwer Kondomer oder net Kondomer iwwert d'Öffentlechkeet erabrécht, mir liicht surrealistesch erschéngt, an dat eng Diskussioun ass, déi aus enger anerer Welt kënnt, déi awer näischt mat der Realitéit vun dëser Welt ze dinn huet. Wann een och kann dermat d'accord sinn, dass Kondomer d'Aidsproblematik op der Welt net wäerte léisen, esou ass awer de Kondom liewenserhalend a krankheetsschützend, an och dat, mengen ech, muss ee soen, fir dat anert ganz staark ze relativéieren.

Mir sinn duerno op de Wee gaang, fir och neit Material ze schafen, fir an de Schoulen eng objektiv awer offen, heinasdo souguer - fir eenzel Leit - cru Diskussioun kënnen ze féieren iwwert d'Sexualitéit. Deenen, déi soen, dass mer ze vill offen an där Broschür sinn, déi mer iwwer eng responsabel Sexualitéit ausgeschafft hunn, muss ech soen, dass een iwwert déi Saachen, déi existéieren an déi praktizéiert ginn, muss kënne schwätzen, well soss gëtt op anere Plazen doriwwer geschwat, an da gëtt falsch doriwwer geschwat, an dann hu mer erëm eng Kéier de Contraire vun deem erreecht, wat mer wollte maachen.

Ech géif dem President en Exemplar vun där Broschür iwwerreechen, déi eis et erlaabt, an de Schoulen, do wou déi Diskussioun higehéiert, déi Diskussioun oppen a fräi ze féieren.

Dann als weidert Element, dat mer och zesummen ugaang sinn am Rahme vun de Méiglechkeete vun deem Gesetz, wat mer haut hunn, dat ass, dass mer dem Planning familial en Agrément ginn hunn. Deen huet en net iwwert den CHL kritt an net iwwer eng Konventioun mam CHL, mä iwwert de Gesondheetsministère am Accord zwëschent deenen zwee Regierungspartneren huet de Planning familial en Agrément kritt, fir déi medikamentös Avortementer kënnen ze superviséieren. Wat richteg ass, ass, dass mer de Planning familial invitéiert hunn - an dat ass och gemaach -, eng Konventioun mam CHL ze maachen, fir kënnen déi noutwendeg Sécuritéit ze schafen an och déi noutwendeg Garantien ze ginn. Also och erëm eng Kéier eng Moossnam, déi der Realitéit Rechnung dréit.

Iwwregens wëll ech soen, dass déi medikamentös Avortementer an eise Spideeler praktizéiert ginn. An all eise Spideeler. Dat heescht also, dass et net esou ass, dass et Avortementsklinike gëtt a Kliniken, déi kategoresch d'Avortementer refuséieren.

Mir hunn awer och festgestallt, an dat ass ganz richteg, dass et hei zu Lëtzebuerg an der Avortementsfro definitiv keng Transparenz gëtt an dass dee Mangel un Transparenz, obwuel en net gewollt ass, eng Rei vu Leit arrangéiert. Well heiansdo eng Rei vun…

(Interruption)

Neen, neen, neen, ech mengen dat elo net politesch. Neen, gitt net op d'Glatäis hei. Ech mengen, dass dat eng Rei vu Leit arrangéiert - déi, déi gegebenefalls Avortementer am Rahme vum Gesetz praktizéieren -, dass se net de Stempel vum Avorteur kréien. Déi, déi en Avortement maachen, sécher net gär oder mat Begeeschterung, dass net op all Plaz ze erkennen ass, dass en Avortement gemaach ginn ass.

Richteg ass et och, dass eng ganz Rei vu Leit an d'Ausland ginn, awer net déi Chifferen, déi emol genannt gi sinn, well déi Chifferen, déi emol genannt gi waren - ech mengen, 1.300 waren et der -, dat war fir d'Belsch a fir Lëtzebuerg zesummen an dat waren déi hollännesch Statistiken. Et kann een dervun ausgoen, dass déi Avortementer, déi am Ausland gemaach gi sinn, eppes méi wéi en Zéngtel vun deem dote Chiffer duerstellen an dass insgesamt d'Zuel vun den Avortementer hei zu Lëtzebuerg - do ass d'Grauzon - sech beweegt tëschent 800 bis 900 an 1.100. Ech wëll awer do net festgeneelt ginn, well ech virdru gesot hunn,…

(Interruption)

D'Joer.

….well ech virdru gesot hunn, dass déi Transparenz net an allen Hisiichte ginn ass.

Dann dat Lescht, wat och am Konsens gemaach ginn ass - dee beschte Beweis dofir ass, dass d'Kreditter dofir am Statsbudget dra sinn -, dat ass de Remboursement vu Contraceptifen an enger éischter Phas un déi Jonk. An do si ganz gutt Diskussioune mam Planning gelaf. An d'Diskussioune lafe mat der Gesondheetskeess, fir déi praktesch Modalitéite schnell kënnen ze léisen, fir dee Remboursement fir d'Contraceptife kënnen ze maachen, fir dass mer net méi déi Trennung zwëschen deenen hunn, déi sech et kënne leeschten an deenen, déi sech et net kënne leeschten. Och wann et an der Zwëschenzäit awer Contraceptife gëtt, déi zu soziale Präisser ze hu sinn, wann een dat sicht.

Dat kënnt an et kënnt schnell. Mä, wann ee Konventioune muss aushandelen, déi praktesch Modalitéite muss festhalen, dann dauert dat seng Zäitchen. Dat ass keng politesch Absicht, do ass d'politesch Absicht derhannert fir dat ze maachen. Dat kënnt Der am Budget vun 2009 noliesen. Dat zum Background vun deem, wat mer am Rahme vun dësem Gesetz gemaach hunn.

Ech wëll och soen, dass ech selwer an eenzelne Kliniken intervenéiert sinn, wou ech Echoe kritt hunn, dass ganz restriktiv mat der Applikatioun vum Gesetz - ech ënnersträichen ëmmer „mat der Applikatioun vum Gesetz" -, net iwwert d'Gesetz eraus - dat steet net zur Diskussioun -, dass se ganz restriktiv mat deem Gesetz ëmgaang sinn, an aus fadenscheinegen Argumenter gemengt hunn, si kéinten et ethesch net veränwerten, fir Avortementer, wa se dann noutwendeg sinn a wa se am Rahme vum Gesetz sinn, ze maachen. Ech hu mat deenen diskutéiert a se motivéiert, fir d'Gesetz eben ze applizéieren. A gitt och elo net déi Klinike sichen, wou se net sinn. Ech hu mat deene Kliniken, déi betraff waren, déi Diskussioun gefouert. An ech muss och soe ganz gutt gefouert, mat deem Resultat, dass dat Gesetz och besser applizéiert gëtt an deene Fäll, wou dat noutwendeg ass.

Elo wat d'Zukunft ugeet, ech hunn dat gesot, d'Chamber stellt sech där Diskussioun. Dat hunn ech de Mëtteg matkritt. Déi Parteie vun der Majoritéit stelle sech där Diskussioun och, an d'Regierung stellt sech där Diskussioun och.

Ech wëll direkt Positioun huelen zu där Motioun, well d'Motioun ass déi, déi mech betrëfft. Do ass ënnerschwelleg dem Gesondheetsminister an der Regierung de Reproche gemaach ginn, dass si keen Avis bruecht hunn.

Abee, ech soen lech dat esou éierlech, wéi dat ass. Ech sinn deen eenzege Responsabelen an der Regierung, dass deen Avis net komm ass. An Dir däerft dräimol roden, firwat dass deen Avis net komm ass. Ech loossen lech dat roden.

(Interruption)

Mir hunn…

Oh, Dir sitt ganz intelligent.

Ech hunn lech virdru gesot, wat meng Meenung ass. An ech ginn net an engem Avis de Contraire vu menger Meenung soen. Ech huelen dann och all Reproche gär dofir un, wann ech d'Aarbechte sollt vun der Chamber ëm dräi Méint verlängert hunn, well dat ass jo de Maximum, wou ech hätt kënne maachen. Pas d'avis vaut avis. An dann ass d'Chamber souverän. Kuckt am Reglement no.

Sou dass ech lech hei zu der Motioun wëll soen, dass déi Motioun absolut sans objet ass. Well, firwat d'Regierung opfuerderen, fir en Avis ze maachen, wann een den Avis net méi brauch a well laang den Délai ofgelaf ass?

Den Délai ass dräi Méint gewiescht an ass verlängert ginn op sechs Méint. Déi sechs Méint si laang eriwwer. Also brauch kee méi en Avis vun der Regierung. An d'Chamber hätt kënnen ouni Weideres, wa se dat gewollt hätt, dat zënter engem Joer maachen. Sou dass ech soen, dass d'Regierung der Meenung ass, dass déi Motioun, déi sech u si riicht, sans objet ass.

Elo just nach zwee, dräi Wierder iwwert dee wichtege Punkt, dee vum Alexandre Krieps ogeworf ginn ass, dee vun de Schwangerschafte bei mannerjährege Kanner - ech soen dat emol esou. Dat, wat mech berouegt, dat ass, dass d'Zuel wéinstens am Moment net méi an d'Luucht geet an dass d'Zuel vis-à-vis vun 2005 an 2006 sensibel erofgaang ass. Elo am leschte Joer waren et der nach 77, an dësem Joer nach 70, 71. Dat sinn der nach 71 ze vill. Et begräift allerdéngs och Mannerjähreger, wou d'Schwangerschaft eventuell net ongewollt ass, quitte dass ee seng Meenung kann hunn, ob dat gutt ass mat 13, 15, 18, 19 oder ech weess net wat. Dat ass eng perséinlech Meenungssaach. Mä ech stelle fest, dass et net erofgaangen ass.

Ech sinn och frou doriwwer, dass een haut ka soen, dass mer déi Fuerderunge vum Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand vun 2006 amgaang sinn ze realiséieren duerch de Remboursement vun de Contraceptifen an dass mer amgaang sinn och fir méi Transparenz am Dossier ze suergen. Ech wëll lech soen, dass de Gesondheetsministère dës Kéier wierklech mam Planning familial eng Etüd wëllt maachen iwwert de Phenomeen vum Avortement, well mer se brauche fir all d'Chifferen ze kréien, an dass och dofir Budgetskreditter virgesi sinn.

Ech wëll lech allerdéngs soen, dass déi Campagne, déi vun der Madame Stein erwähnt ginn ass, a wou d'Madame Stein gemengt hätt, dass de Gesondheetsministère, wéi si sech ausgedréckt hätt, eng schwaachsënneg Campagne ënnerstëtzt hätt: Et ass keen Euro vum Gesondheetsministère do eragefloss, well de Gesondheetsministère keng Konventioun mam Planning familial huet. De Planning familial huet eng Konventioun mam Ministère de la Famille.

Une voix.- Aha!

Une autre voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Ech wëll awer soen - lauschtert! -, dass och iwwert déi dote Budgetskreditter déi dote Campagne net finanzéiert ginn ass, mä dass de Planning familial se aus eegene Mëttele finanzéiert huet. Iwwer Donen an iwwer aner Recetten huet de Planning familial eege Mëttelen. Ech wollt dat zur Wourecht… Ech wollt net op menge Schëllere loossen, dass ech soi-disant… Bon, ouni nach eng Kéier d'Madame Stein ze zitéieren.

Dat heescht also, mir sinn definitiv um Wee fir all dat auszeloten, wat mer kënne maachen. Déi Broschür - an da sinn ech fäerdeg, Här President -, déi mer gemaach hunn,…

Une voix.- Huelt lech Zäit.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- …wëlle mer dräisproocheg maachen. Déi däitsch Versioun ass ënnerwee. Déi portugisesch Versioun kënnt direkt hannendrun. Mir wëllen dat dote Material als Module - vu dass eng ganz Rei vun Experte ronderëm d'Konfektioun vun där Broschür derbäi waren: aus der Famille, aus der Éducation nationale, Dokteren, Société scientifique -, als Katalisator huelen, fir e Rahmekonzept ze maachen, dat mer da mat den Acteuren um Terrain kënnen an eng Methodik erafléisse loossen, wou mer endlech validéiert Formation sexuelle maachen a wou mer eis ressortiwwergräifend un dat erumaachen. Well bis elo soll et an der Éducation nationale geschéien.

De Planning sollt eng Hand mat upaken. De Planning ass konventionéiert mat der Famille, an d'Messagë solle vun der Santé kommen. Mir maachen dat, wéi mer dat an anere Beräicher gemaach hunn: Mir maachen en Netzwierk an da maache mer Formation des formateurs op Basis vu validéierte Wourechten a Programmer, an da probéiere mer dat endlech op de Buedem ze bréngen, wat nach ëmmer lückenhaft ass.

Voilà! Dat gesot, hätt ech den Tour vun der Problematik gemaach. Ech soen lech en häerzleche Merci fir Är Opmierksamkeet a wënsche mer, dass d'Suite vun dëser Diskussioun an enger ganz grousser Sérénitéit am Intérêt vun deene Betraffene gefouert gëtt.

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun der Debatt ukomm.

Mir hunn eng Motioun an eng Resolutioun virleien. Déi hu jo alleguerte genuch Ënnerschréften. D'Motioun ass vum honorabelen Här Krieps.

Här Fayot, wann ech gelift.

Motion 1

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, ech hunn elo dem Minister nogelauschtert. Ech sinn och mam Minister d'accord, fir ze soen, dass déi Motioun eigentlech - si mer bei der Motioun? - sans objet ass, well déi Interpretatioun, déi vum Reglement do ass, net richteg ass.

Dat heescht, de Minister huet den Délai versträiche gelooss. En huet keng Positioun derzou geholl. Also ass dat e Fait, deen do steet a wou mer keng Motioun derzou brauchen, fir dat nach eng Kéier ze maachen.

Dofir froen ech d'Question préalable, fir ze constatéieren: Il n'y a pas lieu à délibérer.

M. le Président.- Madame Flesch, wann ech gelift.

Mme Colette Flesch *(DP).*- Här President, mir hu mat Intérêt dem Minister nogelauschtert a gehéiert, dass keen Avis vun der Regierung komm ass, well hien net wollt, dass en negativen Avis sollt kommen. Lässt tief blicken!

Dat enthieft awer net d'Regierung vun hirer Responsabilitéit, eng Positioun ze huelen zu enger Proposition de loi, déi vun engem Deputéierten agereecht ginn ass.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Colette Flesch *(DP).*- Och wann den Délai verstrach ass, dann ass et vläicht spéit, mä nach wär et gutt, wann d'Regierung do hir Responsabilitéit géif huelen. Mir halen also drop, Här President, dass iwwert déi Motioun kann ofgestëmmt ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

Une voix.- Wat sot Der dann zur Kommissioun, Här Fayot?

M. le Président.- Här Fayot, wann ech gelift.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, ech hunn der Madame Flesch gutt nogelauschtert. Ech muss awer constatéieren, dass déi Motioun opgebaut ass op d'Argumentatioun vum Reglement. Et sinn zwee Considéranten do, déi sech op d'Reglement, besonnesch den Artikel 59 beruffen. Doraus gëtt dann d'Konklusioun gezunn, dass de Minister soll eng Positioun huelen.

Mir mengen, dass déi Argumentatioun vun der Motioun falsch wier. Dofir si mer der Meenung, dass déi Motioun hei sans objet ass, well se op engem Fait am Reglement berout, deen am Fong geholl iwwerholl ass a wou d'Regierung net forcéiert ass eng Positioun ze huelen. D'Regierung huet hei gesot si géif keng Positioun zu där Proposition de loi huelen; also menge mer, qu'il n'y a pas lieu à délibérer.

Ech hätt gär e Vote doriwwer, Här President: Artikel 38 vun onsem Reglement.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. D'Madame Flesch nach eng Kéier.

Mme Colette Flesch *(DP).*- Här President, ech mengen, et gëtt keng Ursaach d'Faulheet vun der Regierung ze encouragéieren.

(Hilarité)

Här President, d'Question préalable ass gefrot. Loosse mer fir d'éischt ofstëmmen iwwert d'Question préalable et puis on verra.

M. le Président.- Déi Propositioun ass an der Rei. D'Question préalable, qu'il n'y a pas lieu à délibérer, dat heescht datt et keng Ursaach gëtt, datt d'Chamber iwwert déi Motioun hei befënnt, ass also gestallt.

Wie mam Contenu vun der Question préalable d'accord ass, stëmmt mat Jo. Déi aner stëmme mat Neen. Mir stëmmen of.

Wie fir dem Här Fayot seng Propositioun ass, stëmmt mat Jo, déi aner mat Neen. Et ass awer net schwiereg.

Vote sur la question préalable

De Vote iwwert d'Question préalable ass positiv mat 38 Jo-Stëmme géint 21 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol).

Ont voté non: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Et-

gen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Dès lors il n'y a plus lieu à délibérer et à voter iwwert d'Motioun vum Här Alexandre Krieps.

Résolution 1

D'Resolutioun vum honorabelen Här Krieps. D'Madame Flesch freet d'Wuert dozou.

Mme Colette Flesch *(DP).-* Jo, Här President, och hei hunn ech mat groussem Intérêt dem Minister nogelauschtert. De Minister huet jo gesot e wär frou kënne festzestellen, dass eng Bereetschaft an dësem Haus besteet sech mat där Problematik ze beschäftegen. Mam Encouragement vun der Regierung géif ech also d'Kolleege bieden dës Resolutioun ze stëmmen.

M. le Président.- D'Madame Lydia Mutsch huet d'Wuert gefrot.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP).-* Här President, ech si ganz paff iwwert d'Virgoensweis vum Här Krieps, deen, obwuel en Oppositiounspolitiker ass, e ganz aktive Member vun der Santéskommissioun ass, déi ech d'Éier hunn ze presidéieren. Ech wollt lech do d'Informatioun ginn, dass mir a regelméissegen Ofstänn an eiser Kommissioun de Programm opstellen.

An dësem Fall hu mer fir déi lescht Kéier den 19. Februar de Programm vun de Réuniounen opgestallt bis un d'Enn vun dëser Legislaturperiod, déi jo net méi esou ganz laang dauert. Do hu mer décidéiert, well mer ganz vill nach ze schaffen hunn, all Woch eng Réunioun ze maachen. Do hu mer véier Sujeten definéiert. Dat ass zum engen de Centre hospitalier du Nord, d'Hospitalisation de personnes avec troubles mentaux, d'Assurance accident, an de Rescht vun eiser Zäit wëlle mer der Biomedezin an der Oviedo-Konventioun consacréieren, well dat Theme sinn, déi vun enger grousser Aktualitéit sinn an eis an deenen nächste Méint och ronderëm d'Universitéit vill wäerte beschäftegen.

An do ass awer kee Member vun der DP, deen an deem Zesummenhang den 19. Februar d'Propositioun gemaach huet mat där Urgence, déi se haut évoquéiert,…

(Interruption)

…fir iwwert deen dote Sujet ze schwätzen. Esou dass ech net gesi wisou dann elo d'Chamber sollt d'Kommissioun chargéieren dat ze maachen, wann d'Kommissioun selwer mat der Oppositioun zesummen déi Aktualitéit an déi Nécessitéit net agesinn huet.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Also, ech hunn elo nach zwou Demandë vun der DP-Fraktioun, fir dat ze komplementéieren, wat d'Madame Flesch gesot huet. Fir d'éischt den Här Bettel, wann ech gelift.

M. Xavier Bettel *(DP).-* Här President, Merci. Ech wëll just mat Regret feststellen, dass an dëser Chamber, soubal een iwwer gesellschaftspolitesch Theme wëllt diskutéieren, ee blockéiert gëtt. Hei si Membere vun der Majoritéit, déi froen, fir dass een iwwer eppes kann diskutéieren. Da kréie mer hei argumentéiert et wier net virgesi gewiescht.

Mir hunn datselwecht gëschter… Haut steet d'Zeitung voll iwwer eng Pressekonferenz fir Hochzäite vu gläichgeschlechtege Persounen, wou dann CSV-Leit optrieden. Ech fannen, et dégoûtéiert mech virun de Wahlen, dass een iwwer verschidde Sujeten einfach hei an där Chamber net kann diskutéieren.

Une voix.- Et huet näischt mat de Wahlen ze dinn.

M. le Président.- Den honorabelen Här Krieps, wann ech gelift.

M. Alexandre Krieps *(DP), interpellateur.-* Jo also, Här President,…

M. le Président.- Also, lauschtert elo emol. Elo lauschtere mer emol d'Argumentatioun vum Här Krieps.

M. Alexandre Krieps *(DP), interpellateur.-* Also, ech denken net un d'Wahlen hei, well ech hunn déi do Interpellatioun gefrot de 6. Mäerz 2007. Elo seet dann d'Madame Mutsch, ech hätt dat net op den Ordre du jour vun der Santéskommissioun gesat den 19. Februar vun dësem Joer.

Dat ass direkt lächerlech, Madame Mutsch. Ech hunn dat de 6. Mäerz 2007 gefrot. Dir invoquéiert elo d'Konventioun vun Oviedo. Déi datéiert vun 1998. Dir wäert dach awer elo net hei zwee Méint virun de Wahlen lech bretzen, dass dat elo op de Programm vun der Kommissioun kéim, mat néng, eelef Joer Retard.

(Hilarité)

Et deet mer leed, Här President. Hei si mer net méi seriö.

(Hilarité)

Hei ass e préélectoralen Aktivismus.

(Interruption)

Jo, voilà! Esou ass et. 2007, Här Wolter…

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Den Här Fayot, an duerno d'Madame Err!

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Här President, ech muss éierlech soen, dass ech eigentlech dem Här Krieps seng Meenung deelen, dass mer hei am préélectoralen Aktivismus sinn.

Une voix.- Très bien!

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Ech wollt just drop hiweisen, dass an onsem Reglement am Artikel 60 steet, dass eng Kommissioun sech ka mat enger Proposition de loi saiséieren.

Dat hätt also den Här Krieps, dee jo awer elo schonn zwee oder dräi Joer an der Chamber ass, kënnen am Joer 2007 an der Kommissioun proposéieren. En hätt net bräichte bis de Mäerz 2009, also dräi Méint virun de Wahlen, ze waarden, fir dat op den Ordre du jour vun dëser Kommissioun ze setzen.

D'Madame Presidentin vun där Commission de la Santé huet lech gesot, dass d'un commun accord an där Kommissioun décidéiert ginn ass, wat an deene leschte Sitzunge vun dëser Legislatur an där Santéskommissioun géif gemaach ginn. Dat ass weder vun der DP, nach vun iergendenger anerer Fraktioun proposéiert ginn. Esou dass ech der Meenung sinn, dass och dës Resolutioun eigentlech sans objet ass.

M. le Président.- Elo huet den Auteur vun der Proposition de loi, déi honorabel Madame Err, d'Wuert.

Mme Lydie Err *(LSAP).-* Här President, ech hunn déi Resolutioun do ënnerschriwwen ier ech den Artikel 60 gelies hunn. Ech liesen lech den Artikel 60 vir, aus deem ervirgeet, dass wann d'Regierung keng Positioun hëlt an deenen dräi Méint respektiv an deene sechs Méint, dass een da kann d'Prozedur viruféieren ouni den Avis. Also hält näischt eng Kommissioun of, déi wëllt, dat ze maachen, wann dat de Wëllen ass. Et kann een op jidde Fall an där Saach do de schwaarze Péiter net nëmmen un d'Regierung schéissen.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Err.

(Interruption)

Also, lauschtert emol. Mir mussen oppassen, datt d'Debatt hei iwwert déi Resolutioun net méi laang dauert wéi déi ganz Interpellatioun.

(Hilarité)

Den honorabelen Här Gibéryen huet elo emol d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Merci, Här President. Ech hu just eng prinzipiell Fro, wou ech net verstinn. Souwuel den Här Fayot wéi d'Madame Mutsch hunn elo hei erkläert, datt et net soll an d'Kommissioun kommen, datt mer déi Resolutioun net solle stëmmen. Ech verstinn dat net esou richteg, well et hunn awer schliesslech zwou Kolleeginne vun der sozialistescher Partei, d'Madame Err an d'Madame Dall'Agnol, déi Resolutioun hei mat ënnerschriwwen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.-* Aus deeneselwechten Ursaache firwat Dir och ënnerschriwwen hutt.

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Ech weess elo net, Här President…

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.-* Aus deeneselwechten Ursaache fir déi Dir ënnerschriwwen hutt. Dir hutt virdru selwer gesot, dass Der zwar net alles drot, mä dass Der awer ënnerschreift.

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Majo, genau duerfir.

(Hilarité)

Här President, den Här Minister gëtt also d'autant plus eng Argumentatioun, fir déi Resolutioun hei ze stëmmen. Well mir hu gesot, mir wëllen net quant au fond eis hei äusseren. Mir hätte gären, datt d'Prozedur soll virugoen. Duerfir hu mer se ënnerschriwwen.

A wann den Här Minister elo hei en Zwëscheruff mécht, aus därselwechter Ursaach hätten d'Madame Err an d'Madame Dall'Agnol ënnerschriwwen, da si mer eis jo eens, datt d'Prozedur soll virugoen. Da froen ech mech, firwat datt dann elo aner Leit aus der LSAP hei wëllen, datt et net soll virugoen.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Den honorabelen Här Krieps kritt elo als leschte Riedner d'Wuert.

(Interruption)

Pardon, den Här Bausch kënnt nach duerno.

M. Alexandre Krieps *(DP), interpellateur.-* Här President, ech widderhuelen dann nach eng Kéier: Ech hunn déi Interpellatioun eragereecht un de President vun der Chamber, den Här Lucien Weiler, de 6. Mäerz 2007.

M. le Président.- Ech gesinn, datt et net éischter gaang ass.

M. Alexandre Krieps *(DP), interpellateur.-* An ech maachen net de Programm hei vun de Séance-publiqueën. Duerfir kann ech den Här Fayot net verstoen. Ech verstinn e wuel, well elo dräi Méint virun de Wahlen ass en amgaang seng rigouréis Standarden erofzedrécken, ebe fir d'Wahlen ze wannen. Mä ech mengen, do kritt en eng Desillusioun, well hei geet e géint all prozedural Froe vun dësem Haus.

Merci.

M. le Président.- Här Bausch, wann ech gelift.

(Interruptions diverses)

Also, lauschtert emol! Elo huet den Här Bausch d'Wuert!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* Här President, éischtens wëll ech nach eng Kéier hei rappeléieren, datt eng Resolutioun sech net un d'Regierung riicht, mä un d'Chamber selwer. Esou datt den Här Minister eigentlech an deem hei Spill, e kann natierlech ëmmer d'Wuert ergräifen duerch den Artikel vun der Verfassung zu allem, wat e wëllt, dat ass selbstverständlech, mä an der Logik vun der Saach léich et,…

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

…datt d'Regierung sech hei aus de Geschäfter vum Parlament géif eraushalen.

Une voix.- Très bien!

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* Dat Zweet ass, Här President, ech mengen d'Madame Presidentin vun der zoustänneger Kommissioun huet elo gesot, et hätt een am Fong sollen am Februar dat dann an dee Programm do erabréngen, deen d'Kommissioun sech nach ginn hätt bis de Juni. Bon, mir sinn elo Februar, Mäerz. Dat ass nach net esou laang hier.

D'Fro, déi sech jo stellt, an ech mengen, datt de Wonsch besteet, zumindest bei senger Fraktioun, datt dat do nach soll diskutéiert ginn, dat huet jo dat bestätegt, datt zwee Membere vun der LSAP-Fraktioun ënnerschriwwen hunn op der Resolutioun, soss wär se jo net esou déposéiert ginn. Et schéngt also e ganz staarke Wonsch ze sinn an där Fraktioun, fir dat nach ze diskutéiere virum 7. Juni an dëser Legislaturperiod.

(Interruption et hilarité)

Duerfir géif ech proposéieren: Et gëtt zwou Méiglechkeeten. D'Kommissioun natierlech ka selwer décidéieren; dat wär dat Einfachst. Wann d'Madame Mutsch elo géif hei opstoen a si géif eis soen: „Hei, ech ginn lech d'Garantie, dass ech derfir suerge wäert, datt déi Proposition de loi nach diskutéiert gëtt an der Kommissioun bis de 7. Juni", da brauche mer déi Resolutioun hei net ofzestëmmen. Dann ass dat jo geschitt.

Wann dat awer natierlech net de Fall ass, da verweigert jo d'Majoritéit an der Kommissioun hei d'Recht, fir iwwert déi Proposition de loi ze diskutéieren. Da bleift natierlech dem Här Krieps näischt aneschters iwwreg logescherweis, wéi se hei zum Vote ze stellen.

Une voix.- Jo.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).-* Duerfir ass dat absolut legitim.

Duerfir, meng Fro ass dann un d'Madame Mutsch: Kënnt dat nach zur Debatt an deenen nächste Méint an der Kommissioun? Dann, bon, kënne mer eis jo dee Vote spueren. Wann net, da musse mer driwwer ofstëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Madame Mutsch, wann ech gelift.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP).-* Här President, wéi ech éineschters scho gesot hunn, huet bis elo d'Kommissioun hir Aarbechte selwer organiséiert an net e Mandat vun der Chamber gebraucht, fir dës Aarbechten an Ugréff ze huelen.

Et kann een natierlech elo am Zesummenhang mat der Oviedo-Konventioun déi ganz Saach an d'Lächerlecht zéien. Mä mir hu gemeinsam décidéiert eis ronderëm d'Biomedezin ze beschäftegen. An dunn hu mer gesot, dass d'Oviedo-Konventioun an deem Zesummenhang mat traitéiert gëtt, well do deelweis Elementer sinn, déi eis utile sinn an der Diskussioun ronderëm d'Biomedezin.

Wann et de Wonsch ass vun der Commission de la Santé de Programm bis zum Enn vun der Legislaturperiod nach eng Kéier op d'Kopp ze geheien an aner Projeten, déi elo schonn décidéiert sinn, zréckzestellen, fir deen doten…

Une voix.- Neen.

(Interruption)

Mme Lydia Mutsch *(LSAP).-* …ze behandelen, da sinn ech selbstverständlech bereet fir dat an der Santéskommissioun ze maachen.

M. Xavier Bettel *(DP).-* Et ass an der Vakanz!

Une voix.- Mir hu Sitzungen an enger Woch.

M. le Président.- Voilà! Den Här Wolter, wann ech gelift.

(Interruption)

Natierlech. D'CSV-Fraktioun huet sech bis elo zréckgehalen. Här Wolter, wann ech gelift.

M. Michel Wolter *(CSV).-* Ech hunn e bëssen nogelauschtert. Här President, et ass awer net, dass mer keng Meenung derzou hätten.

M. le Président.- Ech ginn dovun aus.

M. Michel Wolter *(CSV).-* Fir d'éischt sinn ech mat der Madame Mutsch d'accord, fir ze soen, dass d'Kommissioun hire Programm soll organiséieren. Zum Zweete verweisen ech op d'Reglement vun der Chamber. Ech fannen et kee gudde Stil, wa mer eis als Chamber selwer opfuerdere Saachen ze maachen, déi an eise Reglementer stinn. Dat, wat d'Diskussioun ubelaangt.

Wat de Fong vum Dossier ubelaangt, verweisen ech op de Koalitiounsaccord, deen déi zwou Parteie matenee geholl hunn. Mir hunn e bestehend Gesetz.

(Interruptions)

Ee Moment. Mir hunn e bestehend Gesetz. Dat Gesetz ass 30 Joer al, a mir hunn an de Koalitiounsverhandlunge viru fënnef Joer zwou Saache festgehalen: Éischtens, dass mer géife kucken, am Kader vum bestehende Gesetz, d'Méiglechkeeten auszeloten, fir dat Gesetz a sengem bestehenden Inhalt kënnen deene Kritären no, déi mengen ech vun alle Parteien hei definéiert gi sinn an déi mer net a Brasilien fannen, fir deene gerecht ze ginn.

Den Här Minister huet a senger Ried virdru gesot, dass am Accord vun deenen zwee Koalitiounspartner an deene leschte fënnef Joer eng ganz Rei vu Punkte gemaach gi sinn, notamment d'Mise à disposition vu Préservatifen. Material, wat zur Verfügung gestallt ginn ass fir an der Schoul, well et ass virun allem an der Opklärung, wou mer, mengen ech - an och grenziwwerschreidend iwwer all Parteien hunn ech dat esou gesinn -, déi beschte Progrèsë kënne maachen. Et misst ee vläicht kucken, ob an der Schoul dat Material och flächendeckend iwwert d'ganzt Land esou benotzt gëtt, wéi dat gewënscht ass.

De medikamentösen Avortement, surveilléiert duerch eng Konventioun mam Planning familial, d'Méiglechkeet vum Remboursement vu Préservatifen, dat sinn alles Mesuren am Kader vum bestehende Gesetz. Doriwwer eraus hu mer festgehalen, viru fënnef Joer, dass e Bilan géif gezu gi vun der bestehender Législatioun, a wann dee Bilan vun der bestehender Législatioun géif virleien, dass mer dann eng Diskussioun géifen doriwwer féieren, wat mer mat dem Gesetz aus de 70er Jore géife maachen.

Ech reagéieren dorobber, well ech alt nees vum Kolleeg Bettel repetitiv heibanne virgeworf kréien, dass, ëmmer wann et ëm Gesellschaftspolitik géif goen, d'CSV sech enger Diskussioun géif verschléissen.

(Interruptions)

Ech war elo fënnef Joer hei an der Chamber an ech hu festgestallt, dass mer iwwer quasi alles, wat d'Gesellschaftspolitik ubelaangt, d'Méiglechkeet haten hei doriwwer ze diskutéieren. Tëschent dem Fait, dass een iwwer Saachen diskutéiert an dass een am Inhalt net ëmmer därselwechter Meenung ass, do ginn et zwou verschidde Klacken!

Mä dëser Koalitioun virzewerfen, dass mer zur Gesellschaftspolitik keen Débat gefouert hätten, da froen ech mech, wat mer de Mëtteg hei gemaach hunn. Hu mer de Mëtteg en Débat gefouert oder hu mer de Mëtteg keen Débat gefouert? Wat d'Konklusiounen aus dem Débat sinn - mä dat ass awer d'Spill vun der Demokratie a vum Parlamentarismus -, muss net heeschen, dass jiddwereen därselwechter Meenung ass, mä den Débat ass gefouert ginn.

Ech wëll fir meng Partei soen, dass mir drop waarden, dass dee Bilan gezu gëtt. Well ech mengen, dass et nëmmen op engem kloer etabléierte Bilan vun engem bestehende Gesetz ass, wou een duerno kann eng Diskussioun féieren, wat ee wëllt maachen. D'CSV wäert sech op jiddwer Fall esou enger Diskussioun, wann de Bilan do läit, net verschléissen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruptions)

M. le Président.- Lauschtert emol, mir sinn hei am Kader vun enger Resolutioun, déi d'Chamber concernéiert. Et hunn elo well eng Dose Riedner zu där Resolutioun hei Stellung geholl, d'Positioune vun deenen eenzelne Gruppe si kloer a mir mussen elo zu engem Ofschloss kommen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, ech wäert d'Chamber net ophalen, ech wëll just dem honorabelen Här Wolter soen, dass déi Mesuren, déi mer geholl hunn, elo an deene leschte Méint respektiv an deenen zwee Joer sech op e „Bilan" opgebaut hunn, deen ech der Regierung gemaach hunn iwwert d'Applikatioun vum Gesetz iwwert den Avortement, dass mer also an dëser Period dat...

M. le Président.- Här Minister, entschëllegt, ech gesinn net, wat dat doten elo mat eiser Resolutioun hei ze doen huet! Deementspriechend...

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Ech sinn an 30 Sekonne fäerdeg. Dass mer dat gemaach hunn opgrond vun deem...

(Interruptions)

...vun deem, Här President, wat mer konnte maachen, am Rahme vun der bestehender Gesetzgebung.

(Interruption)

Voilà. Mä dee „Bilan" ass un d'Regierung gaang, an déi Mesuren, déi ech geholl hunn, sinn dorobber opgebaut.

M. Carlo Wagner *(DP).*- Firwat huet d'Commission de la Santé dee Rapport net kritt?

M. le Président.- Här Minister, kënnt Dir mer soen, wéi dee „Bilan" eis an der Problematik vun dëser Resolutioun soll weiderféieren. Här Fayot.

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Also nach eng Kéier eng Question d'ordre. Mir hunn hei eng Resolutioun, wou d'Presidentin vun der zoustänneger Kommissioun ons seet, dass se déi Resolutioun net brauch, wann an där Kommissioun décidéiert gëtt, doriwwer ze diskutéieren. Also ass déi Resolutioun iwwerflëssig, an duerfir fannen ech...

(Interruptions)

Duerfir fannen ech, dass een hei och d'Question préalable stelle kéint, qu'il n'y a pas lieu de voter, well e ganz kloere Wëlle vun der Presidentin vun der Kommissioun ausgeschwat ginn ass, fir dat an där Kommissioun ze diskutéieren, wann d'Kommissioun dat décidéiert.

(Interruptions)

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG).*- Et ass dach net déi Kommissioun, déi hei den Ordre du jour fixéiert. Et ass...

M. le Président.- Lauschtert emol. Mir hunn eng Resolutioun hei, an all Grupp huet elo seng Positioun duergeluecht, wat déi Resolutioun hei ubelaangt. Mir sollen elo eng Décisioun iwwert déi Resolutioun huelen an deementspriechend gëtt elo ofgestëmmt.

Vote

D'Resolutioun ass ofgelehnt mat 37 Nee-Stëmmen, géint 21 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider et Roland Schreiner.

Domat ass dës Debatt definitiv ofgeschloss.

3. 5819 - Projet de loi

a) relatif aux contrôles et aux sanctions concernant l'enregistrement, l'évaluation et l'autorisation des substances chimiques et les restrictions y applicables, telles que ces substances sont visées par le règlement (CE) N°1907/2006 du Parlement européen et du Conseil du 18 décembre 2006 concernant l'enregistrement, l'évaluation et l'autorisation des substances chimiques, ainsi que les restrictions applicables à ces substances (REACH), instituant une agence européenne des produits chimiques, modifiant la directive 1999/45/CE et abrogeant le règlement (CEE) N°793/93 du Conseil et le règlement (CE) N°1488/94 de la Commission ainsi que la directive 76/769/CEE du Conseil et les directives 91/155/CEE, 93/67/CEE, 93/105/CE et 2000/21/CE de la Commission

b) modifiant la loi modifiée du 15 juin 1994

- relative à la classification, l'emballage et l'étiquetage des substances dangereuses

- modifiant la loi du 11 mars 1981 portant réglementation de la mise sur le marché et de l'emploi de certaines substances et préparations dangereuses

c) modifiant la loi du 3 août 2005 relative à la classification, à l'emballage et à l'étiquetage des préparations dangereuses

d) abrogeant la loi modifiée du 11 mars 1981 portant réglementation de la mise sur le marché et de l'emploi de certaines substances et préparations dangereuses (suite)

Mir kommen elo zum Vote vum Projet de loi 5819 iwwert d'REACH-Direktiv.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5819 ass ugeholl mat 48 Jo-Stëmmen, bei 7 Nee-Stëmmen a 4 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.47 heures)

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

Chamber TV

weist all öffentlech Sëtzung live an integral

An der Gemeng Bartreng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Beetebuerg *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Walfer *um Kanal S29 / 367.25 Mhz*
•
Zu Biwer an zu Wecker *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Bous *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Bërmereng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Konter *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Dippech *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Dikrech *um Kanal S19 / 287.25 Mhz*
•
Zu Iermsdref *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

Zu Esch-Sauer *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Nidder- an Uewerfeelen *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Gréiwemaacher *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Hieffenech *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Hesper *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt, Ollem an Nouspelt *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Mamer *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Manternach *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Medernach *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

SÉANCE 36

Jeudi, 19 mars 2009

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président • Mme Colette Flesch, Vice-Président

Sommaire

1. Heure d'actualité demandée par le groupe Déi Gréng au sujet des conséquences de la réforme scolaire sur le SREA et le SGE

- *Exposé: M. Claude Adam*
- *Débat: Mme Françoise Hetto-Gaasch, M. Eugène Berger, M. Jos Scheuer, M. Robert Mehlen, Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*

2. 5909 - Projet de loi modifiant la loi du 18 juillet 2001 portant

1. création d'un établissement d'enseignement secondaire technique à Mamer
2. modification de la loi du 3 août 1998 relative à la construction d'un lycée à Mamer

- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle: M. Roger Negri*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Eugène Berger, M. Claude Adam, M. Robert Mehlen, Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

3. Question avec débat N°41 de M. Félix Braz au sujet de la mise en œuvre au niveau national d'un système similaire à la «Jobkaart» de la Ville de Luxembourg

- *M. Félix Braz, M. Lucien Lux, Ministre des Transports*

4. 5877 - Projet de loi relative à la responsabilité environnementale en ce qui concerne la prévention et la réparation des dommages environnementaux

- *Rapport de la Commission de l'Environnement: M. Roger Negri*
- *Discussion générale: M. Marcel Oberweis, M. Eugène Berger, M. Camille Gira, M. Robert Mehlen, M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres et M. Lucien Lux, Ministres; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Neen, Här President.

M. le Président.- Dann huele mer Akt dovunner.

Mir kommen direkt zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg, dat ass d'Aktualitéitsstonn, ugefrot vum Grupp vun deene Grengen, iwwert de SREA an den SGE. D'Riedezäit Artikel 84(2), Madame Delvaux, vum Chambersreglement gesäit Folgendes vir: Déi gréng Fraktioun huet zéng Minutten, déi aner Fraktioune fënnef Minutten, d'Sensibilités politiques zwou Minutten an d'Regierung eng Véirelstonn. Do gesitt Der, wéi équitabel an zevirkommend d'Chamber mat der Regierung ass!

Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Hetto, den Här Berger, den Här Scheuer an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo als Vertrieder vun där grénger Fraktioun den honorabelen Här Adam. Här Adam, wann ech gelift.

1. Heure d'actualité demandée par le groupe Déi Gréng au sujet des conséquences de la réforme scolaire sur le SREA et le SGE

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. Här President, Madame Minister, léif Kolleegen a Kolleeginnen, et wier an eisen Ae richteg gewiescht, d'Strukture vun der Éducation différenciée - déi ech am weideren Discours Édiff dann nennen - an och all Servicer vun der Édiff, wéi de Service rééducatif ambulatoire (SREA) oder de Service de guidance de l'enfance vun Ufank un an d'Reform vun der Grondschoul anzebezéien. Et ass net logesch, mat Begrëffer wéi „Inclusion" oder „Cohésion sociale" ze hantéieren an dann dës Strukturen net mat an d'Considératiounen ze huelen.

Mir stellen d'Existenz vu verschiddenen Édiff-Zentren net a Fro. Mir mengen, datt et ëmmer wäert eng IMC oder eng Logo oder aner speziell Infrastrukture musse ginn, well et ëmmer wäert Kanner ginn, déi esou eng intensiv a spezialiséiert Hëllef brauchen, déi hinne besser an esou engem Zenter wéi an enger anerer Schoul kann ugebuede ginn.

Dës spezialiséiert Zentre solle méiglechst no un aner Schoulen ugebonne sinn a si däerfe keen Alibi ginn, fir Kanner mat Léierschwieregkeeten oder mat relativ liichte Verhalensopfällegkeeten aus der normaler Schoul erauszehuelen.

Kanner mat richteg problemateschem Verhale musse mer och haut nach gréisstendeels an d'Ausland schécken. Dat ass ee Problem, deen eng Heure d'actualité fir sech verdéngt.

An där kuerzer Zäit vun der Heure d'actualité vun haut geet et net drëms, déi ganz Éducation différenciée op de Leescht ze huelen. Ech erlabe mer just, dat als een noutwendegen an iwwerfällege Schrëtt ze bezeechnen.

Ech kommen dann och elo direkt op den haaptsächleche Sujet vun haut zréck: de Service de guidance an de SREA an d'Méiglechkeeten, déi dat neit Gesetz iwwert den Enseignement fondamental opmécht.

De Service de guidance huet sech aus dem Gesetz vum 14. Mäerz 1973 iwwert d'Édiff entwéckelt an ass och e Service vun der Édiff. Eng ronn 50 Leit sinn a multiprofessionellen Équipen organiséiert. Si beroden an assistéiere bei psychologeschen, erzéiereschen oder schoulesche Problemer.

De SREA huet sech iwwert d'Gesetz iwwert d'Intégration scolaire des enfants affectés d'un handicap vun 1994 entwéckelt. Déi multiprofessionell Équipë vum SREA schaffen eigentlech just op Uweisunge vun de Commissions médico-psycho-pédagogiques, deenen hir Missioune mam neie Gesetz d'Commissions d'inclusion iwwerhuelen. D'Leit vum SREA ginn a Schoulklassen a schaffe mat Kanner, déi spezifesch Besoinen hunn, am Prinzip an der Klass selwer.

An der Sektioun 4 vum zweete Kapitel vum neie Grondschoulgesetz geet et ënner anerem ëm d'Hëllefsmoossname bei Léierproblemer. Hei gëtt festgehalen, datt an all Inspektescharrondissement eng Équipe multiprofessionnelle ageriicht gëtt, datt dës Équipe sech aus Leit aus der Édiff, der Logo an net weider definéierte Spezialisten zesummesetzt.

Den Artikel 28 seet, datt de Schoulinspekter de Chef ass. Dat héiert net jiddweree gären. Et schéngt eis awer kloer an dierft och kaum mëssverstane ginn.

An der Broschür, déi dës Woch vum Ministère un d'Eltere verdeelt gouf, steet, datt d'Commission d'inclusion den Elteren eventuell eng Assistance an der Klass - an ech zitéieren -: «par un membre de l'équipe multiprofessionnelle (appelée auparavant „heures SREA")» géif proposéieren. Et schéngt also op den éischte Bléck einfach: Équipe multiprofessionnelle ass gläich SREA. Mä esou einfach solle mir eis et eiser Meenung no net maachen.

Am Kapitel 4 iwwert d'Schoulpersonal gëtt fir d'éischt am Artikel 67 festgehalen, datt d'Personal, dat an der Grondschoul intervenéiert, sech zesummesetzt aus dem Personal vun der Schoul an aus dem Personal vun den Équipes multiprofessionnelles.

Am Artikel 68 ginn 18 verschidde Beruffer opgezielt, déi an Zukunft kënnen zum Schoulpersonal gezielt ginn.

Am Artikel 69 gëtt festgehalen, datt déiselwecht 18 verschidde Professioneller zur Équipe multiprofessionnelle kënne gehéieren.

Mir haten als Gréng dës Méiglechkeet extra gefrot, well esou eng breet Definitioun vu méiglechem Schoulpersonal eng ganz Rei Perspektiven a Richtung inklusiv Schoul opmécht. Et ass also theoretesch méiglech, datt eng Schoul en eegene Schoulpsycholog, en eegenen Éducateur gradué, en eegenen Orthophonist an esou weider kritt.

Well also, éischtens, villes méiglech ass, et awer u klore Richtlinne feelt; well zweetens am Gesetz iwwert d'Schoulpersonal nach just Rieds geet iwwert d'Schoulmeeschteren, Éducateuren an Éducateur-graduén, Inspekteren, d'Réserve des suppléants, an net méi vun deenen anere ville Spezialisten; a well drëttens et haut ee SREA an ee Service de guidance ënnert dem Deckel vun der Édiff an eise Schoule gëtt, wollte mir wëssen, Madame Minister, wéi déi Artikelen 68 an 69 vum neie Schoulgesetz ze interpretéiere sinn.

Sollen de SREA an de Service de guidance mat hire regionale Büroe weiderhi bei der Édiff bleiwen? Dat kéint een als contraire zum Gedanke vun enger inklusiver Approche vun eisem Schoulsystem betruechten. Mir sinn éischter der Meenung, datt déi ganz Éducation différenciée an d'Schoul misst integréiert ginn.

Sollen de SREA an de Service de guidance aus der Édiff erausgeholl ginn an eng eegestänneg Struktur ginn, esou ähnlech wéi d'SPOSen an de Lycéeën? Sollt dat de Fall sinn, da misst och geklëert ginn, ob dës nei Struktur dann en eegenen Direkter géif kréien, wéi d'Zesummenaarbecht mam Inspekter a mam Comité d'école geregelt wier a wéi eng weider Vir- an Nodeeler dës Approche hätt.

Sollten déi méi grouss Schoule selwer kënnen hir Spezialisten zougedeelt kréien, déi méi kleng Schoulen awer op regional multiprofessionell Équipë kënnen zougräifen? Dat wier fir eis déi schéinste Léisung. Déi géif awer staark Schoule mat enger staarker Organisatioun a klore Kritäre verlaangen, wéini datt wéi ee Personal dierft agestallt ginn.

Am Artikel 38 vum Grondschoulgesetz, wou et ëm de Kontingent vu Stonne geet, déi enger Schoul zur Verfügung gestallt ginn, do ass jo kee Kritär wéi Enfants à besoins spécifiques festgehale ginn.

Egal wéi eng Léisung datt lech virschwieft, Madame Minister, et wier an eisen Ae sënnvoll, Service de guidance a SREA net méi getrennt vuneneen agéieren ze loossen. Et wier wichteg emol eng Kéier ze klären, ob d'Psychologe vum Service de guidance Schoulpsychologe sinn, déi am Déngscht vun der Schoul an de Schoulkanner stinn, oder Psychologen, déi onofhängeg an ausserhalb vun der Schoul mat Schoulkanner schaffen, wéi dat haut éischter d'Vue ass.

Egal wéi eng Léisung datt lech virschwieft, mam aktuelle Fonctionnement vum SREA kënne mir net zefridde sinn.

De Kontingent vun de SREA-Stonne gëtt nämlech net no de Besoinë vun de Kanner berechent, mä no engem fixë Montant vu Stonnen, déi dann all Inspekter zur Verfügung gestallt kritt an déi nom Motto „Mir hëllefen iwwerall e bëssen, hunn awer net déi néideg Moyenen, fir eng seriö Integratiounsaarbecht an de Schoulen ze maachen" pro Secteur verdeelt ginn.

Mir erliewen ëmmer erëm, datt eenzel Kanner net déi SREA-Stonne kréien, déi se eigentlech bräichten. Mir erliewen ëmmer erëm, datt keng SREA-Stonne méi do sinn, wann ee Kand d'Gemeng an domat den Inspekteschsecteur wiesselt.

Dës Situatioun riskéiert an Zukunft éischter nach méi kriddelech ze ginn. Bis elo konnt zum Beispill eng Gemeng engem betraffene Kand an dem Léierpersonal bäisprangen, andeems schnell op Imprévuë reagéiert ginn ass. Zum Beispill am Fall, wou ee Kand, wat eng speziell Hëllef brauch, nei an d'Gemeng geplënnert ass. Duerch déi exklusiv Nominatioun vum Schoulpersonal duerch de Stat wäert et net méi méiglech sinn, datt eng Gemeng kuerzfristeg Leit astellt, déi a speziellen an onerwaarte Situatiounen hëllefe kënnen.

Mir gesi bei de limitéierte SREA-Stonnen och e Widdersproch zum Gesetz vun der Aide à l'enfance et à la famille vum 22. Dezember 2008.

Am Artikel 4 vun dësem Gesetz gi mir den Elteren ee Recht, sech un den Office national de l'enfance ze wenden, wann hir Kanner an enger Noutsituatioun sinn. Dat misst jo eigentlech och fir schoulesch Noutsituatioune gëllen.

Am Artikel 6 vun dësem Gesetz steet, datt den ONE, den Office national de l'enfance, géif intervenéieren «pour évaluer individuellement les ressources et les difficultés d'enfants, de jeunes adultes et de familles dont la situation est considérée comme critique par des acteurs des domaines psychosocial, scolaire, médical ou judiciaire».

Emol dovun ofgesinn, datt hei den Office national de l'enfance der Commission médico-psycho-pédagogique nationale wäert op d'Zéiwen trëppelen, schéngen eis dës Bestëmmunge contraire zu engem Hëllefsdéngscht mat enger fixer Stonnenzuel, also contraire zum aktuelle Fonctionnement vum SREA.

Mir trieden a fir eng Schoul, wou méiglechst all Kanner kënnen zesumme léieren. Dat geet awer nëmmen, wa mer dat néidegt Personal an eise Schoulen hunn. Wa mer dat néidegt Personal net zur Verfügung stellen, da schuede mir der Iddi vun der Inclusioun, mir schaffen net am Interessi vun alle Kanner a mir découragéieren dat motivéiert Léierpersonal.

An deem Sënn, Madame Minister, wéi gesäit et konkret fir déi Leit aus, déi beim SREA a beim Service de guidance de l'enfance schaffen? Musse si sech op Ännerungen astelle schonns bei der Rentrée 2009, oder bleift einstweilen alles beim Alen? Wéi gesitt Dir, Madame Minister, déi mëttelfristeg Entwécklung beim SREA an am Service de guidance, ënner anerem och am Kontext vun de Strukture vun der Éducation différenciée insgesamt?

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Adam. Den éischten ageschriwwene Riedner ass d'Madame Hetto.

Débat

Mme Françoise Hetto-Gaasch *(CSV).*- Madame Minister, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi gréng Fraktioun huet dës Aktualitéitsstonn ugefrot, well si gäre wéisst, wat fir eng Auswierkungen d'Reform vun der Primärschoul op de Service rééducatif ambulatoire, also de SREA, an och op de Service de guidance wäert hunn.

Béid Servicer, déi jo en Deel vun der Éducation différenciée sinn, hunn als Aufgab, sech ëm Schoulkanner mat spezifesche Besoinen ze këmmeren. Esou betreit de Service de guidance Kanner tëschent dräi an zwielef Joer, déi psychologesch, erzéieresch, schoulesch, neurologesch an och

mental Problemer hunn, währenddeems de SREA sech ëm Kanner bekëmmert, déi wéinst enger mentaler, motorescher, sensorieller oder charakterieller Behënnerung speziell erzéieresch Besoinen hunn.

Bis dato hunn dës Servicer esou fonctionnéiert, dass d'Enseignanten oder d'Eltere bei Kanner mat spezifesche Problemer sech entweder direkt beim zoustännege Service gemellt hunn oder awer de SREA indirekt iwwert de Wee vun der Commission médico-psycho-pédagogique ageschalt hunn.

Fir awer elo am Kader vun enger globaler Reform vun der Schoul och d'Aktioune vun deenen eenzelne Servicer vun der Édiff an de Centres de logopédie besser openeen ofzestëmmen, gesäit dat neit Gesetz iwwert d'Organisatioun vum Fundamentalunterrecht a sengen Artikele 27 an 28 vir, dass éischtens, multiprofessionell Équipë geschafe ginn, déi sech ënner anerem aus dem Personal vun der Édiff an der Logopedie zesummesetzen, an dass zweetens, déi Équipen hir Interventiounen an der Primärschoul ënnert der Responsabilitéit vum Bezierksinspekter ausféiere wäerten.

D'Zil vun dëse Bestëmmungen ass deemno ganz kloer d'Aktivitéite vun den eenzelne Servicer vun der Édiff ze bündelen, fir dass se méi rationell fonctionnéieren an och méi effizient schaffe kënnen.

Fir d'CSV-Fraktioun gëtt et duerfir och kee Grond fir d'Édiff mam Fundamentalunterrecht ze fusionéieren. Bei der Édiff handelt et sech nämlech ëm eng historesch gewuesse Struktur, déi scho laang um Terrain präsent ass an déi e ganz anert spezialiséiert Personal wéi d'Primärschoul huet an doduerch op Kanner mat spezifesche Besoinë kann agoen.

Derbäi kënnt, dass déi eenzel Servicer vun der Édiff jo genee wéi de Fundamentalunterrecht och dem Éducatiounsministère ënnerstinn. Béid Strukture sinn deemno schonn en Deel vun engem Ganzen. Duerfir gesi mir als CSV och net de Sënn, fir déi zwou Komponente mateneen ze verschmëlzen.

Dëst ass iwwregens och guer net de Wonsch vun der Majoritéit vum betraffene Personal. Am Géigendeel, déi concernéiert Servicer wëlle weider ënnert dem Mantel vun der Édiff bestoe bleiwen. A besonnesch hofft d'Personal vum SREA, dass d'Schoulreform him et erlaabt, sech duerch d'Aféierung vun enger differenzéierter Pedagogik an der individueller Betreiung vun de Kanner nees verstäerkt op seng initial Missioun kënnen ze konzentréieren, nämlech d'Betreiung an d'Integratioun vun de behënnerte Kanner.

Momentan ass nämlech de SREA haaptsächlech mat Léier- a Verhalensproblemer vu Schoulkanner konfrontéiert an huet net méi déi néideg Zäit, fir sech ëm d'Betreiung an d'Integratioun vu behënnerte Kanner ze bekëmmeren. D'Schoulreform géif et de Servicer vun der Édiff also erméiglechen, sech nees voll a ganz op hir ursprünglech Aufgab kënnen ze konzentréieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi elo genee déi multidisziplinär Équipë vun der Édiff an der Logopedie mat an d'Organisatioun vum Fundamentalunterrecht agebonne ginn, dorunner schafft momentan en Aarbechtsgrupp, dee sech aus Vertrieder vum Ministère, den Inspekteren an der Édiff zesummesetzt. Och an Zukunft wäert d'Édiff der École fondamentale mat hirer Expertise a mat hirer Erfahrung zur Säit stoen, fir ze versichen, all Kand beschtméiglech ze encadréieren an och ze integréieren.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Hetto. Dann ass et um Här Berger. Duerno kënnt den Här Scheuer.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, viru manner wéi zwee Méint huet d'Majoritéit hei an der Chamber dat neit Grondschoulgesetz gestëmmt. Bei deenen Debatten hat ech am Numm vu menger Fraktioun kritiséiert, datt dës Reform eng Rei strukturell Schwaachpunkter hätt, besonnesch wat d'Ëmsetzung vum Gesetz géif betreffen. Ech hat och gesot, datt et eng Reform vun de verpasste Chancë wär.

Ech hat op eng Rei Inkohärenzen a Schwieregkeeten higewisen, déi sech géife schnell bei der Ëmsetzung bemierkbar maachen. Dat bestätegt sech elo lues awer sécher um Terrain dobaussen.

Ënner anerem ass verpasst ginn, d'Éducation différenciée an d'Grondschoulgesetz mat anzebannen. Mir sinn nach wie vor der Meenung, datt dat keng gutt Saach ass. Mir sinn net domadder d'accord. Dat ass entgéint der Iddi vun der Integratioun vun de behënnerte Kanner an eis normal Grondschoul.

D'Regierung wollt dat jo net maachen. Domadder verbonnen ass dann elo och déi spezifesch Fro iwwert d'Plaz an d'Missioun vun der Éducation differenciée, mä awer och hei méi spezifesch vum SREA an dem Service de guidance. De Claude Adam huet en détail elo grad déi verschidde Schwieregkeeten an Aspekter beliicht, deem u sech praktesch näischt bäizefüge wär.

Mat deem neie Gesetz hu mer elo eng Rei nei Expertegremien, déi en place gesat gi sinn - Équipes multiprofessionnelles, Commissions d'inclusion scolaire an esou weider -, déi och elo Aufgabe mat ofdecken, déi zum Deel an der Vergaangenheet vum SREA ofgedeckt gi sinn. De SREA war jo op eng gewëssen Aart a Weis e Bindeglied tëschent der Éducation différenciée an der Primärschoul, mat der Missioun, fir Kanner mat Handicap oder à besoins éducatifs spéciaux Hëllefstellung ze bidden, och am Kader vun der klassescher Primärschoul.

Wat bleiwen elo d'Missioune vum SREA? Gi se exklusiv elo fir spezifesch Aufgaben an der Éducation différenciée agesat oder nëmmen do zréckbehalen? Wat jo dann och géif bedeiten, datt ee strukturell och nach méi e grousse Käil tëschent d'Grondschoul an d'Éducation différenciée géif dreiwen.

Och fir de Service de guidance stellt sech d'Fro, wou hir Plaz elo ass a wat fir eng Missioune si dann an deem Kader vun där ganzer Grondschoulreform nach hunn.

Ech wéilt och drun erënneren, datt d'Inspekteren op déi Problematik a verschidden Avisen higewisen haten, schonn eng ganz Zäit ier d'Dokumenter oder ier déi éischt Projete vun dem Grondschoulgesetz virlouchen. Als Experte schlechthin um Terrain hate si och proposéiert, datt de SREA sollt komplett un déi nei Grondschoul rattachéiert ginn, gradesou wéi si och gefrot haten, fir d'Éducation différenciée an d'Grondschoul ze integréieren.

Op déi Avisë war jo net gelauschtert ginn. Mir mussen also feststellen, datt elo Bedenken, déi während den Debatte waren, déi virun den Debatte waren, déi zum Ausdrock komm sinn, berechtegt waren an datt mer elo bei der Ëmsetzung vum neie Grondschoulgesetz awer déi eng oder aner Onkloerheeten a Froen hunn, wou mer nach keng Äntwerten hunn.

Ech wéilt, fir ofzeschléissen, och nach soen, datt dat hei wahrscheinlech net déi eenzeg Froen an Onkloerheete sinn, mat deene mer wäerten an den nächste Wochen a Méint nach konfrontéiert gi bei der Ëmsetzung vum Gesetz vum Januar. Et wäert sécherlech och nach esou sinn, datt mer déi eng oder aner Kéier hei an der Chamber mussen nei légiféréieren, fir dann déi Saachen, déi mer do verpasst hunn oder schlecht gemaach hunn, mussen ze redresséieren.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Berger. Dann ass et um Här Vizepresident Scheuer fir d'Wuert ze ergräifen.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Merci, Här President. Virun zwee Deeg war ech bass erstaunt, wéi ech nogelauschtert hunn, wat d'Vertriederin vun deene Gréngen hei bei der Diskussioun iwwert den Handicap gesot huet. Dat huet geklong wéi wann déi Leit mat Handicap, d'Kanner mat Handicap am neie Schoulgesetz guer net méi géife virkommen. D'Kanner mat Handicap am neie Schoulgesetz bleiwen „außen vor". Si ginn ignoréiert.

Den Här Adam war Gott sei Dank méi nuancéiert. Den Här Adam kennt d'Schoulgesetz. Den Här Adam kennt och de SREA an e kennt de Service de guidance. Seng Interventioun war Gott sei Dank méi nuancéiert, wéi déi offiziell Positioun vun deene Gréngen, wéi iwwert den Handicap diskutéiert ginn ass.

Déi nei Grondschoul ass eng École d'inclusion. Dat ass d'Absicht gewiescht, wéi dat Gesetz gemaach ginn ass. Déi nei Schoul ass eng Schoul, déi d'Cohésion sociale als eent vun deene wichtegsten Ziler vun der Reform duergestallt huet, an dat ass eng Spezifissitéit vun där doter Schoul. Déi nei Schoul, déi mécht den Enseignement spécial iwwerflëssig. Dat, muss ee soen, ass bis elo net gesot ginn heiuewen.

Mä déi nei Schoul absorbéiert net d'Édiff. Dat war gewosst. Et war net d'Absicht, fir d'Édiff ze absorbéieren. Ech sinn och der Meenung, datt et am Fong iwwerflëssig ass oder ze fréi ass, iwwert d'Ausriichtung vum SREA an iwwert d'Ausriichtung vum Service de guidance an der Zukunft a souguer an nächster Zukunft ze diskutéieren. D'éischt Schoul ass eng École d'inclusion, dofir hu mer d'Équipen dohinnergesat, dofir gëtt et deen Artikel mat deene ville Beruffer, déi kënnen intervenéieren an där neier Schoul. Et ass eng Schoul, déi den individuelle Bedierfnisser vun de Kanner Rechnung droe muss an déi och den individuelle Bedierfnisser vun de Kanner mat Handicap Rechnung droe muss.

Ech liesen dann den zweeten Alinea vun deem Artikel vir, deen zitéiert ginn ass. Den Artikel 27 seet: «Ces équipes multiprofessionnelles comprennent le personnel de l'éducation différenciée et de Centres de logopédie, des instituteurs de l'enseignement spécial affectés à une commune de l'arrondissement et d'autres experts dans l'aide, l'appui et l'assistance à donner aux élèves en question.» Dat heescht, d'Édiff ass net getrennt vun där Basisschoul. D'Édiff ass mat dran.

An déi Équipes multiprofessionnelles, déi stinn net ënnert der Tutelle, mä ënnert der Kontroll vum Inspekter. An ech si perséinlech der fester Iwwerzeegung, datt d'Inspektorat just am Beräich vun der Inclusioun, am Beräich vun der Integratioun eng immens wichteg Roll ze spillen huet, fir als Katalysator tëschent deenen eenzelne Gruppen ze wierken. Den Inspekter huet Weisungsbefugnis an den Inspekter muss och d'Prioritéiten definéieren, ënnert deenen oder no deenen déi Équipes multiprofessionnelles ze schaffen hunn.

Doraus ergëtt sech folgend Konsequenz: De 15. September leeft d'Grondschoul un. A scho wa se uleeft, muss gekuckt ginn, wéi vill Integratioun méiglech ass, wat de Maximum vun Integratioun ka sinn, déi een an deenen eenzelne Schoulen, an deenen eenzelne Schoulzentre maache kann. Dofir gëtt et noutwendeg fir schonn am September 2009 déi jëtzeg Édiff anzebannen an d'Schoulorganisatioun. Dat ass vierdergrënneg d'Tâche vun de staatlechen Instanzen, vun den Équipes multiprofessionnelles, déi et gëtt. Dat ass awer och d'Tâche, déi ee bei der Schoulorganisatioun muss berücksichtegen.

D'Gemenge sinn also och gefuerdert, an da léist sech och déi Angscht, datt eng Lasskoppelung vun der Édiff vum normale Schoulbetrib kéint geschéien. Et war ni d'Absicht an et wär och contraire zum Schoulgesetz, wa mer dat géife maachen. D'Philosophie vun deem Gesetz ass eng Philosophie vun der Inclusioun, ass eng Philosophie vun der Integratioun. Wéi mer se elo maachen a wéi se dann definitiv ausgesäit, dat gesi mer, wa mer op eng éierlech Aart a Weis e Suivi maache vun dësem Gesetz a wa mer eis Konklusiounen zéien, no engem Joer, vläicht schonn éischter, mat Rapports intermédiaires, no engem Joer oder no zwee Joer. Do läit d'Zukunft vun der Édiff.

Wat Rescht bleift, wat fir eng Frange vu Kanner net kann integréiert ginn. Et ass net nëmmen eng Fro vu Fangerspëtzegefill, mä et ass virun allem eng Fro vun enger Astellung vis-à-vis vu Kanner, wou den Handicap esou ass, datt ee se guer net oder nëmme schlecht oder nëmmen deelweis beschränkt kann integréieren. Déi Frange wäert ëmmer Rescht bleiwen.

Dat ass och erauskomm an deene villen Entrevuen, déi mengen ech all Parteie mat den Elteren haten an och mam Personal vun der Édiff. Gi mer deem neie Schoulgesetz eng Chance, da gi mer och der Édiff eng Chance, fir sech ze restrukturéiere mam SREA a mam Service de guidance.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Scheuer. Den Här Mehlen huet d'Wuert nach gefrot.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Merci, Här President. D'Reform vum Virschoul- a vum Primärschoulunterrecht, an Zukunft Grondschoulunterrecht, huet méi Froen opgelooss, wéi der beäntwert gi sinn. En Deel vun deene Froe sinn haut vum Här Adam hei opgeworf ginn, eiser Meenung no zu Recht. Mir hu beim Vote vun deem Gesetz hei gesot, datt d'Chance verpasst ginn ass, d'Schoul vu Grond op ze reforméieren an hir eng nei Struktur ze ginn, si an enger anerer Philosophie ze reforméieren, dat heescht, hir méi Autonomie ze ginn, der eenzelner Schoul méi Eegestännegkeet.

De Corollaire dozou, an do ware mer eis praktesch alleguer eens an der Kommissioun, si staark Direktiounen, kompetent Direktiounen, déi dann, wann esou Froe sech stellen, och déi Décisiounen huelen, déi musse geholl ginn.

Den Här Scheuer huet elo grad gesot, den Inspekter wär deen, deen d'Haaptcharge do hätt. Hie wär e Katalysator. Genau dat gëtt am Fong geholl e bëssen d'Problematik erëm. Hei si ganz vill Intervenanten, déi sécher och mat vill guddem Wëllen druginn, mä wéi dat Ganzt soll fonctionnéieren, dat steet iergendwou an de Stären, an et muss een emol gesinn, den Här Scheuer wëllt no engem Joer eng Analys maachen, wéi et dann a Wierklechkeet fonctionnéiert.

Ech wëll hei soen, datt mir ganz skeptesch sinn. Ech hunn nëmmen zwou Minutten, ech ka wierklech net am Detail dorop agoen, datt mer wierklech, Madame Minister, op Är Äntwert gespaant sinn, wéi Dir et da gesitt, wéi dat an der Realitéit soll fonctionnéieren.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. D'Madame Minister zoustänneg fir d'national Erzéiung huet d'Wuert. Madame Delvaux, wann ech gelift.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech verstinn, dass een, dee sech interesséiert fir d'Schoul a fir dat neit Schoulgesetz, sech vill Froe stellt. Ech kann lech versécheren, ech stelle mer der och. All déi Froen, déi Dir stellt, déi hunn ech mer scho gestallt, a mir sinn amgaang am Ministère a mat all eise Partner, all déi Froen do progressiv ze beäntwerten.

Ech wéilt just als Einleitung soen, dass d'Ëmsetze vum Gesetz eng administrativ Reform ass an eng pedagogesch. Et ass also op deenen zwee Voleten, wou grouss Changementer geschéien. Mir sinn elo, mengen ech, den 20. März, an d'Gesetz ass elo zwee Méint gestëmmt. D'Circulaire fir d'Gemengen, fir dee ganzen administrativen Oflaf, déi ass esou gutt wéi fäerdeg. Ech hat elo zwou Réunioune mat de Gemengeresponsabelen. Do sinn all d'Froe gekläert.

Mir hunn och Réunioune fir déi aner administrativ Froen ze klären. Mä ech wéilt awer hei mengen Interpellantë soen, dass ech mer ganz kloer Virstellunge gemaach hat, wéi dat soll fonctionnéieren, déi Zesummenaarbecht vun den Équipes multiprofessionnelles.

D'Gesetz gesäit vir, am Artikel 68, all dat Personal, wat direkt attachéiert ass an eng Schoul. An do hu mer eng grouss Ouverture par rapport zu deem Gesetz, wat et virdru ginn ass, well d'Gesetz vun 1912 och a sengen Änderungen eigentlech nëmmen een Typ vun Intervenant virgesinn huet, an dat war de Schoulmeeschter. Dat heescht, an der Schoul konnt bezuelt ginn an iwwert de Ministère mat subventionéiert ginn eigentlech nëmmen de Schoulmeeschter respektiv de Chargé. Dat war natierlech en Handicap fir aner Profiler an d'Schoul eranzekréien.

Aner Länner hu méi fréi sech op de Wee gemaach, fir verschidde spezialiséiert Beruffer zouzeloossen an de Schoulen, wéi Spezialiste fir Sproochentwécklung, Pedagogen, Spezialiste fir Psychomotorik. Déi alleguerte waren an eiser Schoul. Vum Gesetz hier hätte se zwar kënnen intervenéieren, mä vu dass kee se bezuelt huet, si se net agestallt ginn. Déi Dier ass also elo opgemaach, fir dass d'Schoulen déi kënnen astellen.

Dann hu mer awer derniewent eng Rei vun esou Spezialiste vu verschiddene Beruffer, déi am Enseignement fondamental au sens large, déi bei de Kanner intervenéieren, déi deen Alter hu vum Enseignement fondamental, an déi sinn, déi eng, administrativ an der Édiff, anerer sinn administrativ am Centre de logopédie, a mir hunn Eenzelner, déi si vun de Gemengen agestallt ginn, niewent de Strukture vum Stat.

D'Iwwerleeung war elo fir ze soen: Éischtens wëlle mer de Schoulen eng Méiglechkeet ginn, fir där Leit anzestellen an der Zukunft, wat se bis elo net konnten. An do hunn ech mer virgestallt - vum nächste Joer u wäerte mer de Contingent an de Règlement grand-ducal setzen, fir Stonnen ze verdeelen -, dass dat am Prinzip déi Stonne si fir den Enseignement, a vu dass all Schoul derniewent e Plan de réussite scolaire muss maachen, wou se da preziséiert, wat fir eng Akzenter si wëllt an der Schoul

setzen, dass dat dann d'Méiglechkeet wär, fir anert Personal an d'Schoulen ze kréien.

Meng Virstellung ass, dass eigentlech all gréisser Schoul iwwer eng Équipe disposéiert, mat där se kann eben alles en charge huelen, wat esou ufält, an dass d'Leit net musse vun enger Plaz op déi aner fuere fir Hëllef ze kréien. Do si mer awer nach net. Dat do ass d'Visioun à moyen terme.

À court terme hu mer Leit, déi wéi gesot an der Édiff administrativ rattachéiert sinn an am Centre de logopédie, an dofir gesäit den Artikel 69 vir, dass mer elo dat Personal, wat mer hunn, organiséieren an Équipes multiprofessionnelles. Dat heescht, dass an all Arrondissement vum Inspektorat op d'mannst eng Équipe multiprofessionnelle ass, dass also all Inspekter weess, wat ass mäin Interlocuteur.

Well de Moment ass et jo esou, dass en Inspekter heiansdo mat dräi Services de guidance ze dinn huet, dass op d'mannst een Interlocuteur do ass. Dat gesäit och esou aus, dass dann déi Leit vum Service de guidance a vum SREA-Service ambulatoire an Équipen zesummegeschloss ginn, dass se verdeelt ginn an d'Arrondissementer an dass mer elo amgaang sinn ze diskutéieren, fir dat Personal, wat mer hunn, esou regional ze verdeelen, dass mer an all Équipe déi Profiler hätten, déi mer brauchen.

Dat hu mer awer wahrscheinlech net, well mer jo zum Beispill, de Moment hu mer 18 Arrondissementer vu Logopedie, an der Zukunft kréie mer 20 Arrondissementer Inspektorat. Dat heescht, de Moment ass an deenen 18 Arrondissementer vun der Logo iwwerall en hallwe Professeur de logopédie, wat jo och net vill ass. Mir hunn awer eenzel Gemengen, déi hunn Orthophonisten agestallt. Dat heescht, mir sinn elo amgaang den Inventaire ze maache vun all deene Ressourcen, déi mer hunn, a se dann emol ze verdeelen op déi 20 Arrondissementer, déi mer vum 15. September u kréien. Deen Exercice ass elo amgaang.

Ech wëll da soen, dass d'Missioune vun deenen Équipes multiprofessionnelles vum Gesetz hier definéiert sinn. Si sinn do fir en Diagnostic ze maachen. Dat war jo eigentlech elo d'Aufgab vum Service de guidance zu engem Deel, respektiv vun anere Servicer. Si sinn do fir eng Prise en charge ze maache vun deene Kanner, déi mer definéiert hunn als «enfants à besoins éducatifs spéciaux».

An da si se och do, an dat ass eigentlech eng wichteg Aufgab, vun där ech mer och vill erwaarden, well se méi no bei de Schoule sinn, dass se Conseilen den Enseignantë ginn, déi ebe Kanner an der Klass hunn, déi deen een oder aneren Typ vu Problemer presentéieren. Dat sinn déi dräi Missiounen, woubäi déi drëtt, de Conseil aux enseignants, eigentlech eppes Neies ass, wat bis elo net esou ënnert där Form vun deene Leit, déi bis elo do waren, gemaach ginn ass.

Dofir gesäit d'Gesetz jo och vir, dass all Équipe pédagogique sech op d'mannst eemol am Trimester mat op d'mannst engem Member vun der Équipe multiprofessionnelle soll gesinn, fir eben iwwer Kanner ze schwätzen, wou e Problem ass. Den Artikel 28 gesäit och vir, dass déi Équipes multiprofessionnelles eng regelméisseg Präsenz an de Schoule garantéieren. Dat ass also d'Zil an och d'Organisatioun, wéi se elo virgesinn ass.

Ech wéilt eppes soen zu deenen Diskussiounen: Fir wie sinn déi Leit do? Also, mir hunn am Gesetz och eng Definitioun vun den «enfants à besoins spécifiques». Dat ass e Kand, wat wéinst senge Particularitéite mental, charakteriell, sensoriell oder motoresch de Socle de compétences net an deenen dräi Joer erreecht. Dat heescht also, dass dat eng relativ vast Definitioun ass.

Mir hunn net wéi aner Länner Kategorië vu Besoinen definéiert oder vun Handicap, well mer eis eigentlech net doriwwer eens sinn, a well och vill Leit a vill Pedagoge besonnesch soen, et ass net gutt, Kanner an eng Kategorie anzeklasséieren. Dat géif natierlech de Calcul vun de Besoinen an deem Sënn erliichteren. Wann ee weess, ech hunn esou vill Kanner vun deem doten Typ, an deen huet e Recht op esou vill Stonnen, da weess ech, da kann ech besser moossen, wat de Besoin ass.

Mir stellen awer fest an deene Joren, an ech menge jiddwereen, deen a Kontakt ass mat der Schoul, dass et ëmmer méi Kanner gëtt, déi eigentlech net am klassesche Sënn en Handicap hunn, mä déi ganz grouss Comportementsschwieregkeeten hunn. Dat si Kanner, déi eigentlech Schoulen an den Enseignanten an de Klassen déi meeschte Problemer stellen, wou mer sécher en aneren Typ vun Intervenantë musse kréien, a wou och wichteg ass, dass d'Équipen an d'Schoule Preventioun vu Violence maachen. Do hu mer eng ganz Offer, déi mer de Schoule kënnen zur Verfügung stellen. Also, et ass scho geduecht, dass mer all déi Ressourcen, déi et gëtt, zesumme kréien, fir eben de Schoulen ze hëllefen.

Also, fir ze résuméieren: Dat Personal, wat an der Édiff ass, bleift administrativ rattachéiert an der Édiff. Déi Leit vum Service de guidance a vum SREA, déi ginn opgedeelt an Équipes multiprofessionnelles, si ënnerstinn administrativ weider der Édiff, mä si stinn an hire Fonctiounen, an der Exekutioun vun hirer Aarbecht ënnert der Responsabilitéit vum Inspekter, well den Inspekter jo de President ass vun der Commission d'inclusion scolaire. An all Kand, wat eng Betreiung oder eng extra Prise en charge kritt, geet duerch d'Commission d'inclusion scolaire, an déi décidéiert dann, wéi eng Ressourcen zur Verfügung stinn.

An déi Équipes multiprofessionnelles kënnen niewent deene Leit, déi mer dann also elo hunn - SREA, Service de guidance -, sollen dann opgedeelt ginn, och déi regional Ressourcë vun de Centres de logopédie, déi Instituteurs spécialisés respektiv anert Personal, wat an de Gemenge schonn ass. Do si mer amgaang en Inventaire ze maachen. Deen hu mer elo net. Ech kann lech dat haut nach net soen, well mer amgaang sinn déi Donnéeën alleguerte vun de Gemengen an och vun der Schoulorganisatioun ze kréien.

Da wollt ech nach soen, dass et mir relativ kloer ass, och wa mer elo de ganzen Inventaire gemaach hunn a mer dann d'Équipë constituéiert hunn, dass mer sécher net un eng Dramsituatioun erukomme fir d'Betreiung vun de Kanner. Dat kann ech mer am Moment jiddefalls net virstellen. Mä ech stelle mer awer vir, dass mer iwwert déi nächst Joren, mir sinn amgaang e Plang ze maachen, fir ze soen, wat wär dann d'ideal Offer déi mer kéinten an den Arrondissementer an an de Schoulen offréieren.

Meng Virstellung ass zum Beispill, dass mer an all Arrondissement op d'mannst eng Klass vu Logopedie hätten. Mir hunn der de Moment dräi regionaler am Land, zwou am Norden an eng am Osten, an ech denken, dass een esou Klasse kéint multiplizéieren, well mer gesinn, dass dat éischtens de Kanner de Wee erspuert fir wäit ze fueren an eng Classe de logopédie bis an d'Stad, an zweetens ganz positiv Retombéeën huet op déi Équipe, wou déi Classe de logopédie dran aktiv ass. Well dann déi aner Enseignantë soen: „Hei, komm eng Kéier kucken, wat kann ech eventuell mat de Kanner maachen?" Déi Iddi vum Conseil.

An esou géif ech mer virstellen, dass all Équipe an der Zukunft ebe Logopedie-Leit, Spezialisten an der Psychomotorik, Heilpedagogen, dass mer déi esou opstocken, dass mer dat Zil, wat do ass, fir dass all Kand dee Support an déi Hëllef an déi Ënnerstëtzung kritt, fir dass et sech ka qualifizéieren an an der Schoul weiderkommen, kënnen erreechen.

Dat ass d'Aarbecht vun deenen nächste Joren, déi do muss weidergoen. Ech wollt nach just soen, well oft eng gewësse Konfusioun ass, also, d'Eltere behale weider d'Recht ze décidéieren, ob hiert Kand an eng Klass integréiert gëtt oder ob et wëllt an de Centre Édiff goen. Ech mengen, do war ee Moment e gewëssene Flou. Den Artikel 33 seet ganz gutt, wann d'Elteren net d'accord si mat engem Plan de prise en charge, da kënne se e Recours dergéint maachen, a si bleiwe Meeschter wou d'Kanner integréiert sinn.

Eist Zil ass et natierlech fir d'Kanner alleguerten an d'Schoul ze integréieren, esou laang an esou wäit wéi d'Eltere sech dat wënschen. Ech mengen, dass mer do um gudde Wee sinn, dass mer sécher nach net um Enn vun engem Wee sinn, mä dass mer mussen och déi Ressourcen, déi mer hunn - an dat ass awer och en Appel, deen ech géif maachen -, emol esou effizient wéi méiglech asetzen, fir hei iwwerall am Land déi Qualitéit an der Schoul ze garantéieren, déi d'Leit eigentlech vun der öffentlecher Schoul sech kënnen a mussen erwaarden.

Just ee lescht Wuert: An der Édiff ass jo dann d'Personal, wat an den Édiff-Schoule schafft, also déi, déi net an d'École fondamentale intervenéieren. Déi, déi am Service de guidance an am SREA sinn, déi hänken alleguerten zesummen administrativ vun der Édiff of. Ech halen dat och fir interessant, well et muss méiglech sinn, dass een, deen an enger Schoul vun der Édiff ass, och eng Kéier wiesselt an den Ambulatoire, an ëmgedréint, een, deen am Ambulatoire ass, och kann eriwwergoen an eng Schoul.

Sou dass ech, mengen ech, jiddefalls - ech hoffen, dass ech lech eng Rei vu Froen haut konnt beäntwerten. Mir sinn amgaang, fir déi Règlements grand-ducaux an haaptsächlech déi Instruktiounen un d'Centres Édiff, un d'Direktioun vun der Édiff an un d'Inspektorat. Mir sinn eis elo eens ginn op d'Opdeelung vun den Arrondissementer, well dorunner hänkt jo och d'Opdeelung vun den Équipes multiprofessionnelles, déi sech dann an enger Regioun mussen en Headquarter - wann ech dat kann esou soen -, eng Plaz, wou d'Eltere sech kënne wenden a wou dann och d'Leit aus der Équipe multiprofessionnelle mat dem jeeweilegen Inspekter kënne sech zesummen organiséieren.

Ech soe Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Minister. Den nächste Punkt op eisem Ordre du jour ass de Projet 5909 iwwert d'Kreatioun vun engem Établissement d'enseignement secondaire technique zu Mamer. De Rapporteur, den honorabelen Här Negri, huet elo d'Wuert.

2. 5909 - Projet de loi modifiant la loi du 18 juillet 2001 portant

1. création d'un établissement d'enseignement secondaire technique à Mamer

2. modification de la loi du 3 août 1998 relative à la construction d'un lycée à Mamer

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Mamer Lycée Technique Josy Barthel huet am September 2003 seng Dieren um Tossebierg zu Mamer opgemaach. De Mamer Lycée technique ass de Moment a sengem sechste Joer a Betrib. An dem aktuelle Schouljoer 2008-2009 sinn 1.192 Schülerinnen a Schüler ageschriwwen. De Mamer Lycée ass per Gesetz vum 18. Juli 2001 entstan a krut offiziell den Numm Lycée Technique Josy Barthel, ofgekierzt LTJB.

Dem Gesetz vun 2001 no kann den LTJB folgend Klassen ubidden: 1. d'Division inférieure vum Enseignement secondaire classique vu Septième bis Cinquième; 2. de Cycle inférieur, moyen a supérieur vum Enseignement secondaire technique vu Septième bis Douzième respektiv Treizième; an 3. de Régime préparatoire vum Enseignement secondaire technique.

D'Schülerinnen an d'Schüler aus dem Enseignement secondaire technique kënne bis zu hirem Ofschloss am Mamer Lycée technique bleiwen, mat de Filièren Technique général am Régime technique, Génie civil am Régime de la formation de technicien oder Bâtiment am Régime professionnel. Dëst am Géigesaz zu hire Kolleeginnen a Kolleegen aus dem klasseschen Enseignement secondaire, wou d'Schüler no der Cinquième hir schoulesch Ausbildung net méi am Mamer Lycée technique weiderfuere kënnen. De Moment musse sech dës Studenten d'office an engem anere Lycée, am Prinzip an der Haaptstad, aschreiwen, fir hir Diplomaarbecht an hiren Ofschloss bis zur Première an der Division supérieure ze maachen.

Am Kader vun engem Projet pédagogique kruten d'Schüler aus dem Mamer Lycée technique awer vun der Éducationsministesch d'Recht accordéiert, dat éischt Joer vun der Division supérieure, dat heescht d'Quatrième, oder och nach Classe polyvalente genannt, am Mamer Lycée ze maachen. D'Quatrième ass dat sougenannten Orientatiounsjoer, wou d'Studenten op der Troisième op de Sektiounen A, B, C, D, E, F a G weiderstudéieren. Et ass pedagogesch gesi besser, wann d'Schüler an deem Lycée fir d'Troisième orientéiert ginn, wou si schonns een oder e puer Joer an d'Schoul gaange sinn. Duerfir ass dës Ausnahmeregelung och begréissenswäert. Si weist awer zugläich de Problem, dass et net gutt ass, während enger Filière d'Schoul wiesselen ze mussen, fir de Premièresdiplom ze kréien. Dat bréngt onnéideg Akklimatisatiouns- an ënner Ëmstänn Akzeptanzproblemer mat sech, déi ee vu virera sech erspuere kann.

Här President, de Projet de loi 5909 vun haut gesäit duerfir vir, d'Offre scolaire am Mamer Lycée technique ze erweideren duerch d'Aféierung vun der Division supérieure am Enseignement secondaire classique. De Moment sinn am Allgemengen d'Opfangcapacitéite vun deene Lycéeën, déi och d'Division supérieure vum Enseignement secondaire classique ubidden, esou lues a lues ausgereizt. Dëst arrangéiert also d'Kreatioun vun der Division supérieure zu Mamer. En plus weisen d'Analysen aus dem Éducationsministère ganz kloer, dass déi lescht Jore sech ëmmer méi Kanner aus dem sechste Schouljoer an de Lycéeë vum Enseignement secondaire classique aschreiwen. Et besteet also akuten Handlungsbedarf, fir d'Offre scolaire am Enseignement secondaire classique auszebauen.

Am Kader vum Projet de loi 5782 portant création d'un lycée à Junglinster, dee mer den 10. Juli 2008 hei an der Chamber gestëmmt hunn, gouf och eng Motioun gestëmmt, déi vum President vun der Éducationskommissioun, dem honorabele Kolleeg Jos Scheuer, deponéiert gouf…

Une voix.- Très bien!

(Interruption)

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.*- Voilà!

…a wou d'Regierung opgeruff gouf, jee no Bedarf och déi iewescht Klasse vum Enseignement secondaire classique an deenen neie Lycéeën an an deene bestehende Lycées techniques unzebidden. De Gesetzprojet vun haut dréit där Motioun also Rechnung.

De Gesetzesprojet gesäit vir, dass niewent der Division inférieure Septième bis Cinquième och d'Division supérieure Quatrième bis Première zu Mamer am Enseignement secondaire classique ugebuede ka ginn. Theoretesch kann all Sektioun zu Mamer am Lycée organiséiert ginn. D'Entscheedung, wéi eng Sektiounen an der Division supérieure ugebuede ginn, läit am Endeffekt beim Éducationsminister an hänkt sécherlech dovun of, wéi vill Schüler sech fir déi verschidde Sektioune melle wäerten.

Här President, d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet a sengem Avis dorop higewisen, dass een aus Käschtegrënn soll Virsiicht walte loossen, wat d'Offer vun deene verschiddene Sektioune betrëfft. De Statsrot huet sech méi Transparenz gewënscht, wat elo d'Kritären ugeet, no deenen d'Sektiounen ugebuede ginn.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Här President, eng Konsequenz aus dem erweiderte schouleschen Ugebuet vun der Division inférieure op d'Division supérieure am Enseignement secondaire classique zu Mamer ass, dass den Numm vum Lycée zu Mamer liicht geännert gëtt. De Lycée Technique Josy Barthel heescht an Zukunft offiziell Lycée Josy Barthel, ofgekierzt LJB. Dëst ass och esou bei anere Lycéeën, déi souwuel d'Filière classique an d'Filière technique ubidden, wéi zum Beispill dem Lycée du Nord oder dem Lycée Aline Mayrisch.

Domat kréie mir eng Aart Gesamtschoul, zwar strukturell getrennt, mä ënner engem Daach, wat d'intern Mobilitéit vun de Kanner à terme verbessert. Et ass pedagogesch wichteg, dass an dëse Lycéeën, wéi mer dat elo am Mamer Lycée maachen, déi zwou Filièrë Secondaire technique a Secondaire général classique vun ënne bis uewen an engem Gebai zesummen ze hunn, an doduerch d'Iwwergäng vun enger Filière an déi aner och während der ganzer Schoulzäit méiglech ginn. Ech wëll der Éducationsministesch Mady Delvaux félicitéieren, dëse Schrëtt och elo am Mamer Lycée…

(Interruptions diverses)

…mat dem Projet de loi vun haut anzeleeden.

Här President, ech wëll lech e puer praktesch Erfahrunge liwweren, wat d'Ëmsetzung vum Gesetz vum Mamer Lycée vun haut betrëfft. De Moment si 47 Schüler op Quatrième am Mamer Lycée ageschriwwen. Eng informell Enquête zu Mamer am Lycée huet erginn, dass déi meescht vun hinnen d'nächst Joer op eng Troisième C, D oder G goe wëllen. Ab dem nächste Schouljoer 2009-2010 wäerten also dës dräi Sektiounen dann am Mamer Lycée ugebuede ginn.

Wat d'finanziell Käschte vun dësem Gesetzesprojet betrëfft, esou muss een ervirsträichen, dass déi aktuell Infrastrukturen an Équipementer am Mamer Lycée et erméiglechen, déi verschidde Sektiounen ouni zousätzleche finanziellen Impakt ze organiséieren. Verschidde Branchen iwwerschneide sech a kënnen och gemeinsam enseignéiert ginn. Et entstinn also keng zousätzlech Käschten, esou wéi dat de Statsrot a sengem Avis nogefrot huet.

Doduerch, dass d'Schüler aus anere Lycéeë sech och an der neier Division supérieure zu Mamer aschreiwe kënnen, ginn aner Lycéeën entlaascht. De Mamer Lycée ass nämlech geographesch gutt placéiert, fir Schüler aus deene méi staark bevölkerte Gemenge wéi Mamer, Bartreng, Stroossen, Kielen a Stengefort, awer och vun Dippech, Habscht, Garnech, Käerch, Kënzeg, Koplescht, Leideleng, Reckeng a Simmer ophuelen ze kënnen, also dem ganzen zentrale Weste vum Land.

Här President, de Mamer Lycée um Tossebierg zwëschent Mamer a Bartreng ass vun der Areler Strooss ze erreechen, iwwer eng Strooss, där d'Mamer Gemeng den Numm vum verstuerwene Statsminister Gaston Thorn ginn huet.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

De Mamer Lycée läit absolut IVL-konform. En ass gutt un den öffentlechen Transport ugebonnen, engersäits mat engem ganz neien Zucharrêt, deen nëmme 500 Meter vum Lycée ewech läit, an anerersäits mat enger Busgare virum Mamer Lycée, an och flotten, moderne Busarrêten an zwou Direktiounen op der Areler Strooss, an déi a Richtung Lëtzebuerg via eng separat Busspur duerch Mamer bedéngt ginn.

De Mamer Lycée huet sech och gutt an d'Lokalitéit Mamer integréiert a stellt eng Plus-value a puncto Liewensqualitéit fir d'ganz Gemeng Mamer duer. Esou brauchen d'Kanner elo net méi all an d'Stad ze fueren, fir no der Primärschoul hir Studië weiderzeféieren, an droen domat wéi gesot zu enger Entlaaschtung vun de Schoulen aus der Stad bäi. Och verkéiersméisseg stellt d'Proximitéit vum Mamer Lycée e groussen Avantage fir Mamer duer. An de Mamer Lycée huet opgrond vun der gudder Kooperatioun mat der Mamer Gemeng och Avantagë fir d'Leit aus der Gemeng. All Owend an der Woch a Samschdeg moies kann d'Piscine vum Mamer Lycée vun de Leit aus der Gemeng Mamer an Ëmgéigend benotzt ginn.

Plusieurs voix.- Ah!

(Interruption et hilarité)

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.-* Och d'Sportveräiner profitéiere vun der flotter Sportshal vum Mamer Lycée.

Une voix.- Très bien! Très bien!

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.-* Concertë vun der Mamer Musek sinn och schonn an deem flotte Festsall vum Mamer Lycée ofgehale ginn. En contrepartie profitéieren d'Schüler vum Mamer Fussballsterrain a senger Lafpist ronderëm den Terrain.

De Moment gëtt niewent dem Mamer Lycée déi zweet Europaschoul gebaut fir ronn 3.500 Leit. Wann een déi zwou Schoulen um Campus Tossebierg zesummenzielt, wäerten ab 2011, 2012 ronn 5.000 Leit während dem Dag do liewen. Dat sinn der ronn esou vill wéi der zu Mamer - ganz genau sinn et der de Moment 5.272 - selwer wunnen. An der ganzer Gemeng 7.183. Mat der Integratioun dierft dat kee Problem ginn, wunnen dach an der Mamer Gemeng 45,8% Netlëtzebuerger mat 72 verschiddenen Nationalitéiten. Mat dem Bau vun der zweeter Europaschoul an dem Mamer Lycée huet Mamer och seng national Responsabilitéit iwwerholl, wann et heescht Infrastrukture vum Stat ze implantéieren.

Déi eenzeg Suerg, déi mir als Mamer Leit hunn, ass den Autosverkéier, dee mat der Mise en service vun der Europaschoul ganz staark zouhuele wäert.

(Interruption)

Fir dee Problem am Grëff ze behalen, huet de Stat via Konventioun der Gemeng zougesot, eng Unterführung Richtung Lëtzebuerg an eng Bréck vun der Stad aus iwwert d'Areler Strooss Richtung Campus Tossebierg ze bauen.

Ech wëll nach eng Kéier dorun erënneren, dass mer zu Mamer gär bereet waren, eis national Responsabilitéit ze huelen, ginn awer och dovun aus, dass de Stat mam Bau vun deenen zwee Ouvragen och seng Responsabilitéit hëlt.

Här President, ech wëll ofschléisse mat engem décke Merci u meng dräi LSAP-Kolleegen aus der Éducatiounskommissioun, dem President Jos Scheuer, John Castegnaro a Bim Diederich,…

Une voix.- Très bien!

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.-* …déi esou fein waren, mir als Mamer Bierger de Rapport vun dësem Projet de loi ze iwwerloossen, a ginn och domat den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

(Brouhaha général)

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Da kritt d'Wuert den honorabelen Här Gilles Roth.

(Brouhaha général)

M. Robert Mehlen *(ADR).-* Dat ass awer elo schwéier ze toppen!

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären,…

(Brouhaha général, hilarité et coups de cloche de la Présidence)

…gutt Projete brauchen zu Lëtzebuerg ëmmer e bësse méi laang Zäit, bis se verwierklecht ginn, sot de 9. Juni 1999 den deemolege Bauteminister Robert Goebbels bei dem Spuetstéch vun dem Mamer Lycée.

Dës Ausso trëfft manner op d'Gebai vun dem Lycée Josy Barthel op dem Mamer Tossebierg zou. E bleift bis haut dee Lycée, deen am schnellsten am Land gebaut gouf. Recht huet de Minister awer behal, dass et zéng Joer gebraucht huet, bis dass enger laangjähreger Fuerderung vun de Gemengeverantwortlechen aus dem Weste vum Land nokomm gouf, nämlech den Uewergrad an dem Secondaire classique am Lycée Josy Barthel anzeféieren. Mat dem Gesetzprojet 5909 gëtt dat dann elo Realitéit, an ech soen och duerfir dem Rapporteur Roger Negri Merci fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Bericht.

(Interruption)

Här President, den 30. Dezember 1998 hate ganzer zéng Buergermeeschteren, an zwar déi vu Mamer, Bartreng, Stroossen, Habscht, Kielen, Koplescht, Kënzeg, Käerch, Garnech a Simmer sech un d'Regierung gewant, fir direkt an dem Mamer Lycée den Uewergrad an dem Secondaire classique anzeféieren.

Une voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV).-* Dës Fuerderung gouf och deemools an engem offizielle Schreiwes vun der Proffegewerkschaft, der APESS, ënnerstëtzt. Mä de Choix vun der deemoleger Regierung an där duerno sollt net an déi Richtung goen. Mamer sollt fir d'éischt de Lycée vun den neien Technologië ginn. Et gouf dunn de Lycée fir d'Baufach an dem Beräich vun dem Secondaire technique mat den ënnerschiddlechen Zyklen an dem ënneschten Zyklus an dem Classique.

Här President, d'Attraktivitéit vun engem Lycée hänkt enk mat der Schouloffer zesummen. Dëst ënnersträicht iwwregens och de Plan sectoriel «Lycées». D'Tatsaach, dass kee kompletten Zyklus an dem Secondaire classique vun Ufank un am Lycée Josy Barthel ugebuede gouf, huet vill Schüler aus dem Weste vum Land dozou beweegt, fir sech an aner Lycéeën, besonnesch op dem Geesseknäppchen an der Stad anzeschreiwen. Sou war dann e spéidere Wiessel am Laf vun der Studienzäit net méi néideg.

Trotz villen Effortë vun der Direktioun vum Mamer Lycée huet seng Attraktivitéit dach dorënner gelidden. Mat dem Gesetzesprojet, iwwert dee mer haut ofstëmmen, soll sech dat dann elo zeguttst änneren. D'Schouloffer gëtt ausgebaut an d'Attraktivitéit vum Mamer Lycée gëtt méi grouss.

Här President, fir d'CSV berechtegt och déi generell steigend Schülerzuel am Secondaire classique d'Schafe vun dem ieweschten Zyklus an dem Mamer Lycée. Dem Exposé des motifs vun dem Gesetzesprojet no waren am Schouljoer 2007-2008 landeswäit iwwer 12.200 Schüler an dem Secondaire classique ageschriwwen. Dat sinn 2.300 Schüler oder - méi däitlech - d'Schoulpopulatioun vun annerhallwem Lycée méi wéi nach fënnef Joer virdrun.

Et gëtt geschat, dass a fënnef Joer ronn 300 Schüler méi pro Klassejoer wäerte landeswäit dobäikommen. Zum bessere Vergläich sief gesot, dass am Schouljoer 2007-2008 222 Schüler op sämtleche Septièmen am Stater Kolléisch ageschriwwe waren. Am Fall vun dem Mamer Lycée kënnt speziell derbäi, dass d'Bevölkerung an de Westgemenge vun dem Land iwwert déi lescht Joren iwwerduerchschnëttlech gewuess ass. Dat aktuellt Gebai vum Lycée huet 54 Klassesäll a 16 Atelieren. Et wäert deemno mëttelfristeg sécherlech net all Sektioune vun dem Secondaire classique kënnen ophuelen.

D'Ministesch huet an deem Kontext an der Éducatiounskommissioun ënnerstrach, dass en Ausbau vun dem Lycée zurzäit keng Prioritéit ass. Plaz wier mat engem Areal vun iwwer 5,66 ha sécher do. D'CSV kann d'Ausso vun der Ministesch awer novollzéien. Schliesslech gëtt et aner Regiounen am Land, déi iwwerhaapt nach kee Lycée hunn. An deem Kontext ass et fir d'CSV wichteg, dass Accorden tëschent dem Mamer Lycée an anere Lycéeën an der Ëmgéigend getraff ginn. D'Schüler, déi op eng Sektioun ginn, déi net zu Mamer ugebuede gëtt, musse virun deem wëssen, wou si prioritär hir Studië kënnen an dem Uewergrad da viruféieren.

Här President, fir d'CSV mécht d'Aféierung vun dem Uewergrad an dem Josy-Barthel-Lycée och Sënn aus landesplanerescher Siicht. De Vicus Tossebierg war bei de Réimer net nëmme wéinst senger schéiner Lag beléift, e louch direkt un enger Haaptverkéiersachs. Dëst ass haut net anescht. Den Tossebierg wäert an Zukunft e richtege Schoulcampus am Weste vum Land ginn. Symbolesch passt et deemno och gutt, dass dëse Gesetzesprojet gestëmmt gëtt ronn 14 Deeg virun dem Spuetstéch vun der zweeter Europaschoul op dem Tossebierg.

D'Mobilitéit gëtt och duerfir haut do grousssgeschriwwen. De Site ass duerch den öffentlechen Transport souwuel iwwer Bus a Bunn liicht ze erreechen. Den nationale Vëloswee PC13 féiert och dolaanscht. Den zousätzlechen Zuch, deen 2002-2003 op 200 Meter Loftlinn vun dem Schoulcampus aménagéiert gouf, kritt hei eng nach méi grouss Bedeitung. Effortë bleiwen awer ze maachen un enger Buslinn, déi onënnerbrach vu Stengefort bis an d'Stad iwwert d'N6, also d'Areler Strooss, muss féieren.

Här President, d'CSV ënnerstëtzt d'Regionalisatioun vun der Lycéeslandschaft ausdrécklech. De Schoulwee an de Lycée ass méi kuerz. Et gëtt och eng regional Identitéit, e bessert Versteesdemech an der Schülergemeinschaft geschaf. Et ass an deem Sënn och zugläich Erausfuerderung a Flicht vum Stat an de Gemengen aus der Géigend vun de regionale Lycéeën zesummenzeschaffen. Dës Synergie notzt dem Image vun de jeeweilege Lycéeën.

Et ass virun allem e Plus fir d'Bierger. Öffentlech Infrastrukturen, déi vum Stat oder de Gemengen, geféieren der Allgemengheet. Sportsinfrastrukture vun engem regionale Lycée mussen ausserhalb vun dem Schoulbetrib och vun den Awunner aus der Ëmgéigend kënne genotzt ginn. Grad elo sinn Investissementer vun 100 Milliounen Euro a méi soss ze deier.

Am Fall vu Mamer klappt dës Zesummenaarbecht zwëschent Lycée a Gemeng gutt. Dës Kooperatioun gouf vun Ufank u mat ageplangt an an enger Konventioun och esou festgehal. D'Piscine an d'Sportshal si fir d'Bierger a fir d'Veräiner ausserhalb vun der Schoulzäit op, am Géigenzuch benotzen d'Schüler aus dem Lycée d'Sportsinfrastrukture vun der Mamer Gemeng.

Här President, d'CSV begréisst, dass de Gesetzesprojet virgesäit, dass de Mamer Lycée elo offiziell net méi Lycée Technique Josy Barthel, mä ganz einfach Lycée Josy Barthel Mamer heescht. Eigentlech ass dat nëmme méi gesetzlech Kosmetik, well op de Stroosseschëlder de Bäisaz „Technique" schonns laang net méi dropsteet.

Une voix.- Aha!

M. Gilles Roth *(CSV).-* Déi zwee Mamer Sportsgréissten Nic Frantz a Josy Barthel fanne sech deemno würdeg op dem neie Schoulcampus Tossebierg geéiert, well d'Sportshal vun dem Mamer Lycée den Numm Nic Frantz dréit. D'Zoufahrtsstrooss zu dem neie Schoulcampus ass iwwregens d'Rue Gaston Thorn.

Här President, ech wëll an dësem héijen Haus net elo an de Lokalpatriotismus verfalen.

(Brouhaha général)

Ech sinn awer houfreg drop, dass eng laangjähreg Fuerderung vu ville Leit aus dem Weste vum Land an och vu mir selwer, net zulescht als Mamer Buergermeeschter, haut Realitéit gëtt.

Ech ginn an deem Sënn och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Roth. Den nächste Riedner ass den Här Eugène Berger. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP).-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wann e Schüler mat sengen Elteren no der Grondschoul e Choix mécht, fir an e Lycée hei zu Lëtzebuerg ze goen, da mécht en dat geméinlech no verschiddene Kritären. Dat hänkt dann domadder zesummen, wou déi Schoul läit. Wa méiglech kuckt ee jo dann, eng Plaz ze fannen, déi an der Proximitéit läit, no bei der Uertschaft, wou ee wunnt, respektiv wou een e gudden Transport huet, en öffentlechen Transport, fir dohinner ze kommen. Dat hänkt eventuell och dovunner of - dee Choix - vum pedagogesche Konzept vun där Schoul. Eventuell wëllt de Schüler méi nei Approchen an der Schoul hunn, oder et si spezifesch Schoulprojeten, déi hien interesséieren.

De Choix hänkt och eventuell dovunner of, wéi den Horaire vun där Schoul ass, ob eventuell zousätzlech Offeren an där Schoul sinn, wéi zum Beispill d'Ganzdagsschoul. Ganz sécher hänkt dee Choix awer och domadder zesumme mat dem Fait, datt ee kann dann awer, wann ee bis an de Lycée geet, do seng ganz Lycéesschoulcarrière kann an engem an deemselwechte Gebai maachen. An dat ass an der Vergaangenheet u sech, wann een esou e Choix als Schüler gemaach huet, net esou problematesch gewiescht, wann een an de Lycée technique gaang ass. Dat war awer op där enger oder anerer Plaz méi problematesch, wann ee wollt de Lycée classique maachen, well net iwwerall an alle Schoulen de ganzen Zyklus ugebuede ginn ass.

Dat sinn déi Iwwerleeungen, déi een aus der Siicht vum Schüler, vun den Eltere ka verstoen, novollzéien, well ee jo eben net wëllt no dräi oder véier Joer dann d'Schoul wiesselen, wou ee sech da vläicht an enger Schoul wuelfillt, wou ee muss en neien Horaire sichen, fir mam Bus ze fueren, an esou weider.

An och aus der Siicht vun der Organisatioun an der Koordinatioun vun de Schoulen insgesamt an eisem Land ass dat och net ëmmer ideal. Well et ass jo esou, wann dann déi Schüler an engem Lycée sinn, wou net déi ganz Zyklen ugebuede gi vum Secondaire classique, datt se jo dann zu iergendengem Moment an eng aner Schoul musse goen, respektiv sinn dann aner Schoulen, déi da fir de Cycle supérieur nei Schüler kréien, wou se awer vläicht och schonn dann e bëssen an der Quëtsch sinn, oder wou se net ganz vill Plaz hunn, well mer hu jo eng Situatioun hei zu Lëtzebuerg, datt mer an all de Gebaier ganz vill Schüler hunn an datt am Fong geholl nach mussen nei Gebaier praktesch gebaut ginn. Et ass also fir kee Lycée besonnesch interessant, fir dann déi Schüler vu baussen eraus nach dobäi opzehuelen.

Bon, ech hu versicht dës Iwwerleeungen ze féieren, ouni elo spezifesch e Gebai ze erwähnen. Ech hunn den Numm nach net genannt vum Lycée, fir nëmme festzestellen, datt et eng Rei valabel Argumenter gëtt, souwuel aus der Siicht vum Schüler a vun den Elteren wéi awer och aus der Siicht vun der Éducation nationale, fir eben ze kucken a méi generell op de Wee ze goen, fir an all Secondairesschoulen hei am Land d'Méiglechkeet unzebidden, jee no Besoin fir eben da Cycles supérieurs ze organiséieren.

Duerfir hat och d'Éducatiounskommissioun bei enger vun deene leschten Diskussiounen an der Chamber iwwert den neie Lycée vu Jonglënster op eng Initiativ - ech verheemlechen net, datt et eng Initiativ vun de Membere vun der demokratescher Fraktioun an der Kommissioun war -, eng deementspriechend Motioun presentéiert, déi och eestëmmeg am Plenum ugeholl gi war.

Ech kommen da méi spezifesch op de Projet vun haut, wou et jo ëm de Lycée Technique Josy Barthel vu Mamer geet a wou déi Argumentatioun, déi ech also elo grad gefouert hunn, sécherlech och ganz gutt drop passt.

Dobäi muss ee sech awer froe respektiv muss een och soen, datt mer eis déi Aarbecht haut hei hätte kënne spueren. Well, wéi 2001 déi viregt Unterrechtsministerin,

d'Madame Brasseur, de Projet vun der Kreatioun vum Lycée Technique Josy Barthel déposéiert hat, stoung schonn déi Méiglechkeet vun där Ausweidung op e komplette Secondaireszyklus dran, an zwar hätt dat sollen iwwert de reglementaresche Wee erméiglecht ginn. Esou stoung dat an der éischter Versioun vun dem Text vun 2001. De Conseil d'État war domadder net d'accord an huet wéi esou oft dann den Artikel 23 vun der Verfassung invoquéiert, dee seet, datt esou spezifesch Verännerunge missten Objet vun engem spezielle Gesetz ginn.

An dat bréngt mech dann zu menger genereller Remarque, Här President, wat d'Approche an d'Vuë vun der DP an dësem Beräich sinn, an dëst konkret Beispill vum Lycée vu Mamer ënnersträicht d'Pertinenz vun eiser Positioun.

Mir sinn der Meenung, datt ee méi eng grouss Souplesse muss kënnen an d'Organisatioun an d'Strukture vun der Schoul en général erabréngen, an datt een net praktesch - ech géif soen - fir all Detail, ob dat elo pedagogesch Innovatioune sinn, ob dat soss strukturell oder organisationell Changementer an der Schoul sinn, an engem Gebai, datt een dann all Kéiers muss op de spezifesche Wee vun engem Gesetz goen, nei Gesetzer schreiwen.

Dat ass an eisen Aen och net am Sënn vun der Autonomie vun der Schoul an dat ass och net förderlech fir d'Dynamik, déi mer an der Schoullandschaft wëllen an déi mer och an eiser Schoullandschaft brauchen.

Duerfir si mir Demandeur, datt den Artikel 23 vun der Verfassung an deem Sënn ofgeännert gëtt. D'Aarbechten an der zoustänneger Kommissioun sinn nach net ganz ofgeschloss, an duerfir d'Demande vu menger Fraktioun, fir datt mir dat also nach kënne maachen,…

(Interruption)

…ier déi Aarbechten ofgeschloss ginn.

Mme Colette Flesch *(DP).*- Si ginn op dee Wee.

M. Eugène Berger *(DP).*- Ah, maja, d'Madame Flesch seet mir, si ginn op dee Wee, dat kann een also dann nëmme begréissen.

Dat gesot, kommen ech awer dann zréck op de Lycée, deen de Moment nach Lycée Technique Josy Barthel vu Mamer heescht, fir festzestellen, datt dëse Lycée no kuerzer Zäit sech ganz positiv entwéckelt huet an och eng Identitéit fonnt huet, déi attraktiv ass fir déi Jonk, an déi och ganz flott Resultater opzeweisen huet, a wou een och weess - an dat ass immens wichteg -, datt och eng ganz gutt Atmosphär do ass, well eng Qualitéit vun enger Schoul moosst ee jo net nëmmen un de Resultater vun de Schüler, mä och un der gesamter Atmosphär, déi an esou engem Gebai herrscht, dem Zesummeliewen zwëschent Schüler an Enseignanten, an och déi ass laut deem, wat een héiert, ganz gutt. Déi Schoul ass also bis elo wierklech als Erfolleg ze bezeechnen. Duerfir ass et jo och nëmme konsequent, datt dann och eng Rei Schüler, wa si d'Méiglechkeet nëmmen hunn, da wëllen do weider an deem Gebai bleiwen, fir kënnen hir Sekundarstudien ofzeschléissen.

Ech mengen, dat ass also elo déi Etapp, déi mir dann elo uginn, andeems mer dat Gesetz haut de Mëtteg hei stëmmen an de Cycle supérieur am Classique do erméiglechen.

Et ass duerfir och logesch a richteg, datt mer den Numm vum Gebai, vun der Schoul ëmänneren, datt en also elo Lycée Josy Barthel heescht zu Mamer.

Mir kënnen…

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

…also mat deene Saachen d'accord sinn.

Ech wéilt awer och net verpassen - ech hat dat am Ufank vergiess -, dem Rapporteur, dem honorabelen Här Negri, dee jo e ganz eminente Bierger aus där Gemeng ass grad wéi den Här Roth, fir deem Merci ze soe fir säin ausféierleche Rapport.

Ech géif also och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet hei abréngen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Berger. Den nächste Riedner ass den Här Adam. Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Madame Minister, léif Kolleegen a Kolleeginnen, nodeems ech dem honorabele Rapporteur, dem Här Negri, nogelauschtert hat, war ech mer net méi esou sécher, ob ech mech op déi richteg Diskussioun agestallt hätt. Ech hu Vicus Tossebierg, Europaschoul, Mobilitéit, Piscine, Mamer Bierger an esou weider héieren. Ech sinn och ganz vill iwwert de Mamer Eck gewuer ginn. Ech hunn d'Nopeschgemenge vu Mamer kenne geléiert.

Ech hat gefaart, mir géifen en zweeten neie Lycée zu Mamer bauen an ech hätt et net matkritt. Nodeems den Här Roth seng Interventioun hat, wosst ech och nach Bescheed iwwert d'Bus-, Zuch- a Vëlosweeër.

Duerfir e klenge Rappel: Mir baue keen neie Lycée, keng Zill gëtt geréckelt, mä mir erlaben ebe just, datt och Klasse vum Secondaire dohinner kommen. Och déi Gréng begréissen, datt de Lycée Technique Josy Barthel elo e Lycée Josy Barthel gëtt, dat heescht, datt dat aktuellt Angebot erweidert gëtt ëm de Cycle supérieur vum Enseignement secondaire.

Et sollen also vun der nächster Rentrée un zwou Klasse vun Troisième an de Sektiounen C, D a G ugebuede ginn. Am Rapport steet, dat wären déi richteg Sektiounen, well eng informell Enquête bei de Schüler dat esou erginn hätt. Mir ginn dervun aus, datt de Lycée sech och nach méi laangfristeg Iwwerleeunge gemaach huet, an duerfir zweifele mer net un deem Choix.

Dës Erweiderung vum Angebot ass méiglech ginn, well duerch den neie Réidener Lycée an den Neibau vum Lycée Technique Mathias Adam e bësse méi kleng Effektiver op de Septièmë festgestallt goufen.

Prinzipiell si mir jo der Meenung, datt all Lycée muss an deenen ënneschte Klassen all Regime vum Enseignement secondaire a secondaire technique inklusiv dem Régime préparatoire ubidden, en attendant d'Aféierung vun engem Tronc commun fir dës Schüler.

Prinzipiell fanne mir et och richteg, datt all Lycée et méiglech maache soll, verschidden Ofschlëss unzebidden, souwuel am Secondaire wéi am Secondaire technique. Verschidden Ofschlëss, selbstverständlech net all, well soss misste mer Schoule baue vun enger iwwerdriwwener Dimensioun, an esou Schoule wëlle mer net.

Ech erënneren och nach eng Kéier un déi vun alle Parteien ënnerstëtzte Motioun vum honorabelen Här Scheuer vum 10. Juli 2008, wou mer d'Regierung invitéiert haten, all neie Lycée an all bestehenden technesche Lycée, wann nëmme méiglech, och mat enger Division supérieure vum Enseignement secondaire opzerüsten.

An ech profitéieren dann och vun der Geleeënheet a falen an de Lokalpatriotismus, fir un d'Motioun vum 19. Juni 2007 ze erënneren, wou mer och eestëmmeg hei an der Chamber d'Regierung invitéiert haten, aus der Annex Miersch vum Lycée vun Dikrech en eegestännege Mierscher Lycée mat engem komplette Studienangebot ze maachen.

An der Hoffnung, dass dës Motioun schonns fréi an der nächster Legislaturperiod an d'Realitéit ëmgesat gëtt, bréngen ech den Accord vun der grénger Partei zu dësem Gesetz.

(Interruption)

M. le Président.- Merci, Här Adam. Den nächste Riedner ass dann den Här Mehlen aus dem Osten.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Jo, richteg, Här President. Merci fir d'Wuert. Ech sinn aus där Gefor eraus, fir a Lokalpatriotismus ze verfalen.

Mir begréissen dat Gesetz hei, mir wäerten et och stëmmen. Et besteet eng Nofro, an et soll een där Nofro och nokommen. Ech wëll hei dem Rapporteur Merci soen. Hien huet eis erkläert, ëm wat et geet, duerfir brauch ech net méi dorop anzegoen.

Ech wëll awer hei e puer grondsätzlech Saache soen, déi méi oder wéineger an déiselwecht Richtung gi wéi dat, wat den Här Adam elo gesot huet.

Mir ginn allerdéngs an eisen Iwwerleeungen e bësse méi wäit, an deem Sënn, datt mer och am Secondaire eis kéinte virstellen, datt d'Établissementer wesentlech méi Autonomie misste kréien. Mir fannen et och net normal, datt een esou en Exercice wéi deen heite muss per Gesetz regelen, datt eis Verfassung esou restriktiv ass, datt mer effektiv mussen iwwert de legislative Wee goen.

Dat ass net normal, dat passt och net an eis Zäit, wou ee muss flexibel sinn, wou een am Fong geholl all Dag mat neie Problemer konfrontéiert ass a vill méi séier a vill méi flexibel op déi nei Erausfuerderunge muss kënne reagéieren.

Mir stellen eis och en Enseignement secondaire vir, wou keen Ënnerscheed, keen äusserlech sichtbaren Ënnerscheed méi ass tëscht Classique an Technique.

Mir hunn de Moien diskutéiert am Kader vun der Analys vun dem „Girls' Day - Boys' Day", der Orientéierung vun de Kanner an engem bestëmmten Alter a gewësse Beruffer, a mir hunn do missen erëm eng Kéier zu Kenntnis huelen, datt grad déi technesch Beruffer als mannerwäerteg dobausse considéréiert ginn. Da soll een net higoen an och nach iergendwéi doduerch, datt een eng nette Distinctioun mécht, dat dobaussen och nach iergendwéi esou affichéieren. Ech weess, datt keen heibannen ass, deen dat géif ënnerstëtzen, mä leider ass et an der Perceptioun vun de Leit dobaussen nach ëmmer esou, a mer mussen alles maachen, fir deem entgéintzewierken.

An duerfir géif ech och mengen, et wär gutt, wann ee generell géif op dee Wee goen - ech mengen, meng Virriedner hunn dat jo och scho gesot -, datt een an Zukunft keng Lycées techniques a classiques méi hätt, mä datt een tout court Lycéeën hätt, an datt een dat, wat een do enseignéiert, dann halt un deem ausriicht, wat déi reell Demande ass, souwäit wéi een deem natierlech kann nokommen. Et kann ee jo net, wann zwee, dräi Schüler an enger gewësser Spezialisatioun gären en Enseignement hätten, jo dann dofir eng extra Klass opmaachen. Mä mir fannen, datt et noutwendeg ass, datt een dat ofschaaft.

Ech mengen, déi lescht Kéier hat den Här Oberweis och hei opgeworf, datt ee soll d'Dénominatioun vun de Klassen, dat heescht, datt mer am Classique vun der Septième op Première fueren an am Technique ëmgekéiert, datt een dat och soll eenheetlech gestalten, well et awer iergendwéi nobaussen eng Distinctioun affichéiert an och deelweis eng Dénigratioun vun deenen, déi am Technique sinn.

Mir stellen eis och vir, datt ee während zwee Joer, well d'Kanner aus ganz ënnerschiddleche Schoule kommen, e Genre Tronc commun géif maachen, datt een e vill méi modularen Unterrecht erabréngt, wou ee vill méi op déi eenzel Besoinë vun de Schüler kann agoen, op ënnerschiddlechen Niveaue kann eenzel Fächer enseignéieren. Dat heescht, déi Staark maximal fuerderen a förderen, ouni brauchen op déi méi Schwaach ze waarden an ouni déi Schwaach dobäi ze iwwerfuerderen, an ëmgekéiert deene Schwaachen en Enseignement kënnen ubidden no hirem Besoin, ouni datt déi Staark sech langweilen an iergendwou dann op der Streck hänke bleiwen, well si iergendwou awer eng Kéier d'Flemm kréien.

Här President, mir fannen - an dat géif dat och erliichteren -, datt mer an der beruffleicher Orientéierung enorm Effortë musse maachen an datt, wann een déi zwou Richtunge géif zesummebréngen, och méi Facilitéite géife bestoen, eng besser Orientéierung ze maachen an op där anerer Säit méi Passerellen ze bauen, an deem Fall wou deen een oder anere Schüler eng aner Direktioun wëllt aschloe respektiv sech a gewëssene Fächer méi staark géif entwéckelen an him domadder aner Méiglechkeete géifen opgoen.

Dëst Gesetz ass natierlech nach wäit vun där Zilsetzung ewech. Mir wësse vun der Intentioun vun der Regierung, fir och de Secondaire, wann et da soll déiselwecht Regierung sinn no de Wahlen, wat vill heibannen net hoffen, datt,…

(Interruptions)

…wann déiselwecht Leit da sollten um Pouvoir bleiwen, datt si och do wëllen eng Reform maachen. Ech hoffen, wann dat da soll sinn, datt déi Reform besser gléckt wéi déi vum Primaire.

Dëst Gesetz mécht e klenge Schrack an déi Richtung, an duerfir wäerte mir et stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Nom Här Mehlen ass d'Lëscht ofgeschloss. Elo kritt d'Regierung d'Wuert. Madame Unterrechtsministerin Mady Delvaux.

(Brouhaha général)

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt dem Rapporteur a menge Virriedner Merci soen. Et ass e klengt Gesetz, zwee Artikelen, mä ech hu rar esou eng Begeeschterung an esou eng Freed hei an der Chamber erlieft wéi haut de Mëtteg, an duerfir freeën ech mech och iwwert de Konsens vun all den Deputéierten.

Ech mengen, de Mamer Lycée kritt den Numm geännert an e kritt e Cycle supérieur. Ech ginn all deene Riedner Recht, déi soen, am Fong wär et net néideg gewiescht, dofir e Gesetz ze maachen, wa mer awer eng aner Verfassung hätten an aner Gesetzer hätten, well an der Zukunft... Mir hu jo, wat den Numm ugeet, ee Gesetz gestëmmt, dass an Zukunft all d'Lycéeën einfach Lycée heeschen, an net méi en Ënnerscheed maachen zwësche Lycée a Lycée technique, mä vu dass beim Mamer Lycée awer nach am Gesetz den Numm steet „Lycée Technique Josy Barthel" musse mer en och iwwer Gesetz änneren. Dat ass awer och eng freedeg Geleeënheet, fir hei eng Kéier iwwert de Mamer Lycée ze schwätzen, an duerfir denken ech, et huet och seng gutt Säiten.

Mir hunn, ech mengen, déi Iwwerleeung ofgesi vun de Wënsch do vun de Buergermeeschteren, ech wosst net, dass et der... Mamer, Bartreng, Habscht, an - ech weess net - déi ganz Lëscht, déi do scho laang gären e Cycle supérieur hätten, wëll ech soen, dass d'Iwwerleeungen awer och sinn, dass mer musse méi Lycéeën, déi de Cycle inférieur classique hunn, d'Méiglechkeet ginn, fir e Cycle supérieur ze maachen. Mir hätte jo gär, dass méi jonk Leit sollen op Première kommen, mir mussen d'Zuel vun eise Primaner erhéijen.

Mir hunn eng relativ breet Offer am Cycle inférieur, an da gëtt et natierlech enk, wann déi sech alleguer verdeele mussen op déi puer Lycéeën, déi e Cycle supérieur offréieren. Duerfir sinn ech der Meenung, dass mir an déi Richtung musse weiderfueren, fir Cycles supérieurs an anere Lycéeën duerch d'Land ze offréieren. Ech leeë mech haut net fest op Nimm.

De Mamer Lycée eegent sech gutt derfir, well zu Mamer hu mer Plaz. Ech mengen, et ass e Gebai, wat grouss ass, an den Direkter vu Mamer seet mir, dass Plaz ass. Et ass also net, dass mer mussen ausbauen, fir dee Cycle supérieur zu Mamer ze offréieren. D'Infrastrukture si flott, an ech freeë mech fir d'Schoul, well fir mech ass de Mamer Lycée eng dynamesch Schoul, et ass eng Équipe, déi sech immens engagéiert. Mamer ass ee vun deene Lycéeën, déi PROCIs-Klassen hunn, vun Ufank un, a mir hu jo bei PIRLS erausfonnt, dass d'PROCIs-Klassen eigentlech gutt ofschneiden an eng Avance hunn op aner Schoulen.

An da gëtt et eppes, wou ech mech säit zwee Joer immens freeën - ech maachen dann nach e bësse Reklamm fir eppes, wat och näischt direkt mam Mamer Lycée ze dinn huet -, mir maache säit zwee Joer e Concours an de Sciences naturelles, well et gëtt um européischen Niveau e Concours, deen heescht EUSO, an dat ass den européische Concours an de Sciencen. Do mécht Lëtzebuerg säit enger Rei Jore mat, a säit zwee Joer maache mer Éliminatoiren hei zu Lëtzebuerg, fir dann ze décidéiere wien däerf op den EUSO-Concours goen.

Deen hu mer also, wéi gesot, fir d'zweet dëst Joer gemaach - dat ass fir Schüler vu 15, si däerfen net méi al wéi 16 Joer sinn -, an zweemol hannereneen hunn d'Schüler aus dem Mamer Lycée dee Concours gewonnen, esou dass ech soen, et ass eng Schoul wou geschafft gëtt, déi sech drugëtt - där ginn et natierlech nach vill anerer am Land -, si hu Plaz, also freeën ech mech fir si an ech wënschen hinne bonne chance bei der nächster Rentrée.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Minister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5909. Dir fannt den Text am Document parlementaire 5909[3].

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5909 ass mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par

Mme Nancy Arendt), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Marcel Oberweis), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. John Castegnaro);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Fernand Etgen) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Da komme mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour, dat ass d'Question avec débat vum Här Félix Braz iwwert d'Aféieren am ganze Land vun der Jobkaart. Den Här Braz huet d'Wuert.

3. Question avec débat N°41 de M. Félix Braz au sujet de la mise en œuvre au niveau national d'un système similaire à la «Jobkaart» de la Ville de Luxembourg

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Merci, Här President. D'Stad Lëtzebuerg huet zënter ronn annerhallwem Joer op hirem Territoire eng Initiativ geholl am Beräich vum öffentlechen Transport, nämlech fir iwwert de Wee oder den Ëmwee vun enger sougenannter Jobkaart speziell Kontrakter mat eenzelne Betriber auszeschaffen, an domadder deene Betriber e spezifescht an op hir Besoinen ugepasstent an och verbëllegt Angebot unzebidden, fir dass d'Mataarbechter vun deene Betriber um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg de Bus kënne benotzen, natierlech mam Hannergedanken, dass déi Betriber de Bus, an d'Mataarbechter vun de Betriber de Bus verstäerkt solle benotzen.

Dat ass am Moment, wéi gesot, eng Initiativ, déi vun der Stad Lëtzebuerg ausgaangen ass an déi nëmmen hei um Territoire selwer zum Droe kënnt. Ech hat de Minister Enn d'lescht Joer an enger Question parlementaire drop ugeschwat, ob et net ugeduecht wier, fir déi Jobkaart och op déi national Plattform vum RGTR ze iwwerdroen, an dann doduerjer dat Angebot do am ganze Land kënnen unzebidden, net nëmme fir Betriber aus der Stad Lëtzebuerg, mä fir Betriber aus dem ganze Land, an och fir Fahrten iwwert dat ganzt Land.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

De Minister hat mir doropshi geäntwert, e géif ufanks 2009 wëllen op deen dote Wee goen. Ech hunn dunn am Februar de Minister dorun erënnert, an ech ginn elo dervun aus, dass de Minister eis haut wäert kënnen ukënnegen, dass dat, wat hie mir um Enn vum Joer an Aussiicht gestallt huet, och elo tatsächlech ka Realitéit ginn. Ech wier allerdéngs och frou, wann dee Wee an d'Aart a Weis, op déi d'Regierung geet, fir déi Jobkaart op den nationalen Territoire auszeweiden, dann och eng ass, déi déi Instrumenter, déi mer haut hunn, an déi mer eis ginn hunn, Stéchwuert „e-go", kéint valoriséieren.

An zweetens dann och en Instrument ze schafen, wat och wierklech eng Perspektiv op Erfolleg huet. Ech wëll just rappeléieren, dass an der Stad Lëtzebuerg, bannent relativ kuerzer Zäit, eng ganz Rei, notamment européesch Institutiounen - d'Verhandlunge lafen elo mat der BEI, d'européesch Kommissioun, d'européescht Parlament, d'Cours de justice, och eng Firma wéi Price Waterhouse, d'Zithaklinik -, dat Angebot do schonn notzen.

Dat sinn tëschent 7000 an 9000 Leit, dat ass wierklech e ganz héije Chiffer, an et wier flott, wann ee wierklech kéint, wann een déi Ausweidung do mécht, op e Wee goen, dee wéi gesot den technesche Support vum „e-go" a seng prinzipiell Potenzialitéiten tatsächlech kéint zur Geltung brëngen, fir wierklech affinéiert Angeboter kënnen ze maachen, a keen Angebot, wat nëmme mat der Strenz géif all Betriber dann awer d'selwecht behandelen. Mä ech si gespaant op dem Minister seng Äntwert, fir dann ze kucken op wéi ee Wee mer dann definitiv ginn.

M. le Président.- Merci, Här Braz. Den Här Minister Lux huet d'Wuert.

M. Lucien Lux, *Ministre des Transports.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den honorabele Kolleeg Félix Braz ass „just in time" fir eng Presentatioun vun där Jobkaart, déi um nationale Plang „M-Pass" soll genannt ginn an déi en Donneschdeg vum Verkéiersverbond virgestallt gëtt, also d'nächst Woch en Donneschdeg, an déi dann den 1. Mee soll a Kraaft trieden.

Ech wëll och direkt soen, dass d'Verspéidung fir d'Ëmsetzung vun där Iddi, déi ausgeet vun der Jobkaart aus der Stad Lëtzebuerg, virun allem domat zesummenhänkt, dass mer probéiert hunn och de Beräich vun de Frontalieren an deen „M-Pass" do mat eranzekréien. Dat ass eis awer fir den éischte Worf net gelongen, esou dass also deen „M-Pass" a senger éischter Form, à partir vum 1. Mee, zwar d'Méiglechkeet och fir d'Frontaliere gëtt hei am Land dovunner ze profitéieren, mä si awer fir den Zousaz vun der Grenz bis bei hir Heemecht nach mussen en zousätzlechen Ticket derbäi hunn.

Mä mir ginn d'Hoffnung net op, dass mer an der Diskussioun, déi mer féieren, am Rahme vun engem Interreg-Projet, an engem iwwerregionale Verkéiersverbond och all déi Problemer, déi sech iwwerhaapt am Tarifberäich stellen, eng Kéier an de Gréff kréien. Ech weess, dat ass schonn eng laang Story, un där mer amgaang sinn ze schaffen. Dës Kéier ass et virun allem gescheitert mat der SNCF, wou et net méiglech war, jiddefalls net an deenen Zäiten, déi mer eis gesat hunn, fir dat kënnen ze maachen.

Dat, wat mer elo proposéieren, en Donneschdeg, muss natierlech och nach am Tarifreglement vum öffentlechen Transport ageschriwwe ginn. Vläicht ass dat och eng Geleeënheet, och déi Modalitéite vun der Jobkaart hei um Niveau vum Territoire vun der Stad Lëtzebuerg do mat eranzehuelen. Dat wäert also och direkt hannendru geschéien. Jiddefalls hunn déi eenzel Opérateuren alleguer, am Rahme vum Verkéiersverbond, hiren Accord prinzipiell Enn des Joers scho ginn, fir an déi Richtung ze goe wéi mer et elo proposéieren.

Ech wëll elo net am leschten Detail de Konzept, wéi e vum Verkéiersverbond proposéiert ginn ass a wéi ech en och ugeholl hunn, hei erläuteren, mä ech mengen, dass et eis virun allem drëm geet all deene Betriber - wou mer natierlech wäerten eng hefteg Werbung maachen, fir dass se a Kontakt triede mat dem Verkéiersverbond fir esou Ofkommen ofzeschléissen -, awer net nëmmen dat hei unzebidden, mä hinnen och ubidden, dass mer bei jiddwerengem och eng Analys vun der Situatioun maachen, Betrib fir Betrib.

Ech mengen, dat ass zum Deel och hei an der Stad Lëtzebuerg geschitt. Ech wëll dat grousst Wuert vu Mobilitéitsmanagement net ze vill gebrauchen, mä ech mengen, et geet e bëssen drëm awer ze kucken, wou kommen är Leit hier, wéi schaffe se, gëtt et do Saachen, déi ee kann änneren, fir zu enger besserer Mobilitéit an zu enger besserer Benotzung vum öffentlechen Transport ze kommen?

Mir wëllen an dem Angebot dervun ausgoen, dass mer zwee Kritäre wëllen uwenden, fir den „M-Pass" dann un déi eenzel Leit weiderzeginn. Déi zwee Kritäre sinn, dass e Minimum vun 10% vun der Belegschaft soll matmaache bei dem Projet, oder awer, bei deene klengen Entreprisen, dass ee wéinstens zéng Persounen huet, déi matmaachen. Dat sinn also zwee Kritären, déi wichteg sinn, a mir wëllen och bei dem Tarif, deen elo erauskënnt, deen dann dégressiv ass, och natierlech de Betriber roden, fir sech finanziell och ze bedeelegen.

Hei um Niveau vun der Stad Lëtzebuerg ass dat e bësse méi einfach, do iwwerhëlt de Betrib einfach de Käschtepunkt, an et ass opgrond vu Comptagen hei an der Stad Lëtzebuerg méiglech dann eng Rechnung auszeschreiwen, wann ech dat esou ka soen. Um Niveau vum nationale Plang ass dat e bësse méi schwéier. Mir wëllen dat „e-go"-kompatibel maachen, mä wéi gesot, an enger éischter Phas ass et méi schwéier, fir et schonn op deem Niveau kënnen ëmzerechnen, esou dass dee Präis, deen Tarif, dee mer elo wäerte froen, engersäits ofhängeg ass vun enger absoluter Zuel vu Leit déi matmaachen, oder awer engem Prozentsaz.

Ech wëll nëmmen ee Beispill ginn: Den Ticket, de Joresabonnement am öffentlechen Transport ass am Moment 400 Euro d'Joer, a bei enger Entreprise, wou d'Halschent a méi vun de Leit matmaachen, geet de Präis da vu 400 Euro erof op 256, wat also schonn eng substanziell Verbesserung ass par rapport zu elo. A mir wäerten natierlech, wéi gesot, och d'Recommandatioun ginn, dass d'Betriber hei och nach en Deel mat dobäi iwwerhuelen, d'Halschent iwwerhuelen, en Drëttel iwwerhuelen, fir wierklech zu engem ganz kompetitive Präis pro Joer kënnen ze kommen.

Et ass also dat, wat mer proposéieren. Wéi gesot ass dat am November vum Verkéiersverbond och esou ugeholl ginn. Mer haten duerno déi Diskussiounen iwwert de Beräich vun de Frontalieren. Do bleift et derbäi, si kënnen den „M-Pass" kréien, mä wéi gesot, si mussen dann nach, en attendant, dass mer endlech eng eenheetlech iwwerregional Tarifstruktur hunn, deen Zousaz maachen, mä och fir déi rentéiert et sech fir deen Zousaz dann ze profitéieren an, wéi gesot, d'Date-délai wou de Prinzip soll ugoen ass den 1. Mee.

M. le Président.- Erlaabt Dir, Här Minister, eng Zousazfro vum honorabelen Här Braz?

M. Félix Braz *(DÉI GRÉNG).*- Esou wéi d'Reglement et och virgesäit. Et ass just eng kleng Zousazfro, déi ech un de Minister stellen: Heescht dat, dass de Wee op deen Dir gitt, an enger éischter Phas nach net iwwert déi rechargeabel „e-go"-Tickete fonctionnéiert, mä am Fong méi eng Remise duerstellt op enger bestëmmter Quantitéit vun Ticketen?

Ouni elo all d'Detailer ze kennen, géif ech dat awer spontan éischter schued fannen, well ech menge mir hunn den „e-go" mat ganz vill Opwand… an ech wëll déi Debatt elo net nach eng Kéier relancéieren, mä dee muss awer elo, och bei esou Saachen, weise wat e kann.

Wa mer elo awer erëm eng Kéier just an de Beräich vun enger linearer quantitativer Remise ginn, bei enger bestëmmter Unzuel Ticketen, dann, mengen ech, hätte mer do awer net all Potenzial genotzt, wat mer hätten. Mir kéinte jo awer mam „e-go" wesentlech méi feinrasteresch Angeboter ubidden. Et ka jo net sinn, dass den „e-go" dat net kann.

M. Lucien Lux, *Ministre des Transports.*- Ech mengen, dass eng vun de Schwächten ouni „e-go", par rapport zum System vun der Stad Lëtzebuerg, eben déi ass, dass an der Stad Lëtzebuerg dat vill méi einfach opgrond vu Comptagen auszerechnen ass an esou virun, wéi vill Leit matmaachen. Duerfir muss den „e-go" hei genotzt ginn.

Mä well et drëm gaangen ass virun ze maachen, well mer dat, wéi gesot, virgesinn haten Ufank 2009 anzeféieren, hu mer et elo den 1. Mee gemaach, fir emol mat all deene Betriber a Kontakt ze kommen. Mä et ass kloer, dass den „e-go" hei als Potenzialitéit genotzt muss ginn. Wéi schnell dat ka goen, kann ech lech net soen, mä op jiddwer Fall soll et schnell goen, fir et ze notzen, fir dass mer eng genau Berechnung kréien, wéi vill Leit matmaachen.

Ech mengen, wa mer mat all eenzel Entreprise eng Konventioun maachen, wësse mer, wat fir eng Leit wierklech matmaachen, wéi vill Leit matmaachen, wéi vill Leit och en Ticket ausgestallt kréien. Ech mengen, am Géigesaz zu deem, wat an der Stad Lëtzebuerg gelaf ass, wou d'Stad Lëtzebuerg den Ticket un den Utilisateur weidergëtt, gi mir d'Tickete weider un d'Entreprisen, déi am Prinzip Propriétaire dovunner sinn, esou dass, wa Leit aus dem Betrib erausginn, am Prinzip de Betrib deen ass, deen den Ticket huet, während et an der Stad mat engem einfache Badge duergaangen ass, zum Beispill bei den européeschen Institutioune mam Badge vun der EU, fir dee virzeweisen. Mä an alle Fäll muss den „e-go" genotzt ginn, fir dass mer hei dee System do a senge Potenzialitéite ganz kënnen notzen.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann, léif Kolleeginnen a Kolleegen, zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg, dat ass de Projet de loi 5877 betreffend d'Ëmweltschied. Den Här Oberweis, den Här Berger, den Här Gira an den Här Mehlen hu sech ageschriwwen als Riedner, an d'Wuert huet elo nach eng Kéier den honorabelen Här Negri.

4. 5877 - Projet de loi relative à la responsabilité environnementale en ce qui concerne la prévention et la réparation des dommages environnementaux

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Pollueur-payeur, dee Prinzip gëtt definitiv zum Standard an der Ëmweltlégislatioun mat der Ëmsetzung vun der Direktiv 2004/35/CE a Lëtzebuerger Recht duerch de Projet de loi Nummer 5877 vun haut. D'Gesetz iwwert d'Responsabilité environnementale transposéiert a Lëtzebuerger Recht dës européesch Direktiv. An der Ëmwelthaftung kënnt et also ab elo zu enger grondleeënder Verännerung vun der Rechtssituatioun, wou de Prinzip vum Pollueur-payeur zur Regel gëtt.

Et ginn dräi grouss Kategorië vun Ëmweltschiedzonen definéiert. Éischtens, d'Schied- a Schutzzone wéi Habitatzonen, Biodiversitéitsschutzzonen an esou weider. Zweetens, Schied déi d'Grondwaasser affektéieren, an drëttens, Schied déi de Buedem affektéieren a schwéier Inzidenzen op d'Gesondheet vum Mënsch hunn, an awer och Biedem, déi grouss Schied an deenen ënner Punkt eent genannte Schutzzone verursaachen.

Bemierke wëll ech dobäi ausserdem nach, dass nieft de Schutzzone vun engem intercommunautären Intérêt, zousätzlech och déi national a kommunal Naturschutzzonen derbäikommen. De Grondgedanken ass deen, dass net deen ekonomeschen oder gesondheetleche Schued, deen engem aneren entsteet, kompenséiert gi muss, mä am Mëttelpunkt steet d'Preventioun an d'Kompensatioun, fir Schied un der Ëmwelt ze verhënneren.

Dëst ass deen éischte Gesetzestext, deen eng duerchgängeg Linn huet, no där derfir gesuergt gëtt, dass éischtens Ëmweltschied verhënnert ginn, zweetens Responsabilitéiten iwwerholl ginn, wann eppes passéiert ass, an drëttens Mesurë geholl gi fir Schied nees ze reparéieren an d'Käschte wa méiglech vum Responsabele vum Schued och iwwerholl ginn.

Ze bemierken ass awer, dass dëst Gesetz sech net un all Ëmweltschied an och net un all Responsabele vun engem Ëmweltschued riicht.

Zwou Kategorië vu Responsabele si betraff:

Éischtens, et handelt sech an éischter Linn ëm Betriber, déi am Allgemengen ënnert d'IPPC-Direktiv falen. Dat sinn an déi 40 Betriber, déi zu Lëtzebuerg doduerch betraff sinn. Déi hei besonnesch geféierlech Aktivitéite sinn an der Annex 3 vun der Direktiv opgelëscht. Als Fallbeispiller wëll ech déi Industriebetriber nennen, déi Schwéiermetaller oder Chemikalië fräisetzen. Hei ass de Grad vun der Ëmwelthaftung besonnesch grouss. An hire Fäll zielt d'Gesetz, onofhängeg dovun, ob e Betrib e Feeler gemaach huet oder net.

Zweetens, fir all déi aner Betriber, deenen hir Aktivitéiten net an der Annex 3 stinn, ass d'Gesetz nëmmen dann applicabel, wa vu Säit vum Exploitant e Feeler oder eng Négligeance gemaach gouf. D'EU-Direktiv léisst de Memberstaten an deem Punkt Spillraum. Si gëtt hinnen d'Méiglechkeet, d'Entreprisen aus der Annex 3 aus hirer Verantwortung ze entloossen, wa se ieren en Ëmweltschued verursaacht hunn, ouni awer e Feeler gemaach ze hunn, oder wann opgrond vun de wëssenschaftlechen Erkenntnisser zu deem Zäitpunkt de Risiko net ofzegesi war.

D'Auteure vum Projet de loi waren der Meenung, dass deen éischte Fall dem allgemenge Geescht vun der Direktiv géif widderspriechen, an hunn dofir nëmmen eng Exceptioun virgesinn, wann d'Aktivitéit autoriséiert war an de Risiko net am Viraus bekannt war. D'Ëmweltkommissioun begréisst dës Décisioun.

Et sief an dësem Kontext erwähnt, dass d'Beruffschamberen dozou gedeelter Mee-

nung waren. D'Handelskammer an d'Chambre des Métiers hätten et léiwer gesinn, wa Lëtzebuerg integral vun dësen Exceptioune profitéiert hätt. Ausnahme vun deem Regime si virgesi bei Krich, Naturkatastrophen, militäreschen Aktivitéiten a bei der Atomenergie.

Am Endeffekt muss ee sech also bewosst sinn, dass net an all Fäll, wou e Schued duerch eng Pollutioun entsteet, de Verursaacher iwwert dëst Gesetz haftbar gemaach ka ginn. Dat ass zum Beispill de Fall bei diffuse Contaminatioune vum Buedem, zum Beispill am Fall vun engem Masuttstank, deen e Lach huet a wou net direkt e Schued am Sënn vun dësem Gesetz entstanen ass.

Och de Schued, deen duerch dëst Gesetz ofgedeckt ass, ass délimitéiert. Esou ass am Fall vun der Buedemcontaminatioun nëmmen dee Fall ofgedeckt, wann doduerch de Risiko vun engem Schued fir d'mënschlech Gesondheet besteet oder wann d'Ëmwelt an deenen entspriechende Schutzzonen, esou wéi se am Gesetz virgesi sinn, beeinträchtegt gëtt.

Et ass kloer, dass hei d'Haaptziler vun der europäescher Direktiv ëmgesat goufen, fir de Risiko, deen op d'Betriber duerkënnt, kalkuléierbar ze maachen. Déi Extensioun, déi d'Lëtzebuerger Gesetzgebung mécht par rapport zur europäescher Direktiv, an zwar d'Abezéie vun engem Schued op de Buedem mat Konsequenzen op d'Ëmwelt an d'Habitaten an de Schutzzonen, ass eng logesch Konsequenz aus dësem Gesetz, dat jo och d'direkt Schied un den Espècen an de Schutzzone virgesäit.

E wichtege Punkt vun dësem Gesetz ass d'Preventioun vun de Schied déi entstoe kënnen. An éischter Linn sinn d'Exploitantë vun den Aktivitéite verantwortlech déi entspriechend Mesuren ze huelen, wann e Schued duerch dës Aktivitéit imminent ass. Sollte si dëser Verflichtung net nokommen, kënne sech déi entspriechend Verwaltungen hinne substituéieren an déi noutwendeg Instruktioune ginn oder Moossnamen huelen.

Dës Preventiounsmesurë gräifen awer nëmmen, wann e Schued am Sënn vun dësem Gesetz imminent ass. Dat wëllt awer net heeschen, dass net aner Preventivmesurë musse geholl ginn, fir schonn am Virfeld ze verhënneren, dass et iwwerhaapt zu engem imminente Risiko vun engem Schued komme kann.

An dëse Fäll gräifen aner, schonns bestoend Gesetzestexter, wéi zum Beispill d'Kommodosgesetz, an deem senger Ausféierung d'Konditioune fixéiert kënne ginn, déi verhënneren, dass Risike bei der Exploitatioun vun engem Betrib optriede kënnen.

Wann e Schued bis entstanen ass, muss den Exploitant seng Responsabilitéit iwwerhuelen an all déi Informatioune liwweren, déi néideg sinn. Hie muss och déi néideg Mesuren huele fir de Schued ze reparéieren. Do derniewent kann den Ëmweltminister awer och selwer déi Mesuren ergräifen, déi déi entspriechend Situatiounen noutwendeg maachen. D'Käschte si getrei no dem Prinzip vum Pollueur-payeur vum Exploitant ze iwwerhuelen, et sief dann, den Exploitant ass selwer net de Schëllegen oder de Schëllege kann net identifizéiert ginn.

Wichteg an dësem Kontext ass d'Tatsaach, dass et eng reell verursaacherbezunne Verantwortung ass, dass also net d'Allgemengheet fir d'Schied opkomme muss, déi en Exploitant sief et duerch säi Feeler, seng Négligeance oder, wéi bei den IPPC-Betriber, duerch d'Exploitatioun vu sengem Betrib verursaacht huet. Dëst zielt also och am Fall wou de Stat selwer Mesuren no engem Schued ordonnancéiert an dann och bezilt. Entspriechend dem Verursaacherprinzip kann de Stat déi Sue bei dem Verursaacher da récupéréieren.

Wat nei ass, ass, dass verschidde Leit beim Minister ufroe kënnen, dass entspriechend Mesuren ergraff solle ginn. Dës Leit mussen entweder direkt vun engem Schued betraff sinn oder de Risiko hunn, direkt betraff ze ginn. Si mussen en direkten Intérêt hu vis-à-vis vun dësem Décisiounsprozess oder si mussen duerleeën, dass ee vun hire Rechter betraff ass. Dëst Recht, Mesuren ze froen, hunn offiziell all déi agrééiert Ëmweltschutzorganisatiounen.

Mir sinn also an enger Situatioun, wou niewent de staatlechen Instanzen, den Exploitanten, och nach eng drëtt Partei, an zwar déi Betraffen, eng wesentlech Roll matspillen, andeems hinne Rechter ageraumt sinn, déi si bis elo nach net haten, also am Sënn vun der Participatioun am Ëmweltberäich, wéi mer dat hei schonn oft haten no der Aarhus-Konventioun.

Wéi ech scho virdru gesot hunn, wäert dëst Gesetz net all Fäll vu Pollutioun ofdecke kënnen. Hei mussen an Zukunft nach zousätzlech legal Instrumenter geschafe ginn, wéi zum Beispill e Buedemschutzgesetz, fir Fäll vu Buedemcontaminatiounen erfaassen ze kënnen, déi net duerch dëst Gesetz ofgedeckt sinn. Alles an allem ass et awer en éischte wichtege Schrëtt an d'Responsabilisatioun vun de Verursaacher vun Ëmweltschied.

Et bleift ze hoffen, dass niewent de Preventiounsmoossnamen, déi an dësem Gesetz stinn, niewent anere Virschrëften aus anere Gesetzer, déi dozou bäidroe sollen, dass Ëmweltschied net entstinn. Eleng d'Existenz vun dësem Gesetz, dat e preventive Charakter huet, soll d'Exploitanten dozou motivéieren, an Zukunft verstäerkt drop opzepassen, dass et net zu esou Ëmweltschied kënnt.

Här President, d'EU-Direktiv gesäit och nach vir, dass d'Memberstaten d'Schafung vun Assurancen ënnerstëtzen, déi d'Ëmwelthaftung vun de Betriber ofdecken. Sou soll garantéiert ginn, dass am Fall vun engem Schued och tatsächlech genuch Suen do si fir d'Kompensatiounsmesurë finanzéieren ze kënnen. Well et ass jo esou, dass d'Héicht vum Schued grad bei besonnesch geféierlechen Aktivitéiten extrem variéiere kann. Dat heescht, dass de Risiko besteet, wann et tatsächlech zu enger grousser Ëmweltkatastroph kënnt, wéi mer der schonn haten, dass de schëllege Betrib zwar um Pabeier haftbar ass, a Wierklechkeet awer net d'Suen huet fir de Schued erëm guttzemaachen.

Hei ass kloer, dass Lëtzebuerg eleng net wäit kënnt. Mir mussen eis deemno um EU-Niveau derfir asetzen, dass eng Zort Fong geschafe gëtt, an deen all concernéiert Betriber abezuelen an deen esou dotéiert ass, dass dorauser och am Katastrophefall de Schued ka bezuelt ginn, wann en iwwert dat Mooss erausgeet, wat deen eenzelne schëllege Betrib droe kann.

Här President, zu den Aarbechten an der Kommissioun ass ze soen, dass de Statsrot a sengem éischten Avis positiv war. Kuerzfristeg krut d'Ëmweltkommissioun nach en Avis vum Mouvement écologique an huet sech, trotz engem gewëssenen Zäitdrock, de Spillraum ginn, fir d'Remarquë vun der Ëmweltschutzorganisatioun ze kucken. Bei der Pollutioun vum Buedem gëtt an der Direktiv just de Risiko fir d'Gesondheet vum Mënsch berücksichtegt, wat grad am Kontext vun der Ëmwelthaftung net logesch schéngt. Datselwecht gëllt fir d'Definitioun vun den „espèces et habitats protégés", wou no der Meenung vun der Ëmweltkommissioun all Schutzzonen zu Lëtzebuerg mat dra sollte sinn.

D'Ëmweltkommissioun huet de Remarquë vum Méco Rechnung gedroen an de Projet amendéiert. De Statsrot war a sengem Avis complémentaire och mat dëser Ëmännerung d'accord.

Dësen Amendement huet dunn a verschiddene Kreesser fir Opreegung gesuergt. Mir kruten de Virworf gemaach, d'Direktiv net eent zu eent ëmzesetzen, obwuel den Zousaz, dee gemaach gouf, zu 100% an der Logik vun der Direktiv läit. Et gouf allerdéngs een Argument, dat an den Ae vun der Ëmweltkommissioun pertinent war: Well de Begrëff „environnement" néierens definéiert ass, hätt dat kënnen zu juristesche Problemer féieren, wann de Wuertlaut vun der Definitioun zum „dommage environnemental" an där Fassung stoe bliwwe wär, wéi d'Ëmweltkommissioun en als éischt amendéiert hat.

Ënner anerem gouf gefaart, dass Lëtzebuerger Entreprisen net an en internationalen Assurancësystem kéinte mat opgeholl ginn, wann hiren Haftungsberäich net kloer definéiert gewiescht wier, am Géigesaz zu anere Memberstaten, virun allem eisen Nopeschlänner, aus direkte Konkurrenzgrënn vis-à-vis vun eisem Land. Mir hunn also décidéiert, dës Dispositioun ze preziséieren, wat vun der Prozedur hier gesinn nach eemol en Amendement bedeit huet. Och mat dëser Ännerung war de Statsrot d'accord.

Här President, ech sinn der Meenung, dass mir an dëser Diskussioun zwëschent Ekologie an Ekonomie e Kompromëss agaange sinn, dee räsonnabel ass. Engersäits si mer den Ëmweltschutzorganisatiounen a ville Punkten entgéintkomm, anersäits si mer och de Betriber entgéintkomm, an dozou sti mer och.

An dëser aussergewéinlech schwéierer Wirtschaftskris, wéi mer scho säit Jorzéngte keng méi esou haten, solle mer d'Betriber net nach zousätzlech an hirer Kompetitivitéit belaaschten a si duerch onmoosseg Fuerderungen an d'Ongewëssheet lafe loossen. Schliesslech geet et hei och ëm vill Aarbechtsplazen. An dësen Zäite wär eng méi rigouréis Haltung net ze veräntwerte gewiescht, an deementspriechend hu mer räsonnabel a majoritär gehandelt.

Här President, zum Schluss wëll ech am Numm vun der Ëmweltkommissioun nach eng generell Bemierkung maachen zu eisen Aarbechten an der Ëmweltkommissioun vun der Chamber. Mat dem Projet de loi vun haut hu mir sämtlech EU-Direktiven a Gesetzer ëmgesat, déi mir an der Ëmweltkommissioun virleien haten. Et ass och kee Gesetz méi vun der Regierung ufälleg, wat nach virun Enn vun dëser Legislaturperiod misst ëmgesat ginn, opgrond vun dësem respektiven Tableau synoptique relatif à la transposition des directives européennes, no der leschter rezenter Editioun vum 10. Mäerz 2009 vum Chamberssekretariat.

M. Charles Goerens *(DP)*.- Dir hutt vum Juegdgesetz virdru geschwat.

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur*.- EU-Direktiv! Ech schwätze vun EU-Direktiven.

M. Charles Goerens *(DP)*.- Ah!

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur*.- Lauschtert no, wann ech gelift!

(Brouhaha général)

Ech kommen dozou.

Une voix.- Wéi aggressiv!

Une autre voix.- Huelt dat net esou negativ.

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur*.- Wann also Lëtzebuerg nach vill Direktiven ëmzesetzen huet, dann net an der Ëmweltlégislatioun. Dofir wëll ech de Kolleegen aus der Ëmweltkommissioun Merci soe fir déi gutt an expéditiv Aarbecht, déi mir an dëser Legislaturperiod gemaach hunn. Aschléissen an dëse Merci wëll ech selbstverständlech eisen Ëmweltminister Lucien Lux…

Plusieurs voix.- Ooohhh! Aaahhh!!!

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur*.- …a seng Mataarbechter, awer och eis Kommissiounssekretärin, d'Madame Rachel Moris, déi eng wierklech exzellent Aarbecht all déi Jore gemaach huet.

(Interruption)

Et bleiwen awer nach Gesetzer, Här Goerens, um nationale Plang ëmzesetzen. Dat wäerte mer och maachen, wa mer déi respektiv Avisen nach an den Délaië kréien. Domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Den honorabelen Här Marcel Oberweis fir d'CSV-Fraktioun huet d'Wuert elo.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, erlaabt mer am Ufank, well et zum Usus gehéiert, dem Roger Negri, dem Rapporteur, Merci ze soe fir säi schréftlechen an och säi mëndleche Rapport.

Et handelt sech heibäi, wéi gesot, ëm e Gesetzesprojet fir d'Ëmsetzung vun enger weiderer europäescher Direktiv iwwert d'Ëmweltresponsabilitéit. Am Spezielle geet et hei ëm d'Preventioun an d'Reparatur vun de Schied, déi onser Ëmwelt zougefügt ginn, an dat Ganzt am Sënn vun dem Prinzip vum Pollueur-payeur.

Une voix.- Très bien!

M. Marcel Oberweis *(CSV)*.- Mir mussen ons awer virun Aen halen, dass et net ëmmer einfach wäert ginn an och sinn, déijéineg ze ermëttelen, déi dës Ëmweltschied ervirgeruff hunn. Duerfir ass an der Direktiv festgehale ginn, dass et sech ëm e Fall vun Ëmweltschied handele kann an deem heite Fall, bei enger objektiver Responsabilitéit, oder enger Responsabilitéit „sans faute". Dat heescht, et musse kloer juristesch Rumme gespaant ginn, fir dass sech d'Betriber an och d'Bierger zurechtfanne kënnen.

Wéi de Rapporteur et schonn ugedeit huet, geet et hei am Besonneschen ëm déi Schied, déi un den dräi Liewensressourcen, dem Buedem, dem Waasser an der Loft, gemaach ginn. Eng Haaptfuerderung vun der Direktiv besteet deemno am Erhale vum gesonden Zoustand vun onsem Buedem, well ouni deen déi vill liewenswichteg Fonctioune fir de Mënsch an d'Ëmwelt net méi garantéiert sinn. Dat liicht an, wann ee weess, dass mir ouni gudde Buedem keng gesond Liewensmëttele kënnen zillen an och kee proppert Drénkwaasser kënne kréien.

Mir wären dann am krasse Widdersproch mat der europäescher Waasserdirektiv, déi mer viru kuerzem hei gestëmmt hunn. Zousätzlech géife mer och dann dem Verloscht vun der Biodiversitéit Vorschub leeschten, an dat kënne mer net duerchgoe loossen.

Dëser Direktiv läit also d'Tatsaach zugronn, dass mir an der Europäescher Unioun awer nach vill Plazen hunn, och hei am Land, bei deenen de Buedem contaminéiert ass an déi eng Gefor fir Mënsch an Ëmwelt duerstellen. Duerfir ass et jo e But vun der europäescher Ëmweltpolitik, d'Vermeidung an d'Sanéierung vun Ëmweltschied esou wäit wéi et méiglech ass ze propagéieren an och ze ënnerstëtzen.

Et muss ënnerstrach ginn, dass de Prinzip vun der Responsabilitéit fir d'Ëmweltschied an déi imminent Geforen, déi vun hinnen ausgoe kënnen, ugewant gëtt. An do gesäit d'Direktiv dann, an och de Gesetzesprojet, zwee Fäll vir.

Den éischte Fall behandelt all déi geféierlech Aktivitéiten, déi an de Betriber aus der Annex 3 vun der Direktiv ageschriwwe sinn. Dat sinn ënner anerem d'IPPC-Betriber an och déi, déi mat OGMe behandelen. Hei gëtt de Betrib responsabel gemaach, och wann hie kee Feeler gemaach huet.

Den zweete Fall behandelt all déi aner Betriber, wann e Schued entstanen ass a wann eng imminent Gefor fir Aarten, Habitatzonen a Mënsche besteet. Hei gëtt de Bedreiwer nëmmen da gestrooft, wann him e Feeler nogewise ka ginn a wann hie senger Responsabilitéit net nokomm ass.

Op alle Fall mussen déi kompetent Instanzen hir Aufgab iwwerhuelen an déi Betriber zur Rechenschaft zéien, déi ons Ëmwelt als hire privaten Dreckstipp ugesinn.

Une voix.- Très bien!

M. Marcel Oberweis *(CSV)*.- Dës Betriber mussen dann och fir d'Reparatur vun den Ëmweltschied opkommen.

An dat ka wäit goen, esou zum Beispill bei der Erëmhierstellung vu contaminéiertem Buedem oder dem Proppermaache vu Gewässer oder Habitatzonen. Schonn eleng dat seet genuch a weist drop hin, wéi schwéier dës Ëmsetzung an dësem Gesetz wäert ginn.

(Mme Colette Flesch prend la Présidence)

De Projet de loi gesäit deemno vir, dass d'Betriber all déi néideg Mesurë mussen ergräifen, dass keng bleiwend Schied beim Mënsch oder an der Ëmwelt entstinn.

Wann et awer zu engem Ëmweltschued komm ass, da muss de Betrib fir d'Sanéierung vun dëse Schied opkommen. Hei gëtt et och dann dräi Cas-de-figuren:

Den éischten ass dann eng primär Sanéierung, eng komplementär Sanéierung oder eng Ausgläichssanéierung.

Een anere wichtege Punkt ass awer sécherlech och d'Bedeelegung vun de Bierger, déi vun Ëmweltschied betraff sinn. Dës Bierger kënnen déi zoustänneg Verwaltungen opfuerderen, sech derfir anzesetzen, dass entweder d'Gefor reduzéiert gëtt, oder awer, wann et schonn zu engem Schued komm ass, dass et zu enger Sanéierung kënnt. Doriwwer eraus kënnen och Ëmweltschutzorganisatiounen d'Méiglechkeet kréien, fir sech derfir anzesetzen, dass d'Direktiv wierksam ëmgesat gëtt.

Als leschte Punkt vu menger Interventioun soll drop higewise ginn, dass déi eenzel Memberstaten och Mesuren ergräife kënnen, mat deenen d'Betriber derzou invitéiert solle ginn, e finanziellt Instrument ze schafen, mat deem am Fall vun engem Ëmweltschued d'Sanéierung bezuelt ka ginn. Dat kann a Form vun enger Mutuelle sinn oder enger Versécherung, well mer däerfen net vergiessen, dass am Fall vun engem Accident mat chemesche Produkter wéi zu Toulouse ganz héich Käschten op d'Betriber zoukommen.

An deem Zesummenhang soll d'Europäesch Kommissioun bis den 30. Abrëll d'nächst Joer e Rapport iwwert d'Effikassitéit vun dëser Ëmsetzung erabréngen. Zousätzlech soll se jo Informatioune liwweren, wéi et ëm d'Schafung vu Verséche-

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

runge fir Betriber aus der Annex 3 bestallt ass - ee relativ schwieregen Dossier.

An der Direktiv gëtt och nach Kooperatioun iwwert d'Grenze behandelt. Wann e Memberstat en Ëmweltschued bannent senge Grenze feststellt, wou keen Auteur erëmzefannen ass, an eventuell den Auteur am Grenzgebitt ass, da muss dat Land et der Kommissioun matdeelen, fir dass mer deen Auteur am Nopeschland erausfiltere kënnen, an deen och dann zur Rechenschaft gezu ka ginn, wann do d'Quell fonnt ginn ass. Dat ass e gelieftent Beispill vun europäescher gemeinsamer Ëmweltpolitik.

Ofschléissend wëll ech dorop hiweisen, dass mer mat der Ëmsetzung vun dëser Direktiv am Beräich vun der Protektioun vun de Mënschen an den dräi Liewensressourcen e wichtege Schrëtt op dem nohaltege Wee maachen.

Jiddereen - ech widderhuelen: jidderee vun eis -, ob Stat oder Gemengeverwaltung, ob Betrib oder Privatpersoun muss sech zum Prinzip vun dem Pollueur-payeur bekennen. Notamment eis IPCC-Betriber sinn hei gefuerdert, alles an d'Wee ze leeden, dass et net zu engem gravéierenden Ëmweltschued op eis Ëmwelt an och op de Mënsch kënnt. Mä ech hunn och Vertrauen a si. Si hunn a leschter Zäit, an de leschte Jore sech relativ opgemaach op dee Wee och vum nohaltege Wee. Si si sech där Aufgab och duerchaus bewosst, well nëmmen duerch d'Zesummewierke vun de sozialen, vun den ëmweltschützereschen an och wirtschaftleche Contraintë kënne mer den nohaltege Wee zesumme goen.

Dat gesot, bréngen ech den Accord vun der CSV hei eran - vun hirer Fraktioun - a soe Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme le Président.- Merci, Här Oberweis. D'Wuert huet elo den Här Berger.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt och dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schréftleche Bericht. Et ass keng einfach Matière, fir déi ze verdauen, sécherlech och net wahrscheinlech fir eng Rei heibanne bei deem schéine Wieder dobaussen. An ech wäert duerfir…

Plusieurs voix.- Oh!

M. Eugène Berger *(DP)*.-…och ganz kuerz nëmmen nach e puer ganz kuerz Remarquë maachen. Och den honorabelen Här Oberweis huet scho ganz vill Detailer ginn. Duerfir kann ech mech also op e puer Bemierkunge beschränken.

Et ass effektiv eng Ëmsetzung vun enger Direktiv. An et ass jo esou, datt mer hei zu Lëtzebuerg déi meeschte wichteg Akzenter doduerjer gesat hunn, datt mer eben Direktiven ëmgesat hunn, déi vu Bréissel komm sinn. Déi Direktive bestëmme ganz vill d'Ëmweltpolitik net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä an all den europäesche Länner. Ech mengen, dat ass elo eng gutt Saach. Duerch déi Direktive komme mer dem Zil méi no, beschtméiglech eis Ëmwelt an och de Mënsch ze protégéieren. An déi Ofsiicht respektiv de Fong vun deenen Direktive kann een duerfir alleguerten och ëmmer begréissen.

Wat hei vläicht e bëssen nei ass an dëser Direktiv par rapport zu aneren, déi mer ëmgesat hunn, dat ass, dass déi Notioun vu Responsabilitéit am Ëmweltberäich agefouert gëtt. Dat war och e laange Wee op europäeschem Niveau, bis datt een do e Konsens fonnt huet. Et ass awer gutt, datt dat elo agefouert gëtt. An och eben, datt hei dann déi ganz Notioun vum Pollueur-payeur endlech dann och konkret gëtt, datt do d'Betriber musse wëssen, datt se net dierfen egal wat maachen, datt se och mussen do oppassen.

Den Akzent läit jo hei och wierklech op der Preventioun. Dat ass dat, wat hei grousgeschriwwe gëtt. Et soll een also verhënneren, datt et iwwerhaapt zu engem Schued kënnt an d'Betriber unhalen, datt se an déi Richtung ginn. D'Preventioun ass immens wichteg, well och wann een herno Responsabilitéit huet, wann een herno muss Mesures compensatoires maachen, Sue bezuele muss, et kann een am Fong geholl ni dat einfach mat Sue guttmaachen, wat do schifgelaf ass. Dat ass souwuel bei der Gesondheet vum Mënsch esou, wou ee mat Suen net alles ka flécken, grad eréi bei der Ëmwelt. Ech brauch hei elo keng Beispiller ze zitéieren, ob dat grouss Schëffsonglécker sinn, wou Pëtrol ausgelaf ass an Desasteren ugericht huet, oder soss aner Katastrophen.

Hei ass natierlech och wéi ënner anerem beim Reglement REACH, dat mer ëmgesat hunn, en Text, deen e bëssen e Grenzgang ass zwëschent dem Uleies vun der Ëmwelt op där enger Säit an den Uleiesse vun der Ekonomie op där anerer Säit, déi natierlech ëmmer fäerten, datt se hei zousätzlech Prozeduren opgehalst kréien, déi fäerten, datt se zousätzlech Käschten hei géife kréien. Ech mengen, hei ass - et ass scho gesot ginn - e gudde Kompromiss fonnt ginn. Deenen enge geet et vläicht net wäit genuch, deenen aneren ze wäit, mä wéi gesot, dat hei ass e Konsens souwuel op europäeschem Plang wéi och hei zu Lëtzebuerg an der Kommissioun. Dat hunn d'Aarbechte jo bewisen, sief dat, datt et déi eng oder déi aner Kéier e bëssen hin an hier gaangen ass.

Et ass jo esou, datt an der Praxis Betriber, déi d'Autorisatiounen hunn - et ass schonn oft gesot ginn -, d'IPCC-Betriber, dat sinn der ronn 40 hei zu Lëtzebuerg, datt déi haaptsächlech hei betraff sinn. Wann all déi Betriber hei zu Lëtzebuerg hire Kommodo hunn, hu se also Oplagen, deene se mussen entspriechen, a wa se déi Oplage respektéieren, da kënne se ganz wéineg oder guer net an d'Situatioun kommen, datt do eppes ka schiflafen, datt se kënnen zur Responsabilitéit gezu ginn. Fir déi aner Betriber, do spillt et jo och wierklech nëmmen, wann e manifeste Feeler oder e Fehlverhale virläit.

Dat sinn déi grouss Prinzipien, op déi mer eis konnten eenegen.

No deenen allgemenge Remarquen - dat waren am Fong zousätzlech Remarquen zu deem, wat alles scho gesot ginn ass - wëll ech awer een, zwee Kommentäre maachen, Iwwerleeunge maachen, déi haaptsächlech d'Ëmsetzung hei zu Lëtzebuerg da betreffen.

Dat eent, dat ass, et steet am Text, datt do ënner anerem d'Verwaltungen, déi am Environnement rattachéiert sinn, datt déi solle Mesures de réparation determinéieren, wat sécherlech net ëmmer einfach ass. Do läit kee Katalog vir, do läit keng - wéi soll ech soen? - keng Gebrauchsuweisung vir, wéi een dat ka maachen. Do muss een also au cas par cas, wann dat géif geschéien, kucken, an do muss ee sech vläicht nach besser dann awer och hei zu Lëtzebuerg organiséieren an och vläicht do méi kloer Guidelinen ausschaffen, wann dat de Fall wär. Mir haten déi Diskussioun och schonn am Kader vun anere Projeten.

Zweete Punkt - dee betrëfft och d'Betriber hei zu Lëtzebuerg, mä net nëmmen hei zu Lëtzebuerg -: dat ass d'Schwieregkeet fir eng Assurance ofzeschléissen. Et ass jo esou, datt e Betrib dann och kuckt, eng Assurance wëllen ze maachen, wann en awer an de Fall kënnt, datt e géif zur Responsabilitéit gezu ginn, datt e misst Schied bezuelen. Da kuckt e sech ofzesécheren, dat ass dee klassesche Reflex. E kuckt en Assureur ze fannen, an dat ass hei zu Lëtzebuerg net nëmme schwéier, dat ass hei zu Lëtzebuerg onméiglech. Et si keng Assureuren, déi dat hei maachen, souwäit ech weess. Mir haten d'lescht Woch eng Entrevue, also net an der Chamber, mä meng Fraktioun hat eng Entrevue mat der ACA, déi eis dat do nach eng Kéier bestätegt hunn, datt dat hei net gemaach gëtt, well dee Risque schwéier ze evaluéieren ass, well een och net weess, wéi vill d'Primë géife kaschten.

Et ass awer net nëmmen de Fall hei zu Lëtzebuerg, fir d'Betriber am Ausland gëllt dat och. Also do ass e Punkt, deen net evident ass. An et muss ee sech also iwwerleeën, wann do awer keng Assurancë bestinn, et sinn awer Betriber, déi missten zur Responsabilitéit gezu ginn, déi eventuell da géife Faillite goen, keng Suen do sinn: Wie bezilt dann am Endeffekt? De Betrib kann net bezuelen, et ass keng Assurance do, sou datt een also awer och - wéi soll ech soen? - am Negative muss virsuergen, andeem een da vläicht op de Wee géif goe fir e Fong ze kreéieren, e Fong, deen awer net nëmme soll vum Stat gespeist ginn, mä eventuell och d'Betriber sollen an dee Fong da mat aspeisen.

Déi puer Remarquë gemaach, kéint ech awer dann och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn, an ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme le Président.- Merci, Här Berger. D'Wuert huet elo den Här Gira.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech war elo e bëssen iwwerrascht iwwert dem Här Negri seng Interventioun, manner iwwer säin, wéi gewinnt, detailléierten an explikative Rapport, fir deen ech him Merci soen, mä iwwert de Schluss vu senger Interventioun. Dat huet éischtens bal e bësse geklonge wéi eng Abschiedsried.

(Brouhaha général et hilarité)

Ech hoffen, Här Negri, dass mer eis alleguerten den 8. Juni oder méi spéit hei erëmgesinn, mä et huet awer e bëssen esou geklongen, wéi wann elo d'Ëmweltkommissioun scho géif d'Dieren an d'Tiräng zouspären an op d'Wahlcampagne goen.

Ech wëll awer dorun erënneren, dass mer jo éischtens nach wëlles hunn, matzen am Fréijoer op d'Juegd ze goen d'nächst Woch.

Plusieurs voix.- Ah!

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Ech mengen, datt et sënnvoll ass, eis mat dem exzellenten Avis vum Statsrot auserneenzesetzen, dee villes, wat hei am Débat d'orientation, mengen ech, diskutéiert ginn ass, bestätegt. Dee Statsrot huet sech ganz vill Aarbecht gemaach.

Mir hunn och nach e puer aner Punkten um Ordre du jour. Mä ech fäerten, Madame Presidentin, dass mir och nach wéinst aneren Ursaachen an d'Arena eventuell musse klammen. Et gëtt ee jo awer dat Gefill net lass, dass eng Rei Kreeser zu Lëtzebuerg vun där Kris wëlle profitéieren, fir d'Ëmweltrecht an eng Rei Errungenschaften, déi a laange Jore mühsam erkämpft si ginn, wëllen zréckdréinen.

Wann een den Avis vum Mouvement écologique zum Konjunkturpak liest, da muss ee sech Froe stellen, an och wann et esou ausgesäit, wéi wann do net gréisser Ëmweltprojeten an d'Kommissioun kommen, fäerten ech, dass mer awer musse ganz gutt oppassen an dass mer elo scho sollten op d'mannst eng rout Luucht umaachen, fir dass do awer elo net fënnef vir zwielef hei en Ongléck geschitt.

Duerfir mengen ech net, dass mer elo wäerte rouen an deenen nächste Wochen, mä vläicht am Géigendeel ganz aktiv wëlle ginn.

Klammer op: Mir hätten eis als Gréng gewënscht, dass extrem vill Aarbecht an d'Ëmweltkommissioun am Kader vum Konjunkturpaquet komm wär. Mir vermëssen de gréngen Touch vun dësem Konjunkturprogramm. A wann een en Artikel an der „Zeit" gelies huet, deen e bëssen analyséiert huet, wéi gréng deenen eenzelne Länner hir Konjunkturprogrammer sinn - si hu sech net mat dem lëtzebuergesche beschäftegt -, mä do gesäit een, dass do wesentlech Ënnerscheeder bestinn an dass mat déi gréngste komescherweis dee vu Südkorea an dee vu China sinn. Ech fäerten, dass, wann d'„Zeit" d'Zäit gehat hätt, och eise Programm ze analyséieren, da wiere mir do relativ schlecht ewechkomm.

Mä dat ass en aneren Débat, doriwwer kréie mer nach - mengen ech - an den nächste Wochen d'Geleeënheet am Detail ze diskutéieren. Mä souwäit ass déi Debatt awer och net vun dësem Gesetz ewech, Madame Presidentin.

Dës Direktiv ass nämlech, dëst Gesetz, mat deem d'Direktiv ëmgesat gëtt, méi symbolträchteg, méi innovativ, wéi et vläicht op den éischte Bléck ausgesäit. Et ass schonn, menge mir als Gréng, symbolträchteg, wann Ëmweltschied musse behuewe ginn. Net nëmmen, well si engem, also engem Mënsch Schued gemaach hunn, mä wéinst dem Schued un der Loft, um Buedem, un der Biodiversitéit selwer. An et ass och schonn innovativ, jo e regelrechte Paradigmewiessel, wa Betriber fir en Ëmweltschued mussen opkommen, och wann hinne kee Feeler kann nogewise ginn. Dat ass symbolträchteg, well hei eng Rei Ëmweltgidder fir d'éischt net nëmmen e wirtschaftleche Wäert kréien, mä eigentlech och e Wäert u sech.

Dat ass innovativ, well hei de Pollueur-payeur-Prinzip zu 100% ëmgesat gëtt, mä virun allem, well hei Betriber incitéiert ginn, de Principe de précaution eescht ze huelen a vu sech aus op Technologien ëmzeklammen, déi mat manner Ëmweltrisike verbonne sinn.

Dorëm geet et jo eigentlech hei. D'Haaptzil ass net, hei Leit ze strofen oder zur Keess ze bieden, mä si iwwer interne Risikomanagement dozou ze kréien, selwer e preventiven Ëmweltschutz ze bedreiwen.

Dat ass e wäite Wee, Madame Presidentin, deen d'Ëmweltgesetzgebung gaangen ass, vu Gesetzer an de 70er, 80er Joren, déi éischter Zeeche gesat hu mat End-of-pipe-Technologien, iwwert d'Gesetzer, déi Emissiounen a Schied iwwert d'Festsetze vu Grenzwäerter évitéiert hunn, bis zu dëser Direktiv an dësem Gesetz, déi eigentlech hin zu enger ëmmer méi staarker Responsabiliséierung vun de Betriber selwer féiert. An an eisen Aen ass dat eng effikass, eng effizient, eng maartkonform Approche.

An et gesäit ee schonn éischt positiv Resultater, wann d'Ëmweltgesetzgebung ëmmer méi an déi Richtung geet. Ech ginn lech een, zwee Beispiller aus dem Offallberäich. Eréischt wéi d'Autosfabrikante selwer hu missen d'Schrottautoen zréckhuelen, ass Bewegung an d'Spill komm an d'Zuel vun de Plastikzorten zum Beispill, déi een an den Autoen erëmfënnt, ass vun iwwer 20 op zwee oder dräi zréckgaang, déi ganz kloer gezeechent sinn, wat natierlech de Recyclage vun dem Plastik vill méi einfach mécht.

Datselwecht kann ee vum Elektronikschrott soen, a viru kuerzem hu mir nach eng nei Direktiv verabschiet, wat mat de Batterien ze dinn huet. Ech sinn iwwerzeegt, dass och do d'Recherche wäert dropgesat ginn, fir dass mer do weiderkommen, nämlech bei der Quell usetzen, Offall vermeiden an e Produkt net nëmme konzipéiere bis zu deem Moment, wou et op de Maart gehäit gëtt, mä wierklech bis zum Enn vu sengem Liewenszyklus.

Duerfir begréisse mir als Gréng natierlech och prinzipiell dës Direktiv, dëst Gesetz, och wa si an eisen Aen nach net perfekt sinn. Nach sinn net all Secteure betraff, dat ass hei kloer an däitlech gesot ginn. Och sinn nach net all Ëmweltberäicher abegraff, déi solle geschützt ginn, mä mir fannen dat awer duerch dee grousse Paradigmewiessel, deen ech elo grad erwähnt hunn, awer schonn e richtege Schrëtt an déi richteg Richtung.

An duerfir ware mir als Gréng natierlech frou, wéi d'Ëmweltkommissioun de Spillraum, deen d'EU-Kommissioun awer explizit virgesinn hat, fir deen eenzelne Länner ze loossen, wéi d'Ëmweltkommissioun duerch eng Rei Amendementer dëse Fräiraum wollt ausnotzen, fir méi wäit ze goe wéi eigentlech de Basistext.

An d'Fro stellt sech jo och, éischtens, ob déi Philosophie, fir ze soen «La directive, rien

que la directive», ob déi ëmmer esou gutt ass. Wäre mer net frou heiansdo, wa mir vläicht méi wäit gaange wären, wéi gewëssen Direktiven dat gesot hätten?

Am Finanzberäich gesi mer jo, dass mer vläicht heiansdo gutt haten, méi wäit ze goe wéi dat, wat d'EU vun eis verlaangt hat. Am Ëmweltberäich, mengen ech, kéint een eigentlech déiselwecht Logik soen.

Mä, wann awer eng EU-Direktiv explizit seet: „Léif Memberstaten, dat hei ass e Basistext, mir hunn hei missen e Kompromiss maachen, well net jiddereen d'accord ass, mä mir incitéieren lech praktesch an eenzelne Beräicher méi wäit ze goen." -, da gehéiert dat fir eis och nach ëmmer zu der Philosophie «Rien que la directive».

Mir hate souguer, Madame Presidentin, kee Problem dermat, wéi de President vun der Ëmweltkommissioun an engem LSAP-Communiqué sämtlech Membere vun der Ëmweltkommissioun viru seng Kar gespaant huet an an engem raren Usaz vu Courage dem Land stolz verkënnegt huet: „Parlamentarische Umweltkommission nimmt Unternehmer stärker in die Pflicht."

Mä de Courage war nom Drock vun de Wirtschaftskreeser vu kuerzer Dauer an an der nächster Sitzung huet d'Majoritéit kleng bäiginn an d'Amendementer zréckgezunn. Ech fäerten, dëse Rückzieher geet sécher an d'Annale vun der Chamber an.

An, Madame Presidentin, ech mengen, den Här Negri huet esou vill Humor, dass e mir net béis ass, wann ech him soen: Et muss ee scho President vun der Turnfederatioun sinn, fir esou en dräifache Salto hannerzeg fäerdegzebréngen.

(Hilarité)

Une voix.- Très bien!

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Madame Presidentin, am Eescht awer, déi Gréng bedaueren dëse Rückzieher. Éischtens wéinst der Saach u sech.

(Interruption)

Éischtens sinn elo eng Rei…

Do ass et méi schwiereg, en dräifache Salto hannerzeg ze maachen. Mä kommt de Sonndeg kucken, Här Goerens, an da gesitt Der, wéi dat geet.

(Interruption)

Mir bedaueren dëse Rückzieher, Madame Presidentin, éischtens, wéinst der Saach selwer. Eng Rei Géigenden zu Lëtzebuerg sinn elo manner geschützt wéi déi, déi d'Chance hunn a Vulleschutzgebidder, an Habitatgebidder ze leien, an och eng Rei Ëmweltgidder si manner geschützt.

An zweetens awer och, well et eis erëm weist: Dës Majoritéit ass nach ëmmer an der aler Logik, déi gemengt huet, héich Ëmweltstandardë wiere schiedlech fir e Wirtschaftsstanduert.

Mir verstinn dat net, well wann een haut e bëssen ëm sech kuckt, wat geschitt ass an deene leschte 15, 20 Joer, da gesäit ee jo awer, dass genau de Géigendeel de Fall ass. Ech wëll dat um Beispill Däitschland illustréieren. Däitschland ass bekannt fir mat déi héchsten, mat déi strengsten Ëmweltnormen zënter Joren, jo zënter Jorzéngten, a wann een haut kuckt, a wéi engem Secteur dass an Däitschland extrem vill Aarbechtsplaze geschaf si ginn, dann ass et genau an deem dote Secteur.

Et ass - mengen ech - an Tëschenzäit scho bal eng Banalitéit ze soen, dass an Däitschland an Tëschenzäit am ganzen Ëmweltsecteur méi Leit schaffe wéi an der Automobilbranche. Dat ass keen Zoufall, dat ass, well dat Land sech mat Zäit eng Rei héich Norme ginn huet. An et gesäit een och, dass Däitschland haut Exportweltmeeschter ass an deem ganze Beräich, well natierlech duerch streng Norme Recherche an deene Secteure gemaach ginn ass, an einfach si capabel sinn, do eng ganz Rei Technologien an aner Beräicher vum Planéit ze exportéieren.

Mä wat awer och richteg ass am Beräich Länner, ass gradesou wouer am Beräich vun de Betriber. Wann ee kuckt, wat elo dobausse vir sech geet, hunn Déi Gréng net dat Gefill, dass et grad déi Betriber wären, déi erkannt haten, dass d'Ëmwelt ëmmer méi eng grouss Roll wäert spillen, déi elo vum Maart gedrängt ginn. Am Géigendeel, et brauch een nëmmen déi amerikanesch Automobilbranche ze huelen, do gëtt et sécher nach aner Ursaachen, mä awer och, well déi Automobilindustrie net gesinn huet, wat mam Pëtrolspräis géif geschéien, dass si déi falsch Autoe gebaut hunn an och nach bauen. An et si sécherlech och net déi Betriber, déi an der Vergaangenheet an Energieeffizienz investéiert hunn, déi haut Faillite maachen - au contraire.

A souguer fir d'Landwirtschaft, Madame Presidentin, kann een dës Richtegkeet uweisen. Erstaunlecherweis grad an dëse schwieregen Zäiten: Deen eenzege Secteur, dee kee Problem huet an der Landwirtschaft, ass d'Biolandwirtschaft. Déi kann trotz der Kris hir Präisser halen, d'Nofro ass esou grouss wéi nach ni. An et kann een eigentlech nëmmen och fir Lëtzebuerg bedaueren,…

(Interruption)

…dass mer 80% mussen importéieren, dass eigentlech zu Lëtzebuerg nach en immense Marché do ass fir Bioproduiten. D'Nofro ass esou grouss wéi nach ni a mir mussen alles importéieren.

Duerfir, Madame Presidentin, versti mir et net esou richteg, dass dës Majoritéit nach ëmmer an der Logik vun de 70er an 80er Joren ass a behaapt, Ëmweltschutz géif Aarbechtsplazen zerstéieren. Onverständlech, well eigentlech wëllt jo dës Regierung och en Ëmwelttechnologiestanduert aus Lëtzebuerg maachen. Mir si frou, dass d'Regierung dat elo an där leschter Zäit entdeckt huet.

Mä, Madame Presidentin, en Technologiestanduert, dee kann een net och erbäirieden, dee muss ee vu laanger Hand plangen, dee muss ee lues a lues zu engem Puzzle zesummeféieren, an duerfir muss een eng kohärent Politik op allen Niveaue maachen. An dozou gehéieren an eisen Aen och ganz héich Ëmweltstandarden, jo vläicht souguer a ganz bewosst méi héich Ëmweltstandardë wéi an den Nopeschlänner, well mir kënnen eis net virstellen, dass innovativ Firmaen an deem Beräich, déi wëllen no bausse weisen, dass se eppes kënnen, gi sécherlech éischter dohin, wou se wëssen, dass méi vun hinne gefuerdert gëtt, wéi just an engem schlechten Duerchschnëttsland hei gëtt.

An eisen Aen ass also erëm eng Kéier eng Geleeënheet verpasst, fir en Deel vum Puzzle zouzefügen, an duerfir wäerte mir, nodeem mir natierlech déi Amendementer staark ënnerstëtzt haten, eis enthalen an dat Gesetz net stëmmen, well mir hätte kënne méi wäit goen. Well déi Gréng sinn der Meenung, grad elo muss een Ekologie an Ekonomie verbannen, grad elo gëtt et ëmmer méi kloer, dass mer grad d'Ekologie brauche fir d'Wirtschaft aus hirer Kris erauszehuelen a grad elo muss een héich Ëmweltstandarden aféieren, fir d'Recherche an deene Secteuren unzekierpen, fir d'Aarbechtsplaze vun der Zukunft ze plangen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.-Très bien!

Mme le Président.- Merci, Här Gira. Deen nächste Riedner ass den Här Mehlen.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Merci, Madame Presidentin. Och vun eiser Säit dem Här Negri Merci fir seng Aarbecht. Et ass keng einfach Législatioun, d'autant plus wou se sech integréiert an aner Législatiounen.

Hei gëtt eng Lacune virun allem gestoppt. Dat ass déi, datt och dann, wa kee perséinleche Schued entstanen ass, datt och dann deen, deen dat verursaacht huet, an d'Haftung geholl gëtt.

Et gëtt de Gedanke vun der Preventioun och hei méi staark verankert, wat ganz sécher eng richteg an eng wichteg Approche ass. Ech wëll net weider op d'Gesetz selwer agoen, ech wëll hei zwee Gedanke ganz kuerz uspriechen.

Dat eent ass, datt mir zwar och der Meenung sinn, datt den Ëmweltschutz ëmmer eng méi grouss Bedeitung kritt. Mä op där anerer Säit, datt mer eng Panoplie vu Gesetzer an deem Beräich hunn, net nëmmen am Ëmweltschutz, mä wann ee sech dat alles esou ukuckt: Naturschutz, Aarteschutz, Propperhale vun der Loft, Waasserschutz, Landschaftsschutz, Schutz viru genmanipuléierten Organismen - ech kéint virufueren -, da gëtt et schwiereg fir den Iwwerbléck ze behalen an et muss ee sech heiansdo froen, wéi wäit datt déi eenzel Législatioune mateneen a Concordance stinn a sech net deelweis souguer widderspriechen oder iwwerschneiden.

Et gëtt e Grondsaz, deen heescht: «Nul n'est censé ignorer la loi.» Ech mengen, dat ass fir déi Leit, déi an der Wirtschaft täteg sinn, de Problem, wann ëmmer erëm nei Gesetzer a méi oder wéineger deeneselwechten Domänen derbäikommen, ouni datt anerer ofgeschaf ginn. Dat ass jiddefalls net an där Richtung, wéi mir et eis géifen alleguer wënschen, denken ech, vun enger allgemenger Simplification législative an administrative.

Mir haten eng Kéier am Kader vun der Simplification administrative hei en Hearing, an do ass eis erzielt ginn, datt an Holland - ech weess net, ob et zoutrëfft - keen neit Gesetz däerf gestëmmt ginn, ouni datt gläichzäiteg en anert ofgeschaf gëtt, fir de Volume vun de legislativen Texter, deen an deene leschte Joren enorm ugewuess ass, e bëssen an de Gréff ze kréien.

Ech géif mir och an dësem Beräich wënschen, datt mer iergendwann eng Kéier op dee Wee kéimen, well et gëtt fir den normalen Acteur dobaussen - an ech mengen, esou frou wéi mir alleguer mat der Natur sinn a sou staark wéi mer och alleguer hannert dem Natur- an Ëmweltschutz stinn, muss een awer op där anerer Säit d'Schwieregkeet net aus den Ae verléieren oder däerf een déi net aus den Ae verléiere vun deene Leit, déi dobaussen d'Acteure sinn.

Wéi séier hänkt een onverschëlt oder aus Négligeance, déi net schlecht gemengt ass, doduerch datt een deelweis vläicht souguer a sengem Betrib iwwerfuerdert ass, ass eppes passéiert, fir dat ee muss riichtstoen?

Dat Zweet ass, an dat ergëtt sech hei eraus, datt eis Gesetzestexter eent sinn an eis Reglementstexter an den Ëmgang domat an der Praxis eppes aneschters.

(Interruption)

Mir kënnen onméiglech - an ech denken do, Här Minister, do gitt Der mer net Onrecht - Gesetzestexter esou festzurren, datt an alle Fäll eng ganz kloer Applikatioun, Ënnerscheedung an esou weider méiglech sinn. Dat heescht, den eenzelnen Acteur ass ëmmer an engem gewësse Mooss dem Entscheedungsspillraum an dem Applikatiounsspillraum vun de Verwaltungen ausgeliwwert.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech erënneren an dësem Zesummenhang un déi ganz onendlech Diskussiounen, déi mer haten iwwert d'Applikatioun vum Artikel 17 vum Naturschutzgesetz, wat anscheinend nach net ganz ausgestanen ass, oder déi endlos Diskussiounen, déi kommen, wann e landwirtschaftleche Betrib wëllt aussiedelen a sech an der Zone verte néierloossen, wou mer och an der Problematik dra sinn, datt ganz vill Subjektivitéit vu Säite vun de Verwaltungen do mat eraspillt.

Här President, ech kommen domadder schonn zum Schluss. Mir sinn eis, mengen ech, alleguer eens, datt een dem Ëmweltschutz an dem Naturschutz an esou weider eng ganz grouss Bedeitung muss bäimoossen. Duerfir si mir och grondsätzlech mat der Ausriichtung vun dësem Gesetz d'accord.

Mä et muss een op där anerer Säit d'Betriber awer och kënne liewe loossen. Et geet net, datt een op där enger Säit eng Campagne mécht och fir jonk Leit, si solle sech trauen, si solle sech néierloossen, si sollen eng eegestänneg Aktivitéit ufänken, an op där anerer Säit hinnen awer d'Gefill ginn, datt se permanent mat engem Fouss am Prisong stinn.

En anere Gedanken ass deen, datt mir hei sécher mat enger grousser Berechtegung eis Suergen drëm maachen, datt eis Ëmwelt esou wäit wéi méiglech soll protégéiert ginn, datt mer op där anerer Säit ganz dacks a Konkurrenz stinn zu Produkter an zu Déngschtleeschtungen, déi aus Wirtschaftsraim kommen, wou dat net esou strikt applizéiert gëtt. An duerfir ass et och

Chambre des Députés
LUXEMBOURG
Chamber TV
weist all öffentlech Sëtzung live an integral

An der Gemeng Bartreng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Beetebuerg *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Walfer *um Kanal S29 / 367.25 Mhz*
•
Zu Biwer an zu Wecker *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Bous *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Bërmereng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Konter *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Dippech *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Dikrech *um Kanal S19 / 287.25 Mhz*
•
Zu Iermsdref *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

Zu Esch-Sauer *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Nidder- an Uewerfeelen *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Gréiwemaacher *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Hieffenech *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Hesper *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt, Ollem an Nouspelt *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Mamer *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Manternach *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Medernach *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

absolut noutwendeg, datt opgepasst gëtt, datt am internationalen Handel do e ganz strengt An dorop geworf gëtt. Soss si mer am Zeenario vun der Concurrence déloyale, an dat, Här President, wéi mir dat gewinnt sinn; dat ka jo net sinn. Hei geet et wierklech drëm fir am Endeffekt an der praktescher Applikatioun déi richteg Balance ze fannen.

Trotz dëse Reserven, déi ech hei wollt ubréngen, wëll ech awer soen, datt mir dëst Gesetz wäerte stëmmen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Dann zum Ofschloss vun der Debatt den zoustännege Minister, den Här Lucien Lux. Här Lux, Dir hutt d'Wuert.

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll natierlech och dem President-rapporteur, dem Här Roger Negri, Merci soen, wéi alle Membere vun der Kommissioun an och alle Riedner de Mëtteg, dass mir dëst wichtegt Gesetz haut kënne stëmmen. Dat ass iwwregens e weidere Schrëtt, fir Lëtzebuerg héich Ëmweltstandarden an och eng héich Biergerbedeelegung am Ëmweltrecht zouzegestoen.

An ech wëll dem Här Gira soen, domadder beweegt sech dës Majoritéit ganz kloer am 21. Jorhonnert, well dëst ass dat siwent Gesetz an dëser Legislaturperiod wat d'Ëmweltrecht verbessert, wat d'Biergerbedeelegung am Ëmweltberäich verbessert, an domadder kloer weist, dass dës Majoritéit an dës Regierung ganz kloer dorop setzen, dass Ekonomie an Ekologie matenee solle fonctionnéieren, dass dat keng Géigesätz sinn.

(Interruptions)

A well hie selwer profitéiert huet vun der Geleeënheet, fir eng aktuell Remarque ze maachen an eng Klammer opzemaachen, wëll ech dat och maachen a par rapport zu deene Stëmmen, déi een héiert, zwou Saache soen zu der aktueller Debatt doriwwer, wéi mir un d'Wirschaftskris hei zu Lëtzebuerg eruginn.

Déi Éischt ganz kloer Bemierkung, déi ech wëll maachen, ass déi, dass déi Kris do kee Virwand wäert sinn hei zu Lëtzebuerg, fir Ëmweltrecht a Bedeelegung vun de Bierger bei der Ëmweltproblematik a Fro ze stellen. D'Regierung seet zu allen Usätz, déi an déi Richtung solle goen: Neen. An ech wëll dem Här Gira wéi och dem Héijen Haus soen, dass déi zwee Gesetzer, déi maassgeblech d'Ëmweltpolitik hei zu Lëtzebuerg déterminéieren, nämlech d'Naturschutzgesetz an d'Kommodosgesetz, net zur Dispositioun stinn. Punkt, Schluss.

An deenen eelef Projets de loi, déi d'Regierung deponéiert huet hei am héijen Haus virun e puer Deeg, ass net eng Zeil dovunner ze gesinn, dass hei sollt versicht ginn, vun der Kris ze profitéieren, fir net ze soen d'Kris ze mëssbrauchen, fir Ëmweltstandarden a Fro ze stellen. Et ass keen, deen dat wëllt, an et ass keen, deen iergendwou an deene Projets de loi, an deenen eelef, déi deponéiert gi sinn, esou och nëmmen eng Spur dovunner ka gesinn.

Ech wëll hei ganz däitlech soen, dass een iwwer Prozedure laang kann diskutéieren an och ka laang streiden. Mä ech wëll d'Geleeënheet benotzen, fir awer eng Kéier kloer hei ze soen, dass wann een iwwer Prozedure schwätzt, dat näischt Lästeges ass. Prozedure sinn derfir do fir Konditiounen ze fixéieren, fir dass d'Gesondheet vun de Leit net tangéiert gëtt, derfir ze suergen, dass Buedemschutz, Loftschutz, Waasserschutz an esou virun, wichteg elementar Funktiounen, déi mer brauchen, fir den Zyklus dobaussen ze respektéieren, dass déi sollen agehale ginn. Ech mengen, dass et kloer ass, dass hei kee wëllt déi Standarden do iergendwéi a Fro stellen.

Dat wëllt net heeschen - an ech mengen, den Här Mehlen huet dat zum Schluss och gesot -, dass mer eis dem Débat net musse stellen, dass d'Prozedure sech sollen haaptsächlech op de Fong konzentréieren an dass se net onnéideg den Zäitraffer mussen an d'Onendlecht dreiwen. Deem Usproch do musse mer eis och mat zu Propositioune wéi dem Guichet administratif, enger besserer interministerieller Kooperatioun an esou viru stellen, fir dass iwwert de Fong gestridde gëtt, an net gestridde gëtt iwwert d'Durée; och wann do villes iwwerdriwwe gëtt, wat dobausse gesot gëtt.

D'Diskussiounen, déi mer an der Tripartite haten an op anere Plazen, hunn och gewisen, dass dat oft ganz staark och iwwerdriwwe gëtt, well eben, an do huet den Här Gira Recht, et Kreesser gëtt, déi vun der Kris gäre géife profitéieren, fir dat ze maachen. Mä ech soen, an der Regierung an an der Majoritéit ass keen do, deen op dee Wee do wëllt goen.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Zu enger zweeter aktueller Bemierkung, déi e gemaach huet, wëll ech awer och soen, zum Konjunkturpaquet vun der Regierung ass jo dann d'Fro an Europa an an der Welt: Wien hat dee gréngste Pinsel, fir säi Paquet unzesträichen? Vläicht war do d'Kommunikatioun vun der Lëtzebuerger Regierung net esou gutt wéi a Südkorea.

Ech wëll awer dem Kolleeg Gira soen, dass, wann ech de Konjunkturpaquet vun der Regierung kucken, dann ass dee gréissten Investor an déi gréissten Investitioun, déi an deem Paquet dran ass, an Héicht vun ëm déi 360 Milliounen, dat sinn d'Investitiounen an d'Schinn, an den öffentlechen Transport an domadder an eng nohalteg Mobilitéit. An den Ënnerscheed tëschent deenen Investitiounen an d'Schinnennetz an an d'Stroossennetz an deem Konjunkturpaquet läit do ongefëier tëschent 70% fir den öffentlechen Transport an 30% an deem anere Beräich, eng total Ëmkéier zu deene Proportiounen, déi mer an deene leschte Joren hei am Land haten.

Ech wëll och soen, dass déi Aiden am Beräich vum Energiespueren, an domadder verbonnen de finanziellen Ureizen, an domadder och verbonnen natierlech d'Erschafung vun Aarbechtsplazen, hei zu Lëtzebuerg an de Beräicher vun den Autoen, vun de Frigoen, vun der Haisersanéierung déi gënschtegst sinn, déi et iwwerhaapt an Europa gëtt. Sou dass ech mengen, et och do net richteg ass ze maachen, wéi wann dee Konjunkturpaquet do net dem Kritär vun der Nohaltegkeet gerecht géif ginn. Ech mengen, de Géigendeel ass wouer.

Déi Bemierkunge gemaach an déi Klammer erëm zougemaach, wëll ech a puncto Gesetz, wat mer hei diskutéiert hunn de Mëtteg, net méi vill soen. Ech mengen, dass zwou Saache mir nach wichteg sinn ze soen.

Déi éischt ass, dass den Ëmweltministère a virun allem d'Ëmweltverwaltung eng Flicht elo hunn, fir dat Gesetz hei, wat mer haut wäerte stëmmen, proaktiv unzepaken an deem Sënn, dass wierklech e seriöen Dialog mat den Entreprisen, eng seriö Informatioun vun den Entreprisen zesumme mat Séminairen, mat de Chambres professionnelles an esou virun néideg sinn, fir d'Entreprisë gutt ze informéieren iwwert déi nei Oplagen, iwwert déi nei Aufgaben, iwwert déi nei proaktiv Aart a Weis, déi se hei sollen huelen. Ech mengen, do huet sécherlech all Riedner hei Recht gehat, wann ech kucken, wéi mer geplot sinn zum Beispill an der Buedemsanéierung op ville Plazen.

Ech gesinn de Kolleeg Romain Schneider dohannen, Buergermeeschter vu Wolz, wann een iwwert d'Eurofloor géif schwätzen. Ech gesinn all déi Kolleegen, déi heibanne sinn, déi aus Stolstanduerter kommen, wou mer zu Esch an zu Diddeleng an zu Suessem op ville Plaze Suergen hunn ze déterminéieren: Wat sinn déi Buedemsanéierungen, déi musse gemaach ginn? Vu wiem musse se gemaach ginn? A virun allem: Vu wiem musse se finanzéiert ginn?

Dofir hu mer virun dräi Joer eng Initiativ geholl, fir mat den Entreprisen iwwer en iwwergeuerdnete Fong ze schwätzen. Déi Diskussioune si leider nach net konkret op eng Initiativ erauskomm. Mä mir hunn eng Etüd lancéiert, déi dëst Joer wäert fäerdeg geschloss ginn, wou mer eng Benchmark gemaach hunn a gekuckt hunn: Wéi gëtt dat an deenen anere Länner traitéiert? Wéi ginn also déi Saachen ugepaakt, fir dass dat net op deenen eenzelnen Entreprisen a virun allem herno um Stat läit?

Och haut besteet jo d'Méiglechkeet, dass de Fonds de l'environnement 50% vun esou Sanéierunge kann iwwerhuelen. Ech mengen, dass dat awer eng ganz onzefridde stellend Aart a Weis ass, well se dem Prinzip vum Pollueur-payeur net gerecht gëtt, an ech mengen et ass just dee Prinzip, dee mer hei an deem Gesetz och dran iwwerhuelen.

Dann eng lescht Bemierkung: D'Kommissioun huet sech zu Bréissel virgeholl fir den 30. Abrëll 2010 eng Virlag ze maachen, e Rapport ze maachen iwwert d'Ëmsetzung vun de Garanties financières a vun den Instruments financiers, déi an deenen eenzelne Länner kënne geschaf ginn, wat jo domadder verbonnen ass, dass och d'Assurancëgesellschaften dat an hir Paquetë mat iwwerhuelen. An et ass eréischt da wou et och fir d'Entreprisen interessant gëtt a wou et och interessant gëtt fir dat, wat mer elo haut gemaach hunn.

Well et muss ee wëssen, dat, wat elo haut hei gestëmmt gëtt aus der Direktiv, ass natierlech eppes, wat um europäesche Plang och e minimalen Ufank am Neiland vun de Pollueurs-payeurs bedeit, an ech mengen et wäert eppes Evolutives sinn. A wann déi Instrumenter do kommen, dann ass och sécherlech d'Geleeënheet, um europäesche Plang, an och um nationale Plang méi wäit ze goen an de Prinzip nach besser ëmzesetzen, wéi mer dat hei maachen.

Mä et ass e wichtege Schrëtt an deem Mosaik, wéi gesot, vun deene siwe Gesetzer, déi mer dës Legislatur gestëmmt hunn, fir och zu Lëtzebuerg wéi an deene Länner ronderëm en héijen Ëmweltstandard ze hunn, dee wichteg ass fir d'Ëmwelt, mä deen och der Kompetitivitéit vun eisem Standuert guttdeet.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Dir Dammen an Dir Hären, dann ass d'Debatt ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert dëst Gesetz.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5877 ass ugeholl, Här Minister Lux, mat 52 Jo-Stëmmen, bei 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par Mme Nancy Arendt), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. John Castegnaro);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.08 heures)

Sommaire des séances publiques Nos 34, 35 et 36

Communications page 389

Rôle des affaires page 389

Ordre du jour pages 389-390

Vérification des pouvoirs et assermentation de M. Raymond Weydert pages 390-391

Composition des commissions parlementaires et des délégations internationales pages 391-392

Question urgente N°3226 de M. Jacques-Yves Henckes relative à la garantie bancaire page 392

Débat d'orientation sur la situation des personnes handicapées pages 392-399

5819 - Projet de loi

a) relatif aux contrôles et aux sanctions concernant l'enregistrement, l'évaluation et l'autorisation des substances chimiques et les restrictions y applicables, telles que ces substances sont visées par le règlement (CE) N°1907/2006 du Parlement européen et du Conseil du 18 décembre 2006 concernant l'enregistrement, l'évaluation et l'autorisation des substances chimiques, ainsi que les restrictions applicables à ces substances (REACH), instituant une agence européenne des produits chimiques, modifiant la directive 1999/45/CE et abrogeant le règlement (CEE) N°793/93 du Conseil et le règlement (CE) N°1488/94 de la Commission ainsi que la directive 76/769/CEE du Conseil et les directives 91/155/CEE, 93/67/CEE, 93/105/CE et 2000/21/CE de la Commission

b) modifiant la loi modifiée du 15 juin 1994

- relative à la classification, l'emballage et l'étiquetage des substances dangereuses

- modifiant la loi du 11 mars 1981 portant réglementation de la mise sur le marché et de l'emploi de certaines substances et préparations dangereuses

c) modifiant la loi du 3 août 2005 relative à la classification, à l'emballage et à l'étiquetage des préparations dangereuses

d) abrogeant la loi modifiée du 11 mars 1981 portant réglementation de la mise sur le marché et de l'emploi de certaines substances et préparations dangereuses pages 399-404
page 413

Dépôt d'une proposition de loi page 405

Interpellation de M. Alexandre Krieps sur les grossesses chez les jeunes filles et les avortements pages 405-413

Heure d'actualité demandée par le groupe Déi Gréng au sujet des conséquences de la réforme scolaire sur le SREA et le SGE pages 414-416

5909 - Projet de loi modifiant la loi du 18 juillet 2001 portant

1. création d'un établissement d'enseignement secondaire technique à Mamer

2. modification de la loi du 3 août 1998 relative à la construction d'un lycée à Mamer pages 416-419

Question avec débat N°41 de M. Félix Braz au sujet de la mise en œuvre au niveau national d'un système similaire à la «Jobkaart» de la Ville de Luxembourg page 419

5877 - Projet de loi relative à la responsabilité environnementale en ce qui concerne la prévention et la réparation des dommages environnementaux pages 419-423

Sommaire des questions parlementaires

Question N°	Auteur	Objet
3081	Claude Adam	Libéralisation postale
3085	Roger Negri	Dotation de fonds spéciaux de l'État
3087	Fernand Diederich	Château de Meysembourg
3101	Françoise Hetto-Gaasch	Fluidité du trafic sur la route d'Echternach (E27)
3102	François Bausch	Mise en œuvre du système de certification du processus de Kimberley pour le commerce international des diamants bruts
3112	Laurent Mosar	Nombre de mouvements d'avions commerciaux par an
3116	Gilles Roth	Plan de relance économique américain
3131	Fernand Etgen	Conseil Supérieur pour un Développement Durable (CSDD)
3133	Ali Kaes et Marc Spautz	Prise en charge des frais de transport en ambulance
3134	Félix Braz	Financement d'un projet d'intégration pour jeunes demandeurs d'asile, réfugiés voire jeunes issus de l'immigration
3136	Ali Kaes, Jean-Paul Schaaf et Marco Schank	Retards des trains
3153	Alexandre Krieps et Carlo Wagner	Prise en charge du forfait normal pour tâches domestiques
3154	Alexandre Krieps et Carlo Wagner	Cellule d'évaluation dans le cadre de l'assurance dépendance
3155	Alexandre Krieps et Carlo Wagner	Remboursement par les maisons de soins de fonds indûment touchés
3156	Marc Spautz	Délivrance aux salariés de certificats de travail au moment de l'expiration de leur contrat de travail
3162	Marc Spautz	Répercussion du chèque service accueil sur les prix des crèches commerciales
3165	Fernand Etgen	Autobus desservant l'usine de Goodyear à Colmar-Berg
3170	Claude Meisch	Paradis fiscaux
3172	Aly Jaerling	Prime pour construction écologique (PRIMe House)
3173	Romain Schneider	Installations photovoltaïques
3175	Marcel Oberweis	Subventions pour les installations photovoltaïques
3176	Roger Negri	Numéros d'appel d'urgence communs commençant par 116
3179	Jacques-Yves Henckes	École francophone
3180	Colette Flesch	Système de pension
3181	Carlo Wagner	Scolarisation des enfants luxembourgeois vivant dans la région frontalière
3183	Claude Adam et Jean Huss	Plan d'action national en matière de recherche
3185	Claude Adam	Éducateurs engagés sous le statut du fonctionnaire communal
3186	Ali Kaes et Marc Spautz	Exigence du certificat de maladie
3187	Aly Jaerling	Prime à la casse (PRIMe CAR-e plus)
3195	Marcel Oberweis	Train pendulaire sur la ligne Bruxelles-Luxembourg
3196	Marc Spautz	Inégalités salariales hommes/femmes
3207	Aly Jaerling	Troubles psychologiques
3210	Fernand Etgen	Publication des données des bénéficiaires de subsides et d'aides agricoles
3237 urgente	Aly Jaerling	Indemnité pécuniaire de maladie
3267 urgente	Camille Gira	Valeurs limites de déclenchement de plans d'action contre le bruit

Question 3081 (16.1.2009) de **M. Claude Adam** *(DÉI GRÉNG)* concernant la **libéralisation postale:**

- En tant que Ministre de tutelle des P&T, est-ce que le Ministre de l'Économie sera associé aux consultations avec les représentants du personnel en vue de la libéralisation postale de 2013? Dans la positive, quand?

- Quels sont concrètement les projets du Gouvernement en vue de la libéralisation, plus particulièrement en ce qui concerne la sauvegarde du service universel et son mode de financement?

- Le Gouvernement envisage-t-il une réforme de la loi relative à la création de l'Entreprise des P&T? Est-ce qu'une obligation de service universel sera ancrée dans cette loi? Par qui le service universel devra-t-il être assuré?

- Le Gouvernement envisage-t-il de sauvegarder le statut public des agents des P&T? Quel sera, après 2013, le statut des agents recrutés pour la carrière du facteur?

- Comment se présentent les modalités techniques de la libéralisation? Le Gouvernement a-t-il informé la Commission européenne de celles-ci?

- Comment se présenterait concrètement le fonctionnement d'un fonds de compensation qui ne serait pas financé par l'État mais qui serait alimenté par les opérateurs? Comment se présenterait l'assiette à partir de laquelle les opérateurs seraient tenus de verser leur quote-part?

Réponse commune (25.3.2009) de **M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur* et de **M. Jean-Louis Schiltz,** *Ministre des Communications:*

La directive 2008/6/CE du Parlement européen et du Conseil du 20 février 2008 modifiant la directive 97/67/CE en ce qui concerne l'achèvement du marché intérieur des services postaux, prévoit en son article 2, sa transposition par les États membres jusqu'au 31 décembre 2010.

Onze États membres, dont le Luxembourg, bénéficient d'un délai de transposition jusqu'au 31 décembre 2012. Rappelons que la Commission européenne a été informée que le Luxembourg n'entend libéraliser avant cette date butoir.

Au regard de ce qui précède, le Gouvernement n'a pas encore informé la Commission européenne des modalités techniques de la transposition de la directive 2008/6/CE, celles-ci n'étant pas encore arrêtées.

Toutefois, compte tenu des dispositions de la directive, une réforme de la loi du 15 décembre 2000 concernant les services postaux doit être envisagée. Certains États membres expérimentent une transposition intéressante qui pourrait inspirer, le cas échéant, le Gouvernement luxembourgeois.

Dans la mesure où l'obligation de service universel tel qu'il est défini constitue une charge financière pesant sur l'opérateur historique, celle-ci doit être répartie entre les prestataires de services et/ou utilisateurs via un fonds de compensation. Le fonctionnement concret de ce fonds devra être négocié avec les services compétents de la Commission européenne.

Les partenaires sociaux sont également appelés à prendre leurs responsabilités.

Question 3085 (19.1.2009) de **M. Roger Negri** *(LSAP)* concernant la **dotation de fonds spéciaux de l'État:**

Dans les années 2006 et 2007, les comptes généraux de l'État ont à chaque fois dégagé des plus-values de recettes substantielles par rapport aux budgets votés. En partie, ces recettes excédentaires ont été transférées dans différents fonds spéciaux de l'État, et ce en cours d'exercice et sans consultation ni information préalable de la Chambre des Députés.

Dans son dernier rapport budgétaire, la Chambre des Députés avait estimé pour l'exercice budgétaire 2008 les plus-values de recettes à environ 500 millions d'euros, alors que la Cour des Comptes, dans son avis concernant le projet de budget pour l'exercice 2009, avait même calculé un excédent de l'ordre de 600 millions d'euros.

Dès lors, j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre du Trésor et du Budget:

- Est-ce que le budget de l'État a dégagé des plus-values de recettes au cours de l'exercice écoulé, et dans l'affirmative, quel est le montant de cet excédent?

- Est-ce que Monsieur le Ministre a procédé, à l'instar des années antérieures, à la dotation supplémentaire des fonds spéciaux de l'État? Dans l'affirmative, quels sont les fonds spéciaux qui ont bénéficié de ces dotations extraordinaires, et à quelle hauteur?

Réponse (9.4.2009) de **M. Luc Frieden,** *Ministre du Trésor et du Budget:*

En réponse à la question parlementaire de l'honorable Député Monsieur Roger Negri, il m'importe de rappeler tout d'abord que d'après la législation sur la comptabilité de l'État, les opérations relatives au paiement des dépenses et au recouvrement des recettes peuvent se prolonger jusqu'au 30 avril de l'année suivante.

Comme les comptes de l'exercice 2008 ne sont dès lors pas encore clôturés, il n'est pas encore possible de connaître en ce moment avec précision le résultat de l'exercice budgétaire 2008.

D'après les prévisions actuellement disponibles, le solde de l'exercice 2008 se situerait entre 140 et 160 millions d'euros.

Ce résultat prévisionnel tient compte de deux dotations supplémentaires de respectivement 10 millions d'euros au profit du Fonds pour les monuments historiques et du Fonds pour l'entretien et la rénovation des bâtiments de l'État ainsi que d'une dotation supplémentaire de 20 millions d'euros au profit du Fonds pour l'Emploi.

Ces dotations supplémentaires sont destinées à renforcer les moyens financiers des fonds spéciaux dans l'intérêt, d'une part, de l'exécution du programme supplémentaire en matière d'investissements publics et, d'autre part, du financement des dépenses additionnelles à prendre en charge par le Fonds pour l'Emploi dans le contexte de la crise économique et financière.

Comme je l'ai indiqué en commission parlementaire, le solde restant sera également affecté, pour les mêmes motifs, dans une large mesure au Fonds pour l'Emploi.

Question 3087 (20.1.2009) de **M. Fernand Diederich** *(LSAP)* concernant le **château de Meysembourg:**

Le château de Meysembourg, situé dans la commune de Larochette, constitue un héritage historique et culturel unique en son genre. Le parc du château, dans lequel ce dernier se fond parfaitement, présente quant à lui une diversité naturelle qui doit être protégée et mise en valeur.

Alors qu'un projet de construction d'un terrain de golf et d'un hôtel de luxe a été évité de justesse en novembre 2004, le Ministère de l'Intérieur, en collaboration avec le Ministère de la Culture, le Ministère du Tourisme et de l'Environnement s'entendaient sur le principe d'une exploitation privée du château, d'une part, accompagnée d'une mise en valeur du parc, conduite par l'État, d'autre part.

Il ressort de certains articles parus dans la presse ces dernières semaines, que mise à part la classification du site en «monument historique» par le Ministère de la Culture à la fin de l'année 2006, l'élaboration concrète d'un projet d'exploitation du site «Meysembourg» semble avoir été reléguée aux calendes grecques et le château est en train de se détériorer à vue d'œil.

Dans ce contexte, j'aimerais poser à Messieurs les Ministres les questions suivantes:

- Un projet a-t-il été élaboré afin de valoriser le site? Dans l'affirmative, Messieurs les Ministres peuvent-ils m'informer de la forme de ce projet? Dans la négative, quelles sont les raisons pour lesquelles aucun projet n'a été initié?

- À quelle institution ou Ministère incombe la tâche de rechercher un promoteur pour l'exploitation privée du château?

- Des mesures d'urgence ne devraient-elles pas être prises afin d'endiguer la détérioration du site?

- L'État a-t-il envisagé l'achat des terrains du parc?

- La population de la commune, soucieuse à la vue du mauvais état du château, ne devrait-elle pas être informée de l'état d'avancement du dossier?

Réponse commune (1.4.2009) de **M. Jean-Marie Halsdorf,** *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*, de **M. Fernand Boden,** *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement* et de **Mme Octavie Modert,** *Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche:*

Dans une réponse conjointe du 22 mars 2005 de Messieurs les Mi-

nistres de l'Environnement, de la Culture ainsi que de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire à la question parlementaire N°309 du 18 février 2005 de l'honorable Député Monsieur Marc Angel au sujet de l'ensemble paysager Meysembourg, il avait été indiqué qu'un groupe de travail interministériel allait, en collaboration avec la commune directement concernée, donc Larochette, réfléchir à des possibilités viables de mise en valeur durable du site *(cf. compte rendu N°8/2005-2006)*.

Entre mai 2005 et février 2006, le groupe de travail, assisté de deux bureaux d'études spécialisés respectivement en développement rural durable et en tourisme, a élaboré une étude sur une future mise en valeur viable et durable du site dans le respect de son patrimoine architectural, faunistique et environnemental et dans l'intérêt du développement notamment touristique de sa région environnante qu'est le Mullerthal.

Le groupe de travail en question a dégagé cinq scénarios futurs possibles pour le site de Meysembourg dont un, qui avait obtenu l'aval politique des ministres directement concernés ainsi que de la commune de Larochette, a été préconisé par le groupe de travail.

Le scénario préconisé était intitulé «scénario mixte État/privé: exploitation privée de la substance bâtie conjointement à une mise en valeur étatique du parc paysager».

Ce scénario préconise, d'un côté, une ouverture au niveau du projet de PAG (en procédure d'approbation) de la commune se traduisant par un reclassement de la zone verte aux alentours du château et de ses dépendances pour y permettre la création d'un établissement hôtelier avec des activités annexes optionnelles.

Ces activités économiques (achat du terrain et des immeubles, transformations et constructions des équipements annexes et exploitation) sont à financer par des investissements privés auxquels pourront venir s'ajouter des subventions étatiques en matière de conservation du patrimoine architectural et de tourisme.

D'un autre côté, le parc paysager serait, d'après ce scénario, acheté et remis en état et en valeur par l'État dans l'optique d'en garantir la préservation tout en l'ouvrant au public et notamment aux touristes de l'hôtel comme de toute la région.

Or, dans sa séance du 1er décembre 2006, le Conseil de Gouvernement a décidé de ne pas donner suite à la deuxième partie du scénario préconisé concernant le parc paysager.

Néanmoins, le plan d'aménagement général (PAG) de la commune de Larochette a été modifié dans le sens notamment d'un reclassement du site de Meysembourg en ce qui concerne les alentours du château et de ses dépendances, afin d'être compatible avec une mise en œuvre du scénario préconisé par les experts et ayant trouvé l'aval des responsables politiques directement concernés.

Dès lors, un investisseur privé peut, à condition de trouver un terrain d'entente avec la famille propriétaire, présenter un projet pour une mise en valeur du site compatible avec les résultats retenus, sachant que lors de l'établissement du PAP subséquent nécessaire à la mise en œuvre de son projet, cet investisseur devra respecter des critères stricts nécessaires à la préservation paysagère, environnementale et architecturale du site.

En ce qui concerne les mesures d'urgence invoquées par l'honorable Député, il importe de signaler que le Ministère de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche a fait classer comme monument national tout le site de Meysembourg, à savoir tous les bâtiments (château et annexes immédiates, ferme et annexes, chapelle, maison isolée à l'entrée du domaine) ainsi que tout le parc.

En vertu de la loi de 1983 sur la conservation et la protection des sites et monuments nationaux (art. 10), l'État peut faire exécuter par les soins du Service des Sites et Monuments Nationaux (SSMN) et aux frais de l'État, avec le concours éventuel des intéressés, les travaux de réparation ou d'entretien jugés indispensables à la conservation des monuments classés n'appartenant pas à l'État. En l'espèce, vu la particularité du site, l'originalité de l'immeuble, les précédents et, surtout, l'état de la toiture du château, le Ministère de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche a décidé de sauver l'immeuble principal, ceci par le financement de la réfection de la toiture.

En mai 2008, le SSMN a fait procéder à une première analyse sommaire de la situation, ceci suite à l'autorisation donnée par les propriétaires à l'État d'accéder à l'immeuble. Un diagnostic précis fut établi par la suite.

En juillet 2008, le Ministère de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche a confirmé aux propriétaires son intention de prendre en charge, sous certaines conditions, les travaux nécessaires pour la réfection de la toiture.

En décembre 2008, un dossier complet décrivant les travaux indispensables fut soumis aux propriétaires. Comme la toiture est d'un accès très difficile et comme les travaux sont fort complexes en raison de la situation géographique et de la richesse architecturale de l'immeuble, l'intervention y est proposée en plusieurs phases successives.

L'État et les propriétaires sont en phase de s'accorder par convention sur les modalités juridiques et financières de l'intervention qui est, en principe, approuvée. Le début des travaux est donc imminent.

Quant à l'information de l'état d'avancement du dossier, celle-ci incombe en premier lieu aux autorités communales qui sont tenues au courant de l'évolution du dossier par les instances gouvernementales.

Question 3101 (27.1.2009) de **Mme Françoise Hetto-Gaasch** *(CSV)* concernant la **fluidité du trafic sur la route d'Echternach (E27):**

Aux heures de pointe, des embouteillages importants se produisent régulièrement sur la route d'Echternach en direction de Luxembourg, notamment sur le tronçon Gonderange-Waldhaff - accès vers l'autoroute A7.

Dans ce contexte, j'aimerais poser les questions suivantes à Messieurs les Ministres des Transports et des Travaux publics:

- Ne serait-il pas envisageable de prolonger la bande d'accélération au croisement Waldhaff pour les véhicules en provenance de la montée «Staffelter»?

- Dans la négative, quelles autres possibilités seraient envisageables selon les responsables ministériels afin de rendre le trafic plus fluide?

Réponse commune (30.3.2009) de **M. Lucien Lux,** *Ministre des Transports* et de **M. Claude Wiseler,** *Ministre des Travaux publics:*

En réponse à la question parlementaire de l'honorable Députée relative aux problèmes de capacité de la route d'Echternach entre Gonderange et l'échangeur Waldhaff et sa proposition de prolonger la bande d'accélération au niveau du carrefour Waldhaff, il y a lieu de préciser que ces problèmes sont bien connus par le département des Travaux publics et que l'Administration des Ponts et Chaussées est en train d'étudier diverses possibilités pour y remédier, à savoir le réaménagement de l'échangeur de la route d'Echternach RN11 avec la route du Nord A7, en vue de rendre le trafic plus fluide en ces lieux.

Il est en effet prévu de modifier l'échangeur Waldhaff par l'aménagement de la RN11 permettant de faciliter l'accès à l'autoroute, aussi bien pour le trafic venant d'Echternach, que pour le trafic venant de Luxembourg. Par ailleurs, l'aménagement d'une voie d'accélération devra permettre aux usagers venant de l'autoroute d'accéder plus facilement à la RN11 en direction d'Echternach.

Enfin le bureau d'études a été chargé d'examiner la possibilité de réserver une voie pour le transport en commun, de sorte à ce que les autobus puissent passer l'échangeur en site propre sans être mêlés au trafic individuel.

Question 3102 (18.1.2009) de **M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)* concernant la **mise en œuvre du système de certification du processus de Kimberley pour le commerce international des diamants bruts:**

Par règlement (CE) N°2368/2002 du 20 décembre 2002 (modifié par la suite) l'Union européenne a mis en œuvre le système de certification du processus de Kimberley pour le commerce international des diamants bruts.

Ce règlement se situe dans le cadre d'un programme de prévention des conflits violents qui prévoit, entre autres, que les États membres et la Commission s'attaqueront au commerce illicite des marchandises de haute valeur, notamment en identifiant les mesures susceptibles de rompre le lien entre les diamants bruts et les conflits violents et en appuyant le processus de Kimberley. Les négociations menées dans le cadre du processus de Kimberley, qui ont réuni la Communauté ainsi que les pays producteurs et négociants, représentant pratiquement l'ensemble du commerce international des diamants bruts, ainsi que l'industrie du diamant et des représentants de la société civile, ont été lancées afin d'élaborer un tel système de contrôle efficace. Ces négociations ont abouti à la mise en place d'un système de certification.

La mise en œuvre du système de certification implique que les importations de diamants bruts sur le territoire de la Communauté et les exportations de diamants bruts à partir du territoire de la Communauté sont soumises au système de certification, y compris la délivrance des certificats pertinents par les participants au système.

Chaque État membre peut désigner la ou les autorités chargées de la mise en œuvre, sur son territoire, des dispositions pertinentes du règlement susmentionné. Dans ce contexte, j'aimerais obtenir les précisions suivantes de Monsieur le Ministre:

- Quelle est l'envergure du marché des diamants au Luxembourg (en carats)? Est-ce qu'on trouve des diamants en provenance de la République démocratique du Congo sur le marché luxembourgeois? Si oui, quelle est l'envergure de ce marché?

- De quelle façon la certification du commerce international des diamants bruts et des diamants taillés suivant le processus Kimberley est mise en œuvre au Luxembourg?

- Quelle instance est responsable du contrôle des dispositions en relation avec cette certification?

- Est-ce qu'il existe un rapport officiel sur les travaux de cette instance?

- Monsieur le Ministre ne juge-t-il pas qu'il soit utile de présenter d'office les certificats susmentionnés aux clients des bijouteries et des autres magasins de vente de diamants?

Réponse (26.3.2009) de **M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur:*

La part de marché des diamants dans le commerce international total du Grand-Duché de Luxembourg était de 0,0031% pour 2008, de 0,0035% pour 2007 et de 0,0032% pour 2006. Parmi ces diamants, on trouve occasionnellement des pierres en provenance de la République Démocratique du Congo (RDC), importées de manière légale et sous le contrôle de l'Office des Licences. En 2008, l'Office des Licences (OL) n'a pas été saisi de demandes de licence d'importation ou d'exportation concernant des diamants congolais. Par contre, en 2007, l'Office avait délivré trois licences d'importation pour un poids total de 5044,89 ct et une valeur de 9.375.000 USD. Ces importations ont été signalées à la Commission européenne dans le rapport annuel 2007.

